

INFO BLAT

°05 18

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 25. ABRÉLL 2018

Séance du 26 septembre 2012

Séance du 7 novembre 2012

Séance du 10 novembre 2012

Séance du 7 décembre 2012

Séance du 14 décembre 2012

Séance du 6 février 2013

Séance du 6 mars 2013

Séance du 24 avril 2013

Séance du 12 juin 2013

Séance du 26 juin 2013

Kannergemengero 2013

Séance du 24 juillet 2013

Séance du 18 septembre 2013

Séance du 6 novembre 2013

Séance du 8 janvier 2014

Séance du 22 janvier 2014

Séance du 29 janvier 2014

Séance du 12 février 2014

Conseil communal du 11 juillet 2018

Conseillers présents

Roberto Traversini (bourgmestre, déi gréng), **Tom Ulveling** (1^{er} échevin, CSV), **Georges Liesch** (échevin, déi gréng), **Laura Pregno** (échevin, déi gréng), **Robert Mangel** (échevin, CSV), **Paulo Aguiar** (déi gréng), **Guy Altmeisch** (LSAP), **Fred Bertinelli** (LSAP), **Christiane Brassel-Rausch** (déi gréng), **Gary Diderich** (déi Lénk), **Serge Goffinet** (LSAP), **Jerry Hartung** (CSV), **Fränz Meisch** (DP), **Yvonne Richartz-Nilles** (déi gréng), **Ali Ruckert** (KPL), **Christiane Saeul** (DP), **Fränz Schwachtgen** (déi gréng), **Guy Tempels** (CSV)

Absent/excusé: Erny Muller (LSAP)

Ordre du jour

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.

▶ 0:00 — - 1:17

2. Projets communaux:

- Aménagement d'un parc pour l'ancien terrain AS – plans et devis, article budgétaire 4/625/221313/18014;
- Campus scolaire Woier – mise en conformité de l'ensemble des bâtiments, installation centrale d'incendie et divers travaux de rénovation – devis, article budgétaire 4/910/221311/17032;
- Voie d'accès et infrastructures au lotissement à créer dans les «Woierwisen» – devis, article budgétaire 4/624/221313/16016;
- Travaux de rénovation Stade des Mineurs Lasauvage – décompte des travaux, article budgétaire 4/821/221313/16016.

▶ — - 1:04:58

Infos & renseignements



Liens rapides

[Agenda](#)
[Annuaire](#)
[Carnet du citoyen](#)
[Démarches administratives](#)
[Formulaires administratifs](#)
[Galerie photos](#)
[Informationsblat](#)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{05 18}

COMPTE-RENDU DU 25 AVRIL 2018

5-123

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
TÉL.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 000 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Lisa Bildgen

INFOBLAT, imprimé sur du papier 100 % recyclé

L'InfoBlat est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 05-2018, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

f Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL

DU MERCREDI 25 AVRIL 2018

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)

Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

ORDRE DU JOUR

SÉANCE PUBLIQUE

- 1) **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
- 2) **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:**
 - a) Modification ponctuelle suivant article 30bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain du plan d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Oberkorn, au lieudit «Biensel», présenté par le collège échevinal pour le compte de la SARL Bescha 05;
 - b) Projet d'aménagement particulier aux lieudits «Zwischen Lanterbännchen» et «Route de Pétange» à Niederkorn — convention et plans d'exécution.
- 3) **Règlements communaux:**
 - c) Modification et adaptation du règlement-taxi, partie G, portant sur le stationnement ainsi que des parties y afférentes du règlement de circulation;
 - d) Règlements temporaires de circulation.
- 4) **Projets communaux:**
 - a) Zone d'activités Haneboesch — travaux d'extension — plans et devis, article budgétaire 4/470/221313/16034;
 - b) Réfection des chemins piétonniers sur les cimetières – devis, article budgétaire 4/626/221313/17006;
 - c) Installation de colombaires et de nouveaux carreaux dans l'enceinte des cimetières – devis, article budgétaire 4/626/221313/18006;
 - d) Travaux de réaménagement dans les anciens locaux du service d'incendie – devis, article budgétaire 4/627/221321/18010.
 - e) Aménagement d'un terrain multisport dans la Cité O et travaux de rénovation du terrain multisport sur le plateau du Funiculaire – devis, article budgétaire 4/810/221313/18004;
 - f) Centre sportif Oberkorn: projet de rénovation et d'assainissement, phase II — études et travaux de mise en conformité du bâtiment existant parallèlement à la phase I d'extension — devis et crédit, article budgétaire 4/822/221211/18020;
 - g) Remise en état du terrain d'entraînement au Thillebiert – décompte, article budgétaire 4/0832/2123/014;
 - h) Campus scolaire Niederkorn: travaux de réaménagement des alentours – devis, plan et crédit pour les aménagements extérieurs de l'école située dans la rue Saint-Pierre, article budgétaire 4/910/221311/17011;
 - i) Installation transitoire d'un bâtiment modulaire pour les besoins des classes fondamentales de l'EIDE – devis des travaux d'infrastructure, contrat de location et vote d'un crédit spécial à l'article budgétaire 4/0910/221311/18033 servant au préfinancement de cette dépense pour le compte de l'État;
 - j) Réfection des terrains multisports aux sites scolaires Fousbann et Woiwer – devis, article budgétaire 4/910/221312/17023;
 - k) Aménagement de nouvelles bornes sur le chemin et l'accès aux écoles – devis, article budgétaire 4/0910/222100/17038.

5) Actes et conventions:

- a) Acte de vente de trente emplacements de parking dans la résidence «Nei Déifferdeng» à Differdange;
 - b) Acte de vente d'un local commercial avec cave/terrasse au n° 2 de l'avenue Charlotte à Differdange;
 - c) Acte de cession gratuite de parcelles d'une superficie totale de 4,39 a au lieudit «Rue Woiwer» à Oberkorn;
 - d) Avenant à la convention du 16 janvier 2013 signée avec la Société nationale des habitations à bon marché portant sur le PAP cité sous 2 b;
 - e) Convention 2018 portant sur la maison des jeunes;
 - f) Contrats de bail en relation avec une brasserie-restaurant située sur la place du Marché n° 2-4;
 - g) Contrats de bail sur le site du 1535° creative hub;
 - h) Transaction entre parties dans le cadre d'une affaire de dommages et intérêts subis dans le cadre des travaux de réaménagement de la Grand-rue à Differdange.
- 6) **Personnel communal:** créations d'un poste pour les besoins de la bibliothèque municipale et d'un autre poste pour le nouveau département logement.
- 7) Propositions du ministère de la Culture d'inscription à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux du site du stade Thillenbergr, du site de l'ancienne abbaye de Differdange et de la ferme dite «Lommelshaff».
- 8) Autorisation d'ester en justice pour réclamer des dommages et intérêts liés à la rénovation, modernisation et extension de l'Aalt Stadhaus à Differdange.
- 9) Motion concernant la création d'un comité d'accompagnement pour le 1535° creative hub.
- 10) Changements au sein des commissions consultatives.

2. PAG et PAP

(Wéinst engem technesche Problem konnt den Ufank vun der Sëtzung net opgeholl ginn.)

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

... leeën, wat eis natierlech erlaabt, méi Parkplazen ze schafen a virun allem och Kellerraim fir d'Leit ze schafen, déi nach zousätzlech doduerch kënnen entstoen. D'Déift vum Parking gëtt op 1,4 m eropgesat, fir méi Raum ze schafen, fir déi Kellerraim fir d'Leit nach kënnen ze amenagéieren. Wat eng gutt Saach ass.

Déi gréissten Ännerungen an dësem PAP, wann een esou ka soen, si bedéngt doduerch, dass mir dem Promoteur e Stéck, en Eck an der rue Waterloo ofkaf hunn. Doduerch konnt dat Lous 44 aneschtens amenagéiert ginn. Aus deem engen Haus konnten dräi Maisons unifamiliales gemaach ginn. Dat ass déi gréissten Ännerung an dësem PAP.

Zum Schluss gesitt Der den Tableau récapitulatif, deen natierlech dann och muss adaptéiert ginn, opgrond vun deenen Ännerungen, haaptsächlech wéinst dem Lous 44, déi hu musse gemaach ginn.

Dat sinn déi wichtegst Punkten, déi ech probéiert hunn erauszehuelen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Den Här Liesch huet am Fong alles gesot, wat wichteg ass an deem PAP.

D'Bautekommissioun huet en Avis favorable ofginn. Dohier, mengen ech, kéinte mer allegueren de PAP, déi Modifikatioun stëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification du PAP concernant des fonds sis à Oberkorn au lieudit «Biensel» pour le compte de la société Bescha 05 SARL.

Zum nächste Punkt.

Här Liesch, kéint Der eis déi zwee matenee virstellen? Här Liesch, ass dat esou?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo, et ass ee Punkt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Deen nächsten huet och schonn eng jett Joren, dat ass de sougenannten SNHBM-Projet. Et ass schonn eng Zäit, wou deen hei an der Gemeng zirkuléiert. Am Dossier kënnt Der erauslesen, dass d'SNHBM, d'Sociétéit, 2013 en Terrain vun 1,5 ha kaf huet. An dass mer am Oktober 2016 de PAP hei gestëmmt hunn. Am Januar 2017 ass e vum Minister approvéeiert ginn. Säit deem ass un de Plans d'exécution geschafft ginn an eben och un der Konventioun, déi mer elo haut virleien hunn.

Et ass eng Konventioun, wéi se eigentlech an all PAP gemaach gëtt. Et sinn awer vläicht e puer Saachen, déi ee kéint eraushiewen, déi vläicht extra sinn. Dir wësst, dass mer scho säit Joren, dee viregte Schäfferot, wann net souguer nach dee virdrun, de Promoteuren ëmmer gesot hunn, si solle sech net méi ëm d'Spillplaze këmmen, ëm de Mobilier, mä si sollen eis d'Sue ginn, wat déi Spillplaze wäert sinn. Wat mir froen, ass de Präis, dee mir festsetzen, an dass eis Servicer ënnert dem Här Tom Ulveling dann den Amenagement vun de Spillplaze maachen. Dat huet sech bewäert. Dir gesitt, d'Qualitéit vun

(En raison de problèmes techniques, le début de la séance n'a pas pu être enregistré)

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que la profondeur du parking est augmentée et passe à 1,4 m pour permettre aux résidents d'aménager des caves.

Les modifications les plus importantes du PAP sont dues à l'acquisition par la commune d'un coin dans la rue Waterloo. Par conséquent, le lot 44 a été aménagé différemment avec 3 maisons unifamiliales au lieu d'une seule.

Le tableau récapitulatif a été modifié en conséquence.

ERNY MULLER (LSAP) constate que M. Liesch a tout dit. Comme la commission a remis un avis favorable, les socialistes approuveront la modification du PAP.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande à M. Liesch de présenter les deux points suivants ensemble.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) répond qu'il s'agit d'un point. Il s'agit d'un projet de la Société nationale des habitations à bon marché. Georges Liesch rappelle que la SNHBM a acquis un terrain de 1,5 ha en 2013 et que le PAP a été approuvé par le conseil communal en octobre 2016 et par le ministre en janvier 2017. Aujourd'hui, il est question de la convention.

Celle-ci est semblable à toutes les conventions portant sur des PAP avec tout de même quelques particularités. Depuis plusieurs années, le collège échevinal demande aux promoteurs de ne pas aménager d'aires de jeux, mais de donner l'argent à la commune pour qu'elle s'en occupe. Cela a permis d'augmenter la qualité des aires de jeux. Dans ce cas-ci, le promoteur versera 80 000 €.

La même chose est vraie pour l'éclairage.

La commune a constaté qu'il vaut mieux qu'elle l'installe elle-même. Cela lui permet d'acheter ce qu'elle veut en faisant par exemple attention à une faible consommation d'énergie et à une faible pollution lumineuse. La commune privilégie aussi un éclairage n'attirant pas les insectes. La convention fixe 27 500 € pour les lumières.

En ce qui concerne la ligne à haute tension, la commune a l'intention de la rendre souterraine à partir de la rue Pierre-Gansen. Georges Liesch pense que c'est la première fois qu'une commune prend l'initiative de modifier une ligne à haute tension existante de cette façon. Ces travaux ne sont pas purement esthétiques. Les lignes à haute tension émettent des rayons qu'il faut réduire. La SNHBM participera aux frais à hauteur de 300 000 €.

Autre point intéressant, la SNHBM cèdera davantage de terrain que ce qui est prévu par la loi: 27 % au lieu de 25 %.

La SNHBM est par ailleurs tenue de construire plus de 60 % de logements sociaux.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

salue ce projet qui permettra de créer des logements abordables à Differdange.

Les travaux sur la ligne à haute tension signifient une augmentation de la qualité de vie des habitants de la Cité de la Chiers et du Mathendahl. Frenz Schwachtgen rappelle qu'une ligne à haute tension de 65 000 kW pend sur leurs têtes. Il s'agit donc d'une bonne nouvelle non pas seulement pour les nouveaux arrivants, mais aussi pour ceux qui habitent dans ces quartiers depuis longtemps.

Le financement est assuré par les trois partenaires: l'État, le promoteur et la commune.

Frenz Schwachtgen avait entendu dire que la ligne à haute tension serait aménagée sous terre à Käerjeng aussi, mais entretemps, il croit avoir compris que ce ne sera pas le cas.

deem, wat do opgeriicht gëtt, ass säit-deem ganz gutt. Mir wëssen, wat mer do opriichten, wat fir eng Qualitéit et ass. A mir wësse virun allem, wat mer dohinner setzen. 80.000 Euro kréie mer fir den Amenagement mobilier, wou d'Spillplaz mat dran ass.

Dat Zweet, wat mer och schonn eng Rei Jore maachen, ass datselwecht mat de Luuchten. Do hu mer och festgestallt, dass et méi intelligent a clever ass fir eis Gemeng, wann de Promoteur sech net ëm d'Luuchte këmmert, d'Uschlëss, an alles mécht, mä dass mir d'Material selwer kafen an asetze ginn. Dat huet de Virdeel, dass net all Cité eng aner Marke huet, aner Hiersteller huet, wou eis Leit am CID da musse kucken, wéi se déi flécken an d'Ersatzstécker hunn. Och do kënne mir kafen, wat mir als richtig befannen. Éischtens passe mer drop op, dass mer déi energetesch am sënnvollste Luuchte kafen, déi dee Moment um Marché sinn. Mir passe mëttlerweil och op, dass mer Luuchte kafen, déi e Minimum u Liichtverschmutzung maachen. Also just dat belichten, wat se sollen, an net nach ronderëm. A wat nei ass, ass, dass mer oppassen, dass mer insektefrëndlech Luuchte kafen, déi also e gewëssene Frequenzspektrum net beinhalten, fir d'Insekten net unzelackelen. An dat léisst sech am beschte maachen, wa mir eis selwer drëm këmmen. Do-fir stinn an dëser Konventioun 27.500 Euro dra fir d'Luuchten an dësem Quartier, déi mir kréien, wou mir eis da selwer drëm këmmen.

Dann zu der Héichspannungsleitung, wou Der wësst, dass mer och schonn eng Rei Joren dorunner schaffen. D'Iddi ass, déi Héichspannungsleitung vun der rue Pierre Gansen quasi bis heihinner an de Buedem ze leeën. En ambitiëse Projet, deen et esou, mengen ech, hei am Land nach néierens gëtt. Op jidde Fall kann ech mech net erënneren, jee eng Kéier an enger Zeitung gelies ze hunn, dass eng Gemeng d'Initiativ ergräift, mat aneren zesummen, fir eng besteënd Héichspannungsleitung, déi schonn a Betrib ass, ënnerierdesch ze verleeën. Dëst natierlech net einfach esou, well mer fannen, dass déi Leitung do géif stéieren an der Luucht, mä mir wëssen allegueren, dass Héichspannungsleitung Strahlungen emettéieren an déi Strahlungen ëm e Villfacht erofgesat ginn, wa se am Buedem leien. Dat ass de Grond.

D'SNHBM bedeelegt sech un de Käschten, well d'Héichspannungsleitung och iwwert hire PAP geet. E substantielle Betrag, si leeën 300.000 Euro bäi, fir dat Stéck, wat iwwert hire PAP geet, ënnerierdesch ze leeën. Dat ass schonn e gutt Stéck, wat si hei bäileeën, fir dat ze maachen.

Et kann ee vläicht nach soen, dass se e bësse méi cedéieren, wéi se missten. Si musse 25% cedéieren. Si leien hei bei bal 27%. Wou se verzicht hunn, Supplementen ze froen. Dat ass einfach esou iwwergaangen. Fir eis ass dat okay. An dass se Minimum 60% Logement social an d'Vente ginn, dat ass souwisou hir Obligatioun, wat si an der SNHBM jo och maachen.

Dat wier et. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Mir als Gréng begrëissen natierlech dëse Projet. Et ass e weidere Schrëck an d'Richtung, fir de Leit bezuelbare Wunnegersraum zur Verfügung ze stellen.

Ech denken, zu deem Punkt wäerten nach aner Parteien an aner Leit Stellung huelen.

De Schäfte Georges Liesch huet elo just déi Elementer ervirgehuewen, déi am Fong e Qualitéitssprong am aktuelle Liewe vun eise Leit bedeiten, déi an der cité de la Chiers, am Mattendall wunnen, duerch dee Projet vun der Haute tension, déi ënnert de Buedem geluecht gëtt. Well zënter dem Besteeë vun deene Citéë liewen d'Leit an engem Elektrosmog, wou se e puer Meter iwwert hirem Daach eng Héichspannungsleitung – ech mengen, et si 65.000 KW – iwwert hire Käpp hänken hunn. Dat gëtt wierklech eng nei Situatioun, net nëmme fir déi nei Awunner, déi elo an dee Quartier kommen, mä och fir déi Awunner, déi aktuell a scho laang do liewen.

Positiv ass de Finanzement duerch dräi Partner: de Stat, de Promoteur an d'Gemeng.

Et war mer zougedroe ginn, dass am Beräich Käerjeng déi Héichspannungsleitung och misst ënnert de Buedem. Also et ass awer gesot ginn, mengen ech, wann ech do richtig leien, Här Liesch, dass déi Leitung awer nach iwwerierdesch bleift an eréischt um Punkt, wou se an d'Gemeng Déifferdeng kënnt, an de Buedem kënnt. Fir dat richtigzestellen, well dat si Gerüchter, déi dobaussen am Fong falsch weidergedroe ginn.

Wat déi Kanalisatioun ubelaangt, ënnert der Bunn, Richtung rue de Bascharage, muss ee soen, dass dat eng interessant Saach ass, well mer do eventuell mat engem Duerchbroch, engem Foussgängerduerchbroch, Vëlosduerchbroch an déi Richtung kënne rechnen. Ech wollt den Här Liesch froen, wéi wäit déi Berechnungen oder Aarbechte gemaach gi sinn.

Mir haten dee Projet d'lescht Joer an der Ëmweltkommissioun, wat d'Gestaltung vun deem Quartier ubelaangt. An do hate mer e puer Bemolle festgestallt am ekologesche Beräich, am natierleche Beräich, am Naturraum. Fir dee groussen Ilot vert an der Mëtt vun deem Feld, wat elo bebaut gëtt: do war den Zuch leider scho fortgefuer, fir dat nach mat an de Projet ze integréieren. Leider verschwënnt deem Ilot. E gëtt awer kompenséiert. An ech hu mer soe gelooss – a mer wäerten dat och am A behalen –, dass dat grousszügig kompenséiert gëtt am Quartier, respektiv am Nopeschraum vun der Gemeng Käerjeng. Wat u sech dann awer eng gutt Saach ass, och fir de Biotop Vullen an Insekten.

Des Weideren hate mer proposéiert, a mer insistéieren och nach ëmmer drop, ech selwer a mir als Gréng, dass dee Corridor vert, deem am Fong sollt am Lotissement mat virgesi sinn, deem de Moment net do ass, trotzdem eventuell op der Grenz zu Bascharage, zu der Gemeng Käerjeng, geschaaft gëtt, wat eng gréng Verbindung géif ginn zwëscht dem Gebitt Giele Botter an dem Gebitt Haneboesch op där anerer Säit. Dat wier eng Plus-value. Mer wëssen ëm d'Insektentierwen, mer wëssen ëm de Réckgang vun eise Vullenzorten. An et wier immens wichteg, wa mer bei all Bauprojet an Zukunft als Prioritéit eis déi Aufgab vum Ariichte vu Couloirs verte géifen iwwerleeën.

En drëtte Punkt an der Diskussioun, deem och nach an der Diskussioun bleift, ass eng Vëlosverbindung zwëscht Nidderkuer-Zentrum a Péitenger Gare, Péitenger Zentrum. Dee Lotissement sollt am Fong komplett Rücksicht huelen doropper, dass westlech laanscht d'Bunn et méiglech wier, fir do e Vëloswee ze maachen. Just do hënnert een Haus an deem Lotissement. Et misst ee kucken, wa keng aner Méiglechkeet géif bestoen, fir dat Haus dann eventuell awer net ze bauen. Sou dass déi Optioun géif op bleiwen. Et waren Argumenter ugefouert ginn, laanscht d'CFL-Ateliere vu Péiteng géif een net komme mat engem Vëloswee. Laut mengen Informatiounen ass et awer esou, dass d'CFL-Ateliere kuerz- oder mëttelfristeg sollten do ewechkomme wéinst enger Zentralisatioun vun deenen Atelieren op enger anerer Plaz. De Projet Vëloswee wier natierlech nach ze iwwerleeën an ze ënnersichen.

Zemools och, well dat Haus, denken ech, wann ee méi konkret op de Plang kuckt, vun deem ganze Lotissement am noster bei der Bunn läit. Dat läit wierkelech nëmmen op 10, 15 m mat därselwechter Héicht vun de Schlofkummere wéi de Rail vum Zuch, deem uewe fiert. Sou dass et vläicht sënnavoll wier, aus deene Grënn op déi Wunneng ze verzichten.

Wéi gesot, Gedanke fir Alternative fir de Vëloswee ware scho mol ugeduecht. Et wier vläicht wichteg, ze kucken – ech weess net, ob et do nei Informatiounen gëtt –, wéi een déi Vëlosverbindung trotzdem kéint maachen, wann um Lotissement näischt méi kéint geännert ginn.

Prinzipiell wollt ech nach soen: „D'lescht Joer hate mer déi Punkte schonn hei am Gemengerot diskutéiert“. Dat ass deemools vun alle Säite begréisst ginn, inklusiv vum Schäfferot. Ech wier frou, wann an Zukunft déi Virschléi, déi vun deenen eenzelne Conseilere kommen, an déi quasi vun alle Leit heibanne begréisst ginn, géifen akteiert ginn an eventuell och Objet wiere vu Schäfferotsdiskussiounen. An deem Fall war et de Fall. Ech géif mer dat och an allen anere Beispiller wënschen. Soss diskutéiere mer hei einfach fir de Public dobaussen, mer maachen eis schéin domatter dobaussen, an a Realitéit ass et

Il y a des rumeurs qu'il est important de rectifier.

La canalisation sous la voie ferrée en direction de la rue de Bascharage est intéressante, car elle pourrait permettre de créer un passage pour les piétons et les cyclistes. A-t-on tenu compte de cette possibilité?

Lorsque le projet a été discuté au sein de la commission de l'environnement l'année dernière, celle-ci a regretté que le grand ilot vert au milieu du champ disparaisse. Mais il sera largement compensé dans le quartier et à proximité dans la commune de Käerjeng.

Les écologistes demandent par ailleurs qu'un corridor vert soit créé dans le lotissement pour relier le Giele Botter au Haneboesch. Frenz Schwachtgen rappelle que les insectes meurent et qu'il y a moins d'oiseaux. C'est pourquoi le collège échevinal devrait prévoir des couloirs verts dans tous les projets de construction.

Frenz Schwachtgen mentionne finalement la création d'une piste cyclable reliant Niederkorn au centre de Pétange. Cette piste pourrait être aménagée le long de la voie ferrée. Le cas échéant, il faudra construire une maison en moins. Il a été dit qu'il ne serait pas possible de construire une piste cyclable le long des ateliers des CFL à Pétange, mais d'après les informations de Frenz Schwachtgen, les CFL comptent supprimer ces ateliers à court ou moyen terme. C'est pourquoi le projet d'une piste cyclable est à évaluer. Frenz Schwachtgen signale par ailleurs que la maison en question se trouve à quelque 10 ou 15 m de la voie ferrée et que les chambres à coucher se situeront à hauteur des rails. Il vaudrait donc peut-être mieux ne pas la construire. S'il n'est plus possible de modifier le lotissement, Frenz Schwachtgen suggère de chercher des alternatives à cette piste cyclable.

Tous ces points ont déjà été discutés l'année dernière et tous les conseillers communaux semblaient les approuver. Il faudrait par conséquent qu'ils soient actés et discutés par le collège échevinal. Autrement, les débats du conseil communal ne servent à rien de concret.

2. PAG et PAP

Mis à part les quelques bémols énoncés par Frenz Schwachtgen, ce projet est bien ficelé.

ERNY MULLER (LSAP) se réjouit que ce PAP entre enfin en phase d'exécution. Il s'en est occupé pendant quatre ans lorsqu'il était échevin. Cela n'a pas été facile.

Les plantes citées dans l'article 17 seront compensées sur place, le long de la voie ferrée.

Le devis estimatif des travaux se monte à 2 319 357 €. Un budget est prévu pour l'éclairage public. Pour l'aménagement des aires de jeux, le promoteur versera 80 000 €.

Les canalisations passeront sous la voie ferrée en direction de Collé. C'est la partie du projet coûtant le plus cher.

En ce qui concerne la ligne à haute tension, la Ville de Differdange a négocié une quote-part de 300 000 € avec la SNHBM, qui cèdera en outre 26,84 % du terrain à la commune.

La convention stipule que 60 % de la vente de logements seront destinés à des personnes correspondant aux conditions d'accès aux logements à coût modéré. Erny Muller signale qu'il s'agit là d'un minimum. Mais il restera quelque 40 % de logement pour les ménages gagnant davantage.

Le collège échevinal a-t-il trouvé un accord concernant les deux résidences? La Ville de Differdange les achètera-t-elle pour louer ensuite les appartements? Cela lui permettrait de toucher des subventions.

La commission du logement a-t-elle remis un avis? La SNHBM envisage-t-elle de privilégier les Differdangeois en fonction de critères à définir pour soutenir les jeunes?

Erny Muller annonce que les socialistes approuveront la convention.

JERRY HARTUNG (CSV) annonce que les chrétiens sociaux soutiennent ce projet promouvant la construction de logements sociaux.

M. Liesch est longuement revenu sur la ligne à haute tension. Jerry Hartung salue la réalisation de ces travaux.

awer schwierig, nach eppes eranzekréien.

Wéi gesot, an dësem Fall, hunn ech mer soe gelooss, ass et ganz positiv verlaaf, mat deene klengem Bemollen an dësem Beräich. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉ GRÉNG):

Merci och.

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Kolleginnen a Kollege vum Schäffen a Gemengerot, ech perséinlech, a mir alleguer si frou, dass dës PAP mat der Konventioun endlech an d'Exekutiounsphas kënnt. Als fréiere Schäffen hunn ech mech selwer an deene véier Joer drëm gekëmmert. An ech kann Iech soen a verroden: „Et war net einfach“.

Wat déi Biotopen ubelaangt, esou sollen, an den Här Schwachtgen ass drop agaang, d'Planzen, déi ënner Artikel 17 falen, um Site, op dem fräien Areal laanscht d'Eisebunn kompenséiert ginn. Also an der Haaptsaach eng Kompensatioun op der Plaz.

Den Devis estimatif vun den Travaux d'infrastructures vun 2.319.357 Euro läit eis vir. Hei gëtt, wéi an der Vergaangenheet och bei anere Projeten, der Gemeng eng Zomm zur Verfügung gestallt fir d'Stroossebelichtung. Den Här Liesch ass drop agaangen. Fir den Aménagement vun Aires de jeux kréie mer als Gemeng 80.000 Euro zur Verfügung gestallt a riichten déi Spiller da selwer op.

D'Kanalsystemer ginn ënnert der Eisebunn erduerch, Richtung Collé gefouert, wou d'Stad Déifferdeng se dann un dat neit Kanalsystem, wat op dësen Areal leie kënnt, ophëlt. Dat schéngt deen héchste Käschtefaktor ze ginn, fir ënnert der Eisebunn erduerch, dat ass och déi kriteschst Phas. Et ass wichteg, dass de Bauhär, also d'SNHBM, alleguer déi Systemer bis déi aner Säit vun der Eisebunn verleet.

Fir d'Héichspannungsleitung, dat war och schonn ugeklongen, déi an de Bue-

dem geluecht gëtt, hate mer schonn eng Quote-part vun 300.000 Euro sengerzäit mat der SNHBM ausgehandelt. 26,84% vum Terrain ginn un d'Stad Déifferdeng ofgetrueden.

E Wuert zu de Logements à coûts modérés. Et steet do: „La vente se fera à concurrence de 60%“, wéi schonn hei gesot ginn ass, ech mengen, dat ass den absolute Minimum, „à des personnes répondant aux conditions d'accès“. Dat heescht, et bleiwe 40% um Maximum fir Menagen, déi iwwert de Konditiounen leien an hirem Revenu.

Eis Froen un de Schäfferot: Wat geschitt mat deenen zwou Residenzen, wat den Här Buergermeeschter eis gesot huet? Ass do en Accord fonnt ginn, fir Mietwunnengen an deene Residenzen do festzeleeën? Ass d'Stad Déifferdeng eventuell um Kaf vun deene Residenzen interesséiert, fir se duerno weider ze verlounen? Esou kéint mer, wann dat géif goen, vun deene Subside profitéieren, déi fir esou Fäll op d'Gemeng kéinten zoukommen. Ech wollt emol froen, wat do scho geschitt ass. Huet d'Commission de logement – ech hunn näischt dorüwer gelies – och eng Meenung dozou? Besteet d'Méiglechkeet bei der SNHBM, dass een en Deel vun Haiser oder Logementer fir Leit aus Déifferdeng, no engem bestëmmte Katalog, deen auseschaffe wär – mir erënneren eis un d'Anciens ateliers –, kéint reservéieren, fir esou Zwecker, fir den Déifferdenger Leit entgéintzekommen, zemoos deene Jonken, déi eventuell do duerch hei an der Gemeng kéinten definitiv wunne bleiwen?

D'LSAP stëmmt dës Konventioun mat der SNHBM. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉ GRÉNG):

Merci och, Här Muller.

Jo, Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, als CSV ënnerstëtze mir dës Projet, fir soziale Wunnensbau ze fërdere.

2. PAG et PAP

Op de Punkt zu der Suppressioun vun der Héichspannungsleitung am ganze Quartier ass den Här Liesch schonn agaangen. Mir si frou, datt dat esou gemaach gëtt.

Wéi den Här Schwachtgen, wollte mir och froen, wéi wäit de Projet mam Vëloswee drun ass. Dee sollt ugangs laanscht d'Schinne goen. Elo ass anscheinend eng Versioun virgesinn, wou déi sollt vir laanscht d'Strooss goen. Do fir wollt mer dat emol nofroen.

Et gouf doriwwer eng Biergerversammlung zu Nidderkuer. Do war ugeschwat ginn, ob et net méi agreabel wier, fir direkt en Accès aus der Péitenger Strooss an de Projet ze integréieren. Ass do e Foussgängerwee virgesinn? Ech wollt dat just nofroen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll am Numm vun der Kommunistescher Partei soen, dass ech ganz frou sinn, dass dee Projet mat der Société Nationale des Habitations à Bon Marché elo endlech weidergeet. Dat ass e wichtege Projet. Mir sinn der Meinung, dass d'Gemeng sech hätt vill éischter musse mat där Gesellschaft dru ginn, dass esou Projeten hätte kënnen zu Déifferdeng realiséiert ginn. Trotzdeem ass dat hei eng Saach, déi mer begréiszen, well doduerch eng ganz Rei Haiser gebaut gi fir Leit, déi keen esou e grousst Akommes hunn. Wat mir ëmmer gefuerdert hunn. Dat hei ass en Deel vun eise Fuerderungen, deen elo verwierklecht gëtt.

Ech wëll nach ee Wuert soen zu der Héichspannungsleitung. Dat ass ganz positiv, wann déi Héichspannungsleitung an de Buedem geluecht gëtt. Et ass leider esou, dass dee gréissten Deel vun den Héichspannungsleitungen hei am Land net am Buedem läit. Dat ass awer net aus technesche Grënn. An den allermeeschte Fäll gëtt et vläicht technesch Problemer, mä déi sinn ze léisen. Et ass

also just eng Saach vun de Finanzen, firwat dat net geschitt.

Ech stellen awer fest, dass grad déi Gesellschaft, déi sech dorëm këmmert, wat jo eng Lëtzebuerger Gesellschaft ass, wou de Stat d'Majoritéit vun den Aktien huet, all Joer vill Gewënn mécht. Deen awer net opbruecht gëtt, fir grad an dem Beräich vun den Héichspannungsleitungen ze kucken, dass déi an de Buedem kommen. Firwat ass dat wichteg? Well mer alleguer wëssen, dass dat negativ Auswirkungen op d'Gesondheet huet, besonnesch wann esou Héichspannungsleitungen iwwer Quartieren oder iwwer Haiser ginn. A wou ee weess, dass d'Wunnbedéngunge vun de Leit awer ganz wichteg si fir d'Gesondheet. Dacks méi wichteg ewéi iwwerhaupt d'Infrastrukturen, déi et gëtt. Dofir mengen ech, dass et wichteg wär, dass ee sech géif dofir asetzen, dass a méi engem grouss Mooss d'Héichspannungsleitungen géifen an de Buedem geleucht ginn.

Et ass eng gutt Saach, dass dat elo geschitt. Dofir sinn ech och als Vertrieeder vun der KPL d'accord, dass dee Projet esou verwierklecht gëtt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert.

Madame Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, och d'Demokratesch Partei freet sech, dass dësse Projet elo endlech un d'Lafen an un d'Goe kënnt. Net nëmme freet et eis, mä och déi Leit, déi sech finanziell net esou gutt stinn a scho ganz laang op Wunnenge waarden. Bezuelbare Wunnraum, soit fir ze kafen oder ze lounen.

Wat ech ganz flott vum Här Muller fonnt hunn, ass, dass mer vläicht këinten als Gemeng eng Partie reservéiere fir Leit, Bierger, déi an Déifferdeng selwer wunnen, Bierger vun Déifferdeng.

A wou mer elo net drop agaange sinn, ass effektiv d'Thema Opkomme vum Trafic, dee mer am Péitenger Wee da

Comme M. Schwachtgen, il se demande si une piste cyclable est prévue le long de la voie ferrée ou le long de la route.

Lors de la réunion d'information publique, il a été question d'intégrer un accès direct à la route de Pétange au projet. Un chemin piétonnier est-il prévu?

ALI RUCKERT (KPL) *salue le fait que ce projet de la Société nationale d'habitations à bon marché progresse enfin. La Ville de Differdange aurait dû faire des efforts dans ce sens bien plus tôt. Ce projet permet de construire des logements pour des personnes aux revenus faibles. Il s'agit là d'une ancienne revendication du KPL.*

Ali Ruckert se réjouit de la mise sous terre de la ligne à haute tension. Malheureusement, la plupart des lignes à haute tension du pays ne sont pas souterraines. Certes, il y a peut-être quelques problèmes techniques, mais la raison est purement financière. D'ailleurs, la société chargée des travaux et dont l'État est le principal actionnaire réalise des bénéfices tous les ans. Mais ces bénéfices ne servent pas à améliorer les lignes à haute tension. Or celles-ci ont des conséquences négatives sur la santé lorsqu'elles passent sur les maisons et les quartiers. Bref, Ali Ruckert souhaite que la commune s'engage pour l'aménagement souterrain des lignes à haute tension.

Il approuvera ce projet.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *se réjouit à son tour de la réalisation de ce projet, qui est important pour les personnes ayant des problèmes financiers.*

Comme l'a souligné M. Muller, une partie des logements pourraient être réservés aux Differdangeois.

Une question n'ayant pas été abordée est celle du trafic dans la route de Pétange. Mais Christiane Saeul propose d'attendre et voir comment se passeront les choses.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) rappelle que déi Lénk salue toujours ce type de projets, dont la commune a besoin. Comme M. Muller, il trouve que davantage d'appartements devraient être loués et demande comment cela sera géré. Est-ce la commune qui s'en occupera ou bien la SNHBM? De toute façon, ce qui importe, c'est de se rendre compte qu'il manque des logements locatifs. En plus, dans les quartiers en question, on ne peut pas prétendre que le parc locatif soit trop important. En ce qui concerne la piste cyclable, Gary Diderich constate qu'il y a une différence entre un aménagement le long de la route ou dans une cité tranquille à côté de la voie ferrée. Si le collège échevinal optait pour la solution le long de la route, comment compte-t-il le sécuriser entre la chaussée, le trottoir et les voitures en stationnement? Va-t-il supprimer des places de stationnement? Gary Diderich regrette que les pistes cyclables ne soient jamais la priorité.

D'une manière générale, les cyclistes ne sont pas favorisés dans le centre-ville ou au contournement. Lorsque Gary Diderich se rend à Belval ou à Ræmereich, il ne sait pas où se mettre avec la voie pour le bus, le trottoir, les voitures... Cette route a été réaménagée. Il a été question d'une piste cyclable, mais où est-elle? Il y a juste une petite bande réservée aux cyclistes pour traverser la rue.

Pour ce qui est de l'aire de jeux, le collège échevinal a dit que le mobilier avait déjà été acheté.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) proteste.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) réplique que le collège échevinal a dit savoir ce qu'il voulait acheter. La commune a raison d'aménager elle-même les aires de jeux, mais elle doit penser à l'aspect pédagogique. Les jeux doivent être intéressants pour les enfants et complémentaires à ce qu'on trouve dans les aires de jeux à proximité.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) rappelle que c'est sur initiative du collège échevinal précédent que la

méi hunn. Mä ech géif soen, do misste mer dann d'Situatioun ofwaarden, wa se bis amgaang ass, ze lafen.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madame Saeul.

Den Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemenget, Déi Lénk begrëissen dee Projet ausdrécklech, wéi schonn an der Vergaangenheet. Mir berichte jo bekannterweis méi iwwert esou Projeten. Mir hunn och begrëisst, dass d'Entwécklung vun deem Projet opkomm ass, dass mer méi fir d'Locatioun wäerte reservéieren. Do huet den Här Muller jo och scho weider Detailler gefrot, wéi dat elo genee soll gehandhabt ginn. Wat ech dann och wollt opwerfen, ass, ob dat iwwert d'SNHBM leeft, oder ob d'Gemeng sech herno drëm këmmert. Wéi dat gehandhabt gött. Jiddefalls ass et wichtig, e Mix ze hunn. Mir wëssen, dass eis virun allem an der Locatioun vill feelt. Och an deenen do Quartiere kann een net dovunner schwätzen, dass do ze vill Locatioun oder soziale Mietwunnungsbau wär. Dofir ass dat absolut ze begrëissen, dass mer de Ratio konnten eropsetzen opgrond vun den Interventiounen, déi gemaach gi sinn.

Ech wollt och op de Vëloswee ze schwätze kommen. Ech mengen, dat hate mer schonn hei diskutéiert. E Vëloswee laanscht eng Strooss ass eppes anescht wéi e Vëloswee duerch eng verkéiersberouegt Cité nieft der Eisebunn. Wann dee wierklech laanscht d'Strooss soll kommen, wollt ech awer froen, wéi dat soll geschéien, dass et e richteg Vëloswee gött, dee securiséiert ass, wou een net d'Gefor huet zwësche Strooss, Parking an Trottoir, deen net immens breet ass op där Plaz. Kommen dann elo eng ganz Rei Parkinge fort, fir dass een dat anstänneg ka maachen? Also do stellen ech mer wierklech Froen, wéi dat soll gemaach ginn. Ech fannen et wierklech schued, dass dat nach ëmmer ze ku-

erz kënnt. Op jidde Fall hunn ech dat Gefill.

Ech hu mech och gefrot, dat ass am Fong eppes anescht, mä wa mer scho bei Vëlosweeër sinn: dee ganzen Aménagement Centre ville an de Contournement: also ech begéinen do als Vëlosfuerer der nammlecher Geschicht, wéi ech hei scho gesot hunn: wann ech erof op Belval, op Ræmereich fueren, ass do eng Busspur, en Trottoir, do sinn Autospuren, ech weess net, wou ech do soll hin als Vëlosfuerer. Dat hu mer elo nei amenagéiert. Do ass och iwwer Vëlosweeër geschwat ginn. Am Moment gesinn ech dovunner guer näischt, ausser wann et drëm geet, iwwert d'Strooss ze kommen: dann ass do eng kleng Sträif fir Vëloen ugezeechent. Op der Liichtchen existéiert dann e Vëlo.

Wat ech och nach wollt uschwätzen, ass d'Spillplaz. Dir hutt gesot, de Mobilier wär schonn do. Dee wär scho kaf.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen. Neen, neen, neen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Oder Dir wéisst schonn, wat Der wëilt huelen. Jiddefalls géif mech dat interesséieren. Ech denken, dass d'Approche richteg ass, dass d'Gemeng dat mécht, wéi och bei private PAPen. Ech hoffen awer, dass d'Gemeng do nach eng Kéier probéiert, spillpädagogesch a qualitativ e Krack weiderzekommen. An dass dat, wat een do asetzt an en place setzt, wierklech interessant ass fir d'Kanner an och zesumme geduecht gött mat deene Plazen, déi et schonn an der Géigend gött, och vun den Alteren hier, dass fir jiddereen an engem gewëssene Radius alles do ass.

Héichspannungsleitung: Och vun eiser Sait absolut ze begrëissen, dass déi ënnerierdesch verluecht gött. Dat ass jo net nëmme fir deen heite Projet, mä och fir de Mattendall. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zu den Erklärungen kommen. Ier ech dem Här Liesch d'Wuert ginn, wollt ech e puer Saache soen, wat ech op alle Fall weess. Et ass duerch den Asaz vum leschte Schäfferot, wou iwwerhaupt Appartementer an d'Locatioun gaange sinn, soss war virgesinn, nëmmen ze verkafen. An déi zwou Residencen: do ass eis eng zu 100% versprach ginn, an déi aner zu 99%. Do muss natierlech de Verwaltungsrat vun der Societéit nach de Feu vert ginn. Dir wësst jo, datt mer e ganz klengen Aktionär sinn.

Kafen: do mengen ech, datt dat net vill Sënn mécht. D'Societéit mécht jo soziale Wunnensbau. Mir kéinten do net méi an net manner maachen. Si musse sech och un d'sozial Kritären halen. Dat heescht, d'Loyere ginn un dat ugepasst, wat d'Leit verdéngen.

Ech wëll och soen: „Dat hei ass eng Convention d'exécution“. De 16. Januar 2013 hate mer zesummen decidéiert, der Societéit déi Terrainen ze ginn. Dat ass scho laang hier. Do waren aner Gesiichter heibannen. Deemools ass scho gesot ginn, wéi d'Critères de sélection herno wäerte sinn. Déi gi mam Gemengerot zesummegeallt. An ee Kritär ass natierlech eis jonk Famillen oder déi Leit, déi hei schaffen. Datt déi Kritäre gemaach ginn, an déi och esou wäerte festgehale ginn. Et ass och eng Versammlung virgesinn, soubal dat heiten alles duerch ass a vum Innenministère approvüert ass, well dat geet net méi esou schnell wéi soss. An da wäert eng Biergersammlung organiséiert ginn, wou déi Kritäre virgestallt ginn. An do kënnen d'Leit sech mellen.

De Rescht wäert den Här Liesch Iech elo erklären.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et geet haaptsächlech ëm de Vëloswee, un deem mer geschafft hunn, wou Der wësst, dass mir gefrot hunn, dass ënne laanscht d'Schinnen e Stéck sollt gemaach ginn, fir en a Richtung Nidderkuer, a Richtung Péiteng unzeschléissen.

Wéi mer de Plang am Detail gekuckt hunn, hu mer awer gesinn, dass et a Richtung Péiteng ganz schwéier gëtt. Zu Péiteng kënnt een, wann een ënne laanscht d'Schinne weiderfiert, beim Gemengenatelier eraus, wou et keng Méiglechkeet gëtt, eriwwe ze kommen. Jiddefalls net einfach esou mam Vëlo. Dat ass relativ zougebaut, sou dass een do eigentlech net eriwwekënnt. D'Iddi war jo, fir eigentlech méi schnell op d'Péitenger Gare ze kommen. Dat léisst sech awer esou net realiséieren.

Mir hunn dunn nach eng Kéier mam MDDI geschwat. Dir wësst, dass déi ganz PC8, déi national Vëlosverbindung, déi duerch eis ganz Gemeng leeft, fir d'Planung an huer Hand ass. An hir Planung war bis dato, dass déi sollt zu Nidderkuer ënnert der Bréck a Richtung Biff goen. Parallell dozou hu si Etüden opgeholl, fir eng Variant ze maachen, déi vun der Bréck aus géif duerch d'Cité goen, bis erop op de Péitenger Wee, fir se dann un d'Gare unzeschléissen. Well se och agesinn hunn, dass et interessant wär, en nationale Vëloswee un eng Gare unzeschléissen, zemools eng Gare, déi attraktiv ass.

Zu Péiteng huet ee jo wierklech eng gutt Verbindung an d'Stad. Sou dass dat interessant wär. Si ënnersiche grad déi zwee Tracéen. Et ass nach keng Decisioun gefall, ob se déi eng oder déi aner maachen, oder ob se vläicht souguer déi zwou maachen. Mir waarden hinnen hir Decisioun of, fir eis dann un déi ze ralliéieren.

Parallell hu mir eng Etüd gemaach iwwert d'PC8, déi sollt ënne laanscht am Käerjenger Wee bis op d'Biff lafen. Do hate mir d'Etüd lancéiert, fir ënnert de Schinnen net nëmmen de Kanal an d'Waasser ze verleeën, mä och eng gréisser Ouverture ze maache fir Vëloen a Foussgänger. Dat hu mer analyséiere gelooss. Technesch hu mer de Feu vert kritt. Vun den Héichten hier funktionéiert et emol. Dat war dat Éischt, wat mer kucke gelooss hunn, ob dat iwwerhaupt emol geet. Dat heescht, vun den Héichten hier funktionéiert et. Elo ass déi zweet Etapp: wat et kascht, wa mer dat géife maachen. An da musse mer natierlech ofwaarden, wat den MDDI seet. Well wa si soen: „Mir ginn an de Péitenger Wee“, mécht et jo kee Sënn oder wéineg Sënn, dee Souterrain-Passage

décision a été prise de mettre des appartements à la location. Il ne manque plus que le feu vert du conseil d'administration de la Société.

Pour le reste, la SNHBM est active dans le domaine des logements sociaux. Elle doit se tenir à des critères. Les loyers sont calculés en fonction des revenus des locataires. Roberto Traversini rappelle qu'il est question d'une convention d'exécution. Le 16 janvier 2013, la commune a décidé de céder ces terrains à la société. Les critères ont été établis à l'époque par le conseil communal. Ils concernaient notamment les familles jeunes et les personnes travaillant à Differdange.

Une réunion d'information publique aura lieu dès que le ministère de l'Intérieur aura approuvé le projet. Les critères de sélection y seront présentés.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) revient sur la piste cyclable. Le collègue échevinal a demandé à ce qu'un tronçon soit aménagé le long de la voie ferrée pour relier le site à Niederkorn et à Pétange. Malheureusement, les plans montrent qu'une connexion à Pétange est difficile. En effet, la piste aboutirait aux ateliers communaux qu'il n'est pas possible de traverser. L'idée consistait à arriver plus vite à la gare de Pétange, mais elle n'est pas réalisable.

Georges Liesch rappelle par ailleurs que le réseau national de pistes cyclables dépend du MDDI. Or celui-ci prévoyait de faire passer la piste sous le pont de Niederkorn en direction du Biff. Une alternative consiste à passer par la cité et la route de Pétange pour atteindre la gare. Comme la gare de Pétange est bien reliée à Luxembourg-ville, une telle piste cyclable serait intéressante. Pour le moment, le MDDI n'a pas encore pris de décision quant aux deux tracés.

De son côté, le collègue échevinal a analysé la possibilité d'aménager la PC 8 le long de la route de Bascharage jusqu'au Biff en la faisant passer par l'ouverture sous la voie ferrée. Techniquement, c'est faisable. Reste à voir les couts et à attendre la réponse du MDDI.

M. Diderich a raison de dire que la piste cyclable entre Niederkorn et

2. PAG et PAP / 3. Règlements communaux

Pétange doit être sécurisée. Il faudra en discuter avec le ministère et prévoir éventuellement l'acquisition d'un ou deux mètres de terrain pour aménager une piste cyclable dédiée avec un éclairage.

Georges Liesch rappelle que la décision appartient au ministère, mais que la nouvelle cité sera de toute façon reliée aux pistes cyclables.

M. Schwachtgen a mentionné le corridor vert. Le collège échevinal voudrait procéder d'une manière semblable à celle pour les pistes cyclables: demander au propriétaire concerné s'il est disposé à vendre à la commune une bande d'un mètre. Peut-être acceptera-t-il même d'aménager plus qu'une simple bande. Mais le collège échevinal doit encore prendre contact avec lui.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que la mise sous terre de la ligne à haute tension coutera quatre-millions d'euros, dont trois-millions d'euros à charge de la Ville de Differdange. Tout le monde est enthousiaste, mais il faut réaliser que cela a un cout.

(Vote)

Roberto Traversini passe au point suivant. Il rappelle qu'il y a quelques années, le collège échevinal avait chargé un bureau d'analyser la situation sur les routes à Differdange et de proposer des solutions le cas échéant. Après l'étude, le collège échevinal avait deux solutions: mettre l'étude dans un tiroir ou la présenter au conseil communal et essayer d'améliorer la situation.

Le point qui suit concerne la mise en pratique d'une partie des résultats de l'étude: une adaptation des tarifs de stationnement.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) rappelle que c'est M. Bertinelli qui a fait réaliser l'étude.

Dans le centre-ville, le concept de stationnement consistait à favoriser le commerce en permettant aux automobilistes de se garer gratuitement pendant une demi-heure — le temps de faire les courses. L'étude a démontré que l'idée était bonne, mais qu'elle ne fonctionnait pas parce que les gens abusaient de la «Brötchentaste», c'est-à-dire des

dee Moment ze maachen. Mir si jidde-falls prett, fir dat ze maachen.

Dee Plang, déi Skizz, déi ech gesinn hunn, wou de Ministère drop schafft: do, mengen ech, muss ee sech effektiv nach eng Kéier mat hinnen zesummesetzen, fir ze kucken, wéi den Här Diderich gesot huet, dass dee Vëloswee tëschent Nidderkuer a Péiteng securiséiert ass. Dat ass net een, deen einfach op der Strooss ass, mä do musse se schonn Terrain kafen, wéi se dat uechtert d'Land op ville Plaze mëttlerweil maachen, dass se ee Meter, zwee Meter vun de Proprietairen ofkafen, fir en dediéierte Vëloswee laanscht d'Strooss ze maachen. Deen dann och beliicht ass, an esou weider. Wat, mengen ech, awer tipptopp ass.

Dat ass awer an den Hänn vum Ministère. Mir sinn dauernd a Kontakt mat hinnen, fir dat ze analyséieren. Mä egal wéi, gëtt dës nei Cité vëlostechnesch ugeschloss. Sief et iwwert déi eng oder déi aner Variant. Et gëtt op jidde Fall gemaach.

An da war nach de Corridor vert, wat den Här Schwachtgen gefrot huet. Eis Iddi ass eigentlech déi, dass mer de Proprietaire kontaktéiere wëllen, deen direkt un dës Projet hei uschléisst, fir eben do och déiselwecht Iddi ze hunn, dat heescht, mat deem ze kucken, ob en eis ee Meter géif verkafen oder souguer vläicht bereet wär, dee Projet einfach matzemaachen, fir eng Struktur an dat Feld eranzekreien. Vläicht kéint een dann och méi réaliséiere wéi just déi Sträif laanscht d'Cité. Mä dat muss een da mat deem Proprietaire kucken. Mir hunn nach kee Kontakt mat him opgeholl. Mä dat ass emol d'Iddi, déi mer haten, fir dee Corridor vert ze réaliséieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Nach e Wuert zu der Héichspannungsleitung. Dat Ganzt wäert ronn 4 Milliounen Euro kaschte, fir déi an de Buedem ze verleeën. Just fir ze soen. Eng gutt Millioun gëtt vum Mattendall gedroen, vun der Societët. An de Rescht wäert d'Stad Déifferdeng droen. Just als Informatioun. Jiddereen ass begeeschtert. Mä d'Begeeschterung kascht och 4 Milliounen Euro. Mä ech mengen, datt

et einfach dowäert ass, dat op där Plaz ze maachen.

Mir géifen zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention et les plans d'exécution relatifs au PAP aux lieudits «Zwischen Lanterbännen/Route de Pétange».

drëtte Punkt. Eng kleng Introductioun: virun zwee, dräi Joer – ech weess den Datum net méi genau, Här Bertinelli – hu mer ee Büro ugestallt gehat, fir d'Verkéiserssituatioun, d'Parksituatioun hei zu Déifferdeng analyséieren ze loos-sen a verschidde Léisunge virzeschloen, wat ee kéint maachen, wat ee sollt maachen. An da gëtt et zwou Méiglechkeeten: Et hält een déi Etüd, déi awer eppes kascht huet, et leet ee se an den Tirang, an et léisst ee Gras driwwer wuessen. Oder et hält een déi Etüd, et stellt ee se de Conseillere vir, wéi mer dat gemaach hunn, an et versicht een, drun ze schaf-fen. Dat ass déi lescht véier, fënnef Méint geschitt. Een Deel vum Resultat aus där Etüd versicht dës Schafferot ëmzesetzen. Een Deel dovunner sinn d'Parktariffer vun eiser Stad Déifferdeng.

Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dat ass ganz richtig. An der Etüd, déi mer maache gelooss hunn an Iech presentéiert hunn, ass d'Parkproblematik mat ënnersicht ginn. D'Motivatioun war, fir ze kucken, wat mer elo mat deenen Erkenntnisser maachen. Pour rappel, wat huet déi Etüd deemools – et ass nach net esou laang hier, wou de Fred Bertinelli déi an Optrag ginn huet – erginn? Ma zum Thema Parking: déi huet eigentlech déi Iddi erausfonnt, déi mir haten, dass mer am Zentrum Parking géife schafe fir de Commerce, dee relativ séier dréit. Dat heescht, dass d'Leit eigentlech ëmmer, wa se an Déifferdeng kommen, eng Parkplaz géife fannen, an dass déi Leit dann eng Stonn oder annerhallef Stonn do parken, fir dat ze kafen an eise Geschäfte, wat se brauchen, an dann erëm fueren. Dat war d'Iddi vi-

3. Règlements communaux

ru Joren, wéi mer d'Parktariffer agefouert hunn, wéi mer och déi Brötchentaste agefouert hunn. Dat war de Gedanken hannendrun.

Dës Etüd huet gewisen, dass d'Iddi gutt war, mä leider net an der Realitéit funktionéiert. Et gouf festgestallt, dass d'Autoen dee ganzen Dag do stinn. Et gouf festgestallt, dass Abus gemaach gëtt mat der Brötchentaste, andeem all hallef Stonn Leit mat enger Kludder Schlësele kommen an Ticketen drécke ginn an dann an d'Autoe leeën. Et goufe vill Saache festgestallt, dass dee System net funktionéiert. Sou dass et un eis war, doropper ze reagieren an ze kucken, wat mer maachen.

Wat mer maachen, nieft deem, wat mer hei nach wäerte presentéieren, ass verstärkt Kontroll an der Zentrumszon. Mir hunn also eis Agenten ugewisen, de Plang esou ze änneren, dass mer manner oft an d'Quartiere ginn – ech mengen, d'Ressourcë sinn awer iergendwou limitéiert –, mä den Zentrum méi geziilt kontrolléieren, fir einfach eng gewësse Kontroll eran ze kréien, eng gewësse Rigueur dran ze kréien, fir dass dat besser dréit.

Dat war d'Motivatioun, fir en neien Tarif ze maachen. Net nëmmen en neien Tarif. Dir gesitt an Ären Ënnerlagen, dass mer och nach aner Iddien developéiert hunn. D'Motivatioun ass nach ëmmer déiselwecht wéi viru bal zéng Joer: dat ass, dass de Commerce zu Déifferdeng funktionéiere ka mat engem Parking à proximité vun de Geschäfte, wou d'Leit, wa se an Déifferdeng kommen, wëssen, dass se normalerweis zu Déifferdeng eng Parkplaz fannen, fir iergendeppes akafen ze goen. Wat am Moment, ech mengen, Dir wësst et allegueren, net onbedéngt de Fall ass.

Elo ginn ech op d'Presentatioun an. Mir haten e puer kleng Korrektur gemaach, déi mer Iech per Mail zoukomme gelooss hunn. Wichteg ass, ze soen, dass an alle Parkhaiser an Déifferdeng mat deem neien Tarif déi éischt Stonn gratis ass. Dat ass e Geste commercial, wann een dat esou kann nennen, dee mer maachen, fir einfach den Attrait ervirzehiewen, dass zu Déifferdeng all Parkhaus déi éischt Stonn gratis ass. Dat heescht, et kann een op Déifferdeng parke kommen, an et huet een eng Stonn gratis. Et ass net esou wéi bei der Bröt-

chentaste, wou dat leider technesch net anescht machbar war, dass, wann een zwou Stonne parkt, dann déi éischt Stonn gratis net inclus wär. Also déi éischt Stonn ass ëmmer gratis. An dann eréischt gëtt et payant.

Déi zweet Iwwerleeung, déi mer mat erabruucht hunn, ass, dass mer bei den Tariffer ënnerscheeden, ob se am Zentrum vun Déifferdeng sinn oder e bësse méi wäit ewech. D'Iddi hannendrun ass, dass déi Leit, déi gär véier Stonnen zu Déifferdeng wëlle parken, sech iwwerleeën, ob se matten am Zentrum an d'Parkhaus ginn oder léiwer op de Contournement ginn an da vläicht 200 m ze Fouss ginn. D'Leit, déi zu Déifferdeng schaffen: do soe mer: “Déi mussen net am Zentrum direkt virun hirem Geschäft stoen an hiren eegene Clienten d'Plaz ewechhuelen”, wat am Moment de Fall ass, mä déi sollen op de Contournement goen, fir dann do ze parken. Oder souguer nach méi wäit, zum Beispill beim Aquasud, well et do nach méi gënschteg ass, an dann do de Bus oder de Vëlo huele fir an den Zentrum, oder och den Zuch. Well déi zwee Parkinge si jo mat engem Zucharrêt verbonnen. Et gëtt also Méiglechkeeten, sech selwer ze kontrolléieren a seng Ausgaben, wat d'Parkingssaachen ugeet, ze steieren, andeem ee seet: „Ech stinn 10 Stonnen hei, da kann ech och grad esou gutt an den Aquasud parke goen“.

Um éischten Tableau gesitt Der e wéineg déi Philosophie erëm. D'Parkhaiser sinn also iwwerall eng Stonn gratis. Déi Parkhaiser am Zentrum hu keng linéaire Progressioun. Dat heescht, déi éischt Stonn kascht 1 Euro, déi 2. och, awer da geet d'Progressioun an d'Luucht. Et gëtt also da méi deier pro Stonn, wat ee méi laang parkt, ebe fir dass mer déi Leit, déi laang parken, aus dem Zentrum eraus kréien op de Contournement.

Den Aquasud, gesitt Der, bleift. Den Aquasud huet déi gewinnte linear Struktur. Et ass einfach 1 Euro d'Stonn. Ech schwätzen hei nach ëmmer iwwer Tariffer ouni Diffkaart. Op déi mat der Diffkaart kommen ech e bësse méi spët zeréck, wou nach ëmmer déiselwecht Reduktioun gëllt, déi mer haten.

Den Haut fourneau an de Centre ville: déi zwee Parkingen op eiser klenger Rocade hunn eng Progressioun vu 50 Cent.

tickets distribués gratuitement par les horodateurs et permettant de stationner pendant une demi-heure. C'est pourquoi le conseil communal a décidé de renforcer les contrôles dans le centre-ville et de diminuer ceux dans les quartiers, car les ressources sont limitées.

Les tarifs ont évolué et de nouvelles idées ont été développées — toujours avec comme objectif de soutenir le commerce en garantissant aux visiteurs de trouver une place de stationnement près des magasins. Par rapport à la présentation des tarifs envoyés aux conseillers communaux, quelques modifications ont été faites.

Parmi les nouveautés, figure une heure de stationnement gratuit dans tous les parcs de stationnement de Differdange. Cette première heure reste gratuite même si la voiture reste plus longtemps dans le parking, ce qui n'était pas le cas avec les horodateurs dans le centre-ville. La deuxième nouveauté consiste à considérer l'emplacement du parc de stationnement. De cette façon, quelqu'un qui souhaite passer plusieurs heures à Differdange pourra choisir entre un parc de stationnement en plein centre-ville ou par exemple le contournement. À titre d'exemple, quelqu'un travaillant dans le centre n'a pas besoin de garer sa voiture devant son magasin et enlever ainsi une place de parking à ses clients. Il pourrait choisir le contournement ou alors le parking d'Aquasud, qui est encore moins cher — et de là, prendre le bus ou un vélo. En plus, ces deux sites sont desservis par le train. Bref, les automobilistes pourront gérer leurs dépenses en matière de stationnement. Pour récapituler, la première heure est gratuite dans tous les parcs de stationnement. Ensuite, les parkings du centre n'ont pas de progression linéaire. Le prix par heure augmente avec la durée de stationnement.

Les tarifs du parking d'Aquasud ont en revanche une structure linéaire. Le prix est d'un euro par heure. Les parkings «Hauts-Fourneaux» et «Centre-ville» progressent, quant à eux, de cinquante centimes d'euros par heure.

Ainsi, cinq heures de stationnement dans le centre coutent 6,50 €, à

3. Règlements communaux

Aquasud 4 € et au contournement 1,50 €. il s'agit donc de motiver les personnes souhaitant passer plusieurs heures à Differdange à utiliser les parcs de stationnement du contournement.

Dans le dossier des conseillers communaux, le même calcul est fait pour dix heures de stationnement — par exemple pour quelqu'un travaillant à Differdange. Deux heures coutent 19 € dans le centre et 3,50 € au contournement, qui est gratuit de 12 h à 14 h. La différence de prix est donc substantielle si on stationne longtemps. Le collègue échivinal a discuté avec des personnes ayant des employés. Elles ont toutes salué les nouveaux tarifs.

Avec la Diffcard, les tarifs sont moins élevés encore. Georges Liesch rappelle que la Diffcard est gratuite et qu'on ne paie que le stationnement. L'idée consiste à fidéliser les visiteurs qui viendront peut-être plus souvent dès lors qu'ils peuvent stationner pour peu d'argent. À titre d'exemple, 5 heures à Aquasud coutent 1,20 € avec la Diffcard et 10 heures coutent 2,70 €. Il s'agit de tarifs vraiment intéressants.

Pour le moment, la Diffcard ne fonctionne pas dans les deux parkings du contournement. Ainsi, pour une journée de travail complète, le parking d'Aquasud est le moins cher. Pour se rendre dans le centre, on pourra prendre le bus ou le vélo, ou se promener à pied à travers le parc. Le site est par ailleurs desservi par le train.

Georges Liesch passe au parking du CHEM et mentionne le débat qui a eu lieu récemment au Luxembourg concernant le tarif des parkings des hôpitaux. Le CHEM dispose de deux parkings: un pour le personnel et un pour les visiteurs. Le personnel paie cinquante centimes d'euros par heure. Pour les visiteurs, la première heure est gratuite. Le prix s'élève ensuite à un euro de l'heure. Comme le CHEM ne se situe pas dans le centre, il est moins important de drainer les automobilistes vers d'autres parkings.

Si l'on compare ces tarifs à ceux des parkings d'hôpitaux dans le reste du pays, on se rend compte que les tarifs differdangeois sont très attractifs.

Do ass et wierklech attraktiv, fir do ze parken, wann ee laang Zäit muss parken.

Op der drëtter Säit gesitt Der, wann een, zum Beispill, 5 Stonnen op Déifferdeng kënnt a parke wëll: Wou geet ee parken? Wat kascht et wou? Do gesitt Der, dass een am Zentrum an eise Parkingen, an dat wäert och gëlle fir déi nei Parkingen, déi mer am Zentrum schafen, déi nach gebaut ginn, bei 6,50 Euro läit. Beim Aquasud läit ee bei 4 Euro. Mä wann een op de Contournement geet, wou ee bausse steet, ass ee bei 1,50 Euro fir 5 Stonnen.

D'Iddi hannendrun ass, fir Leit, déi 5 Stonnen, wat jo awer laang ass, op Déifferdeng kommen, ze soen: „Gitt op den Haut fourneau an op de Centre ville parken“. Déi si wierklech ganz gönschteg. 5 Stonne fir 1,50 Euro, ech mengen, dat fannt Der sielen. Vlächet nach um Duerf, mä net méi an enger Stad.

Déi nächst Säit: do ginn ech net weider drop an. Et ass erëm datselwecht Rechercheispill mat 10 Stonnen. Dat war de Cas de figure fir een, deen zu Déifferdeng schafft, dee vlächet dann 10 Stonnen an Déifferdeng ass. Do gesitt Der, dass d'Tarifkatioun erëm déiselwecht Philosophie huet. Wann een am Zentrum parkt, ass et natierlech deier, da läit ee bei 19 Euro den Dag. Wann een an den Aquasud geet, ass et scho wesentlech manner. Am Centre ville an Haut fourneau läit ee bei 3,50 Euro, fir 10 Stonnen ze parken. Well eben och do déi éischt Stonn gratis ass, an d'Mëttestonng gratis ass. Dat muss een och vlächet ervirhiewen, dass et tëscht 12:00 a 14:00 Auer gratis ass. Sou dass dat awer substantiell ass, vun 19 Euro op 3,50 Euro, wann een 10 Stonnen zu Déifferdeng parkt. Wann een zu Déifferdeng schafft, huet ee fir 3,50 Euro dee ganzen Dag e Parking. Ech géif mengen, dass dat net immens deier wär. Mir hu mat e puer Leit geschwat, déi Employéen hunn – ech wëll elo keng Nimm hei nennen –, déi déi heiten Tariffer op jidde Fall absolut begréisst hunn.

Dann op der nächster Säite kënnt nach eng Kéier déiselwecht Philosophie, ebe just mat der Reduktioun vun der Diffkaart. Dat heescht, mir ginn nach eng Kéier eng Reduktioun fir déi Leit, déi eng Diffkaart kafen. Ech wëll nach eemol präziséieren, dass déi Suen, déi ee

keeft, integral jo op der Diffkaart sinn. Do gi keng Sue verluer, oder déi Kaart selwer kascht eigentlech näischt. Mä wann een esou eng Kaart fir 10 Euro keeft, huet een e Parkpotential vun 10 Euro. D'Kaart selwer bezilt d'Gemeng Déifferdeng, sou wéi dat bis elo och war. An all déi Sue kann een da verparken. D'Iddi vun der Diffkaart war an ass, fir d'Leit, déi vun auswärts op Déifferdeng kommen, ze fideliséieren an ze soen: „Elo hunn ech déi Diffkaart, da profitéieren ech och dovun a fuere méi oft op Déifferdeng akafen, well ech domat méi bëlleg ka parken“. An eng Parkplaz dann och hoffentlech fannen, mat dësem System hei. An esou eis Commercë weider ze stäerken.

Et kommen dann och Rechercheispiller vu 5 Stonne mat der Diffkaart, wou een da gesäit, dass een am Aquasud nach just bei 1,20 Euro ass mat der Diffkaart, wann ee 5 Stonne parkt. Bei 10 Stonne Parken huet een am Aquasud fir 2,70 Euro. Wat wierklech e super interessanten Tarif ass.

D'Diffkaart geet net um Centre ville an Haut fourneau am Moment. Do schaffe mer drun. Duerfir sinn déi ausgeklammert. Trotz Diffkaart ass de Parking Aquasud nach méi bëlleg wéi den Haut fourneau an de Centre ville. Een, deen zu Déifferdeng schafft, läit bei 2,70 Euro Parking fir ee ganze Schaffdag. An et steet een an engem Parkhaus. Dat muss een dann och soen. An et kann een e flotten Trëppelwee duerch de Park bis op Déifferdeng maachen. Respektiv mam Vël'ok sinn et zwou Statiounen, oder mam Bus, mam Diffbus oder Zuch. Et huet een also all Verbindungen zu Uewerkuer, fir an Zäit vun e puer Minutten an de Centre ville ze kommen.

De Parking CHEM ass och opgeléicht op der Säit 8. Do war jo landeswäit eng gréisser Diskussioun, wourop mer natierlech gekuckt hunn, wéi d'Situatioun bei eis ass. Am CHEM hu mer zwee Parkingen. Ee fir d'Personal an ee fir d'Visiteuren. Dee vum Personal hu mer linear weiderlaffe gelooss. D'Personal bezilt 50 Cent d'Stonn, wa se op de CHEM parke ginn. D'Visiteuren hunn déi éischt Stonn gratis. Een, dee schnell muss an d'Spidol eppes ofginn, eppes si che goen, ass wahrscheinlech bannent enger Stonn fäerdeg. Dee parkt dann do gratis. Ab dann eréischt kënnt eng linear Progressioun, well mer soen: „De

3. Règlements communaux

CHEM läit net an engem Zentrum“, hei ass et also net esou wichtig, dass mer d'Leit op aner Parkingen drainéieren. De CHEM ass e Parking, dee soll do si fir Leit, déi eppes am Spidol ze sichen hunn. Do besteet e ganz normale linearen Tarif vun 1 Euro d'Stonn. Ech mengen, wann een et vergläicht: an der Press konnt ee jo an deene leschte Wochen héieren a liesen, dass mer hei zu Déifferdeng ganz attraktiv sinn, wat d'Tarifstruktur bei engem Spidol ubelaangt.

Och hei kommen e puer Rechebeispiller. Wann ee 5 Stonnen als Visiteur an d'Spidol ee besiche geet, läit een do bei 4 Euro.

Op der Säit 10 gesitt Der en Tableau mat anere Parkingen, déi an der Gemeng zur Verfügung stinn. Et gesäit een also och emol eng Kéier, wéivill et der eigentlech sinn, wéi se reglementéiert sinn, a wat se kaschten. Déi Parkinge kennt Der alleguerten. Se si limitéiert an der Zäit, well och do d'Iddi hannendrun ass, dass se dréien.

Verschiddener sinn op 90 Minutte limitéiert, well mer wëllen, dass déi Parkingen dréien, dass d'Leit do net dauernd parken. Déi kaschten 1 Euro d'Stonn. Anerer si mat Disk. Et sinn der och e puer gratis. Dat sinn déi, déi méi wäit ewech sinn. Uewerkuerer Kierfecht, zum Beispill, oder Parking Haneboesch si gratis. Déi kaschten näischt. Elo kann ee sech d'Fro stellen: Wee geet dohinner parken? Ma ebe grad do hate mer Diskussiounen mat de Studente vun der LUNEX, déi deelweis mam Auto op d'Uni kommen a sech froen, wou se hiren Auto déi ganz Woch stelle ginn. Well déi brauchen en eigentlech eréischt de Weekend, wa se erëm heem fueren. Dat heiten ass fir si eng Léisung. Si parke fir näischt zu Uewerkuerer beim Kierfecht. Do kënne se den Auto d'ganz Woch stoe loossen an de Weekend heem fueren.

Mir haten d'Diskussioun, dat wëll ech och hei soen, dass d'Leit sech erwaarden, dass e Parking, dee gratis ass, deen um Rand läit, méi securiséiert gëtt. Mir sinn amgaang, ze kucken, wéi mer e Parking Haneboesch, e Parking Uewerkuerer Kierfecht méi securiséiert kréien. Andeem mer vläicht Luuchten ubréngen. Och wëll ech net verstoppén, dass Diskussiounen lafen, fir eventuell Kameraiwwerwaachung ze maachen, well mer grad um Parking Uewerkuerer

Kierfecht vu Leit gesot kritt hunn, dass an d'Camionnetten agebrach gëtt.

Ech kéint elo e Sproch vum Coluche soen, mä ech soen deen elo net.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et gëtt haut vläicht nach aner Geleeënheeten, Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et ass jo de bonne guerre.

Op d'Säit 11 wëll ech agoen. Dat ass eng ganz nei Iddi, déi ech jiddefalls ganz interessant fannen. Ech hoffen, Dir gesitt dat d'selwecht. Mir haten eng Etüd ugefrot, wéi d'Auslaaschtung vun eise Parkhaiser wär. Wéi déi géif ausgesinn. D'Resultat hu mer kritt. Do ass erauskomm, awer net weider iwwerraschend vun den Zuelen hier, dass eis Parkhaiser an der Nuecht, also owes bis moies fréi an de Weekend, quasi guer net ausgelascht sinn. Wat guer net weider iwwerrascht.

Dat ass awer eigentlech net ganz clever, well mir hunn déi Parkhaiser jo bezuelt. Mir bezuelen d'Gerance dovunner, a mir hu praktesch keng Recetten. D'Iddi ass, fir ze soen: “Mir hunn eng Penurie vu Parkplaze fir eis Residenten, déi owes keng Parkplaz fannen an hirer Proximité, wa se heem kommen”, fir déi zwou Saache mateneen ze verbannen. Dat ass dat, wat mer mam Tarif préférentiel Nuits et weekends mat der Diffkaart wëllen erreechen. Laut Gesetz kënne mer et net fir Netresidente maachen. Ech mengen, et kënnt och kee vu Suessem nuets säin Auto op Déifferdeng parken, fir e moies erëm ewech ze huelen. Dat ass also ganz kloer cibléiert fir eis Residenten, dat heiten. Mir gi mat den Tariffer substanzuell erof, an der Nuecht, de Weekend den Dag iwwer, fir eise Bierger eng Parkméiglechkeet ze ginn an engem Parkhaus, wat relativ no bei hirem Quartier ass. Natierlech passt net all Parkhaus – Dir wësst jo, wou se sinn – wéi d'Fauscht op d'A. Et gi jo nach Parkhaiser gebaut, déi wäerten na-

Ainsi, cinq heures de stationnement content quatre euros.

Le dossier des conseillers communaux comprend aussi un tableau reprenant tous les autres parkings de Differdange ainsi que la façon dont ils sont règlementés. La durée de stationnement y est limitée. Certains content 1 € par heure et sont limités à 90 minutes; d'autres nécessitent un disque; d'autres encore sont gratuits comme celui du cimetière d'Oberkorn ou celui du Haneboesch. Certes, on pourrait se demander qui garerait sa voiture sur ces deux sites. Mais Georges Liesch donne l'exemple d'étudiants de LUNEX qui arrivent le lundi et repartent le weekend. Ils peuvent y laisser leur voiture gratuitement toute la semaine.

Les gens s'attendent par ailleurs à ce que les parkings gratuits en périphérie soient sécurisés. Des discussions sont en cours pour installer un éclairage, mais aussi pour installer des caméras de surveillance. Georges Liesch signale que des vols ont eu lieu dans des camionnettes sur le parking du cimetière d'Oberkorn. Il pourrait citer Coluche, mais préfère ne pas le faire.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que M. Liesch pourrait avoir d'autres occasions de le faire aujourd'hui.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

pour suit en constatant que les parkings de Differdange sont très peu fréquentés le soir, la nuit et les week-ends. Bien entendu, ce n'est pas surprenant. Mais peu importe que la commune ait des recettes ou pas, elle doit quand même payer la gerance. Or parallèlement, il existe une pénurie de places de stationnement pour les résidents. C'est ce qui explique l'introduction d'un tarif préférentiel pour la nuit et les week-ends avec la Diffcard. Concrètement, les tarifs sont baissés de manière substantielle la nuit et les week-ends pour que les citoyens puissent se garer dans un parc de stationnement à proximité de chez eux. Il est clair que tous les parkings ne sont pas adaptés à ce mode de fonctionnement, mais ceux qui résident à proximité d'un parking pourront en profiter.

3. Règlements communaux

Pour ce qui est des tarifs, le collège échevinal a estimé ce que coûte un garage à Differdange. Le prix se situe à quelque 120 € ou 150 € par mois. La demande est énorme et ce type d'offres disparaissent vite. Le collège échevinal propose un prix de 76,80 € pour la nuit et le week-end. Le matin, la plupart vont travailler de toute façon.

Le centre-ville est équipé d'horodateurs. Les conseillers communaux disposent d'un plan du centre, qui pourra être adapté en fonction du développement du commerce par exemple.

Oberkorn, en revanche, n'a pas de centre avec des magasins pour le moment, mais le potentiel est important. Niederkorn compte quelques magasins en plus. La question de savoir s'il faut introduire un système de stationnement comme à Differdange est légitime.

Les 16 horodateurs de la commune vont être remplacés pour résoudre deux problèmes: tout d'abord, la demi-heure gratuite qui n'est pas prise en compte dès lors que l'on se gare plus de trente minutes et deuxièmement les abus des automobilistes qui collectionnent les tickets gratuits. Georges Liesch ne comprend d'ailleurs pas comment les propriétaires des magasins peuvent autoriser leurs employés à abuser de la «Brötchentease».

Parmi les nouveautés figure la limitation de la durée de stationnement à 90 minutes dans le centre. Par ailleurs, il faudra saisir le numéro d'immatriculation dans l'horodateur. Les horodateurs étant reliés, il ne sera pas possible de se garer plusieurs fois de suite dans le centre gratuitement. Le stationnement gratuit ne sera permis que pendant une heure le matin et une heure l'après-midi. Georges Liesch pense que ces mesures permettront d'augmenter l'attractivité du centre-ville. Car si quelqu'un veut profiter des 90 minutes de stationnement autorisé pour faire ses courses, il ne paiera que 30 minutes — sans oublier que le stationnement est gratuit de midi à 14 h. Bref, stationner dans le centre-ville de Differdange ne coûte vraiment pas cher. Par ailleurs, le remplacement des horodateurs entraînera un roulement puisque les automobilistes devront se garer ail-

tierlech an deeseweichte Modus erafallen. Mä op jidde Fall déi Leit, déi a Proximitéit vun engem Parkhaus wunnen, kënnen vun dëser Offer hei profitéieren.

Mir hunn eng Rechnung gemaach: Wat heescht dat, wa mer déi Tariffer aféieren, a wou wär d'Schmerzgrenze? Wann ee kuckt, wat zu Déifferdeng eng Garage kascht, fir ze lounen, läit ee mëttlerweil zu Déifferdeng schonn e gutt Stéck iwwer 100 Euro de Mount. Fir 100 Euro de Mount fënnt ee kaum nach eng. Et läit een also éischter bei 120 bis 150 Euro de Mount. Dat ass dat, wat ech esou an der leschter Zäit, wann een iwwerhaupt eng fënnt, gelies hunn. An Dir wësst et selwer: wann eng Garage ze lounen ass, ass se 10 Sekonnen drop scho fort, well einfach eng riseg Demande do ass.

Mat eisem Tarif, dee mer proposéieren, leie mer bei 76,80 Euro. Natierlech huet een da keng Parkplaz dee ganzen Dag, mä et huet ee se an der Nuecht, an et huet ee se de Weekend. Wat, wéi ech mengen, deem gréisste Besoin vun de Leit entsprécht. Nämlech, dass se an der Nuecht an de Weekend hiren Auto kënnen parken a moies den Auto brauchen, fir op d'Aarbecht ze fueren. Den Tarif préférentiel ass eng nei Iddi, déi ganz interessant kéint si fir eis Stad.

Op der Säit 12 vun der Presentatioun gesitt Der de Centre ville, wou mer am Moment Horodateurs stoen hunn. Wat versteet een ënner Centre ville? Och dëse Plang ass net a Stee gemässelt. Mir hunn deen elo emol esou gezechent, wéi mer haut spieren, wéi de Centre ville ass. Natierlech muss een herno drop reagéieren. Wann ee gesäit, et entstinn zousätzlech Commercen an där enger oder anerer Strooss, muss een natierlech dëse Plang adaptéieren a kucken, eng weider Strooss mat eranzehuelen, wann dat de Fall ass.

Do si mer amgaangen, ze iwwerleeën. Wéi gesäit et mat Uewerkuer an Nidderkuer aus? Uewerkuer huet de Moment leider keen esou e flotten Zentrum mat Commercen. Nëmme ganz wéineg. Do ass nach wierklech vill Potential. Nidderkuer huet do schonn e bësse méi. An d'Iwwerleeung ass natierlech berechtigt: Kéint ee sech dat an enger nächster Etapp zu Nidderkuer virstellen oder net? Dat musse mer nach zesumme ku-

cken. Mä et ass awer berechtigt, déi Iwwerleeung op jidde Fall ze maachen.

Wat geschitt mat deene 16 Horodateurs, déi mer an der Gemeng hunn? Déi ännere mer, fir eben dee Problem ze léisen, dee mer bis elo haten. Éischstens, dass déi Brötchentaste net esou funktionéiert: wann ech méi laang parken, waren déi 30 Minutten eigentlech fort.

Dann hat ech kee Profit dovunner. Wat awer mat de besteënden Horodateurs net aneschtens méiglech war. An dat Zweet, dass deen Abus ophéiert, dee gedriwwen gëtt, dass Leit dee ganzen Dag parken, andeems se Tickete sammeln iwwer de ganzen Dag. Wat fir mech onverständlech ass, ass, dass Patrone vu Geschäften hir Aarbechter an hir Employéen dat maache loosse. Mä dat ass awer d'Realitéit, dass dat esou ass. Et gëtt éischstens emol d'Durée limitéiert vun den Horodateurs virun der Dier vun de Geschäften.

D'Zäit gëtt op 90 Minutten limitéiert am Parkraum, am Stroosseraum, am Zentrum vun Déifferdeng. An d'Horodateur ginn uewe gewieselt, sou dass een do an Zukunft, wéi dat an anere Stied am Ausland funktionéiert, seng Plackennummer muss aginn. Et gëtt een also net nëmmen an, wéi laang ee wëll parken, mä et gëtt een och seng Plackennummer an. Déi steet dann och um Ticket. An déi Horodateurs si matenee vernetzt. Dat heescht, wann ech dann duerno nach eng Kéier wëll parken am Déifferdenger Zentrum, geet dat net. Jiddefalls net mat där nämmelechter Plackennummer. Dat heescht, et huet ee moies e Bonus vun enger Stonn gratis zegutt, a mëttes emol. Sou dass ee moies eng Kéier eng Stonn gratis ka parken am Zentrum a mëttes eng Stonn gratis ka parken am Zentrum, am Stroosseraum vun eiser Stad. Awer da war et dat. Et kann een et also net dauernd repetéieren. An ech mengen, dass dat dozou bäidréit, dass mer éischstens d'Attraktivitéit vum Zentrum nach weider eropdrécken, well et parkt een am Stroosseraum, virun de Geschäften, eng Stonn gratis, an da brauch een eigentlech just nach 30 Minutten ze bezuelen, dann ass een op der Limite vun 90 Minutten, déi erlaabt sinn.

An d'Mëttesstonn ass och nach gratis. Dat heescht, een, deen op Déifferdeng kënnt an an e Restaurant wëll e Plat du

3. Règlements communaux

jour iesse goen, tëscht 12:00 a 14:00 Auer, parkt och nach gratis. Sou dass de Parkraum an Déifferdeng immens attraktiv ass, immens bëlle ass, a virun allem dee Changement vun den Horodateuren dozou féiert, dass déi Parkplazen dann och dréien. Dass d'Leit no 90 Minute fueren an anzwousch anescht ginn. Respektiv, wa se schonn am Viraus wëssen, dass se méi laang wäerte brauche wéi 90 Minuten, gi se op de Contournement, ginn 100 Meter ze Fouss bis an den Zentrum oder ginn an e Parkhaus hei an der Niklosstrooss. Do kann een esou laang parken, wéi ee wëll. Just zu engem aneren Tariff. Sou dass een de Choix huet.

Dann hu mer nach eppes, wat de fréiere Verkéiersschaffen, de Fred Bertinelli, schonn agefouert huet, wat immens gutt funktionéiert, wat mer och weider wëlle maachen. Dat sinn déi ganz al Horodateuren, wou ee just eng Mënz agehëit, déi Horodateuren, wou et ëm 15 Minute geet. Där Parkplazen hate mer der eng Rei geschaf. Op der leschter Säit gesitt Der se opgezeechent. Am Moment sinn et der véier. D'Erfahrung mat deenen Horodateuren ass extrem gutt. Mir mierken, dass do, wou, ech soen elo emol e Bäcker, eng Apdikt oder e Geschäft ass, wat op deem 15-Minuten-Takt ka liewen an eppes verkafen, dat immens gutt funktionéiert. Dat geët immens gutt akzeptéiert. D'Geschäftsleit soen: „Dat ass wierklech super, déi ass bal ëmmer fräi“. Et kann een dohinner goen, séier eppes kafen an erëm fueren, well a 15 Minute kritt een dat eent oder dat anert jo gemaach. Et geet ee séier eppes an eng Retouche sichen, et geet ee séier bei de Bäcker. Déi Iddi wëlle mer weider maachen. Mir sinn zesumme mat der ACOMM amgaangen, ze kucken, op wéi enge Plazen nach esou Horodateure vu 15 Minute Sënn géif maachen. A wa mer se dann net opgebrach kréien, kënne mer déi Suen och nach erakréien.

Dat war déi graff Presentatioun, d'Philosophie haaptsächlech vun den neien Tariffer am Parkraum Déifferdeng.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Ech weess, et ass ganz vill, och fir d'Press, mir wäerten

dat der Press an deenen nächsten Deeg nach virstellen.

Et ass eng Stonn gratis. Dat war bis elo nach net. Ech mengen net, datt et (0:04:28.5) engt geët. Wat vergiess ginn ass, ze soen, bei där exzellenter Presentatioun, ass, datt déi Leit mam Parking résidentiel, mat der Kaart op verschiddene Parkplaze gratis parke kënnen. Dat heescht, eis Bierger aus eiser Gemeng kënnen op verschiddene Plaze stoen, ouni ze bezuelen. An denkt drun, datt mer vläicht a ganz kuerzer Zäit e ganz grouse Lycée do stoen hunn, wou keng Parkplaze virgesi si vum Stat. An déi Leit, déi a verschiddene grouse Geschäfte schaffen, dierfen och net do am Haus parken. Dofir mengen ech, datt d'Parksituatioun net méi einfach wäert ginn.

An zu gudder Lescht, wann een eng Diffkaart huet, an et sinn nach vill Suen drop, an et plënnert een aus der Gemeng, oder et wandert een aus, kritt een déi Sue selbstverständlech zeréck, déi op der Kaart sinn.

Wee fänkt un?

Madame Brassel-Rausch, Dir hutt d'Wuert.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Damen an Dir Hären aus dem Gemengrot, als Gréng begrësse mir déi Reform vum Parking absolut. Ech schwätzen als Gréng, awer och als Awunnerin vum Zentrum, well ech kennen déi Problemer, déi ugeschwat ginn, iwwer Joren.

Wat ech ganz flott fannen, ass den Tarif préférentiel, well ech owes d'Course au parking kennen am Zentrum, wou se dräimol ronderëm rennen, fënnemol ronderëm rennen. Ech denken, dass dat eng immens flott Léisung ass, fir de Leit den Drock erauszehuelen, wa se owes vun der Aarbecht kommen an zu engem acceptablen Tarif kënnen am Zentrum, no bei hirer Wunneng, no bei hirem Haus parken.

Wann déi Reform vun de Parkstrukturen a Kraaft trëtt, brauche mer och dat Parkleitsystem, fir de Leit ze weisen, wou se kënne parke goen.

leurs au bout de 90 minutes ou choisir un autre parking dès le départ.

Georges Liesch rappelle que M. Bertinelli avait introduit des horodateurs fonctionnant uniquement avec des pièces de monnaie et où le stationnement est permis pendant 15 minutes. Il y en a quatre. Le système fonctionne extrêmement bien pour les personnes voulant se rendre rapidement dans une pharmacie ou une boulangerie. Le collège échevinal est en discussion avec l'Association des commerçants pour voir où installer d'autres horodateurs de ce type.

Georges Liesch constate qu'il vient d'expliquer la philosophie du nouveau système de stationnement à Differdange.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que les informations sont nombreuses. Une présentation pour la presse aura lieu prochainement. Le bourgmestre rappelle que parmi les nouveautés figure le stationnement gratuit pendant une heure. Il ajoute que les personnes disposant d'une vignette de stationnement résidentiel pourront stationner gratuitement à certains endroits grâce à leur Diffcard.

Il signale finalement qu'un grand lycée va bientôt ouvrir ses portes et que l'État ne prévoit pas d'y aménager des places de stationnement. Les employés des grands magasins ne disposent pas non plus de places de stationnement réservées. Bref, la situation ne risque pas de s'améliorer à l'avenir.

Roberto Traversini rappelle également que quelqu'un ayant une Diffcard et déménageant dans une autre commune pourra se faire rembourser.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

salue cette réforme. Elle habite dans le centre-ville et connaît bien les problèmes mentionnés. Elle se réjouit particulièrement du tarif préférentiel, car elle voit souvent les gens tourner en voiture le soir pour trouver une place.

Ce qui manque encore à Differdange, c'est un système de guidage électronique vers les parkings.

Christiane Brassel-Rausch signale qu'il y a bien une gare à Oberkorn,

3. Règlements communaux

mais que le train ne circule que toutes les demi-heures. C'est long. D'un autre côté, on peut aussi prendre le bus.

Christiane Brassel-Rausch trouve la Diffcard fantastique. Elle espère qu'il sera possible de dynamiser le centre-ville et que les places de stationnement seront utiles.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *en est convaincu.*

GUY ALTMEISCH (LSAP) *a entendu les explications de M. Liesch, mais va malgré tout présenter ce qu'il a préparé après avoir lu le dossier.*

Tout d'abord, il ne parlerait pas d'adaptation des taxes, mais d'explosion. Se garer à Reggio, Nei Déifferdeng ou place des Alliés coûtera 0,50 € par heure au lieu de 0,30 € actuellement. Il s'agit d'une augmentation de 66 % à partir de la première heure et de 266 % pour 10 heures. Par ailleurs, le parking Reggio propose déjà maintenant une heure gratuite. Le parking de la place des Alliés coûtera, quant à lui, 11 % plus cher après 3 heures.

Avec une Diffcard dans ces mêmes parkings, les prix augmentent de 5 % après 4 heures et de 90 % après 10 heures.

Jusqu'à présent, les parkings du contournement étaient gratuits avec un disque. Ils coûteront désormais cinquante centimes par heure à partir de la deuxième heure à moins que l'on dispose d'une vignette. Guy Altmeisch ne sait pas si cela vaut seulement pour les résidents du centre-ville.

La commission de la circulation a débattu de l'adaptation des taxes. Un membre a voté pour, sept contre et un s'est abstenu.

Guy Altmeisch constate que les conseillers communaux n'ont pas eu le temps de prendre connaissance de l'avis de la commission. Le rapport est arrivé ce matin par courrier électronique, mais le résultat du vote n'y figure pas. Quelle est dans ces conditions la valeur de la commission?

Les socialistes n'approuveront pas l'adaptation des taxes.

(Interruption)

Ech hunn e ganz kleng Bémol, Här Liesch, wat den Aquasud ugeet. Dir sot: „Dir kommt mam Zuch mat enger Station op Déifferdeng“. Dat stëmmt. Mä deen Zuch fiert awer leider nëmme all hallef Stonn. Do kéint ee vläicht mat der CFL schwätzen, dass déi dann och do stoe bleiwen. Well eng hallef Stonn op en Zuch ze waarden, ass einfach ze laang.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Natierlech gëtt et Busser. Ech wollt et just einfach soen.

D'Diffkaart ass super. Mir ënnerstëtzen dee ganze Projet.

Ech hoffen, dass mer eisen Zentrum esou belieft kréien, dass mer all déi Parkplaze brauchen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Mat Sécherheet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Den Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn dem Här Liesch seng Explikatioun wuel verstanen, ech bleiwen awer bei deem Text, deen ech mer preparéiert hunn, wéi ech deen Dossier do gesinn hunn.

Taxenupassung ass net dat richteg Wuert. D'LSAP Déifferdeng gesäit et éischter als eng Explosioun vun den Taxen, zulaaschte vun eise Bierger. Ech erkläre mech: Parke mat Diffkaart an de Parkhaier Reggio, Nei Déifferdeng, place des Alliés haut 0,30 Euro d'Stonn

vu moies acht bis owes sechs. No der Upassung, 0,50 Euro d'Stonn. Wat eng Augmentatioun vu 66% ab der zweeter Stonn ass, déi bis 266% geet bei enger Parkdauer vun zéng Stonnen. Mir musse wëssen, dass och haut schonn déi éischt Stonn gratis ass a Reggio an Nei Déifferdeng. Bei der place des Alliés, wou déi éischt Stonn net gratis ass, gëtt dat, laut Listing, agefouert. Mir kréien eng Erhéijung vun 11% no 3 Stonnen. An 88% no zéng Stonnen. D'Nuetstariffer, mat der Diffkaart, sinn haut 0,15 Euro a bleiwe bestoen. Do gëtt et also keng Neierung.

D'Parken ouni Diffkaart an deene selwechte Parkhaier, 24 Stonnen op 24, ass haut 1 Euro d'Stonn. De Präis bleift bei deenen éischten zwou Stonne gläich, geet awer no véier Stonnen ëm 5% erop, bis 90% no zéng Stonnen. Da kucke mer de Parking Haut fourneau an de Centre ville. Déi konnte bis dato mat der Parkscheif gratis benotzt ginn. Elo ab der zweeter Stonn 0,50 Euro. Mat der Vignette résidentielle ass et gratis. Ech stelle mer d'Fro, ob mer vun der Vignette vum Zentrum Déifferdeng, oder ob mer vun der Vignette vun der ganzer Gemeng schwätzen. Dat geet am Text net ervir.

Och muss ech Folgendes feststellen: d'Mobilitéitskommissioun hat en Doneschdeg, den 19. Abrëll, owes um 19:00 Auer eng Reunioun. An där Reunioun ass vill iwwert d'Taxenupassung diskutéiert ginn. Mir hu verschidde Saachen festgehal an hunn iwwert den Dossier ofgestëmmt, mat folgendem Resultat: Ee Member vun der Kommissioun war dofir, siwen dogéint, an ee Member huet sech enthalen.

Deeselwechten Dag sinn den Ordre du jour an d'Informatiounsdoossiere vun der Sitzung vun haut un d'Conseillere ausgeleent ginn. Folgend Froen dränge sech op: D'Majoritéit hat d'Méiglechkeet net, fir den Avis vun der Kommissioun ze liesen, ier d'Dokument an de Gemengerot komm ass. Wat ass an där Situatioun d'Valeur vun dëser Kommissioun? Och feelt am Rapport vun der Kommissioun, deen ech mëttlerweil de Moien da gemailt kritt hunn, d'Resultat vun der Ofstëmmung. E Rapport, deen net komplett ass, ass eiser Meinung no näischt wäert.

3. Règlements communaux

Mir als LSAP wäerten duerch déi doten Ëmstänn déi Taxenupassung net stëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma dat ass awer en ... Näischt, Merci.

Här Hartung.

(Ënnerbriechung)

Ganz erstaunlech, jo.

JERRY HARTUNG (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, d'Gemeng mécht villes, fir datt d'Akafen, d'Liewen zu Déifferdeng méi konsumentefrëndlech gëtt. An dëser Optik huet de Schäfferot, baséiert op der realiséierter Etüd, eis hei eng nei Präistabell fir d'Parke virgeluecht, wat deem Rechnung dréit. Well d'Parken, dat muss een hei kloer soen, wäert wuel fir déi meescht méi bëlleg ginn, well de Gros vun de Leit parkt maximal zwou bis dräi Stonnen op enger Plaz. Zum Beispill, wa mer akafe ginn, wa mer op de Sport ginn, e Fussballmatch kucke ginn, an d'Schwämm ginn, bei d'Famill, bei Frënn op Besuch ginn, an esou weider. An dëser Optik ass dat neit Reglement e groussen Avantage, wat an dëse Fäll méi bëlleg gëtt.

Bis elo konnt ee just 30 Minutte gratis parken, an dobäi nach net iwwerall. Elo huet een dësen Avantage och an de Parkhaiser, well et ass net méi just eng hallef Stonn, mä eng ganz Stonn, déi gratis ass. Domat huet dëse Schäfferot eng grouss Ongerechtegkeet behewen. Virdrun huet een, dee méi wéi 30 Minutte geparkt huet, dës gratis Zäit direkt missen nobezuelen. Elo ass dat richteggestallt, a jiddereen huet eng Stonn gratis, och deen, deen zwou oder méi Stonne parkt.

Des Weideren däerf een net vergiessen, datt d'Awunner weiderhi mat hirer Parkvignette iwwerall an hirem Quartier gratis kënne parken, och a verschiddene Parkingen. Fir all déi aner, déi méi laang hei parken, gëtt et méi deier, mä si hu weiderhin d'Méiglechkeet, mat der Diffkaart zu Präisser an eise Parkhaiser

ze parken, déi par rapport zu aneren Uertschaften nach zimlech gönschteg sinn.

Mir si frou, datt endlech gekuckt gëtt, datt d'Parkplazen net duerchgeend vun deene selwechten Autoe besat ginn, datt een net regelméisseg säi Parkticket kann erneieren, an en Auto méi laang stoe bleift wéi erlaabt a verhënnert, datt eng Rotatioun ka stattfannen. Dofir begréisst mer, datt elo Horodateure kommen, wou ee seng Autosplack muss aginn. Okay, dat ass e bësse méi komplizéiert, mä néideg, vu déi momentan Situatoun.

Wann ee vu Konsumentefrëndlechkeet schwätzt, ass et wichteg, datt, wann ee mam Auto eng Parkplaz sicht – d'Madame Brassel-Rausch huet et schonn ugeschwat –, ee weess, wou een am beschten hi fiert. Dofir wollt mir nofroen, wou de Projet Parkleitsystem drun ass.

D'Reglementatioun, déi hei virläit, stëmmt d'CSV natierlech. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, mir begrëssen, dass mer endlech kënne verschidden Tariffer a Präisstrukturen upassen, nodeems iwwer Joren nei Parkméiglechkeete geschafe goufen. Gären hätte mer et awer gesinn, wann déi säit laangem ugekënnegt a scho presentéiert nei Parkstrukturen, wéi d'Parkhaus um Contournement oder den ënnerierdesche Parking beim Kulturzentrum scho géife bestoen an och an déi heiten Etüd mat agefloss wäeren.

Dass déi sougenannte Brötchentaste ofgeschaf, respektiv adaptéiert gëtt, well ze vill gefuddelt gouf, begrësst mer. Flächendeckend gëtt deemno elo eng Stonn gratis Parke mat agerechent.

Net domatter averstane si mer, dass déi fënnef Stonne gratis Parken um Parking

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

trouve lui aussi que cela est surprenant.

JERRY HARTUNG (CSV)

constate que la commune essaie de rendre le shopping plus attractif à Differdange. Les nouveaux prix tiennent compte de l'étude réalisée. Comme la plupart des gens se garent moins de trois heures à un même endroit, les prix baissent dans la plupart des cas.

Jusqu'à présent, on pouvait se garer gratuitement pendant une demi-heure à certains endroits. Désormais, c'est une heure, et ce, même dans les parkings. En plus, avant, ceux qui restaient plus d'une demi-heure devaient payer les trente minutes censées être gratuites.

Les habitants qui ont une vignette résidentielle continueront à se garer gratuitement dans leurs quartiers et, en plus, dans certains parkings.

Jerry Hartung salue le fait qu'il ne sera plus possible d'abuser des tickets de stationnement gratuits dans le centre. Les automobilistes devront saisir le numéro d'immatriculation de la voiture dans l'horodateur.

Comme l'a dit M^{me} Brassel-Rausch, un système de guidage électronique vers les parkings serait important.

FRANÇOIS MEISCH (DP)

salue l'adaptation des tarifs après des années de création de places de stationnement. Il aurait cependant préféré que le parking du contournement et le parking du centre culturel soient ouverts.

Il rappelle que les horodateurs seront remplacés pour éviter les abus de «Brötchentaste» et que la première heure sera gratuite partout.

En revanche, il est contraire à la suppression des cinq heures de stationnement gratuit sur le site de la kermesse. Les automobilistes doivent pouvoir recourir aux transports en commun. Le parking Bouillon en ville est gratuit 24 heures sur 24.

Que l'on ne puisse stationner qu'une heure et demie sur les parkings du 1535° et du centre culturel n'est pas adapté non plus. Un rendez-vous dans le domaine de la création peut durer plusieurs heures

3. Règlements communaux

et un cours de solfège aussi. Il faudra aussi interrompre les séances de conseil communal toutes les 90 minutes.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
propose à M. Meisch de venir en vélo.

FRANÇOIS MEISCH (DP) *pourrait aussi venir à pied. Mais il n'en demeure pas moins qu'il ne sert à rien de limiter le stationnement à 90 minutes dans le centre-ville. Il s'agit pourtant d'y garder les gens. La commission de la circulation a eu moins d'une semaine pour regarder tout cela. Le système de guidage pour les parkings n'existe toujours pas. Le DP s'abstiendra, car il reste beaucoup à améliorer.*

ALI RUCKERT (KPL) *signale qu'après le débat au sein de la commission de la circulation, la grande majorité des membres a rejeté ce projet. Il met en doute l'esprit démocratique du collège échevinal.*
(Interruption)

Le collège échevinal a-t-il pris le temps de discuter avec la commission de la circulation pour savoir pourquoi elle a rejeté le projet?

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *répond que oui.*

ALI RUCKERT (KPL) *réplique que dans ce cas, le collège échevinal n'écoute pas les arguments. Par ailleurs, pourquoi les commissions n'ont-elles pas l'opportunité de débattre de ce type de projets plus tôt? C'est la même chose pour tous les projets où un débat pourrait entraîner des problèmes. Cela est d'autant plus regrettable que le collège échevinal prétend être pour la participation démocratique.*

op der Kiermesplaz ewechfalen. D'Leit müssen d'Méiglechkeet behalen, fir op den ëffentlechen Transport ëmzeklappen, och wann d'Infrastruktur an d'Offer hei bei eis nach net optimal sinn. Dat muss awer d'Zil sinn. Als Beispill nennen ech de Parking Bouillon an der Stad, wou 24 Stonne Parke gratis ass. Wuel wëssend, dass dat net 1:1 mat eis vergläichbar ass.

Nach e kleng Bémol hu mer ze bemängelen. Déi maximal Parkdauer vun annerhallwer Stonn op de Parkinge bei der Kreativfabrik 1535 °C creative hub a beim Kulturzentrum sinn net un d'Bedürfnisser ugepasst. Een, dee mol schonn an deene Beräicher aktiv war, weess, dass dat net realistesch ass. E kreative Rendez-vous ka schnell onerwaart zwou bis dräi Stonnen daueren. Wann ech zwou Stonne Solfège hunn, muss ech tëscheduerch mäin Auto réckelen. Dobäi kënnt, dass vill Course kombinéiert ginn an hannertenee stattfannen. De Gemengerot muss mer dann all 90 Minutten ënnerbriechen, fir eis Autoen anzwousch aneschtens hinzestellen, oder mer müssen ebe méi wäit trëppelen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Oder mam Vëlo kommen.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Oder mam Vëlo oder mam Bus an esou weider.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Yes.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Oder ze Fouss.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Yes.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Maximal 90 Minutten am Zentrum mécht fir eis kee Sënn. No 90 Minutten geheie mer d'Leit quasi aus dem Déiferdenger Zentrum eraus.

Vum Prinzip hier bleift viles nozebeesseren.

Ze bemierke bleift, wéi ëmmer, dass d'Kommissioun emol keng Woch hat, fir sech dat unzekucken. Mat der Aféierung hätte mir och op d'Parkleitsystem gewaart. D'DP Déifferdeng enthält sech, aus de genannten Ursaachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch.

Här Ruckert, ganz gären.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn hei e Projet virleien iwwert d'Parktariffer. Iwwert dee Projet ass virun e puer Deeg an der Verkéierskommissioun geschwat ginn, an do huet d'grouss Majoritéit vun de Membere vun der Verkéierskommissioun dee Projet verworf: siwen dogéint, een dofir, eng Enthalung.

D'Fro, déi ee sech ka stellen, ass, wann de Schäfferot säin demokratescht Verständnis géif eescht huelen ...

(Ënnerbriechung)

Huet de Schäfferot sech dann an der Tëschenzäit mat deene Leit vun där Verkéierskommissioun zesummegesat, fir mat hinnen ze diskutéieren, firwat se dann dee Projet verworf hunn? Ass dat geschitt?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo.

ALI RUCKERT (KPL):

3. Règlements communaux

Do si jo eng Rei Argumenter komm, wou, wann dat geschitt ass, de Schäfferot dann deenen Argumenter net zougänglech ass. Ech stelle mer Froen, firwat, wann esou ee Projet op d'Dagesuerdnung vum Gemengerot kënnt, déi berodend Kommissioun net vill éischter driwwer informéiert gëtt, dass och eng Diskussioun ka stattfannen. Dat ass elo keen Eenzelfall. Dat geschitt hei systematesch, well de Schäfferot net drun interesséiert ass, dass am Virfeld vu Projeten, déi eventuell zu Problemer féiere kéinten, eng breet Diskussioun stattfënnt.

Dat ass ganz bedauerlech, well Der jo soss sot, oder et och heiansdo maacht, dass Der fir méi demokratesch Participatioun wäert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech maache mäi Bescht, jo.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat Bescht ass heiansdo net genuch, wann et net klappt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig. Da kommt elo emol zum Inhalt, fir ze kucken, wéi Dir et fannt.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat gehéiert zum Inhalt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat gehéiert zum Inhalt. Demokratie ass deen éischten Deel vun all Inhalt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richtig. Mä sot, wat gutt oder wat net gutt ass bei deem Projet.

ALI RUCKERT (KPL):

Wat d'Parktariffer ugeet, huet ee vu menge Virriedner gesot, dass déi Tariffer zum Deel méi deier ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Zum Deel och méi bëlleg.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech hunn als Verrieder vun der KPL am Ufank vun der Legislatur gesot, dass ech all Kéier géif dogéint stëmmen, wann d'Tariffer géife méi deier ginn. Aus deem ganz einfache Grond, well een dacks ka soen: „Jo, dat ass awer net vill, wou dat méi deier gëtt“. Mä et ass ëmmer de kumulativen Effekt. D'Regierung huet gesot, d'TVA wär net vill méi deier ginn. Se ass awer méi deier ginn, wann een dat mat anere Saachen zesummen hält. An der Vergaangenheet: „D'Müllabfuhr ass net vill méi deier ginn“. Mä wann een alles zesummenhëlt, mécht dat ganz vill am Portmonni vun de Leit aus, besonnesch am Portmonni vun deene Leit, déi net esou vill am Portmonni hunn. An dofir wäert ech och an Zukunft hei systematesch, bei esou Saachen, dogéint stëmmen. Dir hutt jo schonn ugekënnegt, dass no de Parlamentswahlen eng ganz Rei vun Taxe géifen erhéicht ginn. Ech wëll de Leit dat nach eng Kéier soen, dass se sech dat gutt sollen iwwerleeën. An och mat Zäiten dogéint protestéieren. Well dat jo gewosst ass, dass Der dat maache wäert. Do hutt Der also eng Politik, wou Der elo scho laang ugekënnegt hutt, am Géigesaz zu anere Saachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hunn et awer wéinstens scho gesot.

ALI RUCKERT (KPL):

Dir hutt gesot, Dir hätt eng Etüd gemaach iwwert d'Parken. An där Etüd

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
fait de son mieux.

ALI RUCKERT (KPL) *rétorque que cela ne suffit pas toujours.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
suggère à M. Ruckert de passer au contenu pour savoir ce qu'il en pense.

ALI RUCKERT (KPL) *riposte que cela fait partie du contenu. La démocratie est le premier élément de chaque contenu.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
est du même avis, mais il demande à M. Ruckert d'évaluer le projet.

ALI RUCKERT (KPL) *constate comme un de ses prédécesseurs que les tarifs ont augmenté en partie.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
réplique qu'ils ont aussi baissé en partie.

ALI RUCKERT (KPL) *a toujours dit qu'il voterait contre une augmentation des tarifs. En effet, l'augmentation a beau être petite, il faut tenir compte de l'effet cumulé. Le gouvernement dit que la TVA n'a pas beaucoup augmenté. La gestion des déchets n'a pas beaucoup augmenté. Mais si on prend tout ensemble, on se rend compte que cela fait beaucoup, spécialement pour ceux qui ont peu. C'est pourquoi Ali Ruckert votera systématiquement contre ce type d'augmentations. M. Traversini a déjà annoncé qu'il augmentera les taxes après les élections. Ali Ruckert exhorte les gens à bien réfléchir et a protesté à temps. Après tout, le bourgmestre a prévenu les gens de ce projet, chose qu'il ne fait normalement pas.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
constate qu'il l'a effectivement annoncé.

ALI RUCKERT (KPL) *poursuit en indiquant que l'étude sur le transport ne précise pas comment adapter les tarifs.*

3. Règlements communaux

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *proteste.*

ALI RUCKERT (KPL) *rétorque que le collègue échevinal ne peut pas donner la faute à ceux qui ont réalisé l'étude.*

Si le collègue échevinal était aussi bien informé qu'il le prétend, il devrait pouvoir communiquer les couts des parkings. Pourquoi la commune perd-elle de l'argent avec ses parkings alors que les exploitants en gagnent?

Par ailleurs, le stationnement est attractif quand il est gratuit. Il y a suffisamment de villes à l'étranger qui s'en vantent.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *demande lesquelles.*

ALI RUCKERT (KPL) *mentionne Schwarzwald Todtnau.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *remarque que M. Diderich secoue la tête.*

ALI RUCKERT (KPL) *y est allé récemment.*

(Interruption de M. Diderich)

Ali Ruckert rappelle que les communistes s'engagent pour le stationnement gratuit. Une étude aurait pu être réalisée dans ce sens.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *réplique que dans ce cas, les magasins peuvent fermer.*

ALI RUCKERT (KPL) *rétorque que cela n'a rien à voir avec le stationnement, mais par exemple avec le fait que M. Traversini a permis l'ouverture de grands groupes, qui volent les clients des petits commerçants.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *n'est pas d'accord.*

ALI RUCKERT (KPL) *pense par exemple à des épiceries.*

En tout cas, les communistes sont pour le stationnement gratuit. C'est la raison pour laquelle Ali Ruckert n'approuvera pas les tarifs.

On dit souvent que les gens n'ont qu'à recourir aux transports en commun étant donné qu'il y a des

hutt Der awer net gesot kritt, wéi Der d'Parktariffer misst maachen.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dach.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat kënnt Der net ofschieben ...

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dach.

ALI RUCKERT (KPL):

... op déi Leit, déi eng Etüd maachen, wann ee parkt.

Wann Der esou gutt informéiert wäert, wéi Der eis dat sot, dass dann d'Parktariffer esou an esou misste gemaach ginn, misst Der eis jo och kënne soen haut, wat dann déi ganz Parkingen d'Gemeng kascht, wat d'Parkhaiser kaschten, wat do erakënnt. Wat ënnert dem Stréch erakënnt. Firwat dat esou ass. Firwat d'Gemeng vill muss bäileën, obschonn déi Gesellschaften, déi déi Parkhaiser bedreiwen, grouss Gewënn maachen. Dat misst Der eis jo dann och hei kënnen zielen. Ech sinn also gespaant, wat do kënnt.

Attraktiv ass et, wa Parke gratis ass. Et gëtt eng ganz Rëtsch Stied am Ausland, déi domat Propaganda maachen, dass et bei hinnen an der Stad gratis ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kann ech froen, wéi eng?

ALI RUCKERT (KPL):

Zum Beispill, am Schwarzwald, Todtnau. Eng gréisser Stad, déi domat wirbt, dass d'Parke bei hinne gratis ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Diderich rëselt de Kapp.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech war nach viru Kuerzem do.

(Ënnerbriechung duerch den Här Diderich)

Ech wëll drun erënneren, mat all deenen Argumenter, déi hei komm sinn, dass d'Kommunistesch Partei prinzipiell géint d'Bezuele vun de Parkplazen ass. Et hätt ee jo och vläicht eng Etüd iwwert d'Parken kéinte maachen an der Optik, dass d'Parken zu Déifferdeng gratis wär. Dat kéint ee jo och maachen, wann een ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da kënnt Der d'Geschäftswelt zoumaachen.

ALI RUCKERT (KPL):

... dat politesch gewollt hätt. Här Buergermeeschter, hei hu vill Geschäftsleit zougemaach an der Vergaangenheet, an et maachen der elo och nach zou, wat iwwerhaupt näischt mam Parken ze dinn huet, mä mat villen anere Saachen, zum Beispill, dass Dir hei Ofleeër vu Grousskonzerner op Déifferdeng huet, déi deenen natierlech d'Clienten ewechhuelen. Dat ass ee Grond, firwat kleng Geschäftsleit zoumaachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech mengen net.

ALI RUCKERT (KPL):

Och kleng Epicerieën, zum Beispill.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech denken net.

3. Règlements communaux

ALI RUCKERT (KPL):

Ech wëll nach eng Kéier soen: „D'Kommunistesch Partei ass prinzipiell dofir, dass d'Parke gratis ass“. An dat ass den Haaptgrond, firwat ech och hei géint déi Parktariffer stëmme wäert.

Nach eng Bemierkung, wëll hei gesot ginn ass, et kéint ee jo och op den ëffentlechen Transport zeréckgräifen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

ALI RUCKERT (KPL):

Well eng Rei Parkhaiser no bei der Bunn wieren, wéi, zum Beispill, dat zu Uewerkuer, an et misst een dann eventuell mat den CFL schwätzen, ob do näischt méiglech wär, well do jo d'Zich nëmmen all hallef Stonn halen. Zu Déifferdeng all Véirelstonn. Zu Uewerkuer all hallef Stonn. Nidderkuer och nëmmen all hallef Stonn.

Et kann ee vläicht mat hinne schwätzen, mä dat wäert zu kengem Resultat féieren, dat kann ech Iech elo schonn hei soen. Well d'Kadenzen an der Tëschenzäit esou grouss sinn, dass déi Strecken net méi hierginn. Et ass elo schonn esou, dass, wéinst deene Kadenzen, déi gemaach gi sinn, wéi d'Zich fueren, ouni dass d'Infrastruktur ausgebaut ginn ass, eng ganz Rei Zich ausfalen. Wat heescht, et ka gutt virkommen, dass een zu Uewerkuer, zum Beispill, wou jo nëmmen all hallef Stonn en Zuch fiert, eng Stonn laang op der Gare steet, fir deen nächsten Zuch ze kréien, well deen Zuch ausgefall ass, well en net fuere konnt.

Dat ass iwwregens allgemeng esou, dass, wann een net rechtzäiteg investiert an d'ëffentlecht Netz, et dann zu deenen Enkpäss kënnt, wéi mer se haut hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeinnen a Kollegen aus dem Gemenget, d'Fro vum Parking ass in der Tat keng einfach. Ech soen: „Zum Deel muss ee sech bewosst ginn, dass en Auto iwwerproportional vill Plaz am ëffentleche Raum anhëlt“. Den Auto ass en Instrument gewiescht vum Kapitalismus, fir sech esou ze entwéckelen, wéi e sech entwéckelt huet. En huet d'Mobilitéit individualiséiert. En huet Raum ageholl. En huet déi Entwécklung, ënnert anerem, méiglech gemaach, déi mer an der Lescht kannt hunn, mat deenen negative Konsequenzen, déi mer elo kennen. En Auto, deen am ëffentleche Raum steet, do ze stoën, hëlt esou vill Plaz an am ëffentleche Raum, wéi en anhëlt. An déi Plaz ass méi wéi déi, déi e Vëlo anhëlt oder en Diffbus, dee ronderëm fiert an néierens méi laang stoebleift. Ech mengen, dat muss ee sech virun Aen halen, wann een iwwert den Auto schwätzt.

Et muss een och wëssen, wéi scho gesot ginn ass, dass am Moment nach ëmmer eis Organisatioun vun eiser Ökonomie, vun eisem Aarbechtswien, vun eisem Commerce, ze vill doropper ausgeriicht ass, an de Leit net ëmmer d'Méiglechkeet ginn ass, fir sech anescht ze organisieren.

Ech ginn als Beispill de CHEM. Do gëtt et jo en extrae Parking fir d'Personal, wat schonn emol e wichtege Geste ass, deen do gemaach gëtt. Et kann een elo net vun deene Leit alleguerte verlaangen, dass se ëmmer solle mam Vëlo, mam Zuch oder mam Bus op d'Aarbecht fueren. Déi schaffe Schichten. Déi kënnen dat zum Deel net, well keng aner Alternativ do ass. Dofir, denken ech, muss een all Parking separat kucken an zum Deel och wierklech kucken, zum Beispill: „Bei deenen doten ass et adaptéiert, dass d'Leit musse bezuelen. Dëse Parking ass souzesoen nach ee vun den accessibelste Präisser, ouni Diffkaart, an awer.“

Wat d'Adaptatioun vum Parktariff ugeet, muss ech soen, dass mer als Déi Léink d'Leitprinzipien dovunner, dass eng Parkplaz am Zentrum net soll laang besat sinn, begréissen.

gares à proximité de certains parkings. Quelqu'un a dit qu'il fallait parler avec les CFL pour augmenter la fréquence des trains. Mais Ali Ruckert sait déjà que cela n'y changera rien. Déjà maintenant, certains trains sont annulés parce que la cadence est trop élevée alors que le réseau n'a pas été développé. Il arrive, par exemple, qu'à Oberkorn, où un train circule toutes les demi-heures, il faille attendre plus d'une heure parce qu'un train a été annulé. C'est ce qui arrive lorsqu'on n'investit pas à temps dans les infrastructures publiques.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que la question du stationnement n'est pas facile à résoudre. Proportionnellement, la voiture prend beaucoup de place dans l'espace public. Elle est un instrument du capitalisme ayant servi à individualiser la mobilité. Et elle a entraîné les conséquences négatives que l'on connaît aujourd'hui. Gary Diderich constate qu'une voiture garée dans la rue prend plus de place qu'un vélo ou même qu'un bus, puisque celui-ci circule tout le temps. C'est quelque chose qu'il faut prendre en considération quand on parle de la voiture.

Par ailleurs, l'économie, la vie professionnelle et le commerce sont organisés autour de la voiture et on ne donne pas toujours la possibilité aux gens de faire autrement.

Gary Diderich cite l'exemple du personnel du CHEM, qui dispose d'un parking réservé. C'est une bonne chose, parce qu'on ne peut pas exiger de ces personnes, qui travaillent parfois la nuit, de prendre systématiquement le vélo ou le train. Dans ce type de cas, on peut aussi se demander si le parking doit nécessairement être payant. D'un autre côté, il s'agit d'un des parkings les moins chers sans Diffcard. En ce qui concerne les tarifs en général, Gary Diderich salue le principe de la limitation du temps de stationnement dans le centre.

Ce qui pose problème, c'est que la commune verse probablement plus d'argent à une multinationale qu'elle n'en reçoit de la part des automobilistes — même si le collège échevinal n'a pas avancé de chiffres. Bref, les taxes de stationnement ser-

3. Règlements communaux

vent à payer une multinationale et ne permettent même pas de couvrir les frais. Le stationnement gratuit reviendrait probablement moins cher. Mais l'objectif des taxes est de permettre aux gens de trouver une place de stationnement près des magasins. C'est pourquoi déi Lénk soutient l'adaptation des tarifs et le remplacement des horodateurs dans le centre. Ceux qui veulent rester plus longtemps peuvent se garer en périphérie.

En revanche, le parking de la place des Alliés devrait être géré d'une autre façon. La place des Alliés n'est pas comparable au centre-ville. En plus, l'étude ne dit pas que les automobilistes stationnent trop longtemps dans ce parking. Enfin, le site est moins bien desservi qu'Aquasud par exemple. Bref, les prix devraient être différents.

Gary Diderich trouve le tarif préférentiel intéressant, mais critique la comparaison avec un garage. Un garage peut être utilisé 24 h/24.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) répond qu'on n'en a pas nécessairement besoin tout le temps.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) réplique que cela peut poser problème quand on part en vacances.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) constate que tout le monde ne part pas en vacances en avion. Il faut relativiser la situation.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) rétorque que l'on peut aller en vacances à vélo ou en train. Mais la question reste: que vont faire ces gens de leurs voitures? Un garage est donc plus intéressant.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) est du même avis.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) ajoute que si l'on dispose d'un garage, on n'a pas besoin de faire attention à l'heure. D'un autre côté, si l'on rentre un peu plus tôt du travail, il suffira de payer le stationnement pendant quelques heures avant de passer au tarif préférentiel. Celui-ci est flexible; il faut juste faire attention aux comparaisons hâtives.

Woumat mer ganz vill Schwierigkeeten hunn, ass – mä do hu mer d'Zuelen net kritt, an aus dem Budget ass et och schwéier, déi konkret erauszehuelen –, dass mer wahrscheinlech méi Suen ausginn un eng Multinationale, wéi mer eigentlech vun eise Leit erakréien. Dat heescht u sech: duerch déi ganz Parkingsaktivitéit, reng ekonomesch gesinn, finanzéiere mer eng Multinationale mat ëffentleche Gelder, an déi Suen, déi mer vun de Leit dofir kréien, déi zousätzlech zu hire Steieren an esou weider erakommen, gi mol net duer, fir dat ze couvréieren. Da seet ee sech natierlech: „Ma wa mer et géife gratis maachen, géif et eis als Gemeng manner kaschten“.

(Ënnerbriechung duerch den Här Liesch)

Mä hätte mer dann iergend en Zil erreecht? Hei wëlle mer jo, zum Beispill, d'Zil erreechen, dass d'Leit am Zentrum, do, wou d'Geschäfte sinn, eng Parkplaz fannen, wa se kuerz Akeef wëlle maachen. Dofir musse mer natierlech en Instrument hunn, fir dat iergendwéi ze leeden an ze steieren als Politik. Well dat ass jo eis Aufgab als Politik, eppes ze steieren, an net einfach nëmmen, ze geréieren an ze verwalten, wéi iergend e Manager vun iergend enger Entreprise.

Dofir soe mir als Déi Lénk, dass mer averstane si mat den Adaptatiounen am Zentrum, mat deenen neien Horodateuren, den Tariffer an der Begrenztheet vun der Zäit, wou ee parken däerf. Wann ee méi laang parke wëll, huet ee jo aner Méiglechkeeten, déi net wäit vum Zentrum ewech sinn. Mat deem Volet si mer averstanen.

Wou mer awer net averstane sinn, ass, dass d'Parkhaus op der d'place des Alliés nom nammlechte Prinzip geréiert gëtt. Dat gesi mir anescht. Éischtens ass dat net ze vergläiche mam Zentrum, dass mer do eng grouss Geschäftswelt hätten. Zweetens ass bei där Etüd vun der place des Alliés net spezifesch erauskomm, dass d'Autoen an deem Parkhaus ze laang géife stoen, an dat Parkhaus déi ganzen Zäit iwwerlaascht oder ze voll wär. An drëttens ass dat Parkhaus, respektiv déi Plaz och net esou ugeschloss wéi, zum Beispill, den Aquasud. Ech denken, an deem Areal sollten aner Präisser gëllen. Ähnlech wéi am Aquasud.

Da wollt ech op de Verglach mat de Garagen agoen, mam Tarif préférentiel. Ech denken, dass den Tarif préférentiel interessant ass, just de Verglach mat de Garagen hinkt. Eng Garage hues de 24 op 24 ...

(Ënnerbriechung duerch den Här Liesch)

Wat gelift?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et brauch ee se awer net onbedéngt.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat hänkt dovunner of. Wann s de an d'Vakanz fiers – an dat ass jo och en Thema: Wou stellen d'Leit hir Autoen hin, wa se an d'Vakanz fueren? –, dierfe se u sech net méi wéi ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Si fuere vläicht mam Auto an d'Vakanz. Si fléie jo net all mam Flieger.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Verschiddener fuere mam Auto, verschiddener mam Vëlo, verschiddener fueren och mam Zuch an d'Vakanz.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dofir soll ee relativéieren.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mä d'Fro ass, wou se hiren Auto hi stellen. An do ass eng Garage méi interessant.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richtig.

3. Règlements communaux

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An dass de Verglach een aneren ass, well s de einfach net esou op d'Zäit muss kucken. Et muss een awer och soen, dass, wann een eng Kéier méi fréi vun der Aarbecht kënnt, an et stellt ee sech an e Parkhaus, een e puer Stonne méi deier huet, an duerno geet et an deen Tarif préférentiel.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et huet een eng grouss Flexibilitéit beim Tarif préférentiel. Ech soen net, datt et net interessant ass. Et muss ee just kucken, mat wat een et vergläicht.

Déi Fro vum Ëmsteigen op den ëffentlechen Transport ass, denken ech, och ganz wichteg. Den Här Meisch huet dat gesot fir den Zentrum, mat deene fënneg Stonnen. Ech denken, dass een do muss iwwerleeën, wou déi richteg Plaz ass, hei an der Géigend, fir op den ëffentlechen Transport ëmzesteigen. Ech mengen net, dass et am Zentrum vun Déifferdeng ass. Ech mengen emol net, dass ee bis an den Aquasud sollt fueren, fir dat ze maachen, well da fiert een och duerch Déifferdeng. A mir kennen all déi Knietpunkten, wou dat erëm Verkéier generéiert, wat mer net onbedéngt hei sollen hunn.

Ech weess awer selwer nach net, wou déi richteg Plaz wär. De Parking bei der Käerjenger Gare ass iwwerbesat. Do misst am Fong eppes anescht hin. Och do huet ee Verkéier, deen een net onbedéngt do wëll hunn.

Zu Lonkech gëtt am Moment e Parking gebaut, souwäit ech weess. An zu Péiteng ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Fänkt un.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Rodange.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Zu Rodange gëtt elo e Projet gemaach.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dee kënnt nach.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat heescht, Belval, Rodange a Lonkech sinn éischter déi Punkten, déi mer sollte fërderen, wou d'Leit op den ëffentlechen Transport ëmklammen. Virun allem déi, déi vu bausse kommen. Well dat kritt ee jo och schwéier ënnerscheet. Wa mer elo dat Parkhaus um Funiculaire bauen, muss ee vläicht virgesinn, dass een extra fir déi Leit aus Déifferdeng den Ëmstieg op den ëffentlechen Transport virgesäit. Well et huet jo kee Wäert, déi op Rodange oder op de Belval ze drainéieren. Do sinn och erëm esou vill Verkéierspunkten, wou et sech net lount.

Et huet awer och kee Wäert, dat fir jidderen interessant ze maachen, fir dass erëm Leit heihinner kommen, déi am Fong grad esou gutt op eng aner Plaz kéinte fueren. Dat heescht, alles dat muss ee sech gutt iwwerleeën. Dat ass eng Saach vu steieren. An ech gesinn an deenen heiten Tariffer op jidde Fall kee Versuch vu steieren.

Déi Stonn gratis ass interessant. Wat mir virun allem kritiséieren, vum Prinzip hier, ass, dass mer hei op ganz ville Plazen d'Tariffer awer considerabel an d'Luucht setze fir déi, déi méi laang parken. An à quoi bon, am Endeffekt? Wann dat am Endeffekt ...

Pour ce qui est du passage aux transports en commun, il faut choisir le bon site. Gary Diderich ne pense pas qu'il puisse s'agir du centre de Differdange ou d'Aquasud. Le parking de la gare de Käerjeng est déjà saturé. Des parkings sont en train d'être construits à Longwy et Pétange.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que le projet vient juste de commencer.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) précise qu'il s'agit de Rodange.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) confirme les propos de M. Liesch.

Il estime que les gens devraient prendre les transports en commun à Belval, Rodange et Longwy.

Par ailleurs, lorsque le parking du Funiculaire sera construit, il faudrait aussi permettre aux automobilistes d'y prendre les transports en commun. Il ne servirait à rien de les drainer à Rodange et à Belval. D'un autre côté, si un tel parking devient intéressant pour tout le monde, il y aura aussi des automobilistes qui pourraient tout aussi bien garer leurs voitures ailleurs. C'est pourquoi il faut bien réfléchir à la question et prendre les bonnes décisions. Avec les nouveaux tarifs, Gary Diderich n'a pas l'impression que le collège échevinal impose une orientation précise.

La première heure gratuite est intéressante. Mais Gary Diderich regrette que les tarifs augmentent de manière considérable dès qu'on veut rester plus longtemps.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) réplique qu'il s'agit justement de donner une orientation à la politique du stationnement.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) estime qu'un gestionnaire privé coute cher et que le collège échevinal essaie de couvrir les frais avec les nouveaux tarifs.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) proteste.

3. Règlements communaux

GARY DIDERICH (DÉI GRÉNG)

estime que la commune devrait gérer les parkings même si cela lui coûtera plus cher. Il n'est pas nécessaire d'avoir quelqu'un sur place en permanence. Les qualifications requises ne sont pas non plus les plus élevées. D'un autre côté, il faudra acheter les applications.

Les parkings du contournement devraient, eux aussi, fonctionner avec la Diffcard. Le collègue échevinal a dit que la Diffcard servait à fidéliser les gens et à les pousser à faire leurs courses à Differdange. Par conséquent, les parkings «Centre-ville» et «Hauts-Fourneaux» sont des candidats idéaux.

Pour conclure, Gary Diderich constate qu'il peut être d'accord avec certains points, mais pas avec d'autres. C'est pourquoi il s'abstiendra lors du vote.

FRED BERTINELLI (LSAP) *signale que les voitures et le stationnement constituent le plus gros problème à résoudre à Differdange.*

(Interruption)

Fred Bertinelli concorde avec le fait qu'il s'agit d'un problème global.

Pendant des années, Differdange n'a eu de cesse de grandir. Des résidences ont été construites. Mais ceux qui y habitent ne sont pas forcément les mêmes que ceux qui y achètent les garages faute d'argent. Il arrive même que des voisins se battent pour une place de stationnement. Cela n'ira pas en s'améliorant.

Lorsque Fred Bertinelli voit que la commission a voté contre l'adaptation des tarifs presque à l'unanimité, il se dit que la communication n'a probablement pas été bonne et que M. Liesch ne s'est pas donné assez de temps. Les membres de la commission et les citoyens n'étaient pas au courant des explications que M. Liesch a données aujourd'hui.

Fred Bertinelli rappelle que les réunions d'information publiques au sujet des voitures sont toujours bien fréquentées contrairement à celles sur le développement de la ville.

L'étude qui a été réalisée est importante. Mais Fred Bertinelli n'est pas d'accord avec la façon de procéder du collègue échevinal. Il aurait d'abord fallu construire les parcs de

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass steieren.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

... dozou féiert, dass souzesoeng Privatfirma eis méi kascht, oder mer domatter probéieren, déi Käschtchen opzefänken, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

... gesinn ech dat ganz kritesch. Ech denken, mir sollte ganz seriö exploréieren, awéiwäit mer dat doten a Gemengenhand kënnen iwwerhuelen. Och wann et eis e puer Frang méi kascht. Ech denken, dass et dem Rôle vun enger Gemeng entsprécht, dat selwer ze iwwerhuelen. Et sinn eis Bierger, déi et bezuelen. Da soll et och d'Gemengenhandsinn, déi déi Sue selwer geréiert. An domatter Leit astellt. Do kann ee jo Permanent maachen. Do muss een net permanent iergend een op enger Plaz setzen hunn a voll bezuelen. Do kann een och Leit astellen, déi net déi héchste Qualifikatioun hunn. Et muss ee sech natierlech d'Software an esou weider uneegnen. Mä ech denken, dass dat am Sënn vun Insourcing éischter gutt wär.

D'Parkinge Centre ville an Haut fourneau: Dir hutt gesot, Här Liesch – dat war an der Finanzkommissioun net ugeschwat ginn, an och soss hunn ech dat bis elo nach néierens gesinn –, déi missen och mat der Diffkaart funktionéieren. Dat freet mech ze héieren, dass dorunner geschafft gëtt. Dat muss onbedéngt kommen. Well wann Der sot: „D'Diffkaart ass do, fir d'Leit un eng Geschäftswelt ze fideliséieren“, sinn dat déi zwee Parkingen, wou d'Diffkaart scho laang misst agefouert sinn. Op jiddede Fall muss dat esou schnell wéi méiglech kommen.

Voilà, dat gesot, si mir op deene Punkten, déi ech gesot hunn, kritesch agestellt. Eng Rei Punkten, wou et histeiert,

kënne mer och begréissen. Sou dass mir eis bei deem heite Vote enthalen, well et e Package ass vun all deene Saachen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Här Fred Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kollegeinnen a Kollegen, et gesäit een, datt d'Parken an den Auto dee gréisste Problem an eiser Gemeng ass, deen et ze léise gëlt.

(Ënnerbriechung)

An eiser Gesellschaft, am groussen Ganzen. Eis Stad ass e bëssen, mat den Autoen, Opfer vun hirem eegene Erfolleg. An all de Joren, wou mer an de Quartiere Residenze gebaut hunn, wou Déifferdeng ëmmer méi grouss ginn ass, och wat d'Awunnerzuel ugeet. Wann ee kuckt: déi Leit, déi d'Appartementer haut kafen, sinn net ëmmer déiselwecht, déi d'Garagen an d'Stellplazen an deenen Appartementshaiser kafen, well präislech vill Leit sech dat net kënnen leeschten, an d'Autoen da weiderhin op de Stroosse stinn. Dat ass e groussen Problem.

Mëttlerweil geet de Problem souwäit, datt d'Noperen an de Quartieren ënnert sech Sträit kréie wéinst de Parkplaze virun der Dier. Mir wäerten an deenen nächste Joren ëmmer méi domatter befaasst ginn.

Här Liesch, ech mengen, datt dat hei e bëssen en anere Problem ass. Dat hei huet keen esou richteg verstanen. Wann ech gesinn, datt d'Kommissioun praktesch unanime dogéint gestëmmt huet, war d'Kommunikatioun wahrscheinlech net esou gutt. Dir hutt Iech vläicht net genuch Zäit geholl, fir dat ze erklären. Haut an Ären Erklärungen ass e bësse besser eriwierkomm, wat gemengt ass. Ech mengen net, datt d'Leit an der Kommissioun et esou verstanen hunn, an och scho guer net d'Leit dobaussen.

3. Règlements communaux

Dir hutt jo gesinn, wat dat bei de Leit ausmécht, wa mer Biergerversammlungen haten, wann et ëm den Auto an d'Parkplaze gaangen ass. Mir hunn eis heiansdo driwwer geiergert: bei wichtige Projeten, wéi eis Stad soll weider wuessen, hate mer nëmmen e puer Leit do setzen, mä wann et ëm den Auto oder de Verkéier gaangen ass, war d'Bud esou voll, datt bal kee méi era-gaangen ass.

Déi Etüd, déi Dir ugeschwat hutt, ass richteg. Mä mat der Virgeeënsweis sinn ech net averstanen. Ech hätt dat anescht gemaach. Ech hätt fir d'éischt d'Parkhaier gebaut a Parkinge geschaaft, Alternative geschaaft. D'Demande vum Zentrum vun Déifferdeng ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An déi da gratis gemaach?

FRED BERTINELLI (LSAP):

Neen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah!

FRED BERTINELLI (LSAP):

... geschaaft an dann de Leit d'Méiglechkeet ginn, dohinner parken ze goen oder Parkplazen ze lounen. An de Joren, wou ech Verkéiersschäfte war, hate mer eng enorm Demande vu Banken, déi Parkplaze gelount hätte fir hiert Personal, well se effektiv keng Alternativ fonnt hunn, fir anzwousch parken ze goen.

Wat den Zentrum vun Déifferdeng ugeet, muss een dat dann och bis zum Schluss denken. Ech mengen, datt een an de Stroossen, an den Niewestroossen, déi mat der Vignette résidentielle fonctionnéieren, Här Liesch, an deene Quartieren dann och net méi den Disk sollt erlaben. Um Fousbann hu mer de Problem mam 1535 °C, datt praktesch dat ganzt Personal am Quartier Fousbann an deene Stroosse steet, wou d'Residente wunnen. Fir dass déi net riskéieren,

ee gepecht ze kréien, ginn déi och wéivill Mol den Dag iwwer den Disk dréien. Am ganze Quartier Fousbann. Sou datt do och e grouse Manque u Parkplazen ass. Ech mengen, dat hätt ee behuwe kritt mam grouse Parkhaus um Contournement, wou een deene Leit mat enger Diffkaart eng Méiglechkeet geschaaft hätt, eng Plaz ze lounen iwwer de Mount ewech. Da wär dee Problem geléist.

At ass en akute Problem an eiser Gemeng. Parkingen an dem Zentrum muss ee kucken. Vläch hu mer den Iesel vun hannen no vir gesuedelt. Mir fänke mol mat den Taxen un, an dann de Rescht, d'Alternativen. Mir schwätze vun Erneuerung vun de verschiddene Stroossen am Quartier, mä mir wëssen, wéi d'Leit sinn: wann een dann an der Strooss, zum Beispill, an der Alexanderstrooss oder an der Parc Gerlache ka gratis oder mam Disk parken, wäert den Zentrum sech no dohinner verleeën. Um Fousbann hu mer dat scho gesinn.

Wéi gesot, ech mengen éischter, datt dat hei net esou richteg verstane ginn ass, wat dat soll. Mä och wéi Nidderkuer, den Haneboesch: do hu mer dee Parking geschaaft, fir d'Camionnetten aus dem Zentrum, also der Stad ze huelen. Do hu mer e Parking gratis geschaaft, well dat och e bëssen de Wonsch vum Verkéiersministère war.

Och mir sinn der Meenung, datt et iergendwou am Zentrum awer nach e gratis Parking soll ginn. Dofir hate mer jo deen zweete Parking vun der ARBED gelount. Wa mer d'Parkhaus bauen, datt dee kéint dohinner kommen. Et ass eng ganz komplizéiert Geschicht. Dat kritt een net einfach mat enger Mesure hin.

Ech mengen, datt een dat vläch muss besser erklären. An d'Erklärung besser dozou ginn, datt d'Leit et och verstinn. An et muss ee kucken, datt d'Leit gläichgestallt ginn. D'Parke soll fir jidderen d'selwecht sinn. Zu Nidderkuer beim Spidol, zum Beispill, ass e Parking, deen d'Gemeng gebaut huet fir d'Aarbechter, déi do schaffen, déi e préférentiellen Tarif kréien. Mir hunn de Parking praktesch ewechgeholl fir eis Leit, déi op der Gemeng schaffen. Déi sinn elo forcéiert, op d'place des Alliés parken ze goen. Déi müssen dat dann aacht Stonnen, wéi se schaffen, bezuelen. Déi hu kee Parking préférentiel, ausser si

stationnement et les places de parking dans le centre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

demande si le stationnement aurait dû être gratuit.

FRED BERTINELLI (LSAP)

répond que non. Mais lorsqu'il était échevin, les banques demandaient des places de stationnement à louer pour leurs employés.

Par ailleurs, il trouve que dans les routes secondaires du centre, le stationnement avec le disque ne devrait plus être permis. Les locataires du 1535°, par exemple, se garent dans les rues du Fousbann et vont modifier le disque plusieurs fois par jour. Le grand parking du contournement aurait permis de résoudre ce problème.

Fred Bertinelli trouve que le collègue échevin met la charrue avant les bœufs en augmentant d'abord les taxes et en voyant le reste ensuite. Il est question de refaire certaines rues dans le centre. Si le stationnement reste gratuit dans la rue Alexandre ou dans la rue du Parc-Gerlache, c'est là que les gens iront se garer. C'est déjà ce qui est arrivé au Fousbann.

Fred Bertinelli rappelle qu'un parking gratuit a été aménagé pour les camionnettes à Niederkorn. Il estime qu'il faut aussi un parking gratuit à Differdange. Mais la situation est complexe et ne pourra pas être résolue avec une seule mesure.

Pour le moment, il est important d'expliquer le système et veiller à ce que tous les habitants soient traités de la même façon. Les employés de l'hôpital disposent par exemple d'un parking à tarif préférentiel, mais ceux de la commune doivent payer huit heures de stationnement sans tarif préférentiel à moins qu'ils n'aient une Diffcard.

C'est pourquoi les socialistes auraient commencé par créer des alternatives. L'étude suggérait d'ailleurs d'aménager de petits parkings dans les quartiers. Autour des résidences, les disputes pour les places de parking sont de plus en plus fréquentes. Et relativement peu de gens achètent à la fois un appartement dans une résidence, un garage et une cave. Ils ne peuvent pas se le per-

3. Règlements communaux

mettre. Ce problème doit donc être résolu différemment.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

fait partie du collège échevinal depuis 13 ans et il est bourgmestre depuis 5 ans. Contrairement à d'autres, il n'oublie pas ce qui a été dit au cours des différentes réunions. Il remercie M. Diderich pour son analyse critique. Il partage beaucoup de ses idées, mais parfois il faut prendre des décisions. Il remercie aussi M. Meisch, auquel il demande cependant de ne pas comparer le parking Bouillon en périphérie de Luxembourg-ville à un parking dans le centre de Differdange. Il est en revanche surpris de la façon dont les socialistes tournent les choses. La commission de la circulation n'aurait pas été suffisamment informée. La commission des finances, qui n'a pas critiqué les tarifs, n'est pas mentionnée du tout. Comme l'a dit M. Diderich, la politique doit essayer de donner une orientation. Dans cinq ans, la population dira si le collège échevinal est allé dans la bonne direction.

ALI RUCKERT (KPL) *répond que le collège échevinal ne fait qu'orienter le portefeuille des habitants. Et rien d'autre.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

réplique que la Ville de Differdange doit analyser ses revenus. Il ne pense pas qu'elle gagnera beaucoup d'argent. Il promet à M. Ruckert de lui donner les chiffres. Il est possible que des entreprises privées s'enrichissent avec les parkings de Differdange. Mais les parkings ne sont du ressort de la majorité actuelle que depuis cinq mois.

Pour ce qui est des alternatives, Roberto Traversini mentionne le système de location de vélos et la nouvelle ligne de Diffbus aux horaires étendus. Les habitants peuvent se rendre gratuitement dans le centre, à l'hôpital, dans les infrastructures sportives... Comment peut-on dire que le collège échevinal a mis la charrue avant les bœufs?

Roberto Traversini demande à ses collègues du collège échevinal s'ils se souviennent de qui a eu l'idée de demander cinquante centimes par

huelen d'Diffkaart. Wéi gesot, et ass e bësse méi komplizéiert wéi dat doten.

Mir sinn der Meenung, datt mer fir d'eischt ugefaangen hätten, Alternativen ze schafen. Sou wéi mer och gesot hunn, wat och an där Etüd stoung, datt ee sollt kucken, an de Quartiere kleng Parkingen ze schafen. Well mir gesinn, datt iwwerall do, wou d'Wunnquartieren explodéieren, wou Residenzen hi kommen, de Sträit ëm d'Parkplaz ëmmer méi grouss gëtt. A wann ee kuckt, wéivill Leit an de leschte Residenzen eng Parkplaz am Keller – doriwwer misst een och emol eng Kéier eng Etüd maachen – oder eng Garage kaf hunn, déi dann och d'Appartement kaf hunn, sinn dat der relativ wéineg. Déi gi vu verschiddene Leit, déi sech dat leeschte kënnen, opkaf, an duerno zu engem anere Präis verlount. Sou datt mer de Problem esou net geléist kréien. Merci.

Buergermeeschter Roberto Traversini (déi gréng):

Merci och. Ier ech dem Här Liesch an dem Här Ulveling d'Wuert ginn, wëll ech e puer Remarquë maachen, well ech déi lescht 13 Joer awer déi grouss Eier hunn, am Schäfferot ze setzen an dovunner fënnef Joer Buergermeeschter sinn, an ech mech awer ganz gutt kann erënneren, wat deemools an deene Schäfferëit gesot ginn ass. Dat ass meng grouss Stærkt vis-à-vis vun anere Leit, déi am Schäfferot souzen, well déi net méi wëssen, wat do gesot ginn ass.

Éischstens emol, Merci, Här Diderich, fir Är kritesch Analys an Iddien. Ech deele ganz vill Saachen, déi Der gesot hutt, mä heiansdo muss een Decisiounen huelen. Och dem Här Meisch Merci fir déi Analys, déi Der gemaach hutt. Vergläicht just net eise Parking mam Bouillon. Eise Parking ass matzen am Zentrum, an de Bouillon ass um Rand vun enger Stad. Dat ass e bessen aneschters. Mä ech mengen och, datt dat anert esou schnell wéi méiglech muss an Ugrëff geholl ginn. Déi zwee Parkingen.

Mech wonnert – dat wonnert Iech wahrscheinlech net –, meng Kollegee vun der LSAP, wéi Der dat elo dréit. Déi eng Kommissioun kritt d'Schold, well se vläicht net genuch informéiert ass, deelweis vläicht mat Recht. Iwwert d'Finanzkommissioun hutt Der guer net ge-

schwat. Do ass jo och net ofgestëmmt ginn. Do ass et iwwert d'Tariffer gaangen. Do huet kee gesot, datt déi ze deier wäeren. Dat ass an där Kommissioun net gesot ginn.

D'Politik ass do, fir ze steieren. Dat huet den Här Diderich ganz richtig gesot. An hei versicht d'Politik, ze steieren. Ob et richtig ass oder net, gesi mer dann a fënnef Joer. Da soen d'Leit eis, ob mer eis Stad an déi richtig Richtung gesteuert hunn.

ALI RUCKERT (KPL):

Dir steiert de Portmonni vun de Leit. Awer soss maacht Der net vill.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, ech soen Iech just, datt et nach net noweisbar ass. A mir maachen déi kritesch Analys. Et ass richtig, datt mer musse méi eng analytesch Analys maache vun de Suen, déi erakommen. Ech sinn awer bal iwwerzeegt, datt d'Stad Déifferdeng net vill méi Sue wäert erakréien.

(Ënnerbriechung)

D'Stad Déifferdeng wäert ënnert dem Stréch, mat dese klengen Augmentatiounen, net méi Suen an d'Keess kréien. Dir kritt dat. Ech verspriechen Iech dat, datt dat an d'Finanzkommissioun kënnt. Dir kritt am nächste Budget alles gesot, wat et kascht oder net kascht. Well ganz vill Sue ginn och an d'Reparatiounen. Dir hutt Recht, datt hei vläicht ganz vill Firmaen iwwert den Nieweverdéngscht ganz vill Suen an d'Täsch stiechen. Dat gëtt gekuckt. Ech muss awer och soen, datt deen heite Schäfferot eréischt fënnef Méint am Amt ass. An dat net an eise Ressorten ass, op alle Fall net a mengem. Mä ech hunn awer d'Verantwortung doriwwer.

Datt mer virdrun net ugefaangen hätten, Alternativen ze schafen, ier mer dat neit Konzept opgestallt hunn, ass falsch. Mir schaffen zënter zwee, dräi Joer un eise Vëlossystemer. Mir hunn zënter engem Joer e weideren Diffbus agefouert. Mir hunn zënter engem gudden Joer den Diffbus eng Stonn moies an eng Véirelstonn owes méi laang fuere gelooss. Mir

3. Règlements communaux

hunn eise Bierger a Biergerinnen d'Méiglechkeet geschafen, fir näischt, gratis an den Zentrum ze kommen, an d'Spidol, bei d'Sportsinfrastrukturen. Dat ass geschafe ginn.

Dofir kann elo keen hei soen, mir hätten den Iesel vun hanne gesuedelt. Dat ass ganz kloer.

An dann zu den Tariffer um Contournement. Ech weess net, ob meng zwee Kollegen am Schäfferot sech kënnen drun erënneren, wee mat der Iddi komm ass, fir de Parking Contournement 50 Cent d'Stonn ze froen. Kuckt Iech emol an d'Gesicht, a kuckt Iech an de Spigel, an da sot Der dat heibannen, wee mat där Iddi komm ass. An et ass och richtig, datt mer dat maachen. Mir müssen eis Geschäftswelt mat deem versichen, wat nach bleift, Här Ruckert, richtig. Mä et soll een och d'Saachen ni opginn. Dofir si mer der Meenung, datt mer och aner Schrëtt solle goen. Dat ass och e Konzept, wat mer eis duerch de Kapp goe gelooss hunn, wou Der dann herno beim 1535 °C nach Erklärungen dozou wäert kréien.

D'Politik steiert hei. A wann déi eng mengen, eng Stonn gratis wär näischt, an datt eis Bierger an der Mëttesstonn fir näischt parke kënnen: sicht hei am Land eng aner Gemeng, wou dat esou ass. D'Mëttesstonn kënnen d'Leit fir näischt heihinner parke kommen.

1535 °C ass ugeschwat ginn. Mir hu mat deenen 53 Betriber geschwat. An déi meescht si frou, wann hir Clienten, déi dohinner kommen, eng Parkplaz kréien. Vläch ass annerhallef Stonn net laang genuch. Da soll een doriwwer diskutéieren. An da soll een, wann ech gelift, hei soen: „Kommt, mir ginn op zwou oder dräi Stonnen erop“. Mir müssen et awer fäerdeg bréngen, datt bei de Geschäfte am Zentrum an op deene Siten, wou Aarbechtsplaze sinn, d'Clienten kënnen dohinner kommen an eng Plaz fannen. A mir fannen dat net, wa mer alles gratis maachen. Dat geet einfach net. Ech si wierklech dovunner iwwerzeegt. An d'Leit sollen den Diffbus huelen. Si solle mam Vëlo kommen. Si sollen ze Fouss kommen. An déi, wou dat net wëllen: 75%, huet den Här Liesch gesot, vun deenen, déi an de Parkhaier sinn, hu schonn d'Diffkaart. Déi hunn d'Diffkaart, an déi bezuele wierklech net vill. Dofir, wann ech gelift,

geheit eis dat net vir. An ech hätt gär en alternativt Konzept vun enger LSAP héieren. Ech hunn dat nach net héieren. E Parkhaus bauen: mir haten zesumme véier Joer Zäit, dat Parkhaus ze bauen. Véier Joer hate mer Zäit. Véier Joer hate mer Zäit, kleng Parkingen a verschidde Residenzen ze bauen. Mä et ass awer net esou einfach, an dat wësst Dir ganz genau, datt et net esou einfach ass. Datt et och e Grond gëtt, firwat mer nach net ugefaangen hu mam Parkhaus. Do ass et e Grond ginn. An dee Grond ass jo nach ëmmer do. Et ass jo net esou, datt mer dat Parkhaus net hätte wëlle bauen. Fir eis dat virzwerfen, wou mer dat zesummen hätte kënnen maachen, fannen ech op alle Fall net richtig an net fair.

Am grouse Ganzen ass dat hei eng Steierung. Et ass vläch net déi definitiv. Mä et ass op alle Fall eng, an d'Politik hëlt hei hir Verantwortung.

Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Dir hutt scho villes gesot vun deem, wat ech mer hei opgeschriwwen hunn. Ech kierzen e bëssen of. Ech wëll och fir d'éischt emol dem Här Meisch an dem Här Diderich Merci soen. Si waren déi eenzeg heibannen, déi eng analytesch Analys gemaach hu vun dëser Saach, a si hunn net probéiert, op iergendwelch Scoop-Effekter opzebauen.

(Ënnerbriechung)

Den Här Altmeisch huet jo nëmmen doropper opgebaut, an den Här Ruckert och, dass et hei drëms geet, dass an enger Kommissioun e Vote geholl ginn ass, deen unanime géint e Projet ass. Elo froen ech Iech alleguer, an den Här Ruckert huet d'Äntwert selwer ginn: „Wat seet Iech dann dee Vote?“ Mir wëssen, dass do eng Rei Leit dogéint waren. Dir wësst net, firwat. Dir hutt keng Argumenter, Dir hutt iwwerhaupt näischt. Et steet net an engem Rapport dran, well et keng Argumenter gouf. Hei huet eng Verkéierskommissioun sech e ganzen Owend Gedanke gemaach iwwer Finanzen. Woubäi zur selwechter Zäit eng Finanzkommissioun getagt huet, wou ech dann do war, déi sech mat Finanzen beschäftegt huet an zu engem ganz anere Resultat komm ass. Do muss ee sech

heure au parking du contournement.

En ce qui concerne le commerce, il ne faut pas baisser les bras.

Ceux qui pensent que le stationnement gratuit pendant une heure ou sur le temps de midi ne représente rien n'ont qu'à dire quelle autre commune fait la même chose pour ses résidents.

Pour ce qui est du 1535°, les locataires veulent que leurs clients aient des places de stationnement. Si une heure et demie n'est pas assez, il faut faire des propositions et en discuter. Ce qui importe, c'est que les clients puissent se garer à proximité des commerces. Or cela n'est pas possible si le stationnement est gratuit. Les gens peuvent se déplacer à vélo, en bus ou à pied. Les autres peuvent utiliser une Diffcard et payer moins.

Les socialistes n'ont pas présenté d'autres concepts. Ils ont eu quatre ans pour construire le grand parking. Mais ils savent pertinemment que ce n'est pas aussi facile. Ils connaissent aussi les raisons pour lesquelles le parking n'a pas encore été construit. Il est donc injuste de faire des reproches au collège échevinal actuel.

Le collège échevinal a décidé d'aller dans une certaine direction et a pris ses responsabilités.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) remercie M. Diderich et M. Meisch, qui ont essayé d'analyser la situation sans rechercher un scoop. (Interruption)

Georges Liesch rappelle que M. Altmeisch et M. Ruckert ont bâti leur argumentation sur le fait qu'une commission a voté contre le projet. Mais comme l'a souligné M. Ruckert, il n'y a pas d'argumentation dans le rapport. Tout ce que l'on sait, c'est que la commission de la circulation a discuté toute une soirée de finances pendant que la commission des finances a abouti à une autre conclusion. Certains membres devraient se demander s'ils ne se trouvent pas dans la mauvaise commission.

Cependant, il est vrai qu'il y a eu une erreur de communication. Les deux commissions se sont réunies en même temps. Georges Liesch a assisté à une des réunions. Malheu-

3. Règlements communaux

reusement, le secrétaire de l'autre commission était malade ce jour-là. Si Georges Liesch avait eu l'idée de rassembler les deux commissions, la commission de la circulation aurait peut-être fait son travail et pas celui d'une autre.

Avec leur scoop, les socialistes obtiendront peut-être la publication de quelques lignes dans le journal. Mais ils n'ont pas dit trois lignes sur la philosophie du système de stationnement. Seuls M. Diderich et M. Meisch n'ont pas cherché de scoop.

Le système de guidage vers les parkings a été lancé par l'ancien collègue échevinal. La commune n'attend plus que la livraison du matériel. De tels panneaux constituent des pièces de puzzle importantes dans la politique de stationnement. Il ne reste plus qu'à patienter quelques mois. Georges Liesch précise que ce n'est pas son projet, mais celui de son prédécesseur.

À aucun moment, le collègue échevinal ne s'est demandé comment augmenter les revenus de la commune grâce au stationnement. L'étude a démontré que la Ville de Differdange ne parvenait pas à exploiter le potentiel de ses parkings. D'où la modification des tarifs. Il est vrai que certains devront payer plus, mais uniquement s'ils travaillent dans le centre-ville et ne veulent marcher que cinq mètres. Les autres peuvent se garer 500 m plus loin pour une bouchée de pain. Bref, il est faux de prétendre que le stationnement augmente pour tous. Stationner coûtera plus cher uniquement pour ceux qui le veulent. Mais certainement pas pour les résidents, qui profiteront du nouveau système. Cela, personne ne l'a dit.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
approuve les propos de M. Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *re-vient sur la comparaison entre le tarif préférentiel et un garage. Si on loue un garage, on paie 150 € par mois, peu importe les besoins. Ici, si l'automobiliste trouve une place de stationnement, il ne paie rien. Autrement, il peut se garer dans un parking. Parallèlement, il existe un abonnement de 76 € pour le soir et les weekends. Quelqu'un qui part*

als Kommissioun, mengen ech, d'Fro stellen, wann een déi Kap opdeet: „A wéi enger Kommissioun sëtzen ech dann hei?“ Ech ginn Iech awer Recht, an ech huelen dat gären op meng Kap, dass hei e Kommunikatiounsfeeler, wéi den Här Bertinelli gesot huet, passéiert ass. Et waren zwou Kommissiounen zur gläicher Zäit. Ech war an där enger, an an där anerer sëtzt de Sekretär, deen hei zu Déifferdeng op der Gemeng fir Mobilitééssachen zoustänneg ass, deen awer krank ginn ass deen Dag. A leider, an ech huelen dat gär op meng Kap, hat ech net de Reflex an d'Iddi, kuerz, spontan, séier déi zwou Kommissiounen zesammenzeleeën an dat dann zesammen ze maachen. Wäre ech op déi Iddi komm, hätte mer dee Kommunikatiounsproblem, wéi Dir dat ganz richteg gesot hutt, wahrscheinlech geléist, a virun allem hätt d'Verkéiserskommissioun dann och vläicht hir Aufgab geléist an net probéiert, enger anerer Kommissioun hir Aufgab ze léisen, wou se dovunner vläicht manner versteet. Dat emol zu der Analys vun der Kommissioun.

Dir kënnt natierlech als Partei, als LSAP kommen a soen, Dir stëmmt géint e Projet wéinst engem Scoop-Effekt. Dir kommt domatter vläicht an d'Zeitung, kritt e puer Zeilen dran. De bonne guerre. Maacht dat doten. Dir hutt keng dräi Zeile geschwat iwwert d'Philosophie vun dësem Parkleitsystem, ob et iwwerhaapt eppes bréngt.

An déi zwee, déi dat gemaach hunn, hunn ech grad genannt, dat waren déi zwee eenzeg Riedner, déi ech héieren hunn, déi sech hei mam Thema beschäftegt hunn an net mat iergendwelleche parteipolitesche Scoop-Effekter.

Ech ginn eng Kéier duerch déi Froen, déi gestallt gi sinn. De Parkleitsystem ass gefrot ginn. De Parkleitsystem ass vum viregte Schäfferot op d'Schinn gesat ginn. E stoung dëst Joer am Budget. Virun dräi Wochen ass de Bong ënnerschriwwen ginn. Dat heescht, mir waarden eigentlech just nach op d'Material, an da ginn déi Panneauen opgeriicht, da ginn déi a Betrib. Déi wäerten also an deenen nächste Méint do sinn. Ech ginn Iech do ganz Recht, dass dat e Puzzlestéck ass vun enger gudder Verkéiserspolitik an enger Parkleitpolitik, wann een esou ee System huet, wann een an Déifferdeng erakënn: wou si Parkingen, wou si Saache fräi? Dat brauch een

haut, dat fënnt een an all Stad. An dat wäerte mer an deenen nächste Méint och hei zu Déifferdeng hunn. Dat ass net mäi Projet gewiescht. Dat huet mäi Virgänger an d'Wee geleet. An dee Projet ass tipptopp. Dee wäert an deenen nächste Méint realiséiert ginn.

An da wëll ech soen, dass d'Motivatioun, fir déi Ännerung hei ze maachen, zu kengem Moment war: „Wéi kréie mer elo méi Suen an d'Keess?“ Dat war ni d'Fro am Schäfferot, déi mer eis gestallt hunn: „Wéi kréie mer d'Tariffer elo esou gestalt, dass mer méi Suen an d'Keess kréien?“ Et war ëmmer nëmmen ee Sujet. Mir hunn eng Etüd, déi weist, a mir gesinn et jo och an der Realitéit, dass d'Parkplazen an Déifferdeng net esou dréien, wéi hiert Potential ass. An dat war déi eenzeg Motivatioun, fir e Steuerungseffekt ze kréien. Mir steieren natierlech iwwert d'Tariffer. An natierlech gëtt et fir verschidde Leit méi deier, awer nëmmen, wa se wielen, am Zentrum ze parken, wa se do schaffen a just fënnef Meter wëllen ze Fouss goe bis bei hiren Aarbechtsgeber. Da muss een eben deen Tarif bezuelen. Mä een, dee seet: „Ma nondikass, ech verdéngen net esou vill, ech sinn och bereet, 500 Meter ze Fouss ze goen, an da bezuelen ech bal näischt“, mécht dat. Also ass et net fir jidderee méi deier. Dat ass total falsch, wat hei gesot ginn ass. Et gëtt fir dee méi deier, deen dat decidéiert, an net fir jiddereen. A scho guer net fir eis Awunner. An doropper ass leider guer keen agaan-gen, wat mer hei maache fir eis Residenten, fir deenen entgéintzekommen, fir hei Parkplazen ze fannen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Très bien!

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

An och, wa gesot gëtt: „De Verglach mat enger Garage hinkt“. Do ginn ech dem Här Diderich an deem Punkt, obwuel seng Analys ganz gutt war, awer net Recht. Bei enger Garage bezuelen ech all Mount 150 Euro, ob ech se brauch oder net. Wéivill Stonnen ech se brauch, a wéivill Stonnen ech se net brauch, ass egal. Déi 150 Euro leeën ech all Mount op den Dësch. An dat sinn

3. Règlements communaux

der vill. Mat dëser Saach hei huet de Bierger d'fräi Decisioun: fannen ech eng Parkplaz, bezuelen ech vläicht guer näischt, fannen ech keng, huelen ech déi Optioun. Hei gëtt et keen Abonnement. Déi Zuel vu 76 Euro, déi ech genannt hunn, ass nëmmen, wann ee seet: „Ma dat dote maachen ech elo all Dag an all Weekend“. Mä en huet de fräie Choix. Déi Zäit, wou e mam Auto an der Vakanz ass, bezilt en natierlech näischt. Seng Garage bezilt en trotzdeem.

Et geet also hei drëm, dem Bierger d'Decisiounsfräiheet ze ginn a seng Finanzen vum Parke selwer kënnen ze steieren. Ech mengen, dass dat ganz nei ass, an dass dat awer wierklech vill wäert ass. An doriwwer ass an dëser Ronn hei de Moie leider wéineg geschwat ginn.

Den Ëmstieg op den Zuch, wat den Här Diderich gesot huet: déi Fro hu mer eis effektiv och gestallt. An ech verschweige guer net, dass mer um selwechten Niveau si wéi Dir, Här Diderich. Mir hunn och net déi richteg Solutioun. Déi Bedenken, déi Dir hutt, deele mer, wou mer soen: „Ass Déifferdeng mam Zentrum, mat deene ville Leit, déi mer hunn, déi richteg Plaz, fir e Parking Contournement ze maachen, wou een op Déifferdeng kënnt, fir dann op den Zuch oder de Bus ëmzeklamme fir an d'Stad?“ Mir hunn déiselwecht Bedenke wéi Dir. Op där enger Säit soe mer: „Mir wëllen d'Mobilitéit ënnerstëtzen“. Mir bauen e Parkhaus. Dat wësst Der. Och wa mer nach an der Reflexionsphas sinn, déi Decisioun fält awer elo an dësem Mount, wat fir ee Parkhaus mer bauen. Da bleift de Gedanken nach ëmmer, deen Dir och gesot hutt: „Ass et clever, fir e Parkhaus ze maachen am Sënn vun engem Parking Contournement, fir da moies an owes immens vill Trafic duerch eis Stad ze féieren, wou Leit dann op den ëffentlechen Transport ginn, wat dann erëm eng gutt Saach ass?“ Et ass also eng Medail mat zwou Säiten, déi net einfach ass.

Mir sinn tendenziell op der Iddi, ze soen: Musse mir dann zu Déifferdeng déi Léisung fannen, vu que dass eisen Terrain jo awer beschränkt ass an eis Mobilitéit déi ass, déi mer am Moment kennen? Ginn déi Léisunge Rodange, Belval, déi Dir ugeschwat hutt, net duer? Sinn déi net attraktiv? Musse mer net vläicht op de Wee goen, eis Stad clever ze verbanne mat deene Parkhaiser, dass

een also relativ schnell do ass an dann ëmsteige kann a vun deene Saache profitéieren?

Da wëll ech nach op e puer Saachen agoen. Et ass gesot ginn, mir géifen d'Päerd vun hanne suedelen. De Buergermeeschter huet elo schonn eng ganz Partie Saache gesot, wat mer eigentlech schonn an deene leschte Joren alles ëmgesat hunn, fir eng aner Mobilitéit hei zu Déifferdeng ze kréien. An dat heiten dréit jo och dozou bäi, dass mer eng aner Mobilitéit hei zu Déifferdeng wëllen. Mir hunn den Aquasud net ongewollt. Et ass net wéinst der Schwämm, wou mir déi Tarifstruktur vum Aquasud esou maachen.

Mir wëssen, dass den Aquasud eigentlech e ganz interessanten Ëmschlagpunkt ass fir Leit, déi zu Déifferdeng schaffen. Do ass d'CFL, do hutt Der Recht, déi nëmmen all hallef Stonn ass. Mä dat ass just eng Méiglechkeet. Den Diffbus ass beim Aquasud, de Vël'ok, e Fousswee vu 500 Meter duerch de Park, deen ee ka maachen. Mir hunn et elo fäerdeg bruecht, datt den T.I.C.E. bis bei den Aquasud fiert. Vum nächste Mount un dréit den T.I.C.E. um Arrêt vum Aquasud. Dat heescht, mir hunn also do e Punkt geschaf, wou eigentlech all Akteur vum ëffentlechen Transport, ausser dem RGTR, quasi do dréit. Dat waren déi Iwwerleeungen, déi mer gemaach hunn: Wéi kréie mer eng aner Mobilitéit an Déifferdeng? Wéi kréie mer d'Leit dozou, op déi Parkingen ze goen, déi op hire Besoin passen? Vum Tarif hier a vun der Durée hier?

Also ech kann eigentlech nëmme stauen iwwer verschidden Tournuren, déi hei gedréit gi sinn. Mä Dir musst Iech do natierlech an de Spigel kucken an ofstëmmen, wéi Dir mengt.

Nach eng lescht Saach, déi ech mer opgeschriwwen hunn, vum Här Meisch iwwert de 1535 °C. Déi Iwwerleeung war effektiv relativ spët nokomm. Beim 1535 °C hu mer eis déiselwecht Fro gestallt: „Soll mer dat net anescht ersinn, well et awer net direkt Zentrum Déifferdeng ass?“ Mä et schaffen awer 400 Leit am Moment do. Dat sinn der also relativ vill. Et kommen och do Leit op Besuch. An do stelle mer deeselwechten Abus fest, dee vun der Brötchentaste. Do gëtt et souguer Servicier, wou d'Leit d'Schlüsselen asammele ginn. Ech

en vacances en voiture ne paiera rien pendant cette période. En revanche, il serait obligé de payer le loyer de son garage. À l'avenir, les citoyens pourront donc gérer leurs finances liées au stationnement.

En ce qui concerne le train, le collègue échevinal partage les mêmes inquiétudes que M. Diderich. D'un côté, un parc de stationnement va être construit au contournement. De l'autre se pose la question du trafic qu'il va engendrer le matin et le soir. Le collègue échevinal se demande si la solution doit nécessairement se trouver à Differdange, où il y a peu de terrains disponibles. Belval et Rodange peuvent-ils suffire? Faut-il essayer de relier Differdange à ces parkings de manière intelligente?

Un conseiller communal a dit que le collègue échevinal mettait la charrue avant les bœufs. Le bourgmestre a répondu en partie à cette critique. Georges Liesch ajoute que le collègue échevinal souhaite une mobilité différente. C'est ce qui explique notamment la structure tarifaire du parking d'Aquasud. Ce parking est intéressant pour les gens qui travaillent à Differdange. Le train ne circule que toutes les demi-heures, mais il existe d'autres solutions comme le Diffbus, Vël'OK ou le parc. À partir du mois prochain, le TICE s'arrêtera aussi à Aquasud. Bref, tous les acteurs du transport public passent par ce site à l'exception du RGTR.

La question est de savoir comment faire évoluer la mobilité à Differdange et comment aménager des parkings adaptés aux besoins des gens.

Georges Liesch se dit surpris des commentaires faits par certains. Mais ces personnes doivent pouvoir se regarder dans la glace.

Le collègue échevinal s'est posé la même question que M. Meisch concernant le 1535°. En effet, il ne s'agit plus vraiment du centre-ville, mais 400 personnes y travaillent et des abus similaires à ceux de la «Brötchentaste» y ont lieu. On a même développé un service de stationnement. C'est fascinant.

Finalement, le collègue échevinal a décidé de limiter le stationnement à 90 minutes avec des horodateurs où il faut saisir le numéro de la plaque

3. Règlements communaux

d'immatriculation comme dans le centre-ville. En effet, il ne faut pas oublier que le parking de la place des Alliés se trouve à 200 m. Quelqu'un ne sachant pas si son rendez-vous durera plus de 90 minutes n'a qu'à se garer là.

TOM ULVELING (CSV) constate qu'il est question de luxe. Quiconque se rend dans une ville à l'étranger n'a aucun mal à marcher une dizaine de minutes du parking au centre. À Differdange, il est possible de traverser tout le centre en cinq minutes. Et voilà que l'on se plaint que c'est trop.

Tom Ulveling salue l'analyse faite par M. Diderich. Le règlement est censé être écologique et adapté aux besoins des consommateurs. Mais comme l'a dit le bourgmestre, les nouveaux tarifs ne vont pas renflouer les caisses de la commune. En revanche, la commune fait un beau cadeau aux automobilistes en leur permettant de se garer gratuitement pendant une heure en plein centre, ce qui n'existe probablement dans aucune autre ville du pays. M. Hartung a souligné tout à l'heure que le système des horodateurs était injuste auparavant puisque la première demi-heure de stationnement gratuit n'était pas comptabilisée si on stationnait plus longtemps.

Désormais, la communication est importante: il faudra expliquer clairement aux gens où se garer en fonction de la durée et du lieu.

M. Ruckert a dit que la commission de la circulation a voté contre les tarifs. Il devrait avoir l'honnêteté intellectuelle d'ajouter que la commission des finances a voté pour.

ALI RUCKERT (KPL) proteste. La commission des finances n'a pas voté pour.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) précise qu'elle n'a pas voté du tout. (Discussion)

ALI RUCKERT (KPL) ajoute qu'il y était.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) constate que la commission des finances a fait son devoir. (Discussions)

weess net, ob se eppes dofir froen, op jidde Fall gëtt et esou e Service, e Parking-Service. Et ass faszinant, gitt Iech dat emol ukucken. Firwat mer et awer schlussendlech gemaach hunn, firwat mer och beim 1535 °C op déi 90 Minutte ginn an där Horodateure mat den Immatrikulatiounsplacken do installéieren, ass einfach, well op 200 Meter d'place des Alliés ass. Dat heescht, wann een an de 1535 °C geet, an et huet een e Rendez-vous, wou een net genau weess – an do hutt Der jo Recht – Ginn 90 Minutten duer oder net?, ginn ech op d'Nummer sécher, an da ginn ech op 200 Meter op d'place des Alliés parken, an ech brauch mer kee Kapp ze maachen: „Muss ech no 90 Minutten erëm bei mengem Auto sinn oder net?“, an ech ginn 200 Meter ze Fouss. Dofir hu mer d'Decisioun geholl, de 1535 °C mat an déi Zon eranzehuelen. Dat ass d'Erklärung zu deem Punkt. Voilà, ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch.

Jo, Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Damen, Dir Hären, mir diskutéieren hei op engem héije Luxusniveau. Wann ech elo éierlech wëll sinn, a mir alleguerten éierlech wëlle sinn: wa mer an eng Stad am Ausland ginn, mécht et eis guer näischt aus, fënnef, zéng Minutte vun engem Parkhaus bis an den Zentrum ze goen. Hei kënne mer dee ganzen Zentrum a fënnef Minutte vun uewe bis ënnen duerchmarschéieren. An da fänke mer hei un, eis doriwwer opzereegen. D'Analys vum Här Diderich war ganz gutt. Mir hu versicht, hei e Règlement ze schafen, wat konsumenten- a geschäftsweltfrëndlech soll sinn. Dofir wollte mer déi Parkingsproblematik e bësse steieren iwwert d'Tariffer. Ech si ganz mat eisem Buergermeeschter d'accord, dass eis dat doten, absolut gesinn, net wäert vill méi an d'Keess bréngen. Well mer jo och e flotte Kado un eis Bierger gemaach hunn, dat war jo och an eisem Wahlprogramm, fir ze soen – an dat gëtt et, mengen ech, a kenger Stad hei am Land –, dass de Bierger

oder deen, deen heihinner kënnt, fir eppes ze kafen, eng Stonn gratis ka parken, matzen am Zentrum, ouni eppes ze bezuelen. Den Här Hartung hat et och scho gesot: et war virdrun net gerecht, dass een eng hallef Stonn konnt gratis parken, awer wann een eng Stonn wollt bleiwen, huet een déi hallef Stonn gratis net ugerechent kritt. Dann huet ee musen eng ganz Stonn bezuelen. An dat hu mer heimat erëm riichtgebéit.

Et ass ganz richtig, wat den Här Diderich gesot huet. D'Kommunikatioun wäert elo wichtig sinn. Wann dat heite bis a Kraaft ass, musse mer eise Bierger dat bildlech ganz kloer duerstellen, dass se direkt gesinn, en fonctioun vun der Zäit, wa se wëllen heihinner akafe kommen, respektiv hei stationéieren, wou se am beschte parke ginn, wou et fir si am allerbëllegste gëtt. Där Aufgab si mer eis bewosst. Wat mer och wäerte maachen.

Déi Kritik vum Här Ruckert, déi hei ugeklongen ass, dass an der Verkéierskommissioun d'Leit dogéint waren: do muss een awer och déi intellektuell Éierlechkeet hunn, Här Ruckert, ze soen, zemools wann een an der Finanzkommissioun ass, dass déi dofir gestëmmt huet.

ALI RUCKERT (KPL):

Neen, neen, elo geet et awer duer, elo zielt hei awer näischt Falsches. D'Finanzkommissioun huet net dofir gestëmmt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Si hu guer net gestëmmt.

(Diskussionen)

ALI RUCKERT (KPL):

Ech war do, an do ass näischt ofgestëmmt ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

D'Kommissioun huet hir Aufgab gemaach, a si huet iwwerhaapt ...

3. Règlements communaux

(Diskussiounen)

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Si war net dogéint. Entschëllegt.

ALI RUCKERT (KPL):

Si si just informéiert ginn, do war keng Ofstëmmung.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Richteg. An dat ass och genau richteg esou. E Vote aus enger Kommissioun: wat seet dat aus? Mir als Gemengerot hunn et dach vill besser. Mir kréien e Rapport, wou d'Bedenken, d'Kritiken an awer och déi Saachen, déi gutt sinn, dra stinn. Wat huet ee vun engem Vote? An Dir hutt et selwer herno gesot. Mir hunn hei e Vote, an Dir hutt deen nach eng Kéier auserneegeholl. An da sot Der: "Wat ass dann elo d'Argumentatioun?" An déi wësst Der net. Mä dat ass jo dat, wat zielt.

Mir mussen dach hei wëssen, wat d'Kommissioun gesot huet, an net, wat se votéiert huet. Dat ass totale Quatsch.

ALI RUCKERT (KPL):

Als Schäfferot hätt Dir jo kéinte bei d'Kommissioun goen an Iech emol iwwert deenen hir Argumenter informéieren. Dir hutt dat awer net gemaach. Dir hutt dat net gemaach. Et gétt och nach aner Leit am Schäfferot.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir hu gesot, datt do eppes schif gelaf ass.

Den Här Ulveling huet d'Wuert.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, also ech hu mech do falsch ausgedréckt. D'Finanzkommissioun huet sech net dogéint ausgeschwat. Dat ass awer wichteg.

Den Här Meisch huet d'Problematik vun der Kiermesplaz ugeschwat. Ech mengen, dat muss een am Kontext gesinn: éischstens si mer jo amgaange mat der Planung vun deem grouse Parkhaus. An zweetens wësse mer, dass mueres neierdénge e ganze Koup Leit heihinner an den Auchan schaffe kommen, fir keen ze nennen, déi dann déi Plaz komplett zousetzen. Sou dass aner Leit, déi wëllen heihin akafe kommen, keng Plaz méi hunn. Dofir hu mer gemengt, mir missten dat esou regléieren, wéi mer dat regléiert hunn.

Ech hat et scho gesot, ech si verwonnert, Här Ruckert, ech hunn elo extra nogooglegt: och zu Moskau muss ee bezuelen, wann ee parke geet.

(Gelaachs)

Dat ass also näischt Neits, wat mir hei aféieren.

ALI RUCKERT (KPL):

Firwat zielt Dir mir dat dann elo?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ma well Dir ...

ALI RUCKERT (KPL):

Sot mer dat emol.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ma, jo, ech zielen Iech dat.

ALI RUCKERT (KPL):

Russland ass esou e kapitalistescht Land wéi Lëtzebuerg. Ech hunn dach näischt domat ze dinn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ah sou.

ALI RUCKERT (KPL):

Ah jo.

TOM ULVELING (CSV) s'excuse.

ALI RUCKERT (KPL) *répète qu'il n'y a pas eu de vote.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

trouve qu'une commission doit remettre un avis. À quoi sert un vote s'il n'est pas argumenté? Le conseil communal doit savoir ce qui a été dit et non ce qui a été voté.

ALI RUCKERT (KPL) *réplique que le collège échevinal aurait pu s'informer des arguments. Or il ne l'a pas fait.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que le collège échevinal a déjà expliqué que tout ne s'est pas passé comme prévu.

TOM ULVELING (CSV) *constate qu'il s'est mal exprimé. La commission des finances n'est pas contraire aux nouveaux tarifs.*

M. Meisch a parlé de la place de la kermesse. D'un côté, un grand parking est en train d'être planifié. De l'autre, tous les matins, les personnes travaillant à Auchan occupent le site en question — empêchant ceux qui veulent faire les courses dans le centre-ville de trouver une place. C'est pourquoi le collège échevinal a décidé de réguler le stationnement.

Tom Ulveling vient de faire une recherche sur Google: il tient à informer M. Ruckert que le stationnement est payant à Moscou.

(Rires)

ALI RUCKERT (KPL) *ne comprend pas pourquoi M. Ulveling lui parle de cela.*

TOM ULVELING (CSV) *voulait l'en informer.*

ALI RUCKERT (KPL) *rétorque que la Russie est aussi capitaliste que le Luxembourg.*

TOM ULVELING (CSV) *faisait allusion au parti communiste.*

ALI RUCKERT (KPL) *a l'impression que M. Ulveling a raté quelques années.*

(Rires)

3. Règlements communaux

TOM ULVELING (CSV) *plaisante sur le fait que M. Ruckert a raté quelques décennies.*
(Rires)

Il se dit surpris du retournement de veste des socialistes. Il fait partie du conseil communal depuis 21 ans. Il se souvient du temps où les socialistes étaient contraires à l'aménagement de parkings. Heureusement, ils ont évolué et au cours des quatre dernières années, M. Bertinelli a aménagé beaucoup de places de stationnement. Aujourd'hui, il se plaint du manque de parkings. Quand on sait qui était échevin aux bâtisses, M. Bertinelli se tire une balle dans les pieds.

M. Altmeisch a calculé combien les prix ont augmenté. Tom Ulveling lui rappelle que les socialistes ont augmenté fortement les taxes en 2015. Soixante-deux minutes de stationnement sous la place de l'Hôtel-de-Ville coutent trois euros. Pour le même prix, on peut se garer presque toute une journée à Differdange. Tom Ulveling pense que Differdange est la ville la moins chère en matière de stationnement. Il est clair que l'opposition doit chercher des défauts. Tom Ulveling admet par ailleurs que la tarification n'est peut-être pas parfaite. Mais elle a une logique: ceux qui veulent stationner pendant une courte période peuvent le faire pour peu d'argent; les autres doivent payer un peu plus ou marcher 300 m.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *ajoute que dès qu'une heure est entamée, il faut payer l'heure entière. Si on part du parking à 4 h 55, on paie quand même jusqu'à 5 h.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *répond qu'une heure dure soixante minutes. Cela n'a rien à voir avec l'horaire. Les soixante minutes commencent à partir du moment où on arrive au parking.*

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech schwätze vun der Kommunistescher Partei ...

ALI RUCKERT (KPL):

Dat hutt Dir nach net matkritt. Dir hutt e puer Joer verschlof, mengen ech.

(Gelaachs)

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech mengen, Dir hutt e puer Jorzéngt verschlof, Här Ruckert.

(Gelaachs)

A menge sozialistesche Kolleege wëll ech soen: ech sinn e bëssen erstaunt iwwer hir Sinneswandelen. Ech sinn deen, deen am längsten hei am Gemengerot ass, iwwer 21 Joer. An ech ka mech un Zäiten erënneren, do hunn eis sozialistesche Kolleege géint d'Parkhaiser gestëmmt. Zum Gléck hu se do awer den Dréi fonnt. An ech muss och unerkennen, dass den Här Bertinelli an de leschte véier Joer, wou e Schäfte war, ganz vill Parkplaze geschafen huet, zum Wuel vun eise Bierger. Dat war gutt a richtig esou. Ech sinn awer e bëssen enttäuscht, dass en elo seet, mir hätte musse Parkhaiser bauen. Ech mengen, wann ee weess, wien de Bauteschäfte viru véier Joer war, schéisst e sech do an den eegene Knéi, bei allem Respekt.

Ech sinn och verwonnert: den Här Altmeisch zielt eis hei a Prozenter, wéivill alles méi deier ginn ass. Mä zu Esch hunn d'sozialistesche Kolleege 2015 d'Taxen erhéicht, an zwar ganz kräfteg.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah sou.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An ech wëll Iech soen, dass, wann een 62 Minutten am Zentrum, am Parkhaus Hotel de ville parkt, een dann 3 Euro bezilt. Ech mengen, dofir kann een hei zu Déifferdeng awer bal dee ganzen Dag

parken, deemno, wou ee parkt, respektiv véier Stonnen.

Sou dass ech fannen, dass dat net ganz konsequent ass, wat Der do als Argumentatioun opféiert. Mir si wahrscheinlech déi Stad am Lëtzebuerger Land, wéi ech scho gesot hunn, wou een am bëllegste ka parken. Dofir sollt een awer seriö bleiwen. Ech versti jo gutt, dass, wann een an der Oppositioun ass, een da Saache siche geet. Ech sinn och d'accord, dass vläicht, an dat hu mer jo och gesot, eis Tarifikatioun elo net ganz perfekt ass. Ech mengen, et ass awer e System hannendrun. An et ass eng Logik hannendrun. Et ass eng Steuerung, wat ech virdru scho gesot hunn, fir eben d'Leit dozou ze kréien, dass déi, déi kuerzzäiteg wëlle parke kommen, eng Méiglechkeet hunn, dat relativ bëlleg ze maachen. An déi, déi heihi schaffe kommen, müssen dann ebe leider entweder méi bezuelen oder a Kaf huelen, dass se 200 oder 300 Meter – dat muss een engem jo awer kënnen zoumudden – müssen ze Fouss goen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Ulveling.

Jo, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat huet d'Finanzkommissioun och am Rapport geschriwwen, dass déi Stonnen ëmmer voll geholl ginn. Wann een um fënnel vir an e Parkhaus geet, bezilt een déi ganz Stonn mat. Wann een um fënnel vir fënnel an e Parkhaus erafiert, bezilt een déi ganz Stonn vu véier bis fënnel anscheinend mat. Bon, den Här Liesch seet: „Neen“. Déi aner soen: „Jo“. Dat ass

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et ass eben eng Problematik, well dat net richtig verstane gëtt: eng Stonn heescht 60 Minutten. Dat huet näischt mat der Auerzäit u sech ze dinn. Et huet näischt domat ze dinn, ob ech um fënnel oder um véier erakommen. Et ass einfach eng Stonn. Wann ech um hall-

3. Règlements communaux

wer véier erafueren, gëllt 60 Minutte parken.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo, mä wann s de 63 Minutten hues, muss de zwou Stonne bezuelen. Dat wëll hie soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, jo, dat ass richtig. Dat ass eng ugefaange Stonn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ass awer iwwerall esou.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech war an der Mëttesstonn an der Coque. Do hunn eis Kleng Handball gespillt. Eng Stonn fënnf Minutte geparkt, siwen Euro. Just fir ze soen. 3,50 Euro d'Stonn op der Coque. Ronderëm de Spideeler net ze schwätzen.

(Ënnerbriechung)

Wou awer ganz vill Vertrieeder vun der LSAP dra setzen.

(Ënnerbriechung)

Jo.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Souzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mä dat si wahrscheinlech anerer. Här Altmeisch, ganz gär kritt Dir d'Wuert. Dir sidd jo oft ernimmt ginn.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech sinn oft zitëiert ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, eben.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech kommen zwar net heihinner, fir an d'Press ze kommen, Här Liesch. Dat ass net mäi But. Ech sinn hei, fir d'Interesse vun de Leit ze verrieden, an net, fir an d'Press ze kommen. Dat ass ganz kloer.

D'Parkproblemer: do sinn ech nach der Meenung, dass déi an d'Verkëierskommissioun gehéieren. Wee soll soss driwwer schwätzen? Eng Finanzkommissioun huet do kee Matsproocherecht. D'Parkproblemer sinn nun emol hei an der Gemeng a sinn en Deel vun den Tariffer an en Deel vun de Parkhaiser. Dat gehéiert menger Meenung no 100%eg an eng Verkëierskommissioun.

Wat ech gemaach hunn, a menger éischter Interventioun, war e Verglach mat de Präisser vun haut mat deene Präisser, déi op eis duerkommen. Dee litt net. Déi Prozenter, déi ech hei ausgerechent hunn, si richtig.

Wat natierlech ass: mir hunn haut och schonn eng Stonn gratis. Dat ass keng Neierung, déi d'nächst Woch, oder wann dat hei ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass falsch. Dat ass falsch, Här Altmeisch, wat Der sot. Falsch. Wou ass dann hei am Zentrum eng Stonn gratis op der Strooss?

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Da muss ech Iech et weisen, ech war Fotoe maache gëschter ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ronderëm de Park?

TOM ULVELING (CSV) réplique que si l'on reste 63 minutes, on doit quand même payer 2 heures. C'est partout pareil.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) confirme qu'il s'agit alors d'une heure entamée. Sur le temps de midi, il a assisté à une rencontre de handball à la Coque. Il a payé 3,50 € par heure, soit 7 € pour 1 h 5. Et c'est pire dans les hôpitaux autour, où de nombreux socialistes sont pourtant bien représentés.

TOM ULVELING (CSV) corrige le bourgmestre. Ils y «étaient» bien représentés.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) cède la parole à M. Altmeisch, qui a été interpellé.

GUY ALTMEISCH (LSAP) informe M. Liesch qu'il n'est pas conseiller communal pour finir dans la presse. Il représente les intérêts des gens. Par ailleurs, il trouve que c'est à la commission de la circulation de s'occuper des questions de stationnement. La commission des finances n'est absolument pas concernée.

Tout à l'heure, Guy Altmeisch a comparé les nouveaux tarifs avec les anciens. Les chiffres qu'il a avancés sont corrects.

Sans oublier que l'heure gratuite n'est pas nouvelle. Elle existe déjà aujourd'hui.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) proteste. Il demande à M. Altmeisch où on peut se garer une heure gratuitement dans le centre.

GUY ALTMEISCH (LSAP) a pris des photos hier.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande s'il les a prises autour du parc.

GUY ALTMEISCH (LSAP) voudrait répondre à la question.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) s'excuse de l'avoir interrompu.

3. Règlements communaux

GUY ALTMEISCH (LSAP) rappelle que l'on peut se garer gratuitement pendant une heure au Reggio et à Nei Déifferdeng.

(Interruption de M. Liesch)

Guy Altmeisch a précisé tout à l'heure qu'il parlait de Reggio et Nei Déifferdeng.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) admet que M. Altmeisch a raison.

GUY ALTMEISCH (LSAP) ne peut par ailleurs pas parler d'Esch-sur-Alzette. Il est conseiller communal de Differdange.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) pensait que M. Altmeisch parlait d'une manière générale.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond que s'il faisait partie du conseil communal d'Esch, il dirait exactement la même chose.

L'adaptation des taxes s'accompagne par ailleurs aussi d'une adaptation du règlement de circulation. En effet, à Oberkorn, dans la rue de Belvaux, la rue Boettelchen et la rue des Champs, la durée de stationnement passe de 3 heures à 90 minutes. Ce changement est illustré par un panneau de signalisation. Mais ce panneau n'est pas correct puisqu'il indique deux heures. Les gens doivent-ils se tenir au texte qu'ils ne voient pas ou au panneau? Guy Altmeisch passe à l'article 13. La page 12 contient le nouveau texte et la page 13 l'ancien.

Les articles 36 et 37 traitent de la rue du Travail et de la rue Woiwer. Le nouveau texte est le même que l'ancien. Le panneau est erroné.

Les socialistes demandent que le règlement soit retravaillé en raison des nombreuses erreurs et qu'une nouvelle version soit présentée au conseil communal.

FRED BERTINELLI (LSAP) ne comprend pas la réaction du collègue échevinal. Il a été question d'une étude. Par ailleurs, l'échevin responsable a lui-même reconnu que les explications n'étaient pas claires. Comment les citoyens peuvent-ils comprendre de quoi il s'agit si même les représentants écologistes

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ee Moment.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass falsch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Däerf ech äntweren?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, gär. Pardon.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci. An de Parkhaiser Reggio an Nei Déifferdeng ass haut eng Stonn gratis.

(Ënnerbrieuchung duerch den Här Liesch)

Ech hu jo a menger éischter Interventioun gesot: „Mir musse wëssen, dass och haut schonn eng Stonn gratis ass am Reggio an an Nei Déifferdeng“. Dat hunn ech genau präziséiert. Dat ass och haut schonn de Fall.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richtig.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Also gëtt dat keng Erneuerung. Ech kann net iwwert den Zoustand vun Esch schwätzen, ech si jo hei zu Déifferdeng am Gemengerot. Mech interesséiert a beweegt, wat hei zu Déifferdeng geschitt, an net, wat zu Esch de Fall ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hat geduecht, Dir géift matenee schwätzen.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Do hunn ech weider keng Méiglechkeet, fir am Gemengerot ze schwätzen, soss géif ech do och meng Meinung vertrie-den.

Da muss ech awer nach op eppes opmierksam maachen. Am Punkt 3a) ass d'Upassung vun den Taxen, mä do ass och nach eng Ännerung vum Verkéiersreglement dobäi. Eng Ännerung vum Verkéiersreglement, déi a Relatioun mat där Upassung vun deenen Taxenerhéijunge kënnt. Ech hu mer dat ugekuckt an hu musse feststellen, dass an den Artikelen 9, 10 an 11, déi d'Stroossen zu Uewerkuer rue de Belvaux, Boettelchen a rue des Champs behandelen, d'Parkzäit vun dräi Stonnen op 90 Minutte reduzéiert gëtt. D'Vignette fir d'Awunner behält onverännert hir Valeur. Déi Modifikatioun gëtt duerch e Libellé, dee mer hei virleien hunn, mat enger schrëftlecher Erklärung a mat engem neie Verkéiersschëld illustréiert. Leider ass dat Schëld falsch. D'Indikatioun vun zwou Stonnen um Schëld entsprécht net dem Text. U wat sollen d'Leit sech halen? Un den Text, dee se net gesinn, oder un d'Schëld, wat op der Strooss steet?

Da gi mer virun. Den Artikel 13 behandelt d'Situatioun an der Dicks-Lentz-Strooss. Op der Säit 12 vum Reglement ass deen neien Text mat Beschëlderung. D'Säit 13 weist deen alen Text. Och no laangem Siche fannen ech net den Ënnerscheed zwëschen al an nei. D'Verkéiersschëld an d'Verkéiersschëld, wat illustréiert ass, entsprécht alt erëm net dem Text.

D'Artikele 36 a 37 behandelen d'Situatioun zu Uewerkuer, rue du Travail a rue Woiwer. Op der Säit 34 a 35 vum Reglement ass deen neien Text mat Beschëlderung. Och hei ass keen Ënnerscheed zwëschen deenen zwee Texter ze erkennen. D'Schëld ass alt erëm falsch an entsprécht net dem Text.

Mir proposéieren, bedénkt duerch déi vill Feeler, d'Modifikatioun vum Reglement ze iwwerschaffen an dem Gemen-gerot eng verbessert Oplag virzestellen. Ech soen Iech Merci.

3. Règlements communaux

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Nach Wuertmeldungen?

Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wollt am Numm vun der LSAP äntweren. Ech gesinn net esou richtig, wou déi Entrüstung elo hierkënnt. Hei ass iwwert eng Etüd geschwat ginn. Ech mengen, hei ass geschwat ginn, wat de Schäfte selwer zouginn huet, datt en et vläicht schlecht erkläert huet, datt de Gros vun de Leit... Wann déi eege Leit an de Parteien, an der Kommissioun et net verstanen hunn, wou sollen dann d'Leit dat dobausse verstoen, wann een d'Erklärung ...?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir maachen eng Broschür.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Majo, da maacht dat. Wann d'Leit et domatter verstinn, ass et gutt. Mä da kann een awer net hi goen a soen... Ech wëll Iech just soen, datt d'LSAP et anescht gemaach hätt. Mir hätte fir d'éischt d'Parkplaz ... An ech fannen et skandaléis, wat Der gesot hutt, datt den Här Muller Bauteschäfte war, an dat Parkhaus elo nach net dosteet. Dat ass skandaléis, wat Der do gemaach hutt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, dat ass jo guer net wouer.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Da sot och net,...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, et ass jo net wouer, wat ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

... wa mer an d'Oppositoun ginn, dem Här Muller hei ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, dat hunn ech net gesot.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dat hutt Der gesot.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat hunn ech net gesot.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir hutt him ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat hunn ech net gesot.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Wéi wann den Här Muller schold dru wär, datt dat Parkhaus nach net géif do stoen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir sidd Spezialist dran, Saachen ze soen, déi déi aner net gesot hunn.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Neen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hunn dem Här Muller gesot, ...

au sein des commissions ne le savent pas?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
explique qu'une brochure sera faite.

FRED BERTINELLI (LSAP) *répète que les socialistes auraient d'abord aménagé des places de stationnement. Il trouve scandaleux que l'on reproche à M. Muller de ne pas avoir construit le parking.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
proteste. Ce que dit M. Bertinelli est faux.

FRED BERTINELLI (LSAP) *insiste.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répète qu'il n'a pas dit ce dont M. Bertinelli l'accuse.

FRED BERTINELLI (LSAP) *s'exclame que pour le collège échevinal, M. Muller serait responsable du fait que le parking n'a pas été construit.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
réplique que M. Bertinelli est spécialiste pour reporter des choses que les autres n'ont jamais dites.

FRED BERTINELLI (LSAP) *proteste.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
tente de s'expliquer.

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande aux conseillers communaux s'ils ont compris autre chose.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
rétorque que M. Bertinelli a mal compris, comme cela lui arrive souvent. Il a dit qu'il y avait des raisons au fait que le parking n'a pas été construit et qu'il soutenait M. Muller.

FRED BERTINELLI (LSAP) *répond que c'est bon.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répète que M. Bertinelli comprend souvent les choses de travers.

3. Règlements communaux

S'il veut le citer, il doit le faire correctement. Roberto Traversini a loué M. Muller.

FRED BERTINELLI (LSAP) *pensait avoir la parole.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *lui signale que c'est lui le bourgmestre et que c'est lui qui distribue la parole. Il demande à M. Bertinelli de le citer correctement.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *trouve que M. Traversini manque de style à cette occasion.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *lui demande de le citer...*

FRED BERTINELLI (LSAP) *l'interrompt. M. Traversini pourra lui répondre lorsqu'il aura fini.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *lui donne raison à condition qu'il ne mente pas.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *cite le bourgmestre: «Vous savez qui était échevin aux bâtisses ces dernières années».*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *constate que M. Bertinelli ne veut pas comprendre.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *suppose qu'il a mal compris. (Interruption)*

TOM ULVELING (CSV) *admet que c'est lui qui l'a dit.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *remercie M. Ulveling.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *répète que les socialistes auraient construit le parking avant d'adapter les taxes. Le parking du contournement doit être payant à condition qu'il existe des alternatives.*

Par ailleurs, Fred Bertinelli est convaincu qu'avec l'introduction des taxes, les automobilistes vont se garer dans les quartiers avec un disque.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Huet dann een et anescht verstanen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, Dir hutt et anescht verstanen. Wéi Der wahrscheinlech ganz oft Saachen anescht verstitt. Ech hunn dem Här Muller ganz genau gesot, et wäre Grënn do gewiescht, an ech hätt déi mat ënnerstëtzt, firwat d'Parkhaus nach net gebaut ginn ass.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ah sou, okay.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat hunn ech gesot.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dann ass et gutt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, et ass oft, wou Der vläicht eppes anescht verstitt.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

A wann Der mech zitëiert, zitëiert mech richteg. Ech hunn den Här Muller gelueft.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hat gemengt, ech hätt d'Wuert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An ech fannen et wichteg, ... Jo?

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hat gemengt, ech hätt d'Wuert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech si Buergermeeschter hei, an ech gi mir d'Wuert selwer. An ech soen Iech: "Zitëiert mech, wann ech gelift, ..."

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dat do ass awer kee Stil.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Zitëiert mech, wann ech gelift, ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Da waart, bis ech fäerdeg sinn, an dann äntwert Der mer.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, mä da sot keng Ligen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir hutt dat elo hei gesot: „Dir wësst jo, wee Bauteschäfte war déi lescht Joren“.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, entweder Dir wëllt verstoen oder net.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hunn et anescht verstanen.

(Ënnerbriechung)

3. Règlements communaux

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech hunn dat gesot.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Da wëll ech soen, datt d'LSAP et hei anescht gemaach hätt. Dat wëll ech hei bestätegen. Mir hätte fir d'éischt d'Parkhaus gemaach an dat anert kreéiert, ier mer un d'Taxe gaange wäeren. Et ass richteg, datt mer gesot hunn, datt um Parking Contournement muss bezuelt ginn, wann d'Alternativen do si fir déi Leit, datt se kënnen an d'Parkhaus goen, och déi Leit, déi do wunnen. Mir hunn och gemengt, datt een am Zentrum vun Déifferdeng... Déi Leit, déi eng Vignette résidentielle hunn... Well mir wëssen elo, wéi et geet. Dir wäert gesinn, Här Liesch, datt, wann déi Taxe kommen, d'Leit da mat den Disken an deene Stroosse stinn, wou elo Parking residentiel ass. Dee Problem kréie mer net esou einfach geléist. Dat ass e komplizéierte Problem.

An ech weess net, ob ech elo eppes gesot hunn, wat do schrecklech nei gewiescht wier oder schrecklech géint dat gewiescht wier. Ech hu gesot: „Den Här Liesch ass do net richteg verstane ginn“. A mir suedelen hei vun hannen op. Mir hätte mat de Parkhaiser ugefaangen, Alternativen, an duerno wiere mer un d'Taxenerhéijunge gaangen. Dir maacht deen anere Wee. Dat ass d'Meenung vun der LSAP.

A wéi dat hei geet mat de Kommissiounen: Wat ass dann hei en Avis vun enger Kommissioun wäert? Ass just den Avis vun der Ëmweltkommissioun eppes hei wäert, well mer do scho Saache vum Ordre du jour erofgeholl hunn, wann d'Ëmweltkommissioun net informéiert war? Hei schwätze mer vun enger Verkéierskommissioun, vun enger Finanzkommissioun, wou keen Avis virläit. A wann do gesot gëtt: „Do ass dogéint gestëmmt ginn“, zielt et net. Entweder zielt eng Kommissioun wéi déi aner, oder si sinn net all d'selwecht. Wann ech

gelift, et muss een awer wëssen, wat ee wëll.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg. An nach eng Kéier: Här Bertinelli, wa mer d'Parkhaiser virdru gebaut hätten, ier mer dat do gemaach hätten, hätte mer d'Parkhaiser da fir näischt zur Verfügung gestallt, oder hätte mer eppes gefrot?

FRED BERTINELLI (LSAP):

Mir hätten eppes gefrot.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma wat ass dann do den Ënnerscheid? Da sot mer, wat elo den Ënnerscheid ass.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech soen Iech den Ënnerscheid, Här Buergermeeschter. Ech zielen Iech vun der Vendeuse, déi beim Fischer schafft, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRED BERTINELLI (LSAP):

... déi elo net weess, wou se parke kann. Ech weess net, wéi wäit Der kucke gitt an eis Zone industrielle. Wann Der Iech kennt erënneren, hu mer Parking geschafen am Haneboesch zu Nidderkuer, wou mer souguer ënnerierdesch gebaut hunn, well mer gewollt hunn, à la longue, wann déi Zon sech esou ausbaut, datt mer do mussen e Parkhaus bauen. Gitt Iech dat emol ukucken, wat do de Moment steet. Déi Leit, déi moies de Bus huelen um hallwer siwen. Maacht dann déi Etüd. Wéivill Leit stinn dann zu Uewerkuer beim Fussballterrain, déi an d'Stad schaffe ginn? Den Här Liesch huet jo gesot, datt et jo den Zentrum ass, wou mer d'Leit wëllen hi kréien, datt se dee ganzen Dag op

En outre, il n'a rien dit de nouveau. Il a constaté que M. Liesch n'a pas été compris et que le collègue échevinal mettait la charrue avant les bœufs.

Pour ce qui est des commissions consultatives, seule la commission de l'environnement semble avoir de la valeur, mais pas la commission de la circulation et la commission des finances. La commission de la circulation a voté contre les nouveaux tarifs, mais cela n'a aucune importance.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

demande à M. Bertinelli si le nouveau parking aurait été gratuit s'il avait déjà été construit.

FRED BERTINELLI (LSAP) répond que non.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ne comprend pas où se trouve la différence.

FRED BERTINELLI (LSAP) cite l'exemple de la vendeuse de Fischer, qui ne sait plus où se garer.

Il rappelle par ailleurs qu'un parking souterrain a été construit dans le Haneboesch à Nidderkorn. M. Traversini sait-il combien de personnes s'y garent? Sait-il combien de gens prennent le bus le matin à 6 h 30? Sait-il combien de personnes se garent à Oberkorn pour aller travailler en ville?

3. Règlements communaux

M Liesch a dit que les automobilistes devaient se garer dans ces parkings pour se rendre ensuite dans le centre. Y a-t-il une étude à ce sujet?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond que non.

FRED BERTINELLI (LSAP) *lui demande de ne pas insinuer des choses qu'il ne sait pas.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
ne comprend pas ce que la construction préalable du parking aurait changé.

FRED BERTINELLI (LSAP) *lui demande où la vendeuse de Fischer doit se garer.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
rétorque qu'elle peut se garer pour 50 centimes par heure — voire 30 ou même 15 centimes si elle est disposée à prendre le Diffbus.

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande à M. Traversini s'il se souvient du règlement sur les camionnettes.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
s'en souvient et sait qui en a eu l'idée.

FRED BERTINELLI (LSAP) *rappelle que c'est grâce au LSAP que Differdange a fait un pas de géant en matière de places de stationnement. Aujourd'hui, il n'a fait que donner l'avis du LSAP. M. Traversini s'en montre indigné, mais de l'autre côté, il ne prend pas l'avis de la commission des finances ou de la commission de la circulation au sérieux alors qu'il est disposé à retirer un point de l'ordre du jour sur demande de la commission de l'environnement.*

Mis à part la présidente, tous les membres de la commission de la circulation ont voté contre la nouvelle tarification. Il n'y a donc pas de raison de s'en prendre au LSAP. Les socialistes auraient procédé autrement. C'est tout ce qu'ils ont dit. M. Traversini peut se montrer aussi indigné qu'il le veut.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
suppose que le stationnement au

deene Parkinge stinn. Gëtt et dann eng Etüd? Hu mer dat da gekuckt? Wéivill Leit ginn dann an d'Stad schaffen, déi dann op de Parking op Uewerkuer stoe ginn? Wësst Der dat dann?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Maja, Dir sot dat awer hei.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, ech hunn Iech eng Fro gestallt: „Wa mer elo d'Parkhaus gebaut hätten, ...”

FRED BERTINELLI (LSAP):

Wou geet déi Dame da parken? Wou geet se parken?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma si geet do parken, wou all Mënsch parke geet. Si ka fir 50 Cent ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Wou geet si da parken?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Si ka fir 50 Cent, respektiv fir 30 Cent parken, wa se den Diffbus hëlt.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir kënnt Iech erënneren ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Respektiv fir 15, Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir kënnt Iech erënneren, Här Buergermeeschter, wou mer dat mat de Camionnettë gemaach hunn. Dat war jo dat alleréisch, wat mer gemaach hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, weem seng Iddi war dat?

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wëll just soen, datt d'LSAP et war, datt mer hei am Verkéier déi lescht fënnel Joer e Quantesprong gemaach hunn, wat d'Parkplazen ugeet. A mir brauchen eis och do net beléieren ze loosse an deene Saachen. Ech wëll just d'Mee-nung vun der LSAP hei soen: „Mir hätten et anescht gemaach“. Datt Dir Iech elo esou entrüst, weist... An datt op eemol, wann een Avis vun enger Kommissioun... Wann et dann d'Ëmweltkommissioun ass, ass se esou wichteg, datt mer Saache vum Ordre du jour erofhuelen, mä wann et d'Verkéierskommissioun oder d'Finanzkommissioun ass, zielt et iwwerhaupt net. Wou ass dann deen Avis vun der Verkéierskommissioun? Dee läit jo net dobäi. Do si Leit, déi an der Verkéierskommissioun waren. Déi hu gesot: „Déi hunn integral, ausser d'Presidentin, dogéint gestëmmt“. Här Liesch, ech hu jo gesot am Ufank: „Dann hunn d'Leit et net verstanen“. Da geet et net, fir hei elo op d'LSAP ze klappen. Mir hätten et anescht gemaach. Dat ass dat Eenzege, wat mir wollte soen. Da geet et net, fir hei op d'LSAP ze klappen an ze soen, mir hätten de System... Den Här Muller hätt dat Parkhaus gebaut, an duerno wiere mer mat den Taxe komm. Dat ass dat, wat mir wëlle soen. An Dir kënnt Iech entrüsten, wéi Dir wëllt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, an an Dir hätt de Contournement nach fräi gelooss. An Dir hätt ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Jo.

3. Règlements communaux

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

A kënnt Dir Iech erënneren, wou Der gesot hutt: „Déi Leit vum Auchan ginn dohinner parken, d'Schüler ginn dohi parken, mir kënnen dat do net fräi loos-sen.“?

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ma wee war et dann, Här Buergermeeschter, deen de Parking siche gaangen ass bei d'ARBED, datt mer do kënnen stoen, wann dee Parking soll gebaut ginn?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass jo eng aner Diskussioun, Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Hu mer dann do net visionär geschafft?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma dat soen ech jo net, Här Bertinelli. Dir geheit alles an en Dëppen, oder Dir wëllt et net verstoen. Eent vun zwee.

(Ënnerbriechung duerch den Här Bertinelli)

Eent vun zwee. Neen, et mécht kee sech et einfach. Hei mécht kee sech et einfach. Mä kommt, mir bleiwen, wann ech gelift, bei der Wourecht. Deen ale Schäfferot huet deemools gesot: „Mir kënnen dee Parking net esou loossen, well d'Schüler vum Lycée dohinner kommen“. Mir géifen elo zum Vote kommen.

Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 5 voix non et 3 abstentions d'approuver la modification et l'adaptation du chapitre G-1 Stationnement du règlement-taxes.

Merci fir déi flott Ureegungen. Da komme mer zum nächste Punkt.

(Ënnerbriechung duerch den Här Altmeisch)

Duerno bei de Froen, wann Der wëllt. Beim Divers kënnt Der nach Froe stellen. Dat ass kee Problem.

(Ënnerbriechung duerch den Här Altmeisch)

Yes.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dat heescht, déi Leit, déi elo hei mat „Jo“ gestëmmt hunn, si sech bewosst, dass...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mär wäerten déi Adaptatioune maa-chen. Déi Panneau mussen richteg gemaach ginn. Mir kucke mat eise Ser-vice, datt dat adaptéiert gëtt.

(Ënnerbriechung duerch den Här Altmeisch)

Jo, dat sinn Adaptatiounen, Här Altmeisch.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Also wann de Computer vun der Gemeng géif funktionnéieren, hätt ech elo nogekuckt an der E-Mail, ob do vläicht esou Adaptatioune gemaach gi sinn.

(Diskussiounen)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir komme bei den nächste Punkt, Règlements temporaires de circulation.

Här Liesch.

contournement serait resté gratuit pour le moment.

FRED BERTINELLI (LSAP) répond que oui.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) rappelle que lorsqu'il était échevin, il avait prévu d'y rendre le stationnement payant pour éviter que les employés d'Auchan et les élèves du lycée ne s'y garent.

FRED BERTINELLI (LSAP) réplique que c'est lui qui a demandé à l'Arbed de mettre le parking à disposition de la Ville.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) trouve que cela n'a rien à voir.

FRED BERTINELLI (LSAP) s'est montré visionnaire.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) rétorque que M. Bertinelli mélange tout. L'ancien collègue échevin était d'avis qu'il fallait rendre le parking payant pour éviter que les élèves du lycée ne s'y garent.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe au point suivant.
(Interruption de M. Altmeisch)
Roberto Traversini lui signale qu'il pourra poser ses questions à la fin de la séance.
(Interruption de M. Altmeisch)
Roberto Traversini répond que les panneaux seront adaptés.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que si l'ordinateur de la commune fonctionnait, il pourrait vérifier si une invitation a été envoyée...
(Discussions)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe au point suivant, les règlements temporaires de circulation.

4. Projets communaux

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *remercie M. Altmeisch pour le travail méticuleux qu'il a fait. Cela démontre qu'il s'y connaît.*

Georges Liesch n'a pas eu le temps de tout noter. Il demande à M. Altmeisch de lui envoyer un e-mail avec les erreurs. Des erreurs peuvent survenir. Il ne peut que remercier ceux qui ont fait l'effort d'analyser le dossier. Il demande à nouveau à M. Altmeisch de lui noter les articles erronés. Autrement, le ministère ne validera pas le document. Les règlements d'urgence sont semblables à ceux des autres fois. Ils concernent des travaux devant les maisons. Il n'y a rien d'extraordinaire cette fois-ci.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *revient sur une adaptation du 1^{er} janvier 2018 concernant l'arrêt de bus à Oberkorn ayant été déplacé.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *demande si c'est celui du Parc des Sports.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *répond que oui.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *constate qu'il se trouve un peu plus haut.*

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *estime qu'il faudrait signaler plus clairement le déplacement. Autrement, les gens risquent de rater le bus. Le panneau indiquant le déplacement se trouve dans la cabine. Les gens risquent de ne pas le voir. Il faudrait aussi enlever le panneau avec les horaires pour ne pas confondre les gens.*
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passé aux devis. Le budget en comprend toujours beaucoup. Le collègue échevinal les présentera au fur et à mesure pour rendre le processus plus transparent.*

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Deen Dossier ass méi einfach. Ech wëll dem Här Altmeisch Merci soen, dass Dir déi akribesch Aarbecht gemaach hutt, fir dat duerchzegoen. Dat weist, dass Der vun der Saach eppes verstitt. Ech hu probéiert, déi Artikelen ze notéieren. Et ass mer awer e bësse séier gaangen. Ech géif Iech bieten, mer eng Mail ze maachen. Vläch mat deenen Artikelen, wou Der gesinn hutt, wou Feeler dra sinn, fir dass mer déi korrigéiere kënnen.

Ech mengen, Feeler passéieren. An ech sinn immens dankbar dofir, wa Leit sech déi Aarbecht maachen, fir déi Analys ze maachen. Ech muss soen: „Ech hu se gekuckt“. Mä ech hunn net dat Verständnis wéi Dir. Ech hunn déi Feeler net entdeckt. Dofir soen ech Iech Merci, dass Dir se fonnt hutt. Schreift mer d'Artikelen, déi Der fonnt hutt, dass mer déi Korrektur kënnen maachen. Dass d'Dokument och richtig ass. Well spéitstens vum Ministère géife mer e Retour kréien: do si Feeler dran. Da musse mer nach eng Kéier adaptéieren. Duerfir sinn ech ganz frou, dass Der déi Aarbecht gemaach hutt.

Elo zu dësem Punkt. Dat sinn eng Partie Règlements d'urgencen, wéi mer se ëmmer hei am Gemengerot hunn, wa Leit eng Ufro bei der Gemeng maachen, well se Aarbechten am Haus hunn, eng Stee mussen opriichten, wat och ëmmer. Et ass eigentlech näischt Spektakuläres dran. Ausser Dir hätt vläch Froen. Mä dat do sinn déi üblech Saachen, wat mer ëmmer um Ordre du jour hunn. Näischt Extraes.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich. Jo, ganz gären.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat huet méi mat där Adaptatioun ze dinn, déi Dir als Schäfferot den 1. Januar 2018 gemaach hutt. Déi Bushaltestell zu Uewerkuer, déi elo schonn eng Zäitche verschoben ass, e bësse weider. Ech wollt froen, ob dat elo ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Beim Parc des Sports?

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

E bësse méi erop.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

...méi laang esou soll bleiwen. Dat misst een, menger Meenung no, besser ausschëlderen. Well um Schëld steet nach ëmmer RGTR. Leit, déi de Bus fir d'éischte Kéier huelen, wäerte bei deem doten Arrêt stoe bleiwen. Bis se e Bus verpasst hunn. An da kucke se vläch e bësse weider. Dat anert Schëld ass iergendwéi mat engem Schnellspanner kromm un engem Luuchtepoteau festgemaach. Also dat ass alles anescht wéi attraktiv fir den ëffentlechen Transport. Dat Schëld hänkt net do, wou de Fahrplan ass, deen ass nach ëmmer do. D'Schëld, wat do hänkt, dass den Arrêt verschoben ass, ass am Arrêt, also an der Kabinn selwer. Dat gesäit net jidderen. Et ass e klengt A4-Schëld. Dat muss do sinn, wou de Plang ass. Dat dierft guer net méi do hänken, well de Bus kritt een net méi do. Soss veriert ee sech do.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mat deenen Adaptatiounen stëmme mer driwwer of.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Villmools Merci. De véierte Projet sinn d'Devisen. Am Budget si meeschtens ëmmer ganz vill Devisen dobäi. Dëst Joer waren et der net esou vill. Dat

4. Projets communaux

heescht, déi huele mer lues a lues no. Ech mengen, datt dat e bësse méi transparent ass. An datt ee pro Devis nach ka mateneen diskutéieren.

Här Ulveling, géift Der mam a) ufänken?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat sollt de Georges maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah, den Här Ulveling seet, Dir sollt dat maachen, Här Liesch.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Okay, gutt, do hate mer dann och e Kommunikatiounsproblem am Schäfferot. Dat ass awer net schlëmm. Deen éischte Punkt geet ëm den Zoning am Haneboesch, wou mer nach en Terrain hunn, hannert der Soclair, wou mer Betriber hunn, wou mer och schonn eng Selektioun vu Betriber gemaach hunn, déi wëllen dohinner kommen. Hei geet et elo drëms, dass mer ukomme mat deem Projet, d'Infrastruktuurarbechte vun dësem Zoning ze maachen. Dir gesitt an den Devisen all déi Käschten, fir den Accès, fir d'Kanalisioun, d'Waasser an d'Infrastruktur, fir dass mer do virukommen.

Ech ka vläicht drunhänken: et ass geschwënn eng Reunioun mat allen Akteure ronderëm deen Zoning, fir do Neel mat Käpp ze maachen, fir dass mer endlech de Betriber, déi mer erausgesicht hunn, d'Louse kënnen zouweisen, dass déi mat hirer Planificatioun ukommen, dass mer relativ schnell déi kleng Betriber dohinner kréien.

Et ass e ganz interessante Projet, well mer hei eng ganz Rei kleng Betriber kënnen usiedelen. D'Demande ass immens grouss. Dat hate mer am leschte Schäfferot gesinn, wéivill Leit sech do gemellt haten, fir eng Plaz ze kréien, wéi mer en Appel gemaach haten. Et deet engem dann heiansdo wéi, wann een net méi Terrain huet fir déi, déi ee gär géif huelen, mä et huet een net genuch Terrain. Dofir si mer frou, dass mer dat

klengt Stéck Terrain, et ass jo net riseg, elo kënnen amenagéieren, dass mer déi Betriber méiglechst schnell ënner Daach kréien an am Haneboesch e puer Betriber kënnen schafen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Just eng kleng Fro, Här Liesch. Besteet do ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, eng Sekonn.

(Ënnerbriechung)

Dir hutt d'Wuert, Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hu just eng Fro.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kee Problem.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech mengen net, datt et vill Diskussioun doriwwer gëtt. Ech wollt just froen, wéini déi Bauten ongefëier ufänken.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et géif Zäit ginn.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Wou mer do si bei deenen Etüden. Well déi Leit wëlle relativ schnell do eran. An och den Zoning ass gutt. Ech weess, datt déi Saachen heiansdo Jore kënnen daueren. Ob mer ongefëier wëssen, wéini déi Betriber kënnen ufänken.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Esou genau kann ech Iech dat net soen. Ech kann Iech just soen, dass den Här

Roberto Traversini cède la parole à M. Ulveling.

TOM ULVELING (CSV) propose à M. Liesch de les présenter.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) constate un nouveau problème de communication au sein du collège échevinal.

Le premier point concerne le zoning du Haneboesch derrière Soclair. Des entreprises veulent s'y implanter. Un premier choix a été effectué. Aujourd'hui, il est question d'entamer les travaux d'infrastructures pour les canalisations, l'eau, etc.

Une réunion avec tous les acteurs aura lieu prochainement afin d'attribuer les lots aux entreprises choisies. Celles-ci pourront alors commencer à planifier leur implantation.

Georges Liesch trouve ce projet intéressant, car il s'agit de petites entreprises. La demande est extrêmement forte. Le collège échevinal est parfois triste de constater qu'il ne dispose pas de suffisamment de terrains pour satisfaire tout le monde. C'est pourquoi Georges Liesch se réjouit de pouvoir aménager ce terrain-ci.

FRED BERTINELLI (LSAP) souhaite poser une question.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) lui demande de patienter.

(Interruption)

Roberto Traversini cède la parole à M. Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP) voudrait savoir quand les travaux de construction vont commencer.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) s'exclame qu'il serait temps.

FRED BERTINELLI (LSAP) demande où en sont les études, car les entreprises veulent s'implanter rapidement. Ce type de procédures peuvent parfois durer des années.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) n'a pas de réponse précise.

4. Projets communaux

Il sait que M. Krecké a prévu une réunion dans deux ou trois semaines avec tous les acteurs pour clarifier tous les problèmes. Parallèlement, les travaux d'infrastructure vont commencer. Les entreprises sauront rapidement quels lots leur seront attribués. La plupart ont déjà réalisé des plans de leurs locaux avec un architecte. Par conséquent, les travaux devraient avancer rapidement.

Les travaux d'infrastructure commenceront cette année. Ensuite, ce sera au tour des entreprises l'année prochaine. Mais Georges Liesch répète que rien n'est encore sûr.

ERNY MULLER (LSAP) a constaté que les plans prévoient 27 emplacements en périphérie.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) suppose que M. Muller parle d'emplacements pour les voitures.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle qu'il est question de sept entreprises. Mais lui, il parle des 27 places de stationnement. Le collègue échevinal en a-t-il discuté avec le propriétaire du restaurant et les entreprises déjà sur place? Tout le monde est-il satisfait de cette solution? Erny Muller rappelle qu'une route passe à proximité et qu'il y a aussi un parking.

GUY TEMPELS (CSV) signale qu'une zone verte sera préservée, ce qui est une bonne chose. Plusieurs petites entreprises vont s'implanter sur ce site. Elles créeront des emplois. Le seul problème à résoudre est celui des camionneurs. Il faudrait essayer de le résoudre avec ArcelorMittal. (Interruption)

Guy Tempels répète qu'il faudrait en discuter avec ArcelorMittal.

Krecké, deen de Projet jo e bësse cha-peronnéiert, an deenen nächsten zwou, dräi Wochen – den Datum steet iergendwou – eng Reunioun mat allen Akteuren huet, fir nach eng Kéier all déi Knackpunkten, déi et eventuell nach gëtt, ze klären. Parallel dozou fänke mer scho mat den Infrastrukturaarbechten un. Ech mengen, da kéint dat relativ schnell goen, dass d'Betribler zumindest emol gesot kréien: “Do ass elo definitiv Äre Lous”. Déi meescht vun deenen, wou ech elo weess, hunn eigentlech schonn intern mat engem Architekt dru geschafft, wéi hiert Gebai soll ausgesinn. Sou dass et eigentlech relativ schnell kéint goen. Also d'Infrastruktur-arbechte wäerten dëst Joer geschéien. An d'nächst Joer kéinten d'Betribler kommen. Sou géif ech elo emol soen. Mä neelt mech awer elo net fest. Dat wär plus ou moins, wéi ech d'Saach géif gesinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wëll ergänzen, ganz kuerz: ech hu gesinn op de Pläng, dass 27 Emplacementer solle gestallt ginn. Wann een alles zesumme kuckt. 27, déi net direkt bei den Entreprisë sinn, mä déi an der Peripherie sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah, Emplacementer vun den Autoen. Dir hat mer elo Angscht gemaach. Ech hu mer d'Fro gestallt, wou Der déi da fonnt hätt.

ERNY MULLER (LSAP):

Neen, siwen Entreprises, mini Zoning. Ech hunn elo net alles gesot. 27 Park-plazen. Meng Fro ass: Ass gekuckt gi mat deem Restaurant, deen do an der Géigend ass? Hat Der do och Kontakter? Arrangéiert dat jiddereen, all d'Betribler, déi do an der Géigend sinn? Well ech mengen, dat ass jo alternativ, et muss ee jo kucken. Wann dat net de Fall wär, misst een déi néideg Mesuren huelen.

len. Do ass jo och nach eng Strooss, déi dolaanscht geet, an esou weider. En plus ass nach e Parkhaus net wäit ewech.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat ass dat eenzeg, déi 27. Well et gesäit een heiansdo, dass ganz vill Autoen do stinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Eben, Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, dëse Punkt hate mer schonn hei um Ordre du jour. An de Kommissiounen ass zeréck behale ginn, dass eng Zone verte wäert erhale bleiwen, wou net drop wäert gebaut ginn. Wat eng gutt Saach ass.

Op dësem éischter klenger Site wäerte sech vill jonk Firmaen usidelen, wat eng Rei vun neien Aarbechtsplaze wäert mat sech bréngen.

Eng Saach, déi een trotzdeem an deem ganze Kontext misst kucken, ass, de Problem – ech hat et och schonn hei gesot – vun de Camionneuren, déi erof op d'Trägerlager fueren, vläicht zesumme mat ArcelorMittal ze léisen, dass dat e bësse méi propper do gëtt.

(Ënnerbriechung)

4. Projets communaux

Dofir hunn ech gesot: "Vläicht zesumme mat ArcelorMittal kucken". Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kritt alles mat, Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Wéi?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kritt alles mat.

GUY TEMPELS (CSV):

Voilà, dat war et schonn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent.

Madame Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Damen an Dir Hären, Madame, Dir Häre Schäfferot, Kolleginnen a Kollegen, Dir Häre vun der Press, zur Erweiderung, den Aarbechten an dem Devis vum Zoning „vor kurzen Hecken“. Et si siwe bis aacht net esou grouss Betriber virgesinn. Et ginn Aarbechtsplaze geschafen, ugegliddert un d'Aktivitéitszon Haneboesch zu Nidderkuer.

Mëtt den 80er Jore sinn déi éischt Plaze verdeelt ginn an der Zone d'activité Haneboesch zu Nidderkuer. Am leschten Drëttel vun den 80er hu sech déi éischt Betriber installéiert, an elo kënne mer soen: „Dës Zone d'activité Haneboesch huet sech während all de Joren, sou wéi et eigentlech virgesi war, zu engem erfollegräiche Projet entwéckelt“. Interessant fir de Client duerch verschidden Aktivitéiten, déi mer do virfannen: Artisanat, Automobil, Services, Commerce, Entreprises oder Producteurs.

Net interessant, awer direkt ugrenzend un den neien Zoning – ech erlabe mer, se hei unzeschwätzen –, ass déi Strooss vum Rondpoint bei de Logistikzenter vun ArcelorMittal. Si ass kee Bijou fir dës Zon. Den Zoustand ass der Gemeng bekannt. En Thema, wat schwéier an de Grëff ze kréien ass. Poubellë sinn opgestallt, si ginn eidel gemaach a si 24 Stonnen drop erëm voll. Plus dat, wat nach alles einfach an d'Crosnière flitt. Gratis lesse fir d'Raten, déi sech natierlech do ronderëm ausbreeden. D'Gemengeservicer botzen, wat riets a lénks läit, ginn zwëschenduerch nach eng Kéier botzen. Hëlleft et, wann – ech weess et net – d'Agents municipaux oder d'Gardeschampêtres méi oft do duerchfueren?

D'Demokratesch Partei proposéiert – ech weess och, dass déi Strooss ArcelorMittal gehéiert – Panneauen. Déi Strooss huet fréier ArcelorMittal gehéiert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Haut nach.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Haut nach, okay.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Leider.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

D'Demokratesch Partei proposéiert, Panneau wéi op der Autobunn opzestellen. D'Gréisst: à voir. Wou den Autosfuerer visuell motivéiert gëtt, zum Beispill, net ze drénken, wann e fiert, oder net ze séier ze fueren. Hie gëtt da visuell beléiert a motivéiert: "Wat maachen ech mat mengem Offall? Ah jo, e gehéiert an d'Dreckschëscht".

Et huet – wat jo positiv ass – eng gréisser Transportfirma Büro gelount am Haneboesch II. Business ass okay. Awer weider kee Parkingsterrain fir déi vill Camionen, sou dass am Moment riets a lénks an dëser Strooss vum Centre logistique geparkt gëtt.

CHRISTIANE SAEUL (DP) rappelle que sept à huit petites entreprises vont s'implanter dans le zoning «Vor kurzen Hecken». Cela permettra de créer des emplois.

Les premiers lots du Haneboesch ont été distribués au milieu des années 1980 et les premières entreprises se sont installées quelques années plus tard. Aujourd'hui, il est évident que le Haneboesch est un succès. La zone est intéressante pour les clients puisqu'on y trouve des entreprises actives dans les secteurs de l'artisanat, l'automobile, les services, le commerce, etc.

Christiane Saeul regrette en revanche la présence de la route menant au centre logistique d'ArcelorMittal. La commune connaît la situation. Les poubelles vidées sont à nouveau pleines 24 heures plus tard. Des déchets sont jetés dans la Crosnière. C'est les rats qui sont contents. Les services nettoient régulièrement sur place. Mais ne pourrait-on pas y envoyer plus souvent les agents municipaux ou les gardes champêtres?

Christiane Saeul sait que la route appartenait à ArcelorMittal.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) signale que malheureusement, c'est encore le cas aujourd'hui.

CHRISTIANE SAEUL (DP) ne le savait pas.

Les démocrates proposent d'y installer des panneaux comme sur l'autoroute motivant les conducteurs à ne pas boire, à respecter les limitations de vitesse et à ne pas jeter les déchets n'importe où.

Christiane Saeul rappelle qu'une grande entreprise de transport a loué des bureaux à Haneboesch II. C'est une bonne chose. Mais comme il n'y a pas de places de stationnement, les camions sont garés partout dans la route du centre logistique.

4. Projets communaux

Le DP approuvera les travaux et les devis.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

propose de se réunir à nouveau avec ArcelorMittal. Il faudra peut-être que le collègue échevinal hausse le ton.

SERGE GOFFINET (LSAP) *rappelle que cette discussion a déjà eu lieu il y a deux séances.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond qu'elle a lieu depuis quatre ans.*

SERGE GOFFINET (LSAP) *suggère d'installer quelque chose pour les camionneurs.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *propose des toilettes et des douches.*

SERGE GOFFINET (LSAP) *ajoute qu'ils devraient aussi pouvoir manger lorsqu'ils font leurs pauses. Les autres gens pourraient aussi en profiter.*

Par ailleurs, il faudrait que cette route passe sous la responsabilité de la commune. Les conseillers communaux savent bien à quel point elle est sale. Les quelques poubelles sur place débordent.

Il faut vraiment trouver une solution.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passé au cimetière. Il espère que les conseillers communaux ne devront pas y aller avant longtemps. Mais en attendant, il faut s'assurer qu'il est facilement accessible.

TOM ULVELING (CSV) *va traiter les deux points suivants ensemble. Il s'agit des chemins piétonniers des cimetières et des colombaires.*

Il rappelle qu'au cours des dernières années, deux morgues ont été rénovées. Ensuite, M. Flenghi et M^{me} Will ont vérifié chaque tombe pour s'assurer que tout est en règle. Le cas échéant, il a fallu retrouver les propriétaires et s'assurer qu'ils voulaient encore garder la tombe. Actuellement, des drones sont utilisés pour faciliter le catalogue.

En ce qui concerne la rénovation des chemins piétonniers à Differ-

D'DP stëmmt natierlech dës Erweiderung vun den Aarbechten an Devisen. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madame Saeul. Ech mengen, datt mer eis nach eng Kéier musse mat ArcelorMittal a mat der Economie un den Dësch setzen, fir do eng Léisung ze fannen. An ech mengen, datt een da vläicht muss e bësse méi haart schwätzen.

Jo, Här Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Virun zwou Sitzungen hate mer schonn eng Kéier driwwer rieds, fir iwwerhaapt ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Scho véier Joer.

SERGE GOFFINET (LSAP):

... eppes fir d'Camionneuren ze installéieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Toiletten an eng Dusch.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Toiletten a vläicht eng Iessgeleeënheet oder esou, wou se hire lafende Repos hunn, mat hiren Amplituden, wou se eben hir Paus maachen. Et ass vläicht och vun anere Leit notzbar. An dass mir vläicht deen Terrain oder déi Strooss kréien, an dass mir da responsabel sinn. Well do stinn X Leit. Dir wësst bestëmmt besser wéi ech, wat alles do ronderëm trëllt vun Dreck a Knascht. Déi zwou, dräi Poubellen, déi do stinn, lafen iwwer.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Yes.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Et wier flott, eng Léisung do ze fannen. An et ass och net sécher, fir do ze trëpelen. Dat ass schonn eng richtig Gefor. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir géifen zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les devis et plans relatifs aux travaux d'extension de la zone Haneboesch.

Exzellent. Elo gi mer op de Kierfecht. Hoffentlech huele mer eis alleguerten hei ronderëm den Dësch nach laang Zäit, bis mer do leien. Mä wann ee bis do läit, muss een och anstänneg dohinner kommen. Ass et esou, Här Ulveling?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen, Dir Hären, erlaabt mer, déi zwee nächst Punkte mateneen ze behandelen, well dat eent geet ëm d'Chemins piétonniers op de Kierfechter, an dat anert ëm d'Colombairen an nei Carreaux, déi mer an den Enceinteen op de Kierfechter wëllen installéieren.

An de leschte Joren hu mer ganz grouss Efforte gemaach. Éischtens emol sinn zwou Morguë renovéiert ginn. Dat ass ofgeschloss. A mir hunn eng Task force Kierfecht, wou ech vun dëser Plaz aus der Madame Will an dem Här Flenghi villmools Merci soe wëll fir déi Sisyphusarbecht, déi se do maachen, fir all Graf erëm nei opzehuelen, fir ze kucken, ob se en règle sinn an esou weider. Dat ass vill Schrëftverkéier, well vill Saache schonn zënter Jorzéngten ofgelaf sinn. An do muss een dann déi Leit erëmfannen, deenen dat Graf initialement gehéiert huet, fir ze kucken, ob se dat nach

4. Projets communaux

wëllen halen oder net. Mir hunn de Moment och e Projet lafen, wou Dronen iwwert d'Kierfechter fléien, fir déi ganz Katalogiséierung ze vereinfachen.

Ech wëll Iech elo deen Devis kuerz virstellen, fir d'Weeër nei ze maachen zu Déifferdeng an zu Nidderkuer. An enger éischter Phas hale mer d'Urgencë fest, wou et am néidegsten ass, et ze maachen. Fir emol unzekommen. Et ass wichteg, ze erwähnen, dass dat do just e Véirels vun deem ass, wat mer wäerte brauchen, fir dat Ganzt erëm an d'Rei ze setzen. Et si 50.000 Euro fir den Aménagement vun de Weeër um Kierfecht virgesinn.

Um Kierfecht Nidderkuer wëlle mer eng Extensiou maachen, riets hannen am Eck, wou mer nei Colombairë wëllen hi setzen. Zousätzlech wëlle mer och nei Colombairen zu Nidderkuer an zu Déifferdeng hi setzen. Dat ass en Devis vun 150.000 Euro. Ech wär frou, wann Der deem géift zoustëmmen.

Ech wëll och soen, dass mer amgaange sinn, iwwert en neit Konzept vu Colombairen nozedenken. An zwar denke mer do un Urnegriewer, déi eventuell kéinten a sougenannte Graflücken opgeriicht ginn. Ech fannen dat e bësse méi perséinlech, wann ee virum Graf steet, an et ass een alleng virum Graf, an et ass een net virum deene Colombairen, do stinn dann ëmmer 30, 40 Leit, an et weess een net esou richteg, ween zu weem gehéiert. Dofir si mer amgaangen, ze kucke mat eiser Task force, fir op dee Wee ze goen.

Ech wär frou, wann Der déi Krediter géift stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Si Wuertmeldungen? Här Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Damen, Dir Hären, ech war d'leschte Kéier zu Déifferdeng um Kierfecht. Do hunn ech déi Colombairë gekuckt an hu mat enger Dame geschwat. Déi huet mer eppes un d'Häerz geluecht, fir dat eng Kéier op der Gemeng ze soen. Um Site u sech, wou s de deem Doudegen dra setz,

wou zougemaach gëtt, hat si keng Méiglechkeet, eng Blumm dobäi ze setzen. Well een an der Rei u sech d'Méiglechkeet net huet an deem Sënn, fir eng flott Blimmchen dohinner ze setzen an domatter och ze personaliséieren, vun der Famill aus. Dat ass emol deen éischte Besoin, deen do ass.

D'Weeër zu Déifferdeng si wierklech plazeweis net ganz gutt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Katastrophal.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Mir hunn an déi zwou Morguen investéiert, déi ganz flott gi sinn. An dat muss och definitiv gemaach ginn. Dat mat der Dron hunn ech selwer gesinn, dat gëtt méi liicht. Ass dru geduecht ginn, fir un erhalenswäert Griewer ze denken? Dat vläicht och monumental festzeleeën. Well et jo awer trotzdeem e puer Griewer ginn, déi ee kéint restauréieren, wa kee méi duerno kuckt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir sinn amgaangen.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Sidd Der do amgaangen? Da wollt ech nach froen, wat bestëmmt schonn e puermol hei war: déi Affär Lasauvage, well de Lasauvager Kierfecht jo op franséischem Terrain steet. „Ass do eng Regel oder ass dat einfach normal, dass mir d'Fraisen iwwerhuele vun där anerer Säit?“ Wou ech net dogéint sinn. Beileiwen net. Mä wéi dat do geregelt ass, an ob do alles definitiv opgeschriwwe ginn ass, wat an der Zäit nach net war.

Da kommen ech erëm op d'Colombairen zeréck: ob Der do all Méiglechkeet ausgenutzt hutt, fir ze kucken, wat fir eng Méiglechkeeten et gëtt, fir esou Griewer ze maachen.

dange et Niederkorn, les travaux urgents seront réalisés dans une première phase. Cinquante-mille euros sont prévus.

Le collège échevinal souhaite ensuite agrandir le cimetière de Niederkorn pour y installer de nouveaux colombaires. De nouveaux colombaires sont aussi prévus à Differdange. Le devis se monte à 150 000 €.

Le collège échevinal réfléchit à la mise en place d'un nouveau concept: les tombes cinéraires. Pour Tom Ulveling, une tombe est plus personnelle qu'un colombar où se recueillent trente ou quarante personnes.

Il demande aux conseillers communaux d'approuver les crédits.

SERGE GOFFINET (LSAP) s'est rendu récemment au cimetière de Differdange. Une dame lui a fait une remarque concernant les colombaires: il n'est pas possible d'y déposer des fleurs.

Serge Goffinet ajoute que les chemins sont parfois en mauvais état.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) trouve qu'ils sont même catastrophiques.

SERGE GOFFINET (LSAP) constate que grâce aux investissements consentis, les deux morgues sont belles.

Serge Goffinet a vu les drones à l'œuvre et confirme que cela facilite le travail.

Le collège échevinal a-t-il pensé à dresser une liste des tombes à préserver?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que c'est en cours.

SERGE GOFFINET (LSAP) rappelle ensuite que le cimetière de Lasauvage se trouve sur le territoire français. Est-il normal que la Ville de Differdange règle tous les frais? *Serge Goffinet n'y est pas contraire, mais demande comment cela est régulé. En ce qui concerne les colombaires, il demande si le collège échevinal a réfléchi à toutes les options.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) explique que le cimetière de Lasau-

4. Projets communaux

vage appartient à la Ville de Differdange.

SERGE GOFFINET (LSAP) insiste sur le fait qu'il se trouve sur le territoire français.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) estime que la commune doit faire les investissements puisque le cimetière lui appartient.

SERGE GOFFINET (LSAP) est du même avis.

TOM ULVELING (CSV) signale qu'une «taskforce» a été créée pour s'occuper des cimetières. Avant on en parlait beaucoup, mais rien n'était fait. Maintenant, la commune agit. Les problèmes sont multiples: d'un côté, il y a des tombes dont les propriétaires ne veulent plus. De l'autre, il y en a dont on ne sait même plus à qui elles appartiennent. Certaines méritent d'être préservées et si la commune ne sait plus qui en est le propriétaire, elle s'en occupera elle-même.

La commune a aussi reçu des demandes d'acquisition de tombes. Lorsqu'une tombe est démontée, elle est stockée sur le site d'Efco par exemple et ceux qui le souhaitent peuvent l'acheter.

La commune a plusieurs idées et réfléchit à la meilleure façon de les mettre en pratique.

SERGE GOFFINET (LSAP) ne comprend pas bien quelles tombes sont remises en état. Des tombes vides ou installées?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond qu'il s'agit des deux. Certains tombeaux sont restaurés. D'autres sont enlevés quand il faut vider la tombe.
(Interruption de M. Goffinet)

TOM ULVELING (CSV) ajoute qu'il y a aussi des problèmes de sécurité. Certaines tombes risquent de tomber.

Ensuite, il faudra voir quoi faire avec les espaces vides: installer des bancs, planter des arbres, les remplacer par de nouvelles tombes...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Ulveling kritt direkt d'Wuert. De Kierfecht zu Lasauvage gehéiert eis, wéi den Här Schwachtgen sot.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Et ass eise Kierfecht op franséischer Säit.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass eise Kierfecht. An dofir mengen ech, datt mir och mussen dran investéieren.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass eise Kierfecht.

Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ware ganz pertinent Froe vum Här Goffinet. Mir hunn am Kader vun der Task force... Mir nennen dat esou. Et ass e bësse méi Power hannendrun. Fréier hu mer ëmmer nëmmen driwwer geschwat, dass ee misst eppes maachen, mä elo maache mer wierklech eppes.

Do sinn effektiv Problemer opkomm. Mir sinn elo amgaangen, dat alles opzehuelen. Op där enger Säit fanne mer Griewer, déi kee méi wëll, oder wou d'Leit soen: „Mir gi se zeréck“, an op där anerer Säit fanne mer Griewer, wou mer net wëssen, weem se gehéieren, oder wee responsabel ass. Wéi Der richteg gesot hutt: „Et sinn och ganz markant Griewer do“. An do hu mer decidéiert, dass mer déi markant Griewer, déi kengem gehéieren, a wou mer awer fannen, dass déi erhalenswäert sinn, wäerten an Zukunft ënnerhalen a botzen, kucken, dass déi an engem uerdentlechen Zoustand sinn.

Et sinn och Leit un eis erugetrueden, déi gefrot hunn, ob se net kéinte Griewer kafen, déi do brooch leien. De Site muss jo, wann d'Graf demontéiert gëtt, erëm an d'Rei gesat ginn. Mir hunn decidéiert, e puer Griewer ze halen. Wa Leit kommen, déi eventuell wëilten esou ee Graf huelen, kënnen se déi op d'Gemeng siche kommen. Mer wäerten dat zwëschestockéieren, am Efco, zum Beispill, dass se déi kéinten zu engem relativ gönschtege Präis kréien. Dass déi, déi keng Suen hunn, sech och e Graf kënnen leeschten.

Dat sinn emol déi Iddien, déi mer hunn. Wou mer amgaange sinn, driwwer nozedenken, wéi mer dat praktesch sollen organiséieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, Här Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech wollt just nach froen: Ass dat en installéiert Graf, wat Der an d'Rei maacht? Oder en eidelt Graf? Oder wéi wëllt Der en eidelt Graf u sech...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et sinn am Fong geholl déi zwou Saa-chen. Déi eng gi restauréiert. Wou mer fannen, datt wierklech, zemools hei zu Déifferdeng, ganz flott Gebaier do stinn. An déi aner Méiglechkeet ass déi, datt mer se ewechhuelen, an d'Leit kënnen se benotzen. Well mir musse se ewechhuelen, well d'Graf muss eng Kéier ganz eidel gemaach ginn.

(Ënnerbriechung duerch den Här Goffinet)

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

An deelweis sinn och Sécherheetsproblemer do, well Saache riskéieren, ëmzefalen. A wéi den Här Buergermeeschter gesot huet: „Et muss eidel gemaach ginn“.

Da si mer amgaangen, ze kucke mat deene Loftopnamen, wat een do kéint

4. Projets communaux

maachen an Zukunft, entweder Beem, Bänke setzen oder nei Griewer do usiedelen, wann een dann e puer Griewer an enger Rei zesummen huet. Dat si mer amgaangen, ze kucken. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Madame Richartz.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Et kann een nëmme begréissen, dass d'Weeër um Kierfecht nei gemaach ginn. Wat ganz néideg war. Et si verschidde Griewer, déi, wann ech mech net iren, ech si relativ oft um Kierfecht, vun engem Bildhauer vu Käerjeng gemaach gi sinn. Hutt Dir déi Griewer schonn erausfonnt?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Käerjeng hat et erausfonnt gehat, well mir hunn dat op enger schéiner Plaz. Mir hunn der awer nach.

Här Ulveling.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Jo, et sinn der awer nach. Dat ass ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi zweet Fro, Madame Richartz.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Neen, dat war just ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Okay.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Weeër an d'Fro vum Site.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma Dir kënnt Iech selwer Merci soen, andeems Der se duerno hei wäert stëmmen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir huelen d'Griewer op. Bei verschidde ass et bekannt, dass et vum Cito ass, bei anere wësse mer et net. Vun all Graf gëtt eng Foto maache gelooss. Et ass am Fong éischter eng Katalogiséierung, Archivéierung vun deene Saachen. E genau Repertoire vun all deem, wat Cito ass, hu mer de Moment nach net. Mä ech kann awer ureegen, dass een dat soll kucken.

Mä wéi gesot, wa mer net wëssen, weem säi Graf et ass, oder mir hunn en Doute, wee seet eis dann, ob dat Cito ass oder net? Wann et Leit gëtt, déi dat wëssen, solle se eis et soen, an da géife mer dat effektiv repertoréieren.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Jo, mä et war jo Cito, an dat ass op Käerjeng komm.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo. Do stoung et och drop.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Gär geschitt.

Här Schwachtgen.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

salut la rénovation des chemins des cimetières.

Elle va assez souvent au cimetière. Elle constate que plusieurs tombes ont été sculptées par Cito. Le collègue échevinal sait-il desquelles il s'agit?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que la commune de Käerjeng est au courant.

Quelle est la deuxième question de M^{me} Richartz?

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

n'a pas d'autres questions. Elle remercie le collègue échevinal pour la rénovation des chemins.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

lui répond qu'elle pourra se remercier elle-même en approuvant le projet.

TOM ULVELING (CSV)

ajoute que dans certains cas, la commune sait que les tombes ont été sculptées par Cito.

En fait, un état des lieux est en train d'être dressé avec une photo de chaque tombe. Mais la commune ne dispose pas d'un répertoire précis des tombes de Cito. Parfois, la commune a un doute.

Si quelqu'un sait de quelles tombes il s'agit précisément, il peut en informer la commune.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

répond qu'une tombe de Cito a été remise à la commune de Käerjeng.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

réplique que le nom du sculpteur figurait sur la tombe.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

ajoute qu'un monument funéraire peut être classé sur simple demande écrite. Certains monuments réalisés il y a longtemps par les gens riches méritent d'être conservés comme les pyramides.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

dit qu'il en sera question tout à l'heure.

GUY TEMPELS (CSV)

salut à son tour la rénovation des chemins piéton-

4. Projets communaux

niers dans les cimetières. Mais il faudrait aussi prévoir des travaux sur les chemins principaux. Ceux d'Oberkorn, par exemple, ne sont plus en bon état. Guy Tempels suppose qu'un budget est prévu chaque année pour ce type de travaux.

Pour ce qui est des colombaires, il demande s'il y en a assez dans les autres cimetières.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui. Il passe au vote.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

demande si les deux points seront votés ensemble.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que oui.

(Vote)

Roberto Traversini rappelle que les pompiers et les ambulanciers ont emménagé au Scheierhaff. Une inauguration officielle est prévue. Roberto Traversini communiquera la date exacte aux conseillers dès que le ministre Kersch aura pris une décision.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ma ech wollt just bemierken: E Monument funéraire kann een och klasséiere loosse.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Yes.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Duerch en einfache Bréif. Monumental Griewer, wéi se an der Zäit gebaut gi si vun deene Leit, déi e bësse méi räich waren, sinn heiansdo klasséierens-, schützenswäert als Monument fir d'Zukunft. Wéi d'Pyramiden.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat kënnt jo haut och nach um Ordre du jour, do hu mer dräi flott monumental Saachen.

Här Tempels, w.e.gl.

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir vun der CSV begreissen, dass d'Foussgängerweeër op deene genannte Kierfechter wäerten an d'Rei gesat ginn.

D'Hauptweeër misst een och vläicht an Zukunft an Aeschäin huelen. Zu Uewerkuer, wou ech Bescheed weess, si se deelweis net méi an engem ganz gudden Zoustand. Mä ech mengen, wa mer eis do all Joers e gewëssene Budget ginn, wäerte mer dat no an no an d'Rei kréien.

Zum Punkt 4c), zu de Colombairen, bleift eigentlech nëmmen nach eng Fro iwwreg. Déi aner si scho beäntwert ginn. Sinn de Moment op deenen anere Kierfechter d'Colombairen nach genuch oder ...?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GUY TEMPELS (CSV):

Dat war et, Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. D'Äntwert war „Jo“. Wa se net sollt gehéiert gi sinn. An da géife mer zum Vote kommen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Déi zwee mateneen?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kënne mer déi zwee mateneen huelen?

(Zoustëmmung)

Jo, Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à la réparation des chemins piétonniers dans les cimetières.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à l'installation de colombaires et de nouveaux carreaux.

Merci, zum nächste Punkt. Dir hutt jo matkritt, datt d'Pompjeeën an d'Ambulancierien op de Scheierhaff geplënnert gi sinn. Do wäert deemnächst eng offiziell Aweigung stattfannen. Soubal de Minister Kersch eis den Datum matgedeelt huet, wäert Der eng Mail vu mir oder vum Sekretär kréien, datt Der all dobäi sidd.

4. Projets communaux

Do ass elo Gott sei Dank eng Plaz fräi ginn, déi den CID néideg brauch.

De Rescht erkläert Dir, Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech si ganz frou, dass déi Lokaler endlech fräi gi sinn. Éischtens, well eis Pompjeeën an d'Rettungsdéngschter ganz flott nei Installatiounen um Scheierhaff kritt hunn. An zweetens, well, wéi Der jo all wësst, eisen CID aus allen Néite platzt. Wa mer relativ schnell weiderkomme mam Bau vun deem neie Lycée, wäerte mer déi Plaz och verléieren. Sou datt ech frou sinn, dass mer déi dotte Lokaler, wat jo keng kleng sinn, kënnen a Beschlag huelen. Et ass en Devis vun 150.000 Euro virgesinn.

Ech wëll ganz kuerz erklären, wat mer wëlles hunn. Mir wëllen do e puer Büroen ariichten. E puer Büroe fir den AIS Kordall, Büroe fir eis Leit am CID, e Konferenzsall, an d'Vestiarë wëlle mer vergréisseren, notament dass de Fraevestiaire méi wäit ewech ass vun de Männervestiaires, well déi hu praktesch cohabitéiert mateneen. Ech mengen, et wär besser, wann dat méi getrennt wär.

De Garage wäerte mer no vir huelen. Dat heescht, dee ganze Garage, deem hanne war, kënnst no vir. Dowéinst muss eng vun deene Paarte vergréissert ginn, well eis Poubellesween soss net erakommen. D'Pompjeeëswen si komescherweis erakomm. Mä de Poubelleswon net. Eng Porte coulissante steet dran. Dee ganzen Areal virum CID wäerte mer als sougenannte Parc fermé fonctionnieren doen. Dat heescht, do kënnst eng grouss Porte coulissante hin. An en zweeten Accès e bësse méi erof, do, wou d'Rettungsdéngschter waren. Et bleiwen nëmmen nach e puer Parkplaze fir de Public fräi. De Rescht gëtt alles gebraucht fir eis Camionen a Camionnetten, wou mer an der Lescht wierklech en Effort gemaach hunn, fir dass all Equipp hiert eegent Material huet. Dat musse mer natierlech ënnerstellen. Dofir wëlle mer dat zoumaachen.

Ech wëll och soen, dass mer dat esou konzipéieren, dass mer déi Porte coulissante, déi relativ héich ugesat ass, kënnen recuperéieren fir an deem neien CID, och déi Gelänneren an esou, et soll am Fong näischt à fonds perdu investéiert ginn.

Et soll versicht ginn, alles, wat méiglech ass, mat eriwwer ze huelen. Och all déi Saachen, déi mer elo brauchen, dee Pont, dee mer do wëlle kafen, wäerten duerno mat an deem neien CID geplënnert ginn.

Dir gesitt, dass mer eppes maache fir de Feieralarm. Dat Ganzt soll ëm déi 150.000 Euro kaschten. Et wäert och en Duerchbroch gemaach ginn, fir vun deem ale Gebai an dat neit ze kommen. Dat ass u sech technesch keng Schwierigkeit.

Ech wär frou, wann Der déi 150.000 Euro géift stëmmen, dass mer do ukommen, fir eise Leit, déi, et muss een et éierlech soen, an de leschte Joren e bësse vill gelidden hunn, e bësse besser Konditiounen ze erméiglechen, en attendant, dass mer mat der Planung vum CID, wou mer amgaange sinn, virukommen. Sou dass mer, wat ech jo hoffen, an dräi, véier Joer deem neien CID zu Nidderkuer kënnen aweien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, Kolleginnen a Kollegen, ech mengen hei si mer eis alleguer eens. Ech wollt emol fir d'éischt an déi Richtung goe vum Här Buergermeeschter, deem eis nach eng Kéier matgedeelt hat, dass eis Servicer, den Incendie an de Secours, vum 1. Abrëll un um Centre Gadderscheier zu Zolwer sinn. Mir wënschen hinnen alleguer, dass si sech do gutt aliewen, an dass hir wäertvoll Aarbecht am Interêt vun der Populatioun, zesumme mat de Servicer vun der Gemeng Suessem, hinne weiderhi vill Freed mécht.

Well eis Regiebetreiber bekanntlech aus allen Néit platzen, ass et séier wichteg, en Amenagement virzehuelen. Fir dës provisoresch Léisung, ier dann déi nei Ateliere fäerdeg sinn, ginn déi 150.000 Euro sënnvoll engagéiert. Mir hunn haut héieren, dass versicht gëtt, en Deel vun deem Material ze recuperéieren a

Le site, qui a été libéré, sera récupéré par le CID.

TOM ULVELING (CSV) salue le fait que les pompiers et les services de secours disposent enfin de belles installations. Deuxièmement, il se réjouit du fait que le CID pourra utiliser les anciens locaux. Le devis est estimé à 150 000 €.

Parmi les travaux prévus figurent l'aménagement de bureaux pour l'AIS Kordall et le CID et une séparation plus nette des vestiaires pour hommes et pour femmes. Le garage à l'arrière sera déplacé à l'avant du bâtiment. Une porte sera agrandie pour la benne à ordures.

Le site du CID fonctionnera comme parc fermé avec une porte coulissante et un deuxième accès où se trouvaient les services de secours. Le reste servira à stocker les camions et les camionnettes.

La porte coulissante et d'autres installations pourront être récupérées plus tard pour les nouvelles installations du CID. Il ne s'agira donc pas d'un investissement à fonds perdu.

En tout, 150 000 € sont prévus. Le devis comprend un système d'alarme incendie et un passage de l'ancien bâtiment vers le nouveau.

Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver le devis afin d'améliorer les conditions de travail d'employés qui ont pas mal souffert au cours des dernières années. Il espère que les nouveaux locaux à Niederkorn pourront être inaugurés dans trois ou quatre ans.

ERNY MULLER (LSAP) répète que les services d'incendie et de secours de la Ville de Differdange se trouvent au Scheierhaff depuis le 1^{er} avril. Il leur souhaite de bien s'intégrer pour qu'ils puissent exercer avec plaisir leur précieux travail ensemble avec la commune de Sanem.

Comme les locaux actuels des services de régie sont trop petits, il faut trouver une solution rapidement. La solution provisoire proposée aujourd'hui coutera 150 000 €. Une partie des matériaux sera récupérée pour Niederkorn.

Où en est la planification des nouveaux locaux à Niederkorn?

4. Projets communaux

TOM ULVELING (CSV) demande s'il y a d'autres questions.

GUY TEMPELS (CSV) constate que les locaux provisoires permettront d'améliorer les conditions de travail des ateliers communaux. Il s'étonne du prix de la porte. Mais celle-ci sera probablement réutilisée sur le nouveau site.

Lors de la planification du nouveau CID, l'architecte devrait prévoir des portes plus grandes dès le départ.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) est du même avis. Il passe au vote.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) rappelle que M. Ulveling doit répondre à une question.

TOM ULVELING (CSV) explique à M. Tempels qu'il s'agit d'un devis. Une soumission va être lancée. Ensuite, on saura combien coutera la porte. Le prix dans le devis se rapporte au parc fermé avec l'enceinte. M. Muller a demandé où en était la planification du nouveau CID. Un architecte est en train de réaliser le PAP.

Le collègue échevinal ne sait pas encore s'il conservera le site d'Efco ou pas. Ce site offre une grande capacité de stockage. Pour le moment, le collègue échevinal ne l'inclut pas dans ses planifications. Mais le cas échéant, le nouveau CID pourra être plus petit que prévu.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) s'en étonne.

TOM ULVELING (CSV) répond que la commune prévoit déjà en grand puisque les services de régie vont évoluer. Dès que les plans seront prêts, ils seront présentés au cours d'une réunion interne pour éviter les oublis.

FRANÇOIS MEISCH (DP) demande s'il est toujours prévu de construire le nouveau CID à Niederkorn.

mat eriwwer ze huelen an deen neien CID.

Eis Froen un deen zoustännege Schäfffen: Wéi gesäit et aus mam neien CID zu Nidderkuer? Wou si mer dru mat de Pläng? A wéi ass de Planning fir déi nächst Zäit? Ech soen Iech Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Sinn nach Froen?

Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, bis mer en neien CID wäerten hunn, kënne mer déi gewonne Plaz notzen, fir d'Aarbechtskonditiounen am Gemengenatelier ze verbesseren. Dofir musse verschidden Aarbechte gemaach ginn. Wat mech oder eis stéiert, schéngt den héije Präis vun der Paart ze sinn. Mä et ass jo esou virgesinn, krute mer elo grad erkläert, dass déi wahrscheinlech mat op déi nei Plaz wäert kommen.

Eppes géif ech eisem Bauteschäffe mat op de Wee ginn, wann en den neien CID plangt: dass en de Planungsbüro vläicht esou brieft, dass d'Paarten des Kéier direkt grouss genuch gemaach ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat wier net schlecht. Da géife mer zum Vote kommen.

GEMENGESekretär HENRI KRECKÉ:

Neen, den Här Ulveling huet nach eng Fro.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah, Pardon, ech hat dat net matkritt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll dem Här Tempels äntweren. Dat hei ass en Devis. Dat heescht, dat

gëtt jo elo ausgeschriwwen. An da musse mer kucken, wat déi Paart kascht. Mä mir hu gemengt, d'Paart mat der Enceinte, mam Gelänner, also mat deem Ganze ronderëm, als Parc fermé ze notzen.

Den Här Muller hat gefrot, wéi wäit mer mat der Planung sinn. Mir sinn amgaangen, e Plan d'aménagement particulier op deem Site ze maachen, zesumme mam Architekt. De Raumprogramm, wann een esou wëll, steet plus ou moins. Mir sinn amgaangen, ze kucken, wéi mer dat kënne gestalten, dass dat funktionell alles klappt.

Ee klengt Fragezeichen ass de Site efco, well mer net wëssen: „Behale mer deen oder net? Wäerte mer dee behalen iwwer laang Zäit?“ Well mer do jo awer risege Stockage hunn. En attendant plange mer emol esou, wéi wa mer deen net hätten. Sou dass een dann ëmmer nach ka méi kleng maachen, wann et souwäit ass, en attendant, dass mer déi ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da maache mer dee méi kleng.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo, ech mengen, mir plange souwisou schonn ze grouss, well mer jo wëssen, dass dat alles evoluéiere wäert, an dass och ëmmer méi Maschinnen, an esou, gebraucht ginn. Soubal mer d'Pläng hunn, wäerte mer Iech déi virstellen. An da wäerte mer och eng intern Sitzung maache vum Gemengerot, fir dat virstellen an ze kucken, dass, wa mer Saache vergiess hunn, mer dat dann direkt kënne maachen, ier mer et an de Conseil bréngen.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ass et nach ëmmer Nidderkuer?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

4. Projets communaux

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass nach ëmmer Nidderkuer. Dee Site ass fest. Et ass hannert dem Garage Collé. Dat ass fest, jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif aux travaux de réaménagement dans les anciens locaux du service d'incendie.

Merci. Den nächste Punkt geet ëm e Multisport.

Här Ulveling, Dir hutt d'Wuert, fir eis dat ze erklären.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et geet ëm zwee Multisporten. Een an der cité d'O, deen natierlech vum Promoteur bezuelt gëtt. Soss huet de Promoteur mussen eng Spillplaz opriichten, an ech muss soen: "Dat war net ëmmer déi beschte Qualitéit, déi mer do kritt haten".

Dofir hu mer eis an Zukunft als Mot d'ordre ginn, dass de Promoteur eng gewëssen Zomm muss bezuelen a mir d'Spiller opriichten.

Do kënnt, wéi gesot, e Multisport hi mat engem Spill fir Kanner vun 10 bis 16 Joer. Wat nach net genau definéiert ass. Mir wäerten och e bësse waarden, bis déi Aarbechten an der cité d'O méi wäit fortgeschratt sinn. Mä mir wollten awer elo deen Devis vun 100.000 Euro hei stëmmen loosse.

Dann hu mer de Problem nach ëmmer mam Plateau funiculaire, wou jo e Multisport ass, deen am Fong kengem richteg Multisport entsprécht. Wou immens vill Nuisancë si fir d'Awunner, well dee relativ no bei den Appartementshaier gebaut ginn ass. All Kéiers, wa mueres um siwen Auer schonn e Fussballmatch ugeet, falen déi alleguer-

ten aus de Better, well de Ball widdert d'Dénge flitt, widdert ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Gitter.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

...d'Gelänner. Dat mécht e fuerchtbare Kaméidi. Dofir wäerte mer dee ganz nei maachen.

Mir hunn eng provisoiresch Léisung fonnt gehat, well d'Leit sech beschwéiert haten, dass d'Bäll dauernd op hir Balcone kommen. Do hu mer esou eng Aart Fëschernetz driwwer gespaant. Dat ass just eng Bastelaarbecht. Mir wäerten dat nach esou maachen, wéi et sech gehéiert, dass dat och engem normale Multisport entsprécht. Dat wäert relativ schnell an Ugrëff geholl ginn.

Déi zwee Devisen zesumme sinn 190.000 Euro. An ech wär frou, wann Der och déi géift stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Et gëtt immens vill profitéiert vu Jugendlecher. Mä wat mer opfält um Multisport hannen an der Cité Breinfeld: et wier net schlecht, wann d'Ëffnungszäiten duerch Reglementer geregelt wieren. A wa se méi héich wieren. Well bei mir hannenaus si ganz oft Nuetsmatcher, déi daueren alt bis dräi Auer. Ech fanne se awer net um Fernseh, soss géif ech se do kucken. Mä dat mécht immens Kaméidi. Wéi virdru gesot ginn ass: "Wann déi mam Ball widdert déi hëlze Palissade knuppen, mécht dat immens Kaméidi". Eng héich Ëmzäunung an Ëffnungszäiten, déi reglementéiert wieren an och kontrolléiert géife ginn, géifen de Bierger wahrscheinlech gutt dinn, déi do am Quartier wunnen. Ech soe Merci.

TOM ULVELING (CSV) ajoute que le site se trouve derrière le garage Collé.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe à un terrain multisport.

TOM ULVELING (CSV) précise qu'il s'agit de deux multisports.

Le premier se situera dans la Cité d'O et sera payé par le promoteur, qui aurait dû aménager une aire de jeux. Tom Ulveling rappelle que la commune demande de l'argent aux promoteurs afin d'aménager elle-même les jeux.

Le terrain multisport en question est destiné aux enfants de 10 à 16 ans. Les travaux commenceront lorsque le chantier de la Cité d'O aura avancé. Le devis se monte à 100 000 €.

Le deuxième terrain multisport se situe sur le plateau du Funiculaire. Il occasionne beaucoup de nuisances aux riverains — notamment lorsque les enfants jouent au football à 7 h du matin.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) précise que le ballon rebondit sur le grillage.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'une solution provisoire a déjà été trouvée sous la forme d'un filet pour éviter que les ballons ne finissent sur les balcons en face. Mais d'autres travaux sont d'ores et déjà prévus.

Les deux devis se montent à 190 000 €. Tom Ulveling demande aux conseillers communaux de les approuver.

GUY ALTMEISCH (LSAP) voudrait que les horaires du terrain multisport dans la cité Breinfeld soient réglementés. Parfois, les jeunes y jouent jusqu'à 3 h du matin. Lorsque le ballon heurte les palissades en bois, cela fait un sacré bruit. Il faudrait une enceinte et des horaires d'ouverture.

4. Projets communaux

TOM ULVELING (CSV) avait oublié d'en parler. La porte sera manuellement fermée le soir et déverrouillée automatiquement le matin par un système électronique.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond qu'elle ne restera pas fermée longtemps.

TOM ULVELING (CSV) constate qu'il faudra réfléchir à la question. La commune pourrait fixer un règlement uniforme pour tous les terrains multisports. Ensuite, il s'agira de veiller au respect de cette réglementation.

GUY ALTMEISCH (LSAP) rappelle qu'il a aussi été question de surveillance vidéo autour des écoles. Après tout, un verrou n'est efficace que tant que quelqu'un ne le casse avec une pince. En tout cas, limiter les heures d'ouverture constitue un premier pas dans la bonne direction.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) se souvient que quand il était petit, il jouait dehors. À l'époque, les enfants n'avaient pas besoin d'aires de jeux. Ensuite, les aires de jeux sont arrivées. Et aujourd'hui, on repousse les jeunes dans des ghettos un peu comme dans «West Side Story». La commune leur offre la possibilité de se défouler parce qu'ils n'ont pas assez de place dans les appartements.

L'étape suivante consiste à clôturer ces ghettos pour éviter que le ballon n'aille trop loin.

Frenz Schwachtgen ajoute que sur ces terrains règne la loi du plus fort. Quarante personnes attendent que les six ou sept qui jouent rentrent chez eux. Et si des plus grands arrivent, les autres s'en vont pour le pas se faire tabasser.

Enfin arrivent les habitants — le terrain multisport était là avant — qui achètent un appartement en connaissance de cause. Et voilà qu'ils se plaignent du bruit. Du coup, la commune ferme le terrain multisport ou ne l'ouvre qu'une heure par jour.

Dans une ville devenant de plus en plus étroite, la commune doit trouver de la place pour les enfants et les

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat hat ech vergiess ze soen. Et gëtt och esou gemaach, dass d'Dier entweder zougespaart gëtt oder e System mat Schloss, wou dann eréischt ab enger gewëssener Stonn automatesch opgeet. Et muss een natierlech kucken, well owes geet se net vum selwen zou. Dat heescht, da misst een owes ee schécken.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi bleift och net laang zou.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et muss ee kucken, wéi een dat mécht.

Et ass e Problem, ech sinn d'accord. Och vu Leit. Wee mécht et? Wéini maache se et? Mer missten eis vläicht eng Kéier en uniformt Reglement ginn, fir ze soen, wéi laang déi Multisporten der Ëffentlechkeet zougänglech sinn, a wéi laang net. An da misst een och kucken, wéi een déi Reglementatioun kéint gewäerleeschten, dass déi agehale gëtt. Mä Dir hutt ganz Recht.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Et ass eng ganz wichteg Saach. Mir müssen och drop oppassen, mir haten eng Kéier rieds vu Kameraiwwerwachungen am Raum vun de Schoulen, an esou virun. Do kéint een dat och mat an d'A faassen. E Schloss ass ëmmer nëmmen dat wäert, bis deen Éischten em mat der grousser Zaang begéint. Mä et ass awer eng gutt Initiativ, wa mer déi Terraine méi héich maachen an den Usage limitéieren. Et ass op d'mannst emol en Ufank, fir dat Ganzt e bëssen an de Grëff ze kréien. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech stelle mer bei de Multisporten eng generell Fro, och als fréieren Enseig-

nant. Do haten eis Kanner Plaz, fir dobaussen ze spillen. Mir hunn theoretesch keng Spillplaze gebraucht. Duerno si Spillplaze komm. Déi ware schéin. Mir haten och eng Spillwiss dobäi. Déi war och schéin. Lues a lues zéie mer eis an e Kanner- a Jugendghetto zeréck, schéin agezäunt, wéi mer dat aus schwartz-wäisse Filmer kennen, West Side Story an esou virun, wou déi Jugendlech, an net nëmmen déi Jugendlech, mä och jonk Männer, bis an e gewëssenen Alter, sech defouléiere kommen, well se keng Plaz méi hunn, well se an Appartementer wunnen an esou weider an esou fort.

A lues a lues ginn dann déi Ghettoplazen, déi Anzäunung, wou mer eis Jugend an eis Kanner schécken, déi gutt ofgeschiermt sinn, dass de Ball net ze wäit flitt, éischstens quasi nëmme fir eng Sportart gebraucht bei eis. Zweetens gëlt la loi du plus fort. Dir kënnt dat emol eng Kéier zu Uewerkuer um Funiculaire kucke goen. Do sätze 40 Leit a Kanner. Also et spillen der sechs oder aacht, an et sätzen der 40 ronderëm ze waarden, dass déi eng Kéier heem ginn. A wa méi Grousser a méi Staarker kommen, geet déi Equipp vum Terrain, ganz brav, well se der soss op d'Schnëss kréien.

An da kommen déi berühmt Awunner, déi duerno dohinner komm sinn. Well et muss ee soen, um Funiculaire war fir d'éischt de Multisport do, souwäit ech mech erënneren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, ganz richtig.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Duerno ass ganz no dobäi gebaut ginn. Duerno hunn d'Leit, en connaissance de cause, dass se bei engem Multisport géife wunnen, en Appartement do kaaft. Duerno reegen déi Leit sech op, dass Kaméidi ass. Duerno maache mer de Multisport eventuell zou oder just eng Stonn am Dag op, fir dass, wann déi Leit dann owes heem kommen, se roueg sinn.

Dat ass e generelle Problem. A mir müssen eis bei eiser ëmmer méi grousser an

4. Projets communaux

ëmmer méi enker, erstéckender Stad, iw-werleeën, wou mer fräi Raim fir eis Kanner, fir eis Jugend an och fir eis selwer kënnen halen. Mer kënnen se natierlech op de Bierg féieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dohi geet keen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Mer mussen kucken, wéi mer dat fäerdeg bréngen. Et ass ze héich an ze ermid-dend.

Mä der Jugend alleng d'Schold ze ginn, wa Kaméidi ass, oder wann e Ball ze wäit flitt: et deet mer leed, dat ass ganz normal.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Oh, wéi wouer ass dat.

Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Als CSV begrësse mer de Bau vu Spill-plazen a fannen et och eng gutt Saach, datt mëttlerweil de Promoteur déi net méi opstellt, mä de Promoteur eis d'Su-en zur Verfügung stellt, datt d'Gemeng dës Spillplaz baut. Sou ass sécherge-stallt, datt mer uerdentlech Spillplaz mat uerdentlechem Material kréien.

Den Här Ulveling huet elo gesot: „Et gëtt nom Material gekuckt, et ginn Net-zer driwwer gespaant, datt de Ball eben net méi bis an d'Noperschaft flitt“. Wa mer vun den Öffnungszäite vun de Spill-plaz schwätzen, ginn ech Iech deelweis Recht, dass et Sënn ka maachen. Da muss een awer och d'Säit vun deene Jonke kucken an iwwerleeën, wou si dann nach kënnen ëm gewëssen Auer-zäiten hi goen. Caféeën oder esou Saache sinn net fir si do. Gott sei Dank si se net fir si do. Mä si brauchen awer och Pla-zen, wou si sech kënnen treffen, zesum-me feieren oder soss eppes. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat stëmmt ganz genau.

Jo, Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kolleeinnen, léif Kollegen, d'LSAP begrësst déi Schafung vun en-gem neien Aire de jeux, deen elo an d'Cité d'O soll kommen. Ween eis kennt, weess, datt mer der Meenung sinn, datt där net genuch an der Ge-meng sinn. Et ass scho richtig, wat de Fraktiounssprecher vun deene Gréng gesot huet, datt mir där net genuch hunn, an datt ee muss kucken, ee laanscht deen aneren ze kommen.

Ech mengen, ech hat eise Buerger-meeschter richtig verstanen, wou mer d'Erklärung kritt haten, dass en neit Jugendhaus um Fousbann, op den alen AS-Terrain géif kommen, datt mer an déi Richtung géife goen, déi elo den Här Schwachtgen just ugeklot huet, datt do, mat Leit zesummen, déi Jonk sech kéin-ten ophalen, an datt dat géif iergendwéi geréiert ginn, sou wéi et momentan net ka geréiert ginn, op deenen Aires de jeu-xen, déi mer hunn. Sou datt ech men-gen, datt mer elo um richtige Wee wie-ren, wa mer dat géifen iwwerall maa-chen.

Wéi gesot, et gëtt ëmmer méi schwéier fir eis Jonk, fir Plazen ze fannen. Ech erënneren u Rattem, d'Fousbanner Wi-sen, d'Woiwer Wisen, alles dat ass lues a lues verschwonnen. Si wëssen op ee-mol net méi, wou se sollen hin. Aus de Schoulhäff verdreiwe mer se, do, wou mer keng Spillplazen ugeluecht hunn. Mä iergendwou mussen se jo hin, mir kënnen se jo net ophänken oder op d'Beem setzen. Also mussen se an-zwousch hi goen. An dofir fannen ech déi Alternativ mam AS-Terrain, mam neie Jugendhaus gutt. Wat een dann, wann dat en Erfolleg gëtt, kéint ausbau-en op de Rescht vun der Gemeng.

An ech mengen ausserdeem, datt een – ech schwätzen elo vun Nidderkuer, déi nei, déi mer do opgeriicht hunn – dat nach vläicht méi soll geréieren. Awer och: deem enge seng Fräiheet geet un, wou deem anere seng ophält. Et muss

jeunes. À moins qu'on les transporte sur la colline.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que personne ne veut y al-ler.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

pense que c'est peut-être trop fati-gant.

Mais en tout cas, il n'est pas normal de donner la faute aux jeunes s'il y a du bruit.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

donne entièrement raison à M. Schwachtgen.

JERRY HARTUNG (CSV) salue le fait

que les promoteurs ne construisent pas eux-mêmes les aires de jeux. La commune peut s'assurer que le ma-tériel est de qualité.

M. Ulveling a dit que des filets se-raient installés autour des terrains pour éviter que la balle ne vole à l'extérieur. Pour ce qui est des ho-raires d'ouverture, Jerry Hartung comprend les arguments. Mais il faut aussi penser aux jeunes. Où peuvent-ils aller quand les terrains sont fermés? Les cafés ne sont pas faits pour eux.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est du même avis.

FRED BERTINELLI (LSAP) salue la

création de l'aire de jeux dans la Cité d'O. M. Schwachtgen a raison de dire qu'il n'y en a pas assez. Fred Bertinelli rappelle cependant qu'une maison des jeunes ouvrira ses portes sur le terrain de l'AS. Il pense donc que la commune va dans la bonne direction.

Le Rattem, les prairies du Fousbann et les prairies du Woiwer ont tous disparu. Les jeunes n'ont pas le droit de jouer dans les cours de ré-création. À moins de les assoir sur les arbres, il faut bien qu'ils aillent quelque part. Si le projet du terrain de l'AS s'avère être un succès, il fau-dra le reproduire ailleurs.

Le nouveau terrain multisport de Niederkorn devrait peut-être être géré différemment. Il ne faut pas oublier que la liberté des uns s'ar-rête là où commence celle des autres et qu'il faut comprendre quand ar-rêter de jouer.

4. Projets communaux

Fred Bertinelli est d'avis qu'il fait investir dans les infrastructures sportives.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) constate que la plupart du temps, les jeunes ne jouent qu'au football sur les terrains multisports. Quand il était petit, il jouait à Belair. Il y avait une haie, un arbre et une partie de balançoire. Le ballon volait jusqu'au cimetière et cela ne dérangeait personne.

(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) n'est pas convaincu que cela ne dérangeait personne.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se souvient que les enfants faisaient attention.

Le site existe encore, mais plus personne n'y joue au football. Deux problèmes se posent. D'abord, il y a de moins en moins de sites comme celui que Gary Diderich vient de mentionner. Ensuite, les jeunes peuvent-ils encore se montrer créatifs si on leur propose des terrains de jeu finis?

Gary Diderich avoue ne pas avoir de réponse à cette question.

En ce qui concerne le Funiculaire, il ne comprend pas comment le terrain multisport sera aménagé. En effet, les clôtures du Breitfeld font aussi du bruit.

(Interruption de M. Ulveling)

Gary Diderich a entendu dire que l'UEFA finançait des terrains.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que le ministère des Sports les subventionne à hauteur de 20 000 € ou 30 000 €.

TOM ULVELING (CSV) précise que la commune a reçu 25 000 € pour celui de Niederkorn.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande à M. Ulveling de répondre à l'autre question.

TOM ULVELING (CSV) ne s'en souvient plus.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) lui rappelle qu'elle concernait les nuisances sonores.

een awer och wëssen: "Ab weivill Auer ass Schluss? Um wéivill Auer stéieren ech deen, deen owes wëll an d'Bett goen an déi Plazen net wëll benotzen?"

Ech si weiderhin der Meenung, dass mer sollten als Gemeng an d'Sportsinfrastrukturen investéieren. Mat deem neie Jugendhaus um Fousbann si mer um richtige Wee. Just, dass mer dat misste vergréisseren op d'ganz Gemeng. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Hei sinn ech 100% mat Iech averstannen.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et kann ee mengen, et wär just e kleng Multisport, mä et ass am Fong e ganz wichtegt Thema. D'Multisporten hunn als Nieweneffekt, dass ee mengt, et kéint ee just do Fussball spillen. Wéi ech kleng war, sinn ech an de Belair spille gaangen. Do war eng Heck, e Bam an iergendwéi e Gerüst vun enger Klunsch, dann ass de Ball just op de Kierfecht geflunn. Do hu mer kee gestéiert.

(Gelaachs)

Oder vläicht awer.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech mengen awer.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Jiddefalls ass dat net oft geschitt. Och ouni Netz an esou weider. Mir hunn awer opgepasst, well mir wollte jo och net onbedéngt dohinner klammen.

Déi Plaz ass nach ëmmer do. Do kéint een nach ëmmer Fussball spillen. Ech gesinn awer keen do Fussball spillen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat muss een och gesinn. Awer et sinn natierlech och ëmmer manner där Plazen do. Schlussendlech, nieft där genereller Iwwerleeung: Wéi improviséiere mer mam Raum, deen do ass? A wéi kreativ si mer nach domatter, wann awer am Fong alles virgefäerdeg dohinner gesat gëtt? Wou ech awer elo keng Äntwert hunn, wéi ee sech do uleet, fir dat dann erëm ze änneren. Well déi Terrainen sinn awer och flott, an et ass och gutt, dass se do sinn.

Ech wollt nach op de Funiculaire agoen. Ech froe mech: "Wéi ee Multisport gëtt dohinner gestallt, deen da manner Kaméidi maache soll?" Well och wann do méi propper Clôture sinn oder esou: deen um Breitfeld mécht jo och Kaméidi. Also dann ...

(Ënnerbriechung duerch den Här Ulveling)

Jo, dat kënnt Der herno soen. An dat Lescht ass: viru Jore war et op jidde Fall emol esou, ech weess net, ob dat nach ëmmer aktuell ass: d'UEFA finanziert anscheinend esou Terrainen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

De Sportsministère.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

De Sportsministère. Dat heescht, mir froen eis do eng Ënnerstëtzung?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, meeschtens gëtt et tëschent 20.000 an 30.000 Euro.

4. Projets communaux

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir kruten elo 25.000 Euro fir deen zu Nidderkuer. Dat ass gëschter erakomm.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kënnt Der nach déi aner Fro beäntweren, Här Ulveling?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Déi war?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mam Kaméidi. Wéi Dir dat fäerdeg bréngt, datt kee Kaméidi do ass.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wéi gesot, dat war e bëssen eng primitiv Anlag. Dat Gitter ronderëm war net richteg gespaant. Sou dass, wann e Ball dowidder kënnt, dat fuerchtbar schaaft. Do muss ee kucken. Haut gëtt et jo méi professionell Saachen. Dat do war am Fong net aartgerecht opgeriicht ginn. Dat muss ee soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

“Aartgerecht” war net schlecht. Et war eng grouss Diskussioun am virleschte Schäfferot, a mir fuere genau do weider an deem neie PAG, datt ee muss onbedéngt esou Flächen ausweisen, wou ee sech kann erhuelen, an och intergeneratiounell kann erhuelen. Well et ass net nëmmen de Problem vu Jonken. Et ass och e Problem vun engem gewëssenen Alter, déi sech gär roueg op eng Bänk wëlle setzen, dat muss een och kucken. An de PAG muss dorop eng Äntwert ginn.

Mir géifen zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à l'aménagement d'un terrain multisport dans la cité d'O et la rénovation du terrain multisport au plateau du Funiculaire.

Dat hei ass en Devis, wou mer gehofft haten, nach dolaanscht ze kommen. Mä et ass akut, well et geet ëm d'Sécherheet an eisem Centre sportif zu Uewerkuer. Do si Saachen, vu que datt ee Gebai virausser ugefaange gëtt deemnächst, an dann ass och d'Ramp, déi verschwënnt, an da versiche mer, eng Ramp anzwousch aneschtens ze maachen. Sécherheetskonnform si mer do net um leschte Stand.

Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Mir haten eng Visite vun der ITM an deem Gebai. An déi waren net amused, kann ee soen, iwwert dat, wat se do alles gesinn hunn. Dat Gebai ass 1969 gebaut ginn. Dat huet elo bal 50 Joer. Et ass ni vill dran investéiert ginn. An elo muss mer awer wierklech dat maachen, wat néideg ass. E grouss Problem ass, dass keng Détection d'incendie an deem Gebai ass. Et muss ee sech emol virstellen, ënnen am Keller géif et ufänke mat brennen, dat géif kee mierken, an uewe wäer ronn 1.000 Leit op enger Tribün. Et ass och keng Noutbelichtung do, d'Sorties de secourse sinn net gezechent, et ass kee Monte-charge do, et ass keng adequat Handicapéierte-ramp do an esou weider. Mir krute gesot, dat wär awer de Minimum, dee mer misste maachen, fir dass mer iwwerhaapt nach dierfen do eppes maachen. Dat ass wierklech eng Urgence. De LIHPS gëtt dru gebaut, a soubal déi Hal zu Nidderkuer fäerdeg ass, wat awer nach wäert zwee Joer daueren, kënne mer ufänke mat der Kärsanéierung vun deem Gebai. Den Devis hei wäert 330.000 Euro kaschten. Dee muss mer eis geneemegen.

Ech wëll och soen, dass net nom Principe à fonds perdu geschafft gëtt. Dat heescht, all d'Capteuren, all déi Saachen, déi fir den Incendie gebraucht ginn, sollen esou installéiert oder montéiert ginn, dass ee se erëm kann demon-

TOM ULVELING (CSV) explique que le terrain est entouré d'un grillage primitif faisant beaucoup de bruit quand le ballon le heurte. Aujourd'hui, il existe des solutions plus professionnelles.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute qu'il faut prévoir des espaces dans le PAG sur lesquels toutes les générations peuvent passer du temps. Le problème ne concerne pas seulement les jeunes. Les seniors doivent aussi pouvoir s'asseoir sur un banc.

(Vote)

Roberto Traversini passe à un devis concernant la sécurité du centre sportif d'Oberkorn.

TOM ULVELING (CSV) explique que l'ITM a visité le bâtiment et n'a pas apprécié ce qu'elle a trouvé.

Le bâtiment date de 1969. Les investissements n'ont pas été nombreux. Il manque notamment un système de détection d'incendie, un éclairage de secours, des sorties de secours et une rampe pour personnes handicapées. Tom Ulveling n'ose pas imaginer ce qui arriverait en cas d'incendie dans la cave si mille spectateurs se trouvent dans la tribune. Ces travaux constituent une urgence.

Le LIHPS va être construit à côté du centre sportif d'Oberkorn dont l'assainissement pourra commencer quand le centre sportif de Niederkorn sera fini. Le devis se monte à 330 000 €.

Tous les capteurs nécessaires au système de détection d'incendie pourront être démontés et réutilisés dans le nouveau bâtiment. La commune ne perdra donc pas d'argent.

4. Projets communaux

Tom Ulveling répète que la commune n'a plus de marge de manœuvre. Les travaux doivent être faits maintenant. Tom Ulveling demande aux conseillers d'approuver le devis de 330 000 €.

ERNY MULLER (LSAP) explique que les modifications sont nécessaires en raison de la construction du LIHPS. Il s'agit de travaux de mise en conformité ainsi que de l'installation d'une rampe dans le cadre du «design for all». Un monte-charge servira à transporter le matériel par la sortie de secours.

Erny Muller suppose que les 330 000 € comprennent 100 000 € pour les études portant sur la phase 2. Quatre-vingt-mille euros sont destinés à la détection des incendies et l'éclairage de secours. Pour Erny Muller, il s'agit d'investissements à fonds perdu à moins que le matériel ne puisse servir de réserve pour d'autres sites s'il est identique.

Les socialistes approuveront le devis. Il n'y a pas d'autres solutions que d'investir ces 350 000 €.

FRED BERTINELLI (LSAP) demande à M. Traversini quelle incidence ces travaux auront sur la vie sportive dans le centre. Car il est possible que les travaux durent longtemps.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) explique que les travaux à l'intérieur — notamment ceux concernant la détection des incendies — seront réalisés dans la mesure du possible quand les clubs ne seront pas présents. De toute façon, la commune n'a pas le choix. Ces travaux doivent être réalisés.

TOM ULVELING (CSV) ajoute qu'autrement, le centre sportif sera fermé.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) sait bien que la commune n'a pas beaucoup d'alternatives. Mais la salle de karaté rouvrira bientôt ses portes.

FRED BERTINELLI (LSAP) salue cette bonne nouvelle.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe au terrain du Thillenberget

téieren, an deemno, wéi et dann duerno ausgesäit, erëm montéieren. Sou dass dat am Fong net alles verluerent Geld ass. En Deel schonn.

Mä wéi gesot, et ass wierklech net esou, wéi et soll sinn. Mir hunn do kee Lee-way méi. Dat musse mer maachen. Dofir wär ech frou, wann Der déi 330.000 Euro géift stëmmen, 350.000 mat der TVA an Divers, dass mer dat esou schnell wéi méiglech kënne maachen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Den Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Bedénkt duerch den Ufank vun den Aarbechte vum Gebai vum LIHPS, wou bekanntlecherweis den hënneschten Accès vun der Sportshal während der Bauphas ewechfällt, sinn dës Modifikatiounen néideg. Nieft drénigende Mise en conformités-Aarbechten, a mir hunn et hei erkläert kritt, gëtt eng permanent Ramp bannen am Agang a Richtung Sportshal opgeriicht. Dëst am Kader vum Design for all.

Bausse kënnt e kleng Monte-charge bäi, fir d'Material op den Niveau vun der Sportshal iwwert d'Sortie de secours ze bréngen. Well dat bis elo och op der hënneschter Säit eragaangen ass.

Am Devis vun 330.000 Euro sinn 100.000 Euro un Etüden, betreffend der Phas II. Ech huelen un, dass déi do och nach mat ënnerdaach kommen, dass et ka virugoe mat den Etüden. An eventuell en aneren Essai, dee muss gemaach ginn.

80.000 Euro si fir d'Détection incendie an d'Noutbeliichtung. Woubäi dës sécherlech och nëmmen esou laang Gültigkeit hunn, bis et mat der Modernisatioun lass geet. Et kann een am Fong soen, dat wär als Fonds perdu, wa mer net identesch Material huelen, wéi mer elo op anere Plazen hunn, dass et dann als Reservematerial kéint déngen.

Déi aner 110.000 Euro sinn, wéi gesot, definitiv Mesuren, déi no der Modernisierung net méi gebraucht ginn. Wat ze bedauern ass. Mä et ass net anescht méiglech.

D'LSAP stëmmt dësen Devis an ass frou, dass mer elo mam LIHPS ukommen. Mir kommen net laanscht d'Engagement vun deenen 350 000 Euro.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller.

Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hunn eng Fro un de Sportsschäffen, Här Buergermeeschter, wat fir eng Inzidenz dat op d'Sportsliewen an der Sportshal huet, well dat jo Aarbechte sinn, déi zäitweis vläicht méi laang daueren. An ob gekuckt ginn ass, ob ee laanschtenee kënnt mam deegleche Sportsservice, deen do leeft.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir wäerte versichen, déi Aarbechten, déi banne musse gemaach ginn, alles, wat Detectioun ass, ze maachen, wann d'Veräiner am mannsten do sinn. Mä Dir wësst och, mir hunn do Kollektiv, d'Summervakanz, an da musse mer mat de Veräiner kucken, datt mer do iwwerteneestëmmen. Mä mir mussen dat hei maachen, et ass eis Verantwortung.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo, soss gëtt et ganz zou gemaach.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir hu jo nach e puer Auswäichméiglechkeeten. Mä awer och net méi allze vill. De Karatesall misst geschwënn erëm accessibel sinn. Dir wësst jo, datt do e Schued entstanen ass.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Eng ganz gutt Nouvelle, Merci.

4. Projets communaux

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Yes. Da géife mer zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis et le crédit spécial relatif à la rénovation et l'assainissement du centre sportif d'Oberkorn.

Dat nächst ass den Terrain Thillebiërg. Mir kommen an e puer Minutten erëm drop ze schwätzen. Hei geet et ëm d'Aarbechten, déi gemaach gi sinn. Mir wäerte gesinn, datt an Zukunft do e ganze Programm muss gemaach ginn. Mä do hu mussen dréngend Aarbechte gemaach ginn. Dat hei ass en Dekont, dee misst guttgeheescht ginn. An de kommende Gemengerotssitzunge wäert Der den Detail kréien, wat nach alles ze maachen ass. Nodeems mer den Terrain haut hoffentlech wäerte klasséieren. Spéitstens da musse mer investéieren. Mä et däerf een net vergiessen, datt et nach ëmmer der ArcelorMittal hiren Terrain ass. Mir sinn nach ëmmer amgaangen, deen Terrain ze kréien. De vieregte Schäfferot hat eng Propos gemaach. D'ArcelorMittal hat eng Propos gemaach. Mir hunn eis natierlech nach net begéint. Si wëlle ganz vill. Mir wëllen net esou vill ginn. Ech hoffen, an den nächste Méint do eng Léisung ze fannen. Mä dat hei si verschidden Aarbechten, déi ganz schnell hu musse gemaach ginn.

Da géife mer doriwwer ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte relatif à la remise en état du terrain d'entraînement au stade Thillebiërg.

Villmoos Merci. Den nächste Projet ass och een, iwwert dee mer scho vill geschwat hunn. Mir hunn decidéiert, et phaseweis ze maachen.

Den Här – elo wollt ech Här Muller soen – Ulveling wäert en Iech virstellen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et geet ëm en Aménagement an der École Saint-Pierre zu Nidderkuer, tëschent dem neien an dem ale Gebai. Mir wëllen déi zwee kleng Schoulhäff, do, wou elo d'Spillschoul ass, mam Nidderkuerer Schoulhaff verbannen. Dat Areal wäert esou gestalt ginn, dass ee mat enger Kutsch kann eropkommen. Déi Beem an alles dat, wat do ass, sollen erhale bleiwen. Et wäerten och e puer Spillgeleeënheete bäikommen.

Den Här Buergermeeschter hat gesot, den Devis vum ganze Site géing sech op eng hallef Millioun Euro belafen. Hei ass awer elo nëmmen en Deel dovun, dee sech op 120.000 Euro limitéiert. Dëst si just d'Aarbechten, déi vum CIGL gemaach ginn. D'Spiller sinn do nach net mat dran. Also dat ass elo just, fir dass de CIGL kann ufänken. Dee Bäibau, deen den Här Muller sengerzäit do gebaut huet, ass elo bal fäerdeg. Sou dass een déi Cour hannendru ka benotzen.

Ech wär frou, wann Der déi 120.000 Euro géift stëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt den Här Ulveling drun erënnere, dass mer haut en Devis stëmme vu 500.000 Euro, dass mer e Crédit supplémentaire vun 150.000 Euro stëmmen, an e Plang. An net nëmmen 120.000 Euro. Ech wollt dat kloerstellen am Virfeld, well dat ass dat, wat um Ordre du jour ass.

Ech kéim dann zu der Saach selwer. Als fréiere Schäffe war ech schonn heimat bemaast. An ech hu gesinn, dass den aktuelle Bauteschäffen d'Landesplanerin, déi mir am Dossier haten, an déi ech als ganz kompetent empfonnt hunn – a si hat och eng ganz Partie Referenzen, a gutt Referenzen –, géint en anere Büro ausgetosch huet. Sécherlech, fir den Alter vum Management erofzesetzen. Elo stellen ech fest, dass, obwuel de CIGL beim Montage vun de Spiller an der Po-

plus précisément à des travaux qui ont dû être réalisés d'urgence. Le conseil communal doit approuver le décompte.

Lors de la prochaine séance du conseil communal, le collège échevinal présentera les travaux qu'il reste à faire. Le terrain devrait être classé aujourd'hui.

Roberto Traversini rappelle que le terrain appartient à ArcelorMittal. Les propositions du collège échevinal et d'ArcelorMittal sont sur la table, mais un accord n'a pas encore été trouvé. Roberto Traversini espère qu'une solution sera trouvée le mois prochain.

(Vote)

Roberto Traversini passe à un projet dont on a déjà beaucoup parlé.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il s'agit de l'aménagement de l'école Saint-Pierre à Niederkorn. Le collège échevinal veut réunir les deux petites cours de récréation de la maternelle avec la cour de récréation de l'École de Niederkorn. Les arbres seront conservés et des jeux aménagés.

Le devis global se monte à 500 000 €. Les travaux dont il est question aujourd'hui coûteront 120 000 € sans les jeux. Ils seront réalisés par le CIGL.

L'annexe entamée par M. Muller est presque terminée. La cour derrière peut donc être utilisée.

Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver les 120 000 €.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle à M. Ulveling que le vote d'aujourd'hui porte sur 500 000 €, plus un crédit supplémentaire de 150 000 €, plus un plan. Il ne s'agit donc pas uniquement de 120 000 €. Erny Muller constate que le nouvel échevin aux bâtisses a remplacé l'architecte par un nouveau bureau. Or, malgré l'intervention du CIGL, peu d'économies ont été faites.

4. Projets communaux

Par ailleurs, une des mesures les plus importantes consistait à libérer l'accès de tout obstacle. D'après les nouveaux plans, le chemin existant ne sera pas modifié. Pour éviter les escaliers, un nouveau chemin servant de détour sera aménagé.

Le chemin en question est important, car il permettra aux élèves du Mathendahl de se rendre au nouveau centre sportif. Il sera aussi utilisé par les parents emmenant leurs enfants sur l'aire de jeux — par exemple avec des poussettes.

Erny Muller a du mal à accepter le nouveau plan et se demande s'il l'approuvera.

Il rappelle par ailleurs qu'un petit amphithéâtre où des projets éducatifs intéressants sont réalisés se trouve sur le site. Or il ne le voit pas sur le plan. Cet amphithéâtre était censé être intégré au projet. Si cela n'est plus le cas, il recommande à M. Ulveling de le faire dans une deuxième phase.

Erny Muller reconnaît certains jeux figurant aussi sur le premier plan. Il se demande cependant si le nouveau plan tient compte des idées recueillies lors de l'atelier avec les enfants et les enseignants.

Il rappelle qu'un terrain multisport était aussi prévu. Sa construction sera reportée. Erny Muller pense qu'il serait avantageux de l'orienter différemment. Au nouvel échevin aux bâtisses de voir ce qu'il en pense.

Le plan dont dispose Erny Muller aujourd'hui ne correspond pas à celui qu'il a vu à la commission des bâtisses. Lequel est le bon? Erny Muller demande au collègue échevinal de remettre des plans plus clairs aux conseillers communaux à l'avenir.

D'une manière générale, il n'est pas opposé aux nouveaux plans de l'école Saint-Pierre même s'ils ont un peu évolué. Ces travaux sont de l'intérêt des enfants. Il faut qu'ils avancent vite. C'est pourquoi les socialistes les approuveront.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond que les critiques de M. Muller sont justifiées.

JERRY HARTUNG (CSV) *estime que le raccordement des deux cours de récréation est important. Celui exis-*

se vum Dallage mat abezu ginn ass, net esou vill agespuert gëtt, oder ech ka vläicht eppes anescht héiere vum zoustännege Schäffen. An dat war eng wichteg Mesure, fir dee richtege Wee, dee richtigen Zougang ze schafen an deem Areal, dass eng Barrièrefräiheet do ass. Et ass mer opgefall, dass elo d'Barrièrefräiheet doduerch erreecht gëtt, dass de besteeënde Wee bäibehale gëtt, andeem sougenannten Ëmgeungsschläifen agefouert ginn, fir ronderëm déi Plaz ze kommen, wou da méi déif ass, fir d'Trap ze vermeiden. Et muss ee soen, dass, wann een esou Saache mécht, een dann d'Fläche méi versigelt, wéi dat de Fall ass, wann een en direkte Wee mécht. Dat ass eng Saach, wou deen neie Plang sech verännert par rapport zum ale Plang. De Wee war an d'Landschaftsbild mat ageplangt, wat eng Partie kleng Maueren, an esou Saachen, mat sech bruecht huet. Dëse Wee ass ganz wichteg, well d'Schoulklasse vum Mattendall iwwert dëse Wee déi zukünfteg nei Sportshal erreechen. Also en ass souwuel wichteg fir d'Leit, déi mat de Kanner op d'Spillplaz kommen, dofir ass och richteg gesot ginn „mat de Poussetten oder Kutschen“, mä en ass awer grad esou wichteg fir d'Zukunft, wann déi Mattendallschouklasse an d'Sportshal ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

ERNY MULLER (LSAP):

Deen neie Plang ass fir mech eng Zoumuddung. Et deet mer leed. Dee solle mer haut stëmmen, mä ech hu mer d'Fro gestallt, ob ech dee soll matstëmmen. Ech hunn awer herno eng Alternativ unzëbidden. Do ass e klengen Amphitheater. Dee kann ech net méi erkennen um Plang. Ech hoffen awer, dass... Jo, e klengen Amphitheater. Déijéineg, déi doduerchgaange sinn, hunn dee scho gesinn. Dee soll an deen neie Projet mat agebonne ginn, well hei kënnen eng ganz Partie interessant educativ Initiative mat de Schouklasse am Fräie stattfannen.

Sollt dat elo nach net de Fall sinn, géif ech Iech staark recommandéieren, dësen Amphitheater mat an de Projet ze hue-

len, wann och an enger nächster Phas, mä dass mer deen op jidde Fall net fale loossen.

Ech hunn eng Partie Spiller erëmerkannt aus dem éischte Plang, wier awer interesséiert, vum zoustännege Schäffen ze wëssen, ob déi aktuell Ausféierung den Iddien, déi aus engem partizipative Workshop mat de Kanner an zesumme mam Léierpersonal stamen, deem nach Rechnung dréit.

An der éischter Phas war deemools en Terrain Multisport virgesinn. Dee gëtt elo, wéi gesot, op déi zweet Phas verluecht. Et misst ee kucken, mir haten nach Terrain ukaaft, sou dass dee Multisport am Fong kéint anescht gedréit ginn, wat, menger Meenung no, deemools e Virdeel war. Mä elo sollen déi nei Responsabel da préiwen, ob si de Virdeel nach esou gesinn oder net.

Ech hunn elo e Plang hei virleien, ech muss Iech soen, ech hunn an der Bautekommissioun en anere Plang gesinn. Ech weess elo net, wéi ee Gültgkeet huet. Ech mengen, dass esou schnell wéi méiglech erëm sollt dee richtege Plang nogereecht ginn. Ech géif Iech och bieden, dass mer an Zukunft dann awer méi kloer Pläng virleien hätten, wa mer sollen e Plang matstëmmen. Dofir meng Bitte, fir dat dann nozerechen. Dann ass dat fir mech kee Problem.

Alles an allem, och wa sech elo den Amenagement vun den Alentoure vun der sougenannter St.-Pierre-Spillschoul liicht ännert par rapport zu deem, wat ech deemools virleien hat, hunn ech näischt dogéint. Mir als LSAP hunn doriwier geschwat. Mir sinn der Meenung, dass dat hei am Interêt vun de Kanner ass, a well dat jo och ganz schnell soll virugeen, dass dat no der Sommervakanz wa méiglech fäerdeg wär, stëmme mir dee Projet. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, dat si berechtigt Kritiken. Dir hutt an alle Punkte Recht. A mir wäerte versichen, et besser ze maachen, Här Muller.

Här Hartung, w.e.gl.

4. Projets communaux

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, ech hu laang do geschafft. Ech ka just soen, datt eng uerdentlech Verbindung vum ieweschste Schoulhaff vun der Spillschoul zum ënneschten Haff, zum Primär hin, ganz wichteg ass. Déi, déi do war, war u sech geduecht als Accès fir d'Rettungsween. Dës gouf awer ganz vill vun de Foussgänger benotzt, vu Leit mat Poussetten, mat kleng Kanner, vun den Awunner an esou weider, fir déi d'Trape schwéier ze goe waren.

D'Spillschoul muss ëmmer de Bierg of, wa si, zum Beispill, an d'Turnen oder op de Bus ginn. Wéi den Här Muller richtegerweis bemierkt huet, wäert déi nei Schoul am Mattendall herno och hei erofgoen. Dofir ass en uerdentleche Wee, wou d'Penten duerch esou Ëmgeungsschläife manner géi ginn, eng gutt Saach.

An dësem Bierg soll dann och nees eng flott Spillplaz entstoën, well déi, dat kann ech hei soen, ganz vill benotzt gouf. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ass soss nach een do?

Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Wann ech nach dierf eng Bemierkung maachen: Ech fannen de Projet gutt. Mir als Gréng ënnerstëtzen dat. Et ass zum Wuel vun de Kanner an zum Wuel vun deem Site, well et ass probéiert ginn, d'Vegetatioun ze erhalen.

Existent ganz flott Beem, déi den néidege Schiet an déi néideg Rou an esou e Site bréngen.

Eng kleng Remarque: Ass dru geduecht ginn – dat war nach ënnert dem Här Muller –, déi al stenge Mauer, déi d'Ofgrenzung mécht ënne beim Musekssall, ...? Déi muss jo do verschwannen, dat ass awer eng Horstengsmauer vu virun 100 Joer. Déi kéint ee liicht, an et war och ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Restauréieren.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

... ugeduecht: Kéint een déi deelweis erëm do an dee Site mat erabrénge, wat och eng Struktur géif ginn? D'Material wier do. Si kéint och eventuell vun engem CIGL gemanaged ginn. En plus wier et e Liewensraum fir eng Partie Déieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wollt dem Här Muller äntweren. Dir hutt Recht. Firwat hu mer dat opgedeelt? Et si 500.000 Euro, dat ass richtig, wat Der gesot hutt. Mä mir hunn de Problem, dass mer kuerzfristeg sechs Klasseraim zu Nidderkuer brauchen. A mir musse kucken, do eng Léisung ze fannen. "Leider mat Container", muss ech soen, mä et geet net anescht. En attendant, bis mer déi Mattendallschoul dann hunn. An do sinn elo verschidden Iddien, déi sech ubidden, wou een déi Container kéint opstellen.

Eng Méiglechkeet wär, zum Beispill, d'Sportshal ofzerappen, oder zumindest d'Schwämm ofzerappen a se dohinner ze setzen. Mir fäerten awer, dass, wann d'Schwämm géif ofgerappt ginn, well dat alles an engem Stéck gebaut ginn ass, eventuell d'Sportshal géif zesumme-falen. Dofir, mengen ech, muss ee sech iwwerleeën, ob een dat mécht.

Eng aner Iddi wär, déi Containeren op de Parking vun der Arcelor ze setzen, e bësse méi no hannen. Dann hätte se och e Schoulhaff. Well de Problem ass, dass, wa mer d'Containeren op dee Site do setzen, mer da Problemer mat der Surface vum Schoulhaff kréien.

tant aujourd'hui était censé servir d'accès aux services de secours, mais il était utilisé par des piétons, ce qui n'était pas évident en raison des escaliers.

Comme l'a dit M. Muller, les élèves du Mathendahl emprunteront ce chemin. Les bandes de contournement, qui rendent la pente moins raide, sont une bonne chose.

Une aire de jeux sera installée.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

apprécie ce projet réalisé pour le bien des enfants. La végétation sera préservée. Le site contient de beaux arbres.

Frenz Schwachtgen mentionne ensuite l'ancien mur en pierre datant de plus de cent ans près de la salle de musique. Il devra être enlevé, mais M. Schwachtgen se demande s'il ne peut pas être intégré au projet. Le CIGL pourrait s'en charger. Le mur constituerait aussi un habitat pour certains animaux.

TOM ULVELING (CSV) *confirme que le devis se monte à 500 000 €. Il signale que six salles de classe doivent rapidement être aménagées à Niederkorn. En attendant que l'école du Mathendahl soit finie, il faudra recourir à des conteneurs. Une solution consisterait à démolir la salle de sport ou la piscine pour les y installer. Mais le collège échevinal craint qu'en démolissant la piscine, la salle de sport ne s'écroule.*

4. Projets communaux

Les conteneurs pourraient aussi être installés sur le parking d'Arcelor-Mittal. Car si on les aménage sur le site, la surface de la cour de récréation sera fortement réduite.

La troisième solution serait de les placer sur le parking près de l'hôpital.

(Interruption)

Le collège échevinal devra en discuter. Tom Ulveling n'a été mis au courant de la situation qu'hier.

Le projet de M. Muller n'a pas vraiment évolué à l'exception du chemin qu'il a mentionné. Celui-ci doit être facilement utilisable par les enfants, mais aussi par les mamans avec des poussettes. Recourir au CIGL permettra d'aller plus vite et de dépenser moins.

(Vote)

Roberto Traversini rappelle qu'une pause est prévue. Il propose de voter d'abord les trois devis suivants et passe à l'école européenne. Il a l'impression que quand on donne le petit doigt, c'est tout le bras qui y passe. Mais ce projet est important pour éviter que les enfants de Differdange n'aillent à l'école en bus à Esch.

TOM ULVELING (CSV) confirme que de nombreux enfants de Differdange risquaient de ne plus pouvoir aller à l'école dans leur commune. M. Liesch, M^{me} Pregno et Tom Ulveling ont longtemps réfléchi à la question et ont finalement décidé d'aménager six conteneurs avec blocs sanitaires sur le site du «kiss & go».

(Interruption)

Tom Ulveling précise qu'il s'agit du site de la nouvelle EIDE.

Les conteneurs seront fonctionnels à partir du 1^{er} septembre 2018 et jusqu'en 2020. Les services communaux sont en train de réaliser du travail pour l'État.

Les conteneurs seront loués. Ils seront raccordés à tous les réseaux de l'EIDE. Le devis se monte à 180 000 €, plus 3650 € par semaine. Tous les frais seront à la charge de l'État. Pour la Ville de Differdange, ce sera donc une opération neutre.

Tom Ulveling insiste sur l'importance du fait que 50 % des enfants de Differdange n'auront pas besoin d'aller à l'école à Esch. Il demande

An déi drëtt Iddi wär – dat bleift nach ze kucken –, se zu Nidderkuer op en Deel vum Parking beim Spidol, bei der Maison – wéi heescht se? Dat Witwenheim vis-à-vis? Wéi heescht se? –...

(Ënnerbriedung)

Voilà, mer müssen dat nach am Schäfferot decidéieren, well ech dat eréischt gëschter gewuer si ginn, dass mer dee Problem do hätten. Wéi gesot, dat muss mer kucken.

Fir zeréckzekommen op dat, wat den Här Muller gesot huet: et ass plus ou moins esou bliwwen, mat Ausnam vun deem Wee, wéi Der gutt beschriwwen hutt. Mir solle kucken, dat esou flott wéi méiglech fir eis Kanner ze amenagéieren an och, dass et praktikabel ass fir Mamme mat Kutschen an Handicapéierter, well déi musse jo och kënnen an d'Sportshal kommen, wann déi fäerdeg ass. Sou datt ech mengen, dass ee muss kucken, dass een do viru mécht. Doduerch, dass mer et mam CIGL maachen, komme mer vläicht méi schnell virun, well mer déi kënnen direkt beoptragen. An et gëtt e gutt Stéck méi bëlle, wéi wa mer eng Firma géifen huelen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir géifen zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les devis, plans et crédit supplémentaire relatifs aux travaux de réaménagement des alentours du campus scolaire Niederkorn.

Ech gesinn, mir brauchen awer geschwënn eng Paus. Ech géif virschloen, mir huelen nach déi dräi Devisen duerch. An dann hunn ech zwou Camionnettë bestallt fir déi Leit, déi wëlle matgoen. Da brauche mer eis net mam Auto ze displacéieren.

Mir kommen dann zu eiser europäescher Schoul. Heiansdo hunn ech d'Gefill, dass, wann een de kleng Fanger gëtt, een op eemol ganz dran ass. Mä et ass awer wichteg, datt mer dat maachen. Well iwwer 50% vun eise Kanner,

déi an déi Schoul ginn, hätte müssen op Esch mam Bus transportéiert ginn. An ech mengen, wann een dat kann evitéieren, soll een dat maachen.

Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, Dir hutt et gesot: de Problem war, dass mir riskéiert hätten, dass ee groussen Deel vun de Kanner, déi hei zu Déifferdeng an d'Schoul ginn, net méi hätten hei kënnen goen. Dofir hu mer eis laang – den Här Liesch, d'Madame Pregno an ech – de Kapp zerbrach, wéi mer déi Kanner hei kënnen halen. No-deems mer verschidde Siten ugekuckt hunn, ass eis näischt Besseres agefall, wéi um Site vum aktuelle Kiss and Go sechs Containeren, also sechs Kllassesäll-Containeren mat engem Sanitärblock an enger Entrée, opzeriichten.

(Ënnerbriedung)

Bei där neier EIDE-Schoul. Do ass en Areal, wou fréier de Recycling war, respektiv, wou mir eis Containeren vum Recycling haten. Déi sollen do opgeriicht ginn. An dat soll fonctionnéiere vum 1. September 2018 bis 2020. Da soll de Lycée nämlech fäerdeg sinn. Dat ass och nach à voir. De Buergermeeschter huet et gesot: "Eis Servicer sinn amgaangen, alles fir de Stat ze plangen". Et ass ofgemaach, dass de Stat déi Aarbecht, déi eis Servicer do maachen, herno wäert honoréieren, eis Leit, déi esou vill Stonnen doropper schaffen, dass mer dat erëmkreien.

Déi Containeren gi gelount. D'Opriichte vun de Containeren, plus d'Resealeeën, déi all un d'Reseae vun der EIDE ugeschloss ginn, well da wësse mer, ween d'Waasser bezilt, a ween d'Elektresch bezilt: et kascht 180.000 Euro. De Coût vun de Containeren kascht pro Woch 3.650 Euro. In toto. All d'Fraise gi vum Ministère de l'éducation nationale iwwerholl. Sou dass mer a sech eng Nulloperatioun maachen.

Schonn alleng, fir dass mer elo assuréiert hunn, dass 50% vun den Déifferdenger Kanner net brauchen op Esch ze goen, ass et wichteg, dass mer et hei zu Déifferdeng halen. Dofir wär ech frou, wann Der deen Devis och géift stëm-

4. Projets communaux

men. Elo hunn ech mech net mam Montant geiert, Här Muller.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech spieren, datt hei Wuertmeldunge wäerte kommen.

Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu scho mat Erstaune festgestallt bei deem Punkt virdrun zu Nidderkuer, dass mer do erëm sechs Container hi kréien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Provisoresch.

ALI RUCKERT (KPL):

Dir hat eis versprach, mer géifen eis beméien, d'Container aus der Gemeng ewechzekréien. Elo gi mer genau an eng aner Richtung.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat beweist, dass Der schlecht plangt. Dass Der net mat Zäit plangt. Soss wär dat jo net méiglech. Dann hätt Der déi Projete scho realiséiert. Bon, hei kréie mer elo erëm Container dobäi gesat. Dat ass awer elo net de Grond, firwat ech dogéint stëmmen. De Grond ass, well ech als Verrieder vun der Kommunistescher Partei prinzipiell dogéint sinn, dass d'Schoulwiese weider zersplittert gëtt. An déi international Schoul ass esou e Wee, fir d'Schoulwiese weider ze zersplitteren.

Dofir wäert ech dogéint stëmmen. Genau wéi ech an der Vergaangenheet géint dee Lycée gestëmmt hunn, dee ge-

baut gëtt. Well de Problem ass, dass an deem Lycée als zousätzleche Problem nëmmen d'Halschent vun de Schüler aus der Gemeng Déifferdeng kënnt. An d'grouss Majoritéit vun de Schüler vun Déifferdeng ass nach ëmmer gezwongen, an aner Gemengen an d'Schoul ze goen. Mer hunn nach ëmmer keen technesche Lycée oder e klassesche Lycée fir jiddereen zu Déifferdeng.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Just fir ze soen: Mir finanzéieren et vir, mä et ass am Fong geholl de Stat, deen dee Lycée wäert bauen an och bedreiwen. Mä dat wësst Dir. Ech wollt et just nach eng Kéier kloerstellen.

ALI RUCKERT (KPL):

Dir hutt Recht, Här Buergermeeschter, ech wollt och elo net méi dorop hiweisen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, neen, neen, et ass gutt.

ALI RUCKERT (KPL):

Mä Dir maacht awer, wéi den Här vun uewe päift. Soss géift Der et vläicht anescht maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, ech fannen et ganz gutt.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech wëll an deem Zesummenhang nach eng Kéier drun erënneren: all Mënsch, deen zu Déifferdeng eng Wunneng baut mat dräi oder véier Appartementer, gëtt ugehalen, eng Garage oder Garagen dobäi ze hunn. A virdrun hutt Der eis gesot, dass hei e ganze Lycée gebaut gëtt, wou keng Parkplaze virgesi sinn. An Dir gitt fir esou eppes d'Baugeneemegung.

aux conseillers communaux d'approuver le devis.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
sent que plusieurs conseillers veulent prendre la parole.

ALI RUCKERT (KPL) *vient d'apprendre que des conteneurs allaient être aménagés...*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond qu'il s'agit d'une mesure provisoire.

ALI RUCKERT (KPL) *rappelle que M. Traversini avait promis d'éliminer les conteneurs.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
proteste.

ALI RUCKERT (KPL) *constate que le collège échevinal ne planifie visiblement pas comme il faut.*

Il votera contre ce projet parce que l'école internationale fragmente l'enseignement. Il rappelle qu'il a voté contre le lycée pour la même raison. Il signale que seuls 50 % des élèves sont originaires de Differdange, ce qui signifie que la plupart des Differdangeois sont encore obligés d'aller à l'école ailleurs. Differdange n'a toujours pas de lycée technique ou classique.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
réplique que même si la commune préfinance les travaux, le lycée est construit et géré par l'État.

ALI RUCKERT (KPL) *ne voulait pas revenir là-dessus.*

Mais il constate que M. Traversini fait ce qu'on lui dit. Autrement, il aura peut-être fait construire un autre lycée.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
rétorque que l'école lui convient telle qu'elle est.

ALI RUCKERT (KPL) *rappelle par ailleurs que dès que l'on construit une résidence avec trois ou quatre appartements, un garage est obligatoire. Or ici, on construit un lycée sans parking. Comment M. Traversini peut-il accorder un permis de construire?*

4. Projets communaux

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond qu'on lui a dit qu'ils vieraient tous en train et en bus.

TOM ULVELING (CSV) *ajoute le vélo.*

ALI RUCKERT (KPL) *suppose que la commune va effectuer des contrôles.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui. Il demande à M. Ruckert de ne pas le prendre au mot, car il plaisante.

FRED BERTINELLI (LSAP) *se réjouit que les enfants n'aient pas besoin de quitter Differdange pour aller à l'école.*

Il demande au collègue échevinal s'il a veillé à la sécurité des enfants compte tenu des bus qui circulent sur le site des conteneurs et du grand chantier à côté.

Où en sont les négociations sur l'école fondamentale?

TOM ULVELING (CSV) *constate que les questions de M. Bertinelli sont pertinentes. Les conteneurs seront installés sur le site pour que les enfants puissent par exemple profiter de la cantine. D'après l'EIDE, cela ne posera pas de problèmes.*

Pour ce qui est de l'école fondamentale, un accord a été trouvé quant au prix du terrain. M^{me} Peterhänsel et M^{me} Brück élaborent les plans. Le Hall de la Chiers sera démoli et remplacé par un nouveau bâtiment. Celui-ci sera plus grand que ce qui avait été prévu initialement. La commune perdra donc une partie du parking du CID derrière.

Dans ce contexte, le collège échevinal est en discussion avec le ministère pour construire une deuxième école, une salle de gymnastique ou une piscine sur le site du CID, lorsque les nouveaux ateliers seront prêts. Le but est de ne pas planifier de construction sur ce site au cas où un deuxième lycée pourrait être construit.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que le nombre de places de stationnement perdues est restreint, car il s'agit d'un «kiss & go».

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Si kommen all mam Zuch a mam Bus, hunn ech gesot kritt.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

A mam Vëlo.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat wäerte mer dann nach kontrolléieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat wäerte mer kontrolléieren. Neen, huet mech do net eescht, dat war e Witz, Här Ruckert. Dat ass e risége Problem. Mä dat war d'Konditioun, fir dee Lycée hei zu Déifferdeng ze kréien.

Den Här Bertinelli huet d'Wuert.

FRED BERTINELLI (LSAP):

D'LSAP ass ganz frou, datt déi Kanner hei zu Déifferdeng bleiwen, datt se net mussen op Esch fueren. Dat begrësse mer. Déi Fro, déi mer eis gestallt hunn, ass: um Site war jo u sech e Parking virgesi fir déi Schoul, déi elo schonn do steet. Wann do Container drop stinn, einfach techesch: Ass d'Geforepotential gekuckt ginn, wann do Busser oder esou vill Kanner erafueren? Et weess een, datt do nach e grouesse Schantjen niewendrun ass, wou gebaut gëtt. Ass op d'Sécherheet vun de Kanner opgepasst ginn, déi do all Dag an d'Schoul ginn? Dat ass eng Fro, déi mer eis gestallt hunn, well et jo awer praktesch nach e Schantjen ass.

An déi aner Fro ass d'Grondschoul. Wéi wäit ass déi schonn um Lafen, déi och soll op de Site kommen? Wéi wäit si mer do? Oder si mer do nach a Verhandlungen? Dat ass d'Fro, déi d'LSAP huet.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat si pertinent Froen. Dat ass zesumme mat der EIDE geplangt ginn. Et ass méi

praktesch, wa se um selwechte Site sinn, well d'Kanner vun der Kantinn an all deenen anere Saache profitéieren kënnen, déi just niewendru sinn. Natierlech ass gekuckt ginn, wéi dat duerno soll funktionnéieren. Laut hiren Aussoen ass et méiglech, dass dat funktionnéiert.

D'Grondschoul, déi Der ugeschwat hutt: mir haten eng Reunioun mam Ministère. Mir sinn eis eens ginn iwwert de Präis vum Areal, wou d'Halle de la Chiers soll drop stoe kommen. D'Elke Peterhänsel an d'Madame Brück sinn amgaangen, un de Pläng ze schaffen. Am Ufank war jo ëmmer gesot ginn – ech weess net, wéi d'Leit um Stand sinn –, dass déi Halle de la Chiers soll gehale ginn. Et ass awer elo kloer, dass déi wäert ofgerappt ginn, an dass e ganz neit Gebai wäert dohi kommen. An dat wäert och e bësse méi grouss ginn, wéi initialement virgesi war. Sou dass mer en Deel vun eiser Parkfläch hannen am CID wäerte verbauen oder verléieren.

Dat ass och en relation mam Devis vum Ausbau vum CID, also der Erweiterung vum CID, dee mer virdru gestëmmt hunn, gekuckt ginn. En plus si mer amgaangen, mam Ministère ze kucken, inwiefern een eisen alen CID, wann deen neie fäerdeg ass, esou plangt, dass de Ministère eventuell nach eng zweet Schoul oder eng Schwämm oder Turnhal oder esou kéint dohinner bauen. Dee ganze Site gëtt gekuckt mam Ministère, ob si Interesse hunn, a wéi kéint geplangt ginn, fir dass een näischt verbaut, wann een duerno géif decidéieren, mir wélten nach en zweete Lycée oder eng Sportshal dohinner bauen, dass dat, wat elo gebaut gëtt, am Fong dat net wäert hënneren. Ech mengen, dat ass e wichtege Exercice, dee mer do maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz richtig. Et ginn net vill Parkplaze verluer, well et um Kiss and Go ass. Do ass méi e Sécherheitsproblem, wéi datt Parkplaze verluer wäerte goen.

Här Hartung.

4. Projets communaux

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. D'CSV ass kee Frënd vu Provisorien. Mä souwuel zu Nidderkuer wéi an der EIDE ass jo u sech schonn déi fest Struktur an der Planung. Dofir si mir ganz frou, datt no laanger Sich a ville Gespréicher tëscht de verschiddenen Intervenanten eng adequat Plaz fonnt gouf, fir dës Provisorium opzebauen, bis déi Gebailechkeeten hei zu Déifferdeng stinn.

Vill Déifferdenger Kanner si mëttlerweil do ageschriwwen a waren dovunner ausgaangen, datt si hir Scolaritéit an der EIDE hei an der Gemeng Déifferdeng kéinte maachen. Wat heimat dann och de Fall wäert sinn.

Ech wëll kuerz eppes zu där Ausso vun der Zersplitterung vun der Educatioun soen. Et handelt sech heibäi nach ëmmer ëm eng ëffentlech Schoul, wou sech jidderee ka gratis aschreiwen, wou een de Choix huet, wat eng Plus-value ass, an net eng Privatschoul, wat sozial ongerecht wier.

Wéi bei deem anere Projet vun der EIDE baut a virfinanzéiert d'Gemeng dës a kritt duerno integral d'Onkäschte vum Stat zeréck. D'Plaz läit zimlech gönschteg, vu que datt se direkt nieft dem EIDE-Lycée läit. Wat eng Rei vu Virdeeler mat sech bréngt. Mä d'Tatsach ass, datt se pénktlech fir d'Rentrée fäerdeg ass.

Just nach eng Fro um Schluss. Dës provisoiresch Installatioun ass hei am Devis fir zwee Joer virgesinn. Ass dat realistesch, bis déi aner fest Struktur steet? Well et war mol eng Kéier vu véier Joer geschwat ginn. Natierlech ass d'Zäit och mëttlerweil weider gelaf. Merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wann Der mech frot, ass et bal net realistesch, géif ech soen, wann ee weess, wéi schnell mer virukommen. Mä de Ministère hält drop, dass si déi Timetable do anhalen, an hir Planung esou leeft. Mä et ass nach net ugefaangen, et ass nach näischt geschitt, sou datt ech mech effektiv froen, ob et realistesch ass. Menger Meenung no misst schonn e klenge Wonner geschéien, à moins dass mer elo eng Bauweis fannen, wou et

ganz schnell geet. Also si hätten onbedéngt gär, dass et esou ass. Wéi gesot, et muss ee kucken.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass jo och esou, et ass just op zwee Joer, well dann den Haaptlycée soll fäerdeg sinn. Da sollen déi vum Provisoire eriwuer goen. Da gëtt de Provisoire fräi, an da ginn déi aus de Containeren an de Provisoire, an d'Containeren huele mer ewech. Esou ass et gerechent. Da kommen och déi Containeren am Zentrum ewech. Déi kommen dann all ewech, well mer do och musse weiderkommen.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Gär geschitt. Mir géifen zum Vote kommen.

Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 1 voix non d'approuver les devis et crédit spécial relatifs à l'installation transitoire d'un bâtiment modulaire pour les besoins des classes fondamentales de l'EIDE.

Den nächste Punkt si verschidde Multisporten, déi mer wëlle frësch maachen. Fir eng Fro direkt ze beäntweren: De Multisport wäert wahrscheinlech net musse geréckelt ginn, wann de Liichtathletiksterrain kënnt. Wann dat ieren eng Fro gewiescht wier, kënne mer eis déi erspueren. Soss géife mer déi Suen net dran investéieren. Normalerweis. Mä d'Architekter sinn nach net fäerdeg.

Här Ulveling ass et esou?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Richtig, Här Buergermeeschter. Dat hei sinn erëm zwee Multisporten. Dat eent ass d'Fousbanner Schoul. Dat ass am Fong d'Beispill vun engem Multisport,

JERRY HARTUNG (LSAP) explique que le CSV n'aime généralement pas le provisoire. Mais les structures fixes sont déjà en cours de planification. C'est pourquoi Jerry Hartung se réjouit qu'une place ait été trouvée pour ces locaux. Beaucoup de Differdangeois sont inscrits dans cette école et espéraient pouvoir y passer leur scolarité.

Quant à la fragmentation de l'enseignement, Jerry Hartung rappelle qu'il s'agit ici d'une école publique et gratuite représentant une plus-value. Ce n'est pas une école privée socialement injuste.

Les travaux seront préfinancés par la commune qui sera remboursée ensuite. Les conteneurs seront situés à côté du lycée et ils seront opérationnels pour la rentrée.

D'après le devis, la structure provisoire durera deux ans. Est-ce réaliste? Car la durée de construction de la structure définitive avait été estimée à quatre ans.

TOM ULVELING (CSV) ne pense pas que ce soit réaliste. Mais le ministère tient à ce que leur calendrier soit respecté. En fait, il faudrait un miracle.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) rappelle qu'au bout de deux ans, le lycée définitif devrait être terminé et les enfants pourront quitter les conteneurs et la structure provisoire. Les conteneurs du centre seront aussi éliminés.

(Vote)

Roberto Traversini passe à des terrains multisports qu'il s'agit de rénover. Il ajoute que le terrain multisport ne sera pas reculé avec la construction de la piste d'athlétisme. Les conseillers communaux peuvent donc s'épargner cette question.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il est question de deux terrains multisports. Celui du Fousbann est un exemple de ce qu'il ne faut pas faire. Dès le départ, les erreurs de conception étaient évidentes, mais il a fallu construire à la va-vite. Il faut faire confiance à ceux qui réalisent le travail et ne pas penser que l'on sait tout mieux que les autres. Ce terrain a été abîmé rapidement.

4. Projets communaux

Le terrain de l'école du Woïwer est plus ancien. Il doit être refait. Il est probable qu'il ne sera pas déplacé à la suite de la construction de la piste d'athlétisme.

Un terrain multisport coûte 45 000 €. Tom Ulveling demande aux usagers de respecter le matériel et de ne pas tester sa résistance.

FRED BERTINELLI (LSAP) constate que ces deux terrains avaient besoin d'être rénovés. Il s'agit d'éviter que des enfants ne se fassent mal.

Les socialistes ne sont pas satisfaits du terrain de l'école du Fousbann. Ils auraient préféré aménager le multisport sur la «Wuelemswiss». En effet, les voisins réclament en permanence à cause du bruit. Mais en fin de compte, la solution est acceptable. Fred Bertinelli est content que ces sites soient rénovés même s'il aurait déplacé l'un des deux de quelques centaines de mètres.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) souligne que les écologistes soutiennent toutes les améliorations apportées aux écoles comme c'est le cas ici.

GUY TEMPELS (CSV) estime que le collègue échevinal a raison de ne pas vouloir faire des économies. Souvent, le produit le moins cher finit par coûter plus.

La priorité doit revenir à la qualité et à la sécurité.

(Vote)

wéi een et net sollt maachen oder net sollt bauen. Oder net hätt solle bauen. Well do waren anscheinend schonn an der Konzeption Problemer, Feeler sengerzäit, wou awer gesot ginn ass: „Allez häpp, et muss elo schnell eppes dohin“. Dat soll eis eng Léier sinn. Dass een effektiv deene soll gleewen, déi dat instaléieren, an net mengen, et wéisst een et besser. Well no kuerzer Zäit war dee ganzen Terrain ënnerschwemmt. Dofir ass deen och futti gaangen. Dat ass deen um Fousbann.

Dee vun der École Woïwer ass schonn e bësse méi al. Dee muss nei gemaach ginn. Wéi de Buergermeeschter gesot huet, versiche mer, en op där Plaz ze halen. D'Planung vum Liichtathletiksterain ass voll amgaangen. Et gesäit esou aus, wéi wann dat effektiv kéint esou gemaach ginn. Dir gesitt, dass esou en Terrain ëm déi 45.000 Euro kascht. Dofir maachen ech hei en Opruff un eis Leit, déi dee benotzen: Et brauch een net ze testen, wéi schnell e futti geet, oder wéi schnell een eppes futti ka maachen. Et soll een dat Geschir, wat ee vun der Gemeng zur Verfügung gestallt kritt, respektéieren an uerdentlech domatter ëmgoen. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Den Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

D'LSAP begréisst dat, well déi Plazen et wierklech batter néideg haten. Et waren der e puer, wou Geforepunkte waren. Déi Plaze musse schnellstens renovéiert ginn, datt kee Kand sech eppes deet a sech wéi deet.

Nach si mer der Meenung, datt eis déi bei der Fousbanner Schoul net gefällt. Mir hätten éischter d'Tendenz gehat, wou d'Wuelemswiss diskutéiert ginn ass, fir se dohinner ze setzen. Well och ganz vill Noperen ëmmer reklaméiert hu wéinst dem Kaméidi op där Plaz, wou se ass. Mä domatter musse mer mëttlerweil liewen.

Wéi gesot, mer sinn awer frou, datt déi Plazen elo a Stand gesat ginn. Obscho

mer déi um Fousbann e puer Honnert Meter méi wäit gesat hätten. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

D'Madame Brassel-Rausch.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech kann nëmme widderhuelen als Gréng, dass mer absolut all Verbesserung vu Schoulen an deem Sënn begréissten. A vun Terrainen. Dat gehéiert jo och zu den Infrastrukture vun der Schoul.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Yes.

Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, dee Wee, deen hei vum Schäfferot ageschloe ginn ass, ass eiser Meenung no dee richtegen, fir vläicht net op dee leschten Euro ze kucken. Well meeschtens, wéi mer hei gesinn, ass déi bëllegst Versioun herno déi méi deier.

D'Sécherheet vun eise Kanner an d'Qualitéit vun de Spillplaze soll un éischter Stell stoen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à la réfection des terrains multisports aux sites scolaires Fousbann et Woïwer.

4. Projets communaux

Exzellent. An dat nächst ass: mir hu virun enger gewëssener Zäit ugefaangen, elektresch Bornen ze setzen. Dat huet am Moment extrem positiv Wierkungen. Et kommen elo e puer Bornë bäi.

Här Ulveling, kënnt Dir d'Plaze vläicht nennen?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Um Bock, zu Uewerkuer d'Jongeschoul, d'Maison relais Uewerkuer an um Fousbann. Firwat maache mer dat? Mä dat erlaabt eis e méi geregelten Zougang zu de Schoulhäff, a virun allem si mer sécher, dass, wann eng Kéier en Auto dobannen ass, d'Dier erëm zougeet. Well de Problem war oft bei esou Paarten, déi ee muss opmaachen, dass si da fortgefuer sinn, et stoung alles op, an dann hate mer duerno Autoen an esou weider an de Schoulhäff stoen. Wat mer net wëllen.

Déi Situatioun an der Foussgängerzon ass intenabel. Do si mer och amgaangen, den Accès ze regléiere mat esou Bornen. Well mer festgestallt hunn, dass d'Foussgängerzon samschdes a sonndes als Parkplaz vergewaltet gëtt. Deem wëlle mer virbeugen. Dofir wäerte mer och do a ganz kuerzer Zäit Bornen uewen an ennen opriichten, dass den Zougang regléiert gëtt. Dass do net méi esou wëll geparkt gëtt, wéi dat de Moment de Fall ass. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

D'LSAP ass frou, datt dee System weidergefouert gëtt. Mir haten ugefaange mat deenen Elektrobornen, well hallef Déifferdeng e Schlëssel hat vun deene Bornen, déi virun do waren. Do huet jidderee se opgemaach, sou wéi e wollt. An endlech geschitt emol eppes, datt net méi mat den Autoen an d'Schoulhäff ka gefuer ginn. Ausser, et ass kontrolléiert. Dat schaaft méi Sécherheet an eise Schoulhäff, wou eis Kanner sinn, datt do näischt geschitt. An eenzelne Stroos-

se si schonn esou Bornen. Dat ass dee richtege Wee, fir mat deene Bornë weiderzufueren. Well all dat anert ass opmaachbar mat anere Saachen. Just dat heite schéngt eng sécher Saach ze sinn, wou nëmme mat Kaarten oder iwwert d'Zäit ka geréiert ginn. Wat vill méi eng grouss Sécherheet fir d'Schoulhäff a fir weider Stroossen, d'Foussgängerzon, wäert sinn. Dat begrësse mer ausdrécklech, datt mer weiderfuere mat deenen elektresche Bornen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent.

D'Madame Brassel-Rausch.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech schlësse mech de Wieder vum Här Bertinelli un. Genau dat garantéiert Sécherheet a Kontroll an de Schoulen, a virun allem fir deem, wat am Moment an der Foussgängerzon lass ass, en Enn ze setzen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Just eng Fro zu deene Bornen. Ass eigentlech den Accès ëmmer fir d'Services de secours, eng Ambulanz oder d'Pompjeeën, garantéiert?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ëmmer.

GUY TEMPELS (CSV):

Loosse mer soen am schlemmste Fall, et wär kee Stroum do. Wéi funktionéiert dann déi Borne?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rappelle que la commune installe des bornes électriques depuis un moment. Cela se passe bien.

TOM ULVELING (CSV) précise que d'autres vont être installées «Um Bock», à Oberkorn et au Fousbann. Elles permettent de réguler l'accès aux cours de récréation. Actuellement, lorsque les portes restent ouvertes, il arrive que des automobilistes finissent par se garer dans les cours des écoles.

La situation dans la zone piétonne est elle aussi intenable. Les samedis matin, elle est utilisée comme parking. C'est pourquoi des bornes seront installées en haut et en bas.

FRED BERTINELLI (LSAP) rappelle que les bornes électriques ont dû être installées parce que la moitié de Differdange disposait des clés pour les anciennes.

Il était temps d'empêcher les gens de circuler en voiture dans les cours de récréation. Il s'agit d'assurer la sécurité des enfants.

Des bornes électriques ont déjà été aménagées dans certaines rues. Elles ne peuvent être ouvertes que par une carte. Cela garantit davantage de sécurité dans les cours d'école et sur la route et la zone piétonne.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

s'associe aux paroles de M. Bertinelli. Il s'agit de garantir la sécurité dans les écoles et de mettre un terme à ce qui se passe dans la zone piétonne.

GUY TEMPELS (CSV) demande si ces bornes garantissent l'accès aux services de secours, aux ambulances et aux pompiers.

4. Projets communaux

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

GUY TEMPELS (CSV) *demande ce qui arrive en cas de panne d'électricité.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

croit se souvenir qu'on peut les abaisser manuellement. On le lui a expliqué il y a quelques années. Il s'informera pour en être sûr.

CHRISTIANE SAEUL (DP)

revient sur les bornes installées dans la zone piétonne. Comment se feront les livraisons?

TOM ULVELING (CSV)

répond que les bornes peuvent être réglées afin qu'elles restent ouvertes pendant un laps de temps.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

précise qu'il faut laisser une certaine marge.

TOM ULVELING (CSV)

ajoute qu'une fois qu'on a réussi à entrer, on peut aussi ressortir. Le système est prévu pour cela.

FRED BERTINELLI (LSAP)

rappelle que ce ne sont pas les socialistes qui ont aménagé la zone piétonne. Mais celle-ci fonctionne comme dans toutes les grandes villes. Il existe un laps de temps où les livraisons sont autorisées.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wann ech mech gutt kann erënneren, kann een déi manuell erofsetzen. Do gëtt et e System. Normalerweis misst dat goen. Mä mir froen dat awer nach eng Kéier no, well ech dat viru Joren, ech mengen zwee, dräi Joer, gesot kritt hat, datt ee se manuell kann erofdrécken, well se hydraulesch ginn. Mir froen dat awer nach eng Kéier no. Da kritt Der natierlech gesot, ob dat méiglech ass.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Madame Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci. Ech wollt den Här Ulveling froen: Dir hutt gesot, dass déi Bornen och an d'Zone piétonne géife gesat ginn. Wéi maache mer et an deem Fall mat de Livraisounen?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Déi Bornë kann ee jo steieren. Et kann ee soen: „Si ass erof. Si ass vun da bis dann op“, oder esou. Dat ass kee Problem.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Okay.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass just eben haaptsächlech elo ...

CHRISTIANE SAEUL (DP):

...aus Sécherheetsgrënn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, an zäitlech begrenzt. Do huet een en Timer drop. Do léisst een natierlech e bësse Sputt, wann een amgaangen ass, eppes ofzelueden.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Wann s de dobanne bass, kënn's de ëmmer eraus.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ass kee Problem. Du kënn's just net eran. Also et ass esou gemaach, dass, ween ee bis dobannen ass, een ëmmer eraus kënnt. Mä et kënnt keen eran, wann s de net wëlls.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Maacht awer keng Reklamm domatter.

(Gelaachs)

Här Bertinelli, ganz gären.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Also et ass jo esou. Dofir ass ee frou, wann esou Froe kommen, well et jo och net mir waren, déi déi Foussgängerzon do agefouert hunn. Mä déi Foussgängerzon funktionnéiert genau esou, wéi an anere Stied och d'Foussgängerzone funktionnéieren. Do gëtt et eng Zäit de livraison an eng Zäit, wou d'Leit, déi do Geschäfte hunn, kënnen eran an eraus. Wéi an de meeschte Gemengen. Ech mengen, laut eisem Verkéiersreglement ass et hallwer eelef moies, da ginn déi Bornen automatesch zou. Wann dann nach ee misst eraus, geet dat och nach fir eraus. Mä et ass sech just ni dru gehale ginn. Dat ass de Problem. An ech mengen, datt dat mat deene Bornen hei emol Uerdnung wäert schafen, datt déi Leit, déi an d'Foussgängerzon fueren no

5. Actes et conventions

hallwer eelef, dann net méi erauskommen. Da wäert ee sech dat zweemol iwwerleeën, fir dann och ze kucken, fir dann déi Zäiten ze liwweren an net méi eranzefueren, wéini se wëllen. Mä et ass, mengen ech, begrenzt op hallwer eelef.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Yes, da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

Ah, Här Diderich, Pardon.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir ënnerstëtzen och dat hei mat de Bornë fir an d'Häff eran. Op den éischte Bléck hunn ech mer geduecht, dat wär zum Deel fir an de Stroossen, déi viru Schoule sinn, souzesoen anescht ze reglementéieren, wéi d'Kanner an d'Schoul bruecht ginn. Dat wär awer warscheinlech en ze staarken Agrëff. Mä dat ass mir op jidde Fall dunne als Iddi komm, wéi ech dat heite gesinn hunn. Well jo net ëmmer onbedéngt wierklech Explikatiounen dobäi sinn. Wéi ech mech doriwwer rensignéiert hat, hunn ech dann awer erausfonnt, dass et ëm den Accès geet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Souwäit si mer nach net, Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An ech hu mech gefrot, also mir hunn eis gefrot an der Sektoun vun Déi Lénk: leider gëtt och oft beim Aquasud abuséiert vun där viller Plaz virum Preau, ënnert dem Preau zum Deel. Wann et reent, gëtt sech do souguer placéiert. Dat heescht, do si guer keng. Do brauch een, mengen ech, keng elektresch Bornen, well do soll guer keen Accès sinn. Do misst ee vläicht déi eng oder aner Bacen dohinner setzen, dass dat net als eppes genotzt gëtt, wat net geduecht ass. Well et ass jo kee Parking, dat ass einfach fir d'Foussgänger.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Okay.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Wat och net reglementéiert ass, mä, ech mengen, dat ass en route, ass de Parking vu Motoen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif à l'aménagement de nouvelles bornes sur les chemins d'accès aux écoles et dans la zone piétonne.

Vu que datt d'Camionnetten nach net do sinn, mengen ech, datt een deen heite Punkt nach kéint duerchhuelen. Dir hutt gesi bei Actes et conventions, datt mer an Nei Déifferdeng déi 30 Parkplazen, déi dem Cactus gehéiert hunn, wéilt kafen.

Esou wäert mer eenzege Propriétaire vun deene Parkplazen, a mir kéinten et esou reglementéieren, wéi de Gemengerot et fir richtig fënnt. Et waren haart Verhandlungen. D'Präisser ware bal dat Duebelt. Mä vu que datt ech mech net ginn hunn an och nogefrot hat, wat de Cactus virun dofir bezuelt hat, virun e puer Joer, ware mer eis schnell eeneg, datt mer deesewechte Montant wéilt bezuelen. Mir wollt keng Plus-value, op alle Fall keng esou eng grouss Plus-value wéi déi, déi de Cactus wollt.

Si waren du ganz verstänneg a sinn eis entgéint komm. Mir kréien déi Parkplaz fir 20.000 Euro d'Stéck. Dat ass wierklech ënnert dem Präis vun ënnertdesche Parkplazen hei zu Déifferdeng. An déi kënne mer esou geréieren, wéi mir et fir richtig fannen.

Här Altmeisch.

Fred Bertinelli croit se souvenir qu'actuellement, les bornes sont ouvertes jusqu'à 10 h 30. Mais personne ne s'y tient. Avec les nouvelles bornes, il ne pense pas qu'on puisse quitter la zone piétonne après 10 h 30. Cela poussera peut-être les livreurs à respecter les horaires.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue à son tour l'installation de bornes électriques à l'entrée des cours de récréation. Au début, il avait pensé qu'il s'agissait de régler les routes autour des écoles, car le dossier n'était pas très explicite. Il a dû s'informer.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que le collègue échevinal n'entend pas encore aller aussi loin.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) ajoute que les abus sont aussi nombreux à Aquasud. Lorsqu'il pleut, les gens se garent même sous le préau. Il faut trouver une solution, mais pas nécessairement une borne électrique puisqu'il ne s'agit pas d'un accès. (Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe au point suivant. Le collègue échevinal souhaite acheter les trente places de stationnement appartenant à Cactus. De cette façon, la commune serait seule propriétaire de ces places de stationnement et pourrait les régler comme elle l'entend. Les négociations ont été rudes, car Cactus demandait le double. Mais finalement, la commune s'est informée du prix payer par Cactus lors de l'acquisition et un accord a été trouvé à 20 000 € par place de parking. C'est nettement moins que le prix moyen d'une place de parking souterrain à Differdange.

5. Actes et conventions

GUY ALTMEISCH (LSAP) demande s'il s'agit de trente places de stationnement ayant appartenu à Cactus et que la commune achète.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que oui.

GUY ALTMEISCH (LSAP) demande combien de places Cactus conserve.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond qu'il n'en conserve aucune. Il précise qu'aujourd'hui aussi les gens peuvent se garer sur ces places.

GUY ALTMEISCH (LSAP) constate que les gens occupent donc des emplacements du supermarché.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) rappelle que M. Altmeisch a voté contre les nouvelles taxes de stationnement tout à l'heure, mais les automobilistes sont tous traités de la même façon. Ils ont droit à une heure de stationnement gratuit — qu'ils achètent une banane ou une aspirine, ou qu'ils aillent chez le médecin.

Cela facilitera la gestion du parking. Car de toute façon, les gens ne se tenaient pas au règlement. Ils se garaient sur les places de Cactus pour aller acheter une aspirine au lieu d'une banane.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) salue l'acquisition des places de stationnement. Elles arrivent au bon moment puisque la commune a introduit de nouveaux tarifs.

(Rires)

Yvonne Richartz-Nilles croit se souvenir que le parking s'appelle «Nei Déifferdeng».

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que oui.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG) propose de nommer ce parking «Aalt Stadhaus». Car le soir, les gens pourraient prendre l'ascenseur pour aller à l'Aalt Stadhaus.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir schwätzen hei vun 30 Parkingen, déi dem Cactus gehéiert hunn, déi mir als Gemeng elo kafen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Wéivill Parkplaze behält de Cactus, de Supermarché?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Keng.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Keng?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen. Wéi haut och. D'Leit konnten hiren Auto dohinner parken.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Also si haten awer déi Stonn, si huelen am Fong geholl elo d'Plaze vum ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt zwar dogéint gestëmmt, mä ...

GUY ALTMEISCH (LSAP):

... Supermarché.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, et ass wéi bei all Geschäft hei zu Déifferdeng, wou mer elo e Règlement hunn, wat Dir virdrun net matgestëmmt

hutt. All d'Leit, déi do parken an dann an d'Apdikt ginn oder bei den Dokter, ginn all d'selwecht behandelt. Ob se eng Banann kafen oder eng Aspro, si hunn eng Stonn gratis. Duerno bezuele se den normalen Tarif. Wat mer virdru gestëmmt hunn.

Dat vereinfacht eis d'Gestioun vun deem ganze Parkhaus. Well et muss een och soen: "D'Leit hu sech net dru gehalten". D'Leit hunn den Auto dohinner gestallt, an da si se awer an d'Apdikt gaangen an hu keng Banann kaf. Sou datt ech mengen, datt mer am grouse Ganzen eppes fir de Patrimoine vun der Stad Déifferdeng maachen.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Okay, Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Madame Yvonne Richartz.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Mir begréissen déi 30 Parkplazen. Déi komme jo zu engem gudde Moment, mam neie Parkingstarif.

(Gelaachs)

Mir hunn eis Gedanke gemaach, dee Parking heescht jo Nei Déifferdeng.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Wann een dee Parking kéint ëmbenennen op Aalt Stadhaus. Well wann een am Parking ass, kéinten déi Leit, déi owes an d'Stadhaus ginn, dann de Lift huelen an d'Aalt Stadhaus. Nei Déifferdeng fanne mir net ...

5. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et geet een et net op Al Déifferdeng si-chen, mä bei Nei Déifferdeng. Dofir mengen ech, datt déi Propos ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Neen, Aalt Stadhaus.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Aalt Stadhaus.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Aalt Stadhaus. Ech fannen, déi Propos solle mer mat an d'Kommissioun huelen an am Schäfferot beschwätzen. Mä ech fannen... Jo, da weess een, et geet een an d'Stadhaus.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Jo.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Da weess een och, dass do e Parking ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, Merci fir déi Ureegung, Madame Richartz.

D'Madame Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. D'Demokratesch Partei stëmmt natierlech dëse Kaf vun deenen 30 Parkingsemla-menter an Nei Déifferdeng, spéider vläicht Aalt Stadhaus. Et ass eng gutt Id-di. Zu engem abordabele Präis. Mir géi-fen eis wënschen, et kéimen der nach dobäi. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir ginn eis drun.

Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wëll dozou eng Erklärung ginn. Ech fannen dat net schlëmm, wann een Nei Déifferdeng géif anescht nennen. Mä mir hunn e Parking Aalt Stadhaus. An da géife mer nach e Parking Aalt Stadhaus kréien. De Parking hannert dem ale Stadhaus, dee sur terre ass, heescht Parking Aalt Stadhaus. An dee Parking ënnen an Nei Déifferdeng, dee Souter-rain, wou de Cactus dran ass, ass de Parking Nei Déifferdeng. Wann ech déi Pläng richtig verstinn, soll jo nach en ënnerierdescht Parkhaus ënnert d'Place kommen. Dann nenne mer deen och anescht. Ech weess et net. Ech hunn näischt dogéint, wann Nei Déifferdeng net esou heescht. Mä et muss een awer d'Differenz maachen. Momentan hu mer zwéi Parkingen. Deen een heescht Aalt Stadhaus, an deen aneren ass Nei Déifferdeng. Mir kënnen se och d'sel-wecht benennen. Ech hunn näischt do-géint. Mä wann ech gefuer kommen, an ech kennen Déifferdeng net a soe mer, ech wëlt an d'Aalt Stadhaus, mengen ech, et wär deen dote Parking d'Aalt Stadhaus a fueren an de Supermarché eran, an da muss ee mam Lift ... Also et ass net esou einfach, obschonn ech näischt dogéint hunn. Et ass e bësse méi komplizéiert, wéi einfach den Numm ze changéieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir müssen de Leit och weisen, wou d'Parkplazen herno eidel oder fräi sinn. Dofir solle mer dat an d'Kommissioun mathuelen. Déi zwou Ureegungen huele mer op alle Fall mat.

Den Här Diderich hat d'Wuert gefrot.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt emol froen, wéi virdrun d'Ex-ploitioun dovunner gemaach ginn ass,

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
n'est pas contraire à l'appeler «Al Déifferdeng». Il propose...

TOM ULVELING (CSV) *interrompt M. Traversini. Mme Richartz-Nilles a parlé d'«Aalt Stadhaus».*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
trouve que le collège échevinal de-vrait en discuter et que l'idée devrait être présentée à la commission de la circulation. Le nouveau nom per-mettrait de souligner le fait que l'on se rend à l'ancien hôtel de ville.

TOM ULVELING (CSV) *ajoute que cela permettra aux automobilistes de savoir que l'Aalt Stadhaus a un parking.*

CHRISTIANE SAEUL (DP) *annonce que le DP approuvera l'acquisition de ces trente places de stationne-ment dans le parking «Nei Déifferdeng» à un prix abordable. Elle es-père que d'autres suivront.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond que le collège échevinal fait de son mieux.

FRED BERTINELLI (LSAP) *rappelle que le parking derrière l'ancien hô-tel de ville s'appelle déjà «Aalt Stadhaus». Celui du Cactus s'appelle «Nei Déifferdeng». Un autre par-king sera aménagé sous l'ancien hô-tel de ville. Fred Bertinelli n'est pas contraire à l'idée d'appeler «Nei Déifferdeng» différemment. Mais il faut pouvoir distinguer les parkings. Autrement, ils s'appelleront tous «Aalt Stadhaus» et les visiteurs qui penseront aller au centre culturel se retrouveront chez Cactus. Fred Ber-tinelli n'est pas contraire à un chan-gement de nom, mais il faut réflé-chir au préalable.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
ajoute que la commune doit aussi pouvoir signaler clairement où il y a des places disponibles. La com-mission en discutera.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *de-mande comme se passait l'exploita-tion avant. Les places appartenaient à Cactus. Payaient-ils le gestion-naire?*

5. Actes et conventions

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) rappelle qu'il s'agit tout de même d'un supermarché. Les autres supermarchés disposent aussi de places de stationnement. Gary Diderich comprend pourquoi le collège échevinal agit de la sorte, mais il s'agit de deux poids et deux mesures.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

explique que les frais étaient partagés à travers le syndicat.

La deuxième question est pertinente. Mais pour la commune, il est plus facile de gérer l'ensemble des places. Ce qui importe, c'est que les gens puissent trouver des places de parking, peu importe qu'ils aillent à la pharmacie ou chez le boulanger. Le nouveau système constitue une plus-value pour la ville. Autrement, lorsqu'un boucher ouvre un magasin, il faudrait aussi lui demander s'il a besoin de places de parking. Ce n'est pas facile.

FRED BERTINELLI (LSAP) ajoute que le système n'a jamais fonctionné parce que les gens allant au Cactus se garaient sur d'autres places et ceux allant ailleurs se garaient sur les places de Cactus. Sans oublier que désormais, la commune pourra profiter de ces trente places même lorsque le supermarché est fermé. Fred Bertinelli est content de récupérer ces places. Il trouve que ce n'était pas une bonne idée de les donner à Cactus. Certes, il s'agit d'un supermarché. Mais si l'on se rend dans un petit magasin le long du trottoir, on doit aussi pouvoir garer sa voiture.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

précise que la commune n'a jamais vendu ces emplacements à Cactus. C'était le promoteur, qui ne les a d'ailleurs jamais proposées à la commune. Celle-ci a obtenu cinquante emplacements en échange de terrains.

wann en Deel dem Cactus gehéiert hu-
et.

Dat ware jo dann hir Parkplazen. Hu si dann och zum Deel d'Firma bezuelt, déi do d'Keess an esou weider geréiert hu-
et?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Wa mir dat doten elo iwwerhuelen, dann ... Et muss ee jo awer soen, dass mer hei e Supermarché hunn. Dee sollt jo awer och iergendwéi Parkplazen hunn, wéi aner Supermarchéen och hir Parkplazen hunn. An datt mer dat heiten dann elo alleng iwwert d'ëffentlech Hand huelen: ech verstinn dee praktische Grond, firwat een dat mécht. Mä ech froe mech awer, ob mer do mat gläiche Moossen agéieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do si Milliëmen drop. D'Fraise sinn opgedeeft ginn iwwert de Syndic.

Et ass eng berechtigt Fro. Mä mir fan-
nen awer, datt et méi einfach ass, wann d'Gemeng dat Ganzt geréiert. Mir ass et éierlech gesot egal. Haaptsaach, d'Leit kommen op Déifferdeng, a si kréien do eng Parkplaz. Da gi se vun do aus an d'Apdikt oder bei de Bäcker oder soss éierens, wéi wa se just déi Banann do kafe ginn.

Ech mengen, datt et am grouss Ganzen eng Plus-value fir d'Stad ass. Mä et ass awer eng berechtigt Fro. Mä da misst een, wann e Bäcker, oder eng Metzlerie hautdesdaags opmécht, och froen: "Wou sinn dann Är Parkplazen, déi Der braucht?" Et ass net esou einfach.

Här Bertinelli nach eng Kéier.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wëll nach eng Kéier drop zeréck-
kommen, well dat, wat den Här Diderich elo gesot huet, haaptsächlech de

Grond war, datt mer deemools dem Cactus déi Parkplaze verkaf hunn. A lei-
der muss ee soen, Här Diderich, huet dat ni fonctionnéiert. Vum éischten Dag un net. Well da méi Leit an de Cactus gaange sinn, sech dann op aner Parkplaze vun der Gemeng gestallt hunn, an emgedréit d'selwecht. Also wann een dat kuckt, ginn ech Iech vollkomme Recht, mä d'Gemeng huet hei méi e grouss Virdeel, andeems se déi Parkin-
ge keeft, well och nuets, wann de Cactus net op ass, oder de Weekend huet d'Gemeng Déifferdeng déi 30 Parkinge wei-
der. Wann de Cactus déi Parkingen do net brauch, kann d'Gemeng dovunner profitéieren, wat mer mat hinnen och ofgemaach haten.

Ech si richtig frou, datt mer déi Parkin-
gen do zeréckkréien. Well et war vun Ufank un, mengen ech, keng gutt Iddi, dem Cactus déi Parkingen ze ginn, well se der Gemeng éischter eppes bréngen am Zentrum vun Déifferdeng wéi dem Cactus.

(Ënnerbriechung duerch den Här Ulve-
ling)

Och wann ee seet: "Do ass e Supermar-
ché". Mä och bei engem Geschäft, wat laanscht d'Strooss, läit, ginn d'Leit hin, parke virun der Dier, müssen hire Par-
king bezuelen. Also bei der Situatioun, déi net ganz kloer war, ass hei ganz kloer d'Gemeng, déi de gréissere Gewënn mécht, wa se déi Parkinge selwer huet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wosst, Dir wollt dat net soen, mä d'Gemeng huet hei am Fong geholl dem Cactus dat ni verkaf. Et ass de Promo-
teur, deen dat mam Cactus ofgemaach huet. Do waren déi 30 Plaze mat dobäi. Mir hunn déi ni proposéiert kritt. Dat Eenzeit, wat mir haten, ass: Mir hunn d'Terrainen eraginn, a mir hu 50 Park-
plazen amplat kritt. Als Patrimoine. Et ass net esou, datt d'Gemeng se elo ginn huet a se erëm erëmhält, mä dat war de Promoteur.

Här Hartung, ganz gären.

5. Actes et conventions

JERRY HARTUNG (CSV):

Mir fannen et och eng ganz gutt Saach, datt d'Gemeng déi 30 Parkplaze keeft. Well mer esou e Parking, dee ganz zentral läit, wierklech all den Awunner kënnen ubidden. Et kann een dem Schafferoth felicitieren, datt en esou gutt verhandelt huet, well deen dote Präis fir Parkplazen ass wierklech niddreg.

Et däerf een och net vergiessen, datt op der place Nelson Mandela, well jo do geschafft gëtt, all déi Parkplaze verschwanne wäerten. Dofir ass et gutt, datt mer quasi op därselwechter Plaz genuch Parkplazen hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente de trente emplacements de parking dans la résidence Nei Déifferdeng.

Wann Der wëllt, géife mer nach den nächste Punkt schnell oder méi lues duerchhuelen, an da géife mer zesummen op d'place des Alliés fueren. Hei geet et ëm e Commerce, dee scho vill am Gespréich ass, niewent der Spuerkeess, 2 avenue Charlotte. De Präis ass méi wéi abordabel. Fir 170 m² bezuele mer 440.000 Euro. Dat reit sech an déi Logik an, déi mer virun e puer Joer ugefaangen hunn, fir ze soen, datt d'Gemeng sech soll e bëssen dra mëschen, fir déi eidelsteeënd Geschäfte erëm un d'Liewen ze kréien.

Wann déi Fro iere sollt kommen: „Wat huet d'Gemeng dann domatter virgesinn?“ Dat kann ech Iech direkt soen. De Bail ass net fäerdeg ginn. Mä mir wäerten dem CIGL et verlounen, an et wäert e Vëlosgeschäft dohinner kommen. D'Konventioun ass schonn ënnerschriwwen mam Aarbechtsminister Nicolas Schmit, deem ech wëll Merci soen, datt mer dat esou schnell hikritt hunn. Et gëtt en Occasionsvëlosgeschäft. Well ganz vill Leit Vëloen doheem stoen

hunn, mat deene se näischt wëssen unzefänken, well hei am Land meeschtens d'Geschäfte, déi se verkafen, se net zeréckhuelen. Et gëtt ee vläicht méi grouss oder méi breet, oder d'Kanner gi méi grouss, an dann huet een op eemol d'Vëloen do stoen. An da kann ee se do verkafen. D'Konzept steet nach net 100%eg. Mä et ass op alle Fall dat, wat déi nächst Méint do wäert opgoen. Da wäert Déifferdeng och säi Vëlosgeschäft hunn, mat enger sozialer Oder dobäi. A fir 440.000 Euro ass dat wierklech net ze deier, wann ee bedenkt, wat déi lescht dräi, véier Joer do war, wéivill mol op an zougemaach ginn ass. Sou datt ech mengen, datt et Zäit gëtt, datt do eppes kënnt, wat méi laang op bleift.

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

D'LSAP steet natierlech weiderhin hannernt där Iddi, dass d'Stad Déifferdeng sech selwer drëm bekëmmert, fir déi eidelsteeënd Lokaler erëm ze beliewen. Natierlech, mir haten dat schonn eng Kéier gesot, kënnen mer net op dësem Wee d'ganz Stad beliewen. Dofir mengen ech, dass et elo esou lues néideg wär, dass mer e Gesamtkonzept géifen entwéckelen. Souwäit ech informéiert sinn, hu mer momentan kee City manager méi. Oder hu mer nach een? Dat wësst Dir elo besser wéi ech. Mä ech mengen, et sollt een emol kucken, wat mer hei zu Déifferdeng am Zentrum brauchen. Wéi solle mer dat Ganzt sech entwéckele loosse? Wou intervenéiere mer? Wat kafe mer? Wat kafe mer net?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hunn do eng Propos ze maachen.

ERNY MULLER (LSAP):

An esou weider. Ech mengen, dat wär wichteg. An dat, ier mer weiderfueren an nach weider Lokaler opkafen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg, Dir hutt vollkomme Recht.

JERRY HARTUNG (CSV) salue l'acquisition de ces emplacements dans le centre-ville. Il félicite le collège échevinal pour les bonnes négociations qu'il a menées. Il rappelle qu'avec le chantier, il ne sera plus possible de stationner sur la place Nelson-Mandela.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

propose de passer au point suivant. Il s'agit d'un commerce situé 2, avenue Charlotte. La commune l'achète pour 440 000 € alors qu'il fait 170 m². L'objectif est de dynamiser le centre.

Le contrat de bail n'est pas encore finalisé, mais le local sera loué au CIGL pour y aménager un magasin de vélo. Une convention a déjà été signée avec le ministre du Travail Nicolas Schmit, que Roberto Traversini remercie.

En fait, il s'agira d'un magasin de vélos d'occasion. Beaucoup de gens ont des vélos à la maison et ne savent pas quoi en faire. En général, les magasins qui en vendent ne les reprennent pas.

Le concept n'est pas encore prêt à 100 %. Mais le magasin ouvrira ses portes dans quelques mois. Roberto Traversini trouve le prix de 440 000 € correct. Il rappelle qu'au cours des trois ou quatre dernières années, le local a changé plusieurs fois de propriétaire. Il est temps que quelque chose de stable y ouvre.

ERNY MULLER (LSAP) soutient le fait que la commune s'occupe de locaux de commerces vides. Mais d'un autre côté, elle ne réussira pas à dynamiser toute la ville de cette façon. C'est pourquoi il serait temps de développer un concept global. Actuellement, Differdange n'a pas de «city manager». De quoi Differdange a-t-elle besoin? Comment peut-on développer le tout? Comment intervenir?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) a une proposition à faire.

ERNY MULLER (LSAP) trouve qu'il faut un concept avant d'acheter de nouveaux locaux.

5. Actes et conventions

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

lui donne raison.

ERNY MULLER (LSAP) demande ce qui ouvrira dans l'autre local de l'avenue Charlotte.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond qu'il s'agit d'un magasin de sport.

ERNY MULLER (LSAP) trouve que cela répond à un besoin. Mais il faut un concept.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répondra à cette question tout à l'heure.

Il cède la parole à M. Schwachtgen, qui a l'air fâché.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

répond que ce n'est pas vrai. Tout au plus est-il un peu fatigué.

Comme M. Muller, Frenz Schwachtgen est d'avis qu'il faut un concept global pour raviver le commerce. L'idée d'acquérir des locaux et de les louer pour moins cher est bonne.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

proteste. Les locaux ne sont pas loués pour moins cher.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

trouve que le prix pour l'Ikkuvium, dont il sera question tout à l'heure est bon.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

signale que l'amortissement ne porte que sur vingt ans.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

répète qu'il faut un concept global.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est du même avis. Il reviendra sur ce point tout à l'heure.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

estime qu'il faut aussi voir quels commerces soutenir prioritairement.

ERNY MULLER (LSAP):

Eng Fro, déi ech hunn: Wat kënnt elo an dat anert? Mir hu jo nach méi erop an der avenue Charlotte och schonn ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

E Sportsgeschäft.

ERNY MULLER (LSAP):

Kënnt do e Sportsgeschäft? Ass dat elo definitiv?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Privat, jo, jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Dat ass jo eng ganz gutt Initiativ, dat ass och e Besoin. Ech mengen awer, dass een an deem Konzept déi Besoinen definiert, kuckt, wat dem Zentrum vun der Stad Déifferdeng zegutt kënnt,...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, Dir kritt herno eng Äntwert op Är Fro.

ERNY MULLER (LSAP):

... an esou weider. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

HÄR SCHWACHTGEN, GANZ GÄREN. DIR KUCKT MECH ESOU BÉIS.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Nö.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dann ass et gutt.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech si vläicht e bësse midd. Mä ech wollt einfach dat hei dobäi soen. Den Här Muller huet d'Thema ugeschwat. Ech denken, mer müssen e Gesamtkonzept hunn, wéi mer eist Geschäftsliewen erëm beliewen, ekonomesch gesinn. Mer kënnen net op där enger Säit – also eise Prinzip ass jo gutt – Geschäftslokalen opkafen a méi bëlleg verloune wéi den ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, mir verlounen net méi bëlleg.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Wa mer herno beim Ikkuvium kucken, denken ech, dass dat e gudde Präis ass fir den Ikkuvium, wa mer dat ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Lotissement gött just op 20 Joer gemaach.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

D'accord. Mä ech mengen, mer müssen e Gesamtkonzept kréien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Net, dass mer an ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kritt eng Äntwert.

5. Actes et conventions

FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

An och kucken, wat fir Commercë mer prioritär ënnerstëtzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

E Geschäft mat Vuittonspösch brauch ech net ze subventionéieren, mä ech muss awer déi normal ...

(Ënnerbriechung duerch den Här Ulveling)

... Besoine vun der Bevëlkerung hei am Zentrum, vu Kleederkaf bis zur Alimentatioun, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

... kënnen ënnerstëtzen, mat engem Loyer, dee fir jiddereen equitabel ass. Net, dass een, well e Propriétaire ass a wëll Suen aus enger aler Barak schloen, engem esou vill Loyer freet, d'Gemeng keeft dat Lokal niewendrun op a gëtt et zu méi engem bëllege Loyer of, ...

(Ënnerbriechung duerch den Här Ulveling)

... well da kréie mer ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

... deux mesures. An dat ass net gutt. Wéi gesot, mer sinn do ganz op där Linn, dass mer do e Konzept brauchen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir wäerten herno nach dorop ze schwätze kommen. Mä dat hu mer och elo scho mat der AISK. Wëll heeschen, d'Gemeng lount, a si lount fir e garantierte Loyer.

Frenz Schwachtgen (déi gréng):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kommt, mer kucken, wat herno, ... Net nëmmen e Geschäft, mä privat. Dir hutt op alle Fall Recht. Do muss eppes kommen. Mir schloen och eppes vir.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir begreissen, sou wéi dee leschte Kaf, och deen heite Kaf. Elo eréischt si mer gewuer ginn, wat d'Iddi ass. Dat kënne mer prinzipiell begreissen. Et ass e Besoin zu Déifferdeng an, wann ee seet, dass ee sech op Occasiounen spezialiséiert, denken ech, och zu Lëtzebuerg.

D'Fro, déi sech stellt, ass, ob do och Reparatiounen wäerte virgesi sinn, an net nëmmen de Verkaf. Et stelle sech déi nämmlechte Froe wéi déi, déi elo schonn opgeworf gi si vun de Kollegen. Dat heescht: Wat ass déi allgemeng Demarche?

Wéi stelle mer sécher, dass et op jidde Fall ëmmer eng Argumentatioun gëtt, firwat deen een et kritt, an net deen aneren? An och, wéi mer mat de Präisser, op d'mannst bei deenen, wou mir als Gemeng verlounen, eng gewësse Gläicheit kréien? Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg, ma ech wäert Iech duerno e puer Saache virschloen.

Den Här Tempels, w.e.gl.

Un magasin vendant des sacs Vuitton n'a pas besoin d'être subventionné. Mais la commune doit soutenir les commerces répondant à un besoin de la population, par exemple pour ce qui est de l'alimentation et des vêtements. Les loyers doivent être équitables. Il ne faudrait pas qu'un propriétaire demande beaucoup d'argent pour un taudis et que la commune loue pour pas cher deux maisons plus loin. Autrement, la commune se retrouvera avec deux poids et deux mesures, ce qui ne serait pas bien.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
reviendra sur ces questions tout à l'heure. Il signale que l'AISK opère selon le même principe: elle loue un bien et garantit le loyer. Mais M. Schwachtgen a raison et le collège échevinal fera une proposition tout à l'heure.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *salue l'acquisition du local. Le magasin qui y ouvrira correspond à un besoin à Differdange et probablement au Luxembourg. Pour le reste, Gary Diderich se pose les mêmes questions que ses collègues. Quelle est la démarche globale? Comment le collège échevinal argumente-t-il ses décisions de choisir un commerçant et pas un autre? Comment les prix sont-ils fixés?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répète qu'il fera des propositions tout à l'heure.

5. Actes et conventions

GUY TEMPELS (CSV) *trouve que le prix n'est pas exagéré. Il se demande cependant lui aussi quel est le concept de toutes ces acquisitions.*

Le collègue échevinal doit veiller à garder assez de fonds dans le budget pour ne pas passer à côté d'une bonne occasion.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *peut assurer à M. Tempels que la valeur du patrimoine de la ville a augmenté au cours des dernières années. En outre, comme le prouvent les parkings, les locaux de commerce et les fermes, les prix d'acquisition étaient raisonnables. Roberto Traversini fait très attention à l'argent des contribuables, car ce n'est pas le sien.*

SERGE GOFFINET (LSAP) *répète à son tour qu'il faut un concept. Pour le moment, la Ville ne fait qu'acheter et acheter.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond qu'il va revenir là-dessus.*

SERGE GOFFINET (LSAP) *insiste sur le fait qu'un concept se réalise ensemble.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *lui demande de patienter. (Discussions)*

SERGE GOFFINET (LSAP) *précise qu'«ensemble» signifie «sans tenir compte des partis politiques». Il est question de tous les Differdangeois.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *rappelle que les socialistes ont introduit une motion. Il y aura donc un débat.*

SERGE GOFFINET (LSAP) *réplique que c'est ce à quoi servent les motions.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *ajoute que le collègue échevinal fera une proposition.*

SERGE GOFFINET (LSAP) *signale que la question du commerce qu'il faut raviver est souvent abordée par le conseil communal. C'est pourquoi il faut trouver une solution. Chaque*

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, léif Kolleegen, dësen Objet schéngt och am Präis net iwwerdriwwen ze sinn.

(Ënnerbriechung duerch den Här Ulveling)

Trotzdem sollte mer eis iwwerleeën, wéi a wouhinner mer de Kaf vun esou Immobilie wëlle steieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

GUY TEMPELS (CSV):

Sief et vum Konzept hier, wou mer elo grad ebe geschwat hunn.

De Budget sollte mer eis virun Aen halen, fir datt mir nach deen néidege Fong hunn, wann iergendeppes op de Maart kënnt, wou mer net wäerten däerfen "Neen" soen. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Vu que datt ech e bësse responsabel si vun der Gemengekeess, kann ech Iech soen, datt mer mat all deenen Akeef oder Keef, déi mer déi lescht Jore gemaach hunn, de Patrimoine vun der Gemeng extrem vill an d'Luucht gesat hunn. A och wann Der d'Präisser kuckt, déi mer bezuelen, sief dat fir Parkingen, fir Geschäfte oder Bauerenhäff, ka keen eis virwerfen, mir hätte Saachen iwwert dem Präis kaaft. Dat huet och kee gemaach. Dat hutt Der och net gemaach. Gleeft mer, ech halen de Fanger op d'Sue vun der Allgemengheet. Et sinn net meng. Et sinn eis Suen alleguerten. A mir wäerten do nach eng Äntwert ginn.

Här Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Et gëtt oft hei iwwer Konzept geschwat. Dat wier u sech dat Allerwichtigst. Mir kafen op, mir kafen op a mir kafen op.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kritt dat elo geschwënn.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Mä e Konzept schafft een zesummen aus.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da waart of.

(Diskussionen)

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech hoffen, dass dat kënnt. Zesummen heescht iwwerparteilech. Dat heite geet all Déifferdenger eppes un.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt jo eng Motioun agereecht. Ech mengen, datt een dat och sollt uschwätzen.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Dat soll een uschwätzen, dofir si Motiounen do.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do wäert Der dann eis Propos vum Schäfferot kréien.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Dofir si Motiounen do. Eppes, wat definitiv oft ugeschwat gëtt hei an der Gemeng, ass d'Geschäftswelt, dass een déi erëm schwéier un d'Goe kritt. Dofir wier et immens wichteg, wann dat iwwerparteilech géif geregelt ginn.

5. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Wou jiddereen un engem Seel zitt, dass et och endlech erëm – no 20 Joer, kann ee scho bal soen – e richtige Succès gëtt, dass mer eis Geschäftswelt erëm kéinten aktivéieren, a richtig aktivéieren. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente d'un local commercial avec cave et terrasse au 2, avenue Charlotte.

Merci, mir géifen d'Sëtzung eng hallef Stonn ënnerbriechen. An da fuere mer um Punkt 12:00 Auer erëm weider.

(Paus)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum nächste Punkt kommen. Dat ass bei Actes et conventions de Punkt c). Do kréie mer e puer Parzellen an der Gréisst vu 4,39 Ar geschenkt. Ech géif soen, datt, wann dozou keng Wuertmeldunge sinn – Dir gesitt, wat fir Parzellen et sinn –, mer se géifen zum Vote stellen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de cession gratuite concernant des parcelles situées au Woiwer.

Villmools Merci. Dat hei besteet elo scho 15 Joer. D'Konventioun mam Jugendhaus. Ah, neen, Pardon, ech hunn

een iwwersprongen. Ech hat dat schonn duerchgestrach. Dat war, well ech schonn dovunner geschwat hat. Dat ass eng Konventioun, déi mer de 16. Januar 2013 mat der Societët Habitations à Bon Marché ofgeschloss haten. An där Konventioun war virgesinn, datt de Bail emphytéotique just géif op 25 Joer goen. Si hunn eis gefrot, ob mer kee Problem domatter hätten, en op 99 Joer eropzesetzen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Den Droit de préemption.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Droit de préemption, richtig. D'Leit kënnen d'Haus natierlech verkafen, mä 99 Joer behält d'Societët d'Recht, et ofzekafen. Mir sinn der Meenung, datt dat eng gutt Decisioun ass. Ech war och do an de Verwaltungsrot geruff ginn. Wann een eng bëlleg Wunneng kritt, soll een dann net duerno, no e puer Joer, och net no 25 Joer, eng Plus-value drop maachen. Wann ee wierklech gär verkeeft, soll een et zu deem Präis verkafen, deen d'Societët fir richtig fënnt. Ech fannen et gutt, datt et op 99 Joer eropgesat gëtt amplaz vu 25 Joer.

Géife mer do zum Vote kënnen kommen?

(Zoustëmmung)

Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à la convention avec la société SNHBM.

Exzellent. Da komme mer elo zur Konventioun fir d'15. Kéier hannerteneen. Et si just déi eng oder déi aner Säite bäikomm. An ech wier natierlech frou, wann Der déi och dëst Joer géift matstëmmen.

Da géife mer elo zum Vote kommen.

partie doit aller dans la même direction afin d'activer le commerce après vingt ans.

(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

interrompt la séance une demi-heure. Elle reprendra à 12 h.

(Pause)

Roberto Traversini passe au point c des actes et conventions. On offre à la commune deux parcelles de 4,39 a.

(Vote)

Roberto Traversini passe à une convention datant du 16 janvier 2013 avec la Société nationale d'habitations à bon marché. Le bail emphytéotique passe de 25 à 99 ans.

(Interruption de M. Krecké)

Roberto Traversini confirme qu'il s'agit du droit de préemption. Cela signifie que si les propriétaires décident de vendre la maison, la SNHBM conserve un droit de rachat pendant 99 ans. Il s'agit d'éviter que les propriétaires ne fassent une plus-value avec un logement obtenu à un prix social.

(Vote)

Roberto Traversini passe à une convention qui doit être approuvée pour la 15^e année d'affilée.

(Vote)

5. Actes et conventions

Roberto Traversini passe à l'Ikkuvium, dont l'acquisition a été approuvée lors de la dernière séance. De nombreux exploitants ont répondu à l'appel. Finalement, le collègue échevinal a retenu la candidature d'un exploitant possédant déjà plusieurs restaurants et brasseries. Roberto Traversini estime qu'un bar à sport pourrait attirer les jeunes et améliorer la mixité sur la place du Marché. Bien entendu, le bar est réservé à tous les amateurs de sport. Il y aura beaucoup de télévisions. Pour ce qui est nuisances sonores, il n'y aura pas de musique jusqu'à 3 h du matin. Cela devrait résoudre les problèmes avec les locataires du dessus.

Le loyer permettra d'amortir le prix d'acquisition sur vingt ans.

ERNY MULLER (LSAP) constate que M. Traversini vient d'avancer quelques arguments en faveur d'un bar à sport — notamment la jeunesse et la mixité. Les socialistes rappellent que le local en question dispose d'une cuisine moderne et professionnelle. N'aurait-on pas pu choisir un restaurant? Ici, il s'agit plutôt de restauration rapide.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond qu'il s'agit de restauration rapide de grande qualité.

ERNY MULLER (LSAP) s'en réjouit.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) ajoute que les produits seront achetés dans la région dans la mesure du possible. C'est difficile pour le poulet, mais en tout cas, les fermiers de la région seront contactés. La commune dispose d'un droit de regard.

ERNY MULLER (LSAP) suppose que la commune n'a pas encore signé le contrat.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que non.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle qu'une société doit être créée. Il suppose que le contrat ne peut pas être signé avant.

En ce qui concerne les qualifications, elles doivent être mises en relation avec le concept. D'autres candidats avaient de bonnes références.

Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention avec les Services pour jeunes pour l'année 2018.

Ganz gutt. Dat nächst ass den Ikkuvium, wat mer déi lescht Gemengerotssitzung kaf hunn. Dir hutt dee ganze Listing bäileien, wee sech gemellt huet. Et ware ganz vill Interessenten. Et si vill Visité gemaach ginn, haaptsächlech vun eisem Gemengesekretär, mat deene jee-weilegen Interessenten. Mir hunn een zeréckbehalen, dee schonn e puer Restaurants, Brasserien huet. Mir sinn déi Plaze kucke gaangen, fir ze kucken, wéi déi geréiert ginn. Och natierlech, wéi mam Personal geschwat gött. Et ass net ëmmer einfach, een erauszesichen. Eise Choix ass dann op deen heite gefall. Mir mengen, datt déi Iddi mat där Sportsbar, déi se wëlle maachen, en anere Publikum, e jonke Publikum unzitt. Fir eng Mixitéit op d'Moartplaz ze kréien. Här Schwachtgen, et ass net nëmme fir Jonker, et ass och fir Sportsbegeeshterter. Do wäerte vill Tëleëen an Ecrane sinn, wou een da ka kucken.

An de Problem mam Kaméidi: et ass net esou, datt déi bis dräi Auer an der Nuecht do Musek maachen. Et gött ëm eng verstänneg Zäit zougemaach. Domat wäerte mer déi Problemer, déi mer an deem Gebai haten, haaptsächlech fir d'Locataireen um zweeten an drëtten Stack, geléist kréien.

Dir gesitt de Loyer, mer kënnen den Akafspräis op 20 Joer amortiséieren. Dee Präis ass esou festgehale ginn. Ech wär och frou, wann Der dat kéint matstëmmen oder Suggestiounen ginn.

Här Muller, ganz gären.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir hunn eis e puer Gedanke gemaach als LSAP, wat d'Motivatioun war, fir eng Sportsbar dohin ze kréien. Dir hutt elo verschidden Argumenter bruecht. Mixitéit, Jugend an esou weider. Mir hate gesinn, dass do eng vun deenen neisten a modernste professionnelle Kichen ass. Dofir hätt een do kënnen eppes anescht maachen a Form vun engem Restaurant. Hei geet jo éischter a Richtung Fast-

food. Wa mer dat richteg verstanen hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, awer héich qualitative Fastfood.

ERNY MULLER (LSAP):

Alles héich qualitativ. Maja, tant mieux.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Entschëllegt, mir hunn och drop gehalten, datt d'Fleesch an alles, wat do kaf gött, soll regional akaf ginn. Et ass schwéier, dat festzehalen, well verschidde Produiten, haaptsächlech am Pouletsberäich, ganz schwéier hei am Land ze kréie sinn. Mä d'Bauern hei ronderëm wäerte gefrot ginn. Do wäerte regional Produite verkaf ginn. Mir hunn en Droit de regard op dat, wat akaf gött. Ech hat dat ganz vergiess ze soen.

ERNY MULLER (LSAP):

De Kontrakt ass, mengen ech, nach net vun der Gemeng ënnerschriften.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen.

ERNY MULLER (LSAP):

Well do ass gesot ginn, et géif eng nei Gesellschaft kreéiert ginn. Éischter kann dee Kontrakt jo net gemaach ginn, well déi wëlle jo eng Gesellschaft grënnen. Oder kann dee virdru gemaach ginn? Ech sinn net Jurist. Dat ass och nach eng Saach.

Mir hunn och d'Qualifikatioun gekuckt. Déi kënnt a Fro mam Konzept. Ech mengen, do geet een hin, an et seet een: „Ech wëll deen oder deen“. Well et ass eis opgefall, dass do nach eng Partie aner gutt Referenze waren. Wat eis och gefreet huet.

5. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mech och.

ERNY MULLER (LSAP):

An dann hätte mir nach eng Hausaufgab ze maachen. Mir hu gelies, dass Der schreift, dass den Exploitant deem Rechnung ze droen hätt, wat de Kaméidi ubelaangt. Dass do och nach Leit an deem Gebai wunnen, an esou weider. Mir sinn der Meenung, dass dat net alleng ka gesteiert ginn duerch den Exploitant. Do missten nach Mesurë geholl ginn. Schallschutzmassnahmen. Eis Fro ass: Denke mir als Proprietaire drun, eng Initiativ ze ergreifen? Oder versicht Der, eens ze gi mam Exploitant, dass dee vu senger Sait eppes mécht? Well heiansdo kann ee mat verschidde ne Moyenen, déi net onbedéngt mussen deier ginn, scho vill maachen. No all deene Geschichten, déi mer do erlieft hunn, wär et ganz sënnevoll, wa mer géifen drop awierken, dass eng Schallschutzmoosnam géif gemaach ginn, fir an Zukunft awer d'Problemer ze vermeiden, dass d'Police dauernd geruff gött, a wat weess ech net nach.

Dat war et, Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Zum Schall: ech hunn eise Ressortschäffen beoptragt, dat, sou bal mer Proprietaire ginn, ze kucken.

An eventuell och drop ze reagieren. A wéi ech e kennen, misst en dat an Opdrag ginn.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleginnen, dat hei ass elo ee vun deenen Objeten, wou mer kaf hunn, wou mer also selwer d'Hand drop hunn a verlounen. An elo ass eben d'Propos do, fir engem vun deene Kandidaten dat ze verlounen. Et gött do e puer Saachen. Ech denken, dass mer fir d'Moartplaz mussen iwwerleeën, wat mer op der Moartplaz brauchen, a wat mer wëllen, dass op der Moartplaz geschitt. Ech

denken, dass grad fir d'Moartplaz d'Terrass eppes ganz Wichtiges ass. An do gesinn ech elo hei wéineg Iwwerlegungen dozou. Et ass och relativ dürfteg, wat mer vun Donnéeën hei kritt hunn. Mä allgemeng, esou e Sportsbar mat Terrass gesinn ech elo manner wéi verschidden aner Projeten, déi hei awer och ëmmer nëmmen kuerz ugerass sinn. Dat ass dat eent vun der Terrass.

Dat anert ass d'Konzept allgemeng. Ech muss soen, dass ech guer net iwwerzeegt si vun engem Café mat ganz villen Ecranen. Also mech perséinlech interesséiert dat guer net. Ech fannen dat scho schlëmm, dass mer quasi an all Restaurant, an all Café mëttlerweil ëmmer iergend en Ecran hänken hunn. Dass dat, wat am Fong e Café ausmécht, wou Leit zesummekommen, sech begéinen, deeweis ëmmer méi verluer geet duerch déi vill Ecranen. Bon, et kann een natierlech soen: "Wann e grousst Evenement ass oder esou, komme vill Leit zesummen, déi dat kucken, dann entsteet dat". Mä fir eis als Sektion wonnert eis dat Konzept. Grad op där doter Plaz gesi mer et net wierklech.

Wann ech d'Kandidature matenee vergläichen – bon, mir hunn elo net vill Donnéeën –, gesinn ech och de Grond net, firwat net mat anere gekuckt ginn ass. Do sinn anerer, vun der Kichen hier, vun der Restauratioun hier, déi méi interessant wäeren. Ech mengen, mir brauchen op enger Moartplaz gutt Restaurants. Dat muss an deem Sënn beliefs ginn. An du kriss net d'Mëttesstonn do beliefs mat enger Sportsbar op enger Terrass, wann do d'Restauratioun net dat ass, wat d'Leit géif dohinner zéien. Bei där do Kandidatur ass och bei Diplom näischt. Bei deenen anere steet den Diplom, d'Experienzen an deem Beräich.

Ech hunn eng Fro zu de Kandidaturen. Et steet een Numm am Kontrakt, plus een aneren, deen net am Kontrakt ass. An am Kontrakt ass dann een aneren, deen net bei de Kandidature steet. Wéi ass do d'Konstruktioun, wee schmässt wierklech de Projet?

Zum Präis wollt ech och eppes bemierken. Wann ech d'Locatioun huelen, an ech dividieren de Präis duerch all d'Metercarréen, kommen ech op 11,57 reng Surface Restauratioun/Bar. Wann ech awer all d'Surfacen huelen, déi do gelount ginn, sinn ech bei 8 Euro de

L'exploitant devra faire attention aux nuisances sonores, car des gens habitent dans l'immeuble. Les socialistes trouvent que l'exploitant ne peut pas gérer ce problème tout seul. Le propriétaire — en l'occurrence la commune — doit prendre ses responsabilités à travers de mesures d'insonorisation. Il s'agit d'éviter que les locataires n'appellent constamment la police.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

a chargé l'échevin responsable de s'occuper de l'insonorisation dès que la commune sera propriétaire.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

rappelle que la commune a acheté ce local de commerce pour pouvoir décider qui l'exploiterait. Un candidat a été retenu.

La première question est de savoir ce que l'on veut faire de la place du Marché. Sur cette place, les terrasses sont très importantes. Or il n'en est pas vraiment question ici. Les conseillers communaux n'ont pas reçu beaucoup d'informations, mais Gary Diderich n'a pas l'impression qu'une terrasse joue un rôle important pour un bar à sport.

Il n'est pas enthousiaste à l'idée d'un café avec beaucoup d'écrans. Personnellement, cela ne l'intéresse pas. Le principe d'un café est de rencontrer des gens et pas de regarder des écrans. D'un autre côté, lorsqu'il s'agit d'un évènement important, beaucoup de gens se rassemblent. Mais déi Léng s'étonne de ce choix sur la place du Marché. Gary Diderich n'a pas beaucoup de données concernant les autres candidats. Mais à priori, d'autres semblaient plus intéressants. La place du Marché a besoin de bons restaurants. Gary Diderich ne pense pas que l'on pourra dynamiser la place du Marché grâce à la terrasse d'un bar à sport. Sans oublier que contrairement aux autres candidatures, celle-ci ne fait pas mention de diplômes ou d'expérience.

Gary Diderich constate par ailleurs que le nom sur la candidature n'est pas le même que celui sur le contrat. Qu'en est-il vraiment?

Pour ce qui est de la location, le prix au mètre carré du restaurant et du bar se monte à 11,57 €. Mais si l'on compte toute la surface, il est de

5. Actes et conventions

huit euros. Au 1535°, le prix est de 12 €, locaux techniques inclus. Bref, la commune n'applique pas les mêmes prix partout, ce qui est problématique. Sans oublier que le local de la Villa Hadir est loué à une brasserie qui le sous-loue elle-même à un exploitant. Pour Gary Diderich, cela n'a aucun sens. Et en plus, cet exploitant paye un prix différent des autres puisque c'est la brasserie qui s'occupe du bail.

Gary Diderich estime que le collègue échevinal a raison d'intervenir pour dynamiser le commerce, mais il doit se donner une ligne de conduite claire. Car le manque de transparence pourrait être considéré comme du favoritisme.

Gary Diderich rappelle qu'il a demandé la mise en place d'un conseil du recrutement comme à Esch — avec des critères clairs permettant d'éviter tout soupçon.

Pour toutes ces raisons, il votera contre ce projet.

ALI RUCKERT (KPL) constate que les conseillers communaux du LSAP et de déi Lénk ont exprimé des inquiétudes. Il ne comprend pas pourquoi le choix du collègue échevinal s'est porté sur un candidat qui doit encore fonder une société alors que les autres candidatures étaient en règle. Certes, le collègue échevinal a fourni quelques explications, mais il ne les trouve pas satisfaisantes.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) encourage l'implantation d'entreprises innovantes et la location de locaux de commerce communaux pour promouvoir la diversification économique et la création d'emplois. Cela permet de lutter contre la pauvreté et améliorer la situation des habitants.

Paulo Aguiar salue la réactivité du collègue échevinal, qui a trouvé un locataire rapidement.

Metercarré. Wann ech kucken, wéi mer et am 1535 °C gehandhabt hunn, wou mer jo als Gemeng och selwer Propriétaire sinn, kommen ech op 12 Euro de Metercarré mat de Locaux techniques. Dat heescht, net nëmme Restauratioun/Bar. Dat heescht, u sech hu mer hei en anere Präis, wéi mer op anere Plazen applizéieren.

An dat fannen ech awer scho kritesch, vu que dass mer nach aner Situatiounen hunn zu Déifferdeng, wou mer – dat hat ech jo deemools scho kritiséiert – d'Villa Hadir un eng Brauerei verlounen, déi se dann erëm un en Exploitant verlount, wat ech schonn deemools als Nonsense beklot hunn, a wat, mengen ech, och ëmmer erëm, alleng beim Chantier, fir Problemer gesuergt huet, a wat wierklech net am Interesse vun iergendengem gewiescht wär, déi Konstruktioun do ze maachen. Mä op jidde Fall huet deen, deen dann do lount, nach aner Präisser, well dat jo nach eng Kéier iwwert d'Brauerei leeft. Alleng schonn de Präis, dee mer un d'Brauerei verlounen, ass bei 12,5, wa mer do och just vu Restaurant-Bar schwätzen.

Och well ech net ganz frou si mat deem Prozess, wéi deen ofleef. Mir schwätzen eis ganz kloer dofir aus, als ëffentlech Hand ze intervenéieren, mä mir müssen eis awer och eng ganz kloer Linn ginn an eng Aart a Weis, wéi mer dat maachen, fir dass da kee ka soen: "D'ëffentlech Hand intervenéiert op eng Aart a Weis, déi net kloer ass, net transparent, ouni Kritären", a wou ee Gefor leeft, dass d'Leit vu Favoritismus oder esou schwätzen. Ech mengen, mir hu fir d'Astellungspolitik vun de Leit, déi bei eis schaffen, awer och fir esou Saache scho laang virgeschloen, dass e Conseil de recrutement soll geschafe ginn, wéi en och zu Esch agefouert ginn ass, wou Déi Lénk am Schäfferot war. Wou d'Oppositioun mat abezu gëtt, wou et kloer Kritäre gëtt, a wou opgrond dovun d'Decisioun geholl ginn. Woumat een esou Soupçonnen op jidde Fall méi aus dem Wee geet, wéi wann een dat op déi doten Aart a Weis mécht.

Aus all deene Grënn wäerte mir bei deem Vote dogéint stëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, hei sinn elo eng Rei Virbehalter geäussert gi vun de Kollege vun der LSAP a vun der Lénker. Deene géif ech mech uschléissen. Ech stelle mer besonnesch d'Fro, wann eng Rei Kandidature kommen, an do ass alles an der Rei, an da kënnt eng Kandidatur, wou et déi Gesellschaft, déi dat soll exploitéieren, nach net gëtt. Do stellen ech mer awer wierklech Froen, firwat ausgerechent dann de Choix op esou eng Gesellschaft fällt. Dir hutt eis elo zwar Explikatiounen ginn. Mä ech muss soen: "Déi stelle mech net zefridden".

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert.

Här Aguiar, w.e.gl.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, nous encourageons la décision de l'implantation d'entreprises innovantes ainsi que la location locale, communale afin de promouvoir la diversification économique et la création de nouveaux emplois. Soutenir la croissance économique est une condition essentielle, mais non suffisante pour faire reculer également la pauvreté et les difficultés de nos habitants rencontrées dans la vie de tous les jours.

Nous nous félicitons également de la rapidité d'action dont nos acteurs politiques ont fait preuve pour nous trouver un locataire. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Här Tempels, w.e.gl.

5. Actes et conventions

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, mir vun der CSV mengen, dass hei e gudde Choix getraff gouf. Eng Sportsbar wäert zur Neibeliewung vun eiser Moartplaz bäidroen. Dëst wäert eng flott Plaz fir eis Jugend ginn. De Loyer ass net iwwerdriwwen. Mir hoffen, dass dës Projet seng Friichten dréit, och am Kader vun Differdange – Cité des sports.

Trotzdem misste mer eis vläicht Gedanke maachen. Et si verschidde Leit vun der Oppositoun, déi dat ubruecht hunn: vläicht esou e Comité – oder wéi wëll een dat nennen? –, dee sech doriwwer Gedanke maache wäert, wéini ee wouhinner kënnt. Och fir all déi aner Objeten, déi mer esou ze verlounen hunn, och am Kader vum 1535 °C. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Den Här Bertinelli, w.e.gl.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wëll mech deem uschléissen, wat den Här Diderich a mäi Fraktiounspriecher gesot hunn, dass een hei net esou richteg weess, wou dat doten hi get. Ech wëll awer och drun erënneren, wat d'Sportsbar ugeet: ech hunn an der Conception am Dossier gesinn, datt et eppes anescht ass, wat mer schonn oft an Déifferdeng hunn. Ween Déifferdeng e bësse kennt, weess, datt déi Caféen, zemoos mat eisen auslännesche Matbierger, wa Fussballsmatcher sinn, scho praktesch Sportsbare sinn, de Moment schonn, wéi se fonctionnéieren. Dat ass net eppes, wou elo nei an der Gemeng wier. Mir schwätzen hei vun eiser schéinsten Plaz an der Stad. An ech hu wierklech en Doute fir eng Societéit, déi et nach net gëtt. Ech weess elo net, ob dat hei muss duerch de Gemengerot goen, datt dat iwwerhaupt kann accordéiert ginn. Mä j'ai des doutes.

Wouriwwer ech awer ganz iwwerrascht a frou war – an ech hoffen, datt mer vun där Situatioun awer profitéieren –,

sinn alleguerten déi Leit, déi sech gemellt hunn, fir op Déifferdeng ze kommen. Dorënner sinn der zwee, déi ech ganz gutt kennen, wat Restauranten sinn, déi schonn 30 Joer laang fonctionnéieren a gutt fonctionnéieren, déi e Geschäftsmodell hunn, dee souguer gutt op Déifferdeng géif passen. Datt mer awer dovunner profitéieren, vläicht elo net am Kader vum Ikkuvium.

Mä elo komme mer erëm op déi Diskussioun, déi mer virdru schonn haten, datt een eng Kéier en Zukunftsplang fir all dat muss realiséieren. Well mir wäerten nach an eiser Stad grouss Gebaier hunn – ech schwätze vun der Post, ech schwätze vun der BIL –, déi a kuerzer Zäit wäerten eidel sinn, a wou mer dann erëm musse lafen, fir Leit ze fanne fir do dran. Datt een awer nach eng Kéier vun dem Kontakt, deen een elo schonn huet – well ech mengen, déi Leit hu sech jo gemellt, fir op Déifferdeng ze kommen –, vläicht sollt profitéieren, fir vläicht net elo op der Moartplaz, mä op enger anerer Plaz déi Leit dann ënnerdaach ze kréien. Well do sinn der effektiv dobäi, wat ganz bekannten Haiser sinn, déi eng Traditioun hunn, an déi schonn 30 Joer bewisen hunn, datt se hire Metier kënnen. Dofir géif ech soen, datt een dat net einfach esou sollt ewechdinn, an datt d'Gemeng Déifferdeng sollt Récksprouch huele mat deene Leit, déi sech do gemellt hunn, fir déi da vläicht op enger anerer Plaz ënnerze kréien. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech hunn och e puer Froen, déi aus deem Gespréich do erauskomm sinn. Effektiv, ob et rechtens ass, dass mer engem en Zouschlag ginn, deen nach net do ass, deen et net gëtt, mat enger Societéit, déi sech eréischt grënnt, a mer soen haut scho "Jo", an esou virun. Ech kann dofir stëmmen, mä ...

GUY TEMPELS (CSV) trouve que le collège échevinal a fait le bon choix, car un bar à sport va dynamiser la place du Marché. Le loyer n'est pas exagéré. Guy Tempels espère que ce projet portera ses fruits.

Comme l'a souligné l'opposition, il faudrait peut-être créer un comité pour décider comment choisir les locataires.

FRED BERTINELLI (LSAP) insiste à son tour sur le manque de clarté. Il ajoute par ailleurs qu'un bar à sport n'est rien de nouveau pour Differdange. Quiconque connaît Differdange sait qu'il y a des cafés qui ne sont rien d'autre que des bars à sport. La place du Marché est le plus bel endroit de la commune. Il a des doutes sur le fait que le collège échevinal choisisse une société qui n'a pas encore été créée.

Ce qui est en revanche positif, c'est qu'autant de personnes ont posé leurs candidatures pour s'implanter à Differdange. Fred Bertinelli connaît personnellement deux restaurateurs qui travaillent dans ce domaine depuis trente ans et dont le concept est adapté à Differdange. Il faudrait en profiter, même si ce n'est pas possible pour l'Ikkuvium. Fred Bertinelli estime qu'il faut déjà planifier l'avenir. De grands bâtiments vont bientôt se retrouver vides et il faudra leur trouver des locataires. Le collège échevinal ferait bien de profiter de ces candidats, qui veulent visiblement s'implanter à Differdange. Certains ont une tradition de trente ans. La commune devrait rester en contact avec eux et essayer de leur trouver un local ailleurs.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) se demande lui aussi s'il est légal d'approuver la candidature d'une société qui n'existe pas encore.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) lui demande de faire confiance au collège échevinal.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) veut bien approuver le contrat à condition que cela soit autorisé. Autrement, il faudra recommencer la prochaine fois.

5. Actes et conventions

Pour ce qui est de l'appellation de «bar à sport», Frenz Schwachtgen aurait imaginé la présence d'un babyfoot.

(Rires)

Ici, il y aura plein d'écrans. Pour Frenz Schwachtgen, il s'agit d'une raison de ne pas y entrer.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

lui propose d'aller à la «Walzstrooss» ou au «Klenge Casino».

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

répond que c'est ce qu'il fera.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que c'est ce que l'on appelle la mixité.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

trouve que c'est une affaire de gout. Ce qui en revanche est essentiel est qu'il y ait une terrasse sur la place du Marché. Or il ne sait pas si l'on peut forcer le locataire à en installer une. Le collègue échevinal en a-t-il discuté avec le locataire? Autrement, les gens devront organiser leurs propres boissons et s'asseoir sur la place.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

précise que le collègue échevinal s'est montré transparent puisqu'il a lancé un appel à candidatures. Ensuite, il a dû faire un choix qu'il présente maintenant au conseil communal. Roberto Traversini reviendra sur ce point tout à l'heure.

Le collègue échevinal recherche de la mixité. Une terrasse est prévue, mais ce point peut aussi être inscrit dans le contrat. Toutefois, il est unimaginable que le locataire n'installe pas de terrasse quand il fait beau. L'actionnaire principal dispose de 12 brasseries et restaurants de qualité. Il investit plus de 300 000 € dans ce projet.

Bien sûr, on ne peut pas savoir maintenant si le local va fonctionner ou pas. Mais le collègue échevinal a dû faire un choix. Roberto Traversini ajoute que parmi les associés figurent des personnes connaissant Differdange et le sport differdangeois.

Certes, le collègue échevinal aurait pu choisir un autre candidat. Mais comme l'a dit M. Bertinelli, il faut être fiers du fait qu'il y ait eu autant

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Hutt Vertrauen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

... ënner Virbehalt, dass een dat dann och esou an d'Rei kritt. Soss maache mer dat an der nächster Sitzung nach eng Kéier. Dofir weess ech net. Dir hutt vläicht Äntwerten doropper.

Déi aner Saach ass, wat ech immens wichteg fannen, ofgesinn elo vun deem Titel "Sportscafé": ech hu mer ëmmer fir e Sportscafé virgestallt, dass do vläicht ee Kicker géif stoen, dass ee sech géif betätigen.

(Gelaachs)

Ech héieren elo, dass da vill Schiermer dobanne sinn. Dat ass e Grond fir mech, scho guer net do eran ze goen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma da gitt Dir an d'Walzstrooss oder an de klenge Casino.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech ginn an d'Walzstrooss an an de klenge Casino. Voilà.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass Mixitéit.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Et ass jo och reng perséinlech.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Yes.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech schwätze jo hei a mengem Numm.

Wat awer fir mech essentiell ass, ass, dass mer op där Moartplaz eng Terrass hunn. Ech weess net, ob dat elo virgesinn ass: kann een e Locataire forcéieren, dass e bei guddem Wieder eng Terrass opmécht oder net? An dass een och servéiert gëtt an esou virun? Ass dat virgesinn? Ass dat diskutéiert ginn? Dat ass fir mech e wesentleche Punkt. Net, dass mer erëm eng Kéier a Situatiounen kommen, wou mer herno bei eidele Präbblie selwer eist Gedrénks organisieren an eis dohinner setzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Et si vill Froe gestallt ginn. Éischtens emol wëll ech soen, dass hei Transparenz gespillt huet, wat bei anere Lokaler net ëmmer de Fall war. Datt mer en Opruff gemaach hunn. Datt gekuckt ginn ass, dass hei d'Politik sech deelweis erausgehale huet, bis déi lescht Decisioun. Déi huet natierlech de Schäfferot geholl, fir Iech dat hei virzeschloen. Mir wäerte jo herno an der Motioun nach op verschidde Saachen ze schwätze kommen.

Et ass gekuckt ginn, fir eng Mixitéit ze kréien. Selbstverständlech kënnt eng Terrass dohinner. Wann awer de Wonsch vum Gemengerot besteet, dass een dat nach soll haut extra dobäi schreiwe loosse, maache mer dat. Mä ech ka mer jo net virstellen, dass een, wa gutt Wieder ass, keng Terrass dobausse géif maachen. An dat ass och net de Fall.

Déi Societéit ass amgaangen, sech ze grënnen. Den Haaptaktionär, wann een dat esou kann nennen, huet zwielef Restaurants a Brasserien, och ganz héichwäerteger. Finanziell steet e sech gutt. Hie bréngt finanziell ganz vill mat. E wäert iwwer 300.000 Euro aus senger Täsch dran investéieren. Wou d'Stad Déifferdeng gesot huet, mir géifen dat net maachen. Well wann en an dräi oder véier Joer wéilt ophalen, si mer net déi, wou d'Schiermer géifen ... En investéiert extrem vill.

An dann ass et jo: entweder et geet, oder et geet net. Schlussendlech huet ee musse e Choix treffen. An dee Choix ass op déi Societéit gefall. Wat hei ganz interessant ass: en hëlt ëmmer verschidde

5. Actes et conventions

Leit, aner Associéë mat eran, déi e Lien mat Déifferdeng hunn. An Dir hutt jo gesinn, ween do mat dran ass. Deen huet och Liene mam Sport, mat der Associatioun, en ass President. Dat heescht, et ass schonn esou opgebaut, datt en den Terrain Déifferdeng gutt kennt.

Et ass richtig, datt een och hätt kennen en aneren huelen. Et ass genau dat, wat den Här Bertinelli sot. Mir solle frou a stolz sinn, datt sech esou vill Leit gemellt hunn, déi wëllen op Déifferdeng kommen. Mir hunn nach déi eng oder aner Méiglechkeet, fir déi heihin ze setzen.

Hei hu mer awer versicht, esou transparent wéi nëmme méiglech ze sinn. An da muss een eng Kéier eng Decisioun huelen. An dann ass et deen. Mä ech hunn awer kee Problem, datt mer am Kontrakt nach dobäi schreiwen, datt am Summer eng Terrass muss sinn. Mä ech soen Iech: "Et ass keen do, deen dat net mécht".

Här Ruckert, ganz gären.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir sot eis, deen huet schonn zwielef Restauranten.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ALI RUCKERT (KPL):

Ass dat dann am Sënn vun deem, wat mir wëllen, dass mir engem, deen zwielef Restauranten huet, och nach en 13. Restaurant dohinner stellen?

Oder wär et net besser, wa mer géife soen: „Mir ginn engem Neien déi Chance, fir dohinner ze kommen“, oder „Mir ginn engem, dee vläicht ee Restaurant huet, d'Chance, do nach hin ze kommen“, wéi dat do?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richtig. Dir hutt vollkomme Recht. Dat war och eis Iwwerleeung.

Mir wëllen awer, datt op der Moartplaz net erëm no sechs Méint zou ass. Mir hätte gär een, dee sech finanziell gutt steet, deen Erfahrungen huet. Well et wier wierklech schued, wann elo erëm ee géif dohinner kommen, a wann no dräi Méint erëm zou wier. Genau déi Diskussiounen hate mir och. Et gëtt Argumenter dofir an dogéint. Ech verstie se all. An ech deele se deelweis och ganz mat Iech. Mä mir hunn dee Choix hei getraff fir déi Plaz. Ech kann Iech soen: "Et ass net einfach an der Restauratioun". Niewendrun hu mer e Betrib, dee mer wëllen aneschters geréieren, fir deen an déi gréng Chifferen ze bréngen. Ech muss Iech soen, datt et wierklech net einfach ass fir e Geschäftsmann, eng Geschäftsfra hautdesdaags. Et muss een e laangen Ootem hunn a vill, vill Stonne schaffen.

Här Diderich nach eng Kéier, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt awer soen: "De Grond, firwat do ëmmer erëm een opgemaach an zougemaach huet, ass, well do den dräifache Loyer gefrot ginn ass vun deem, wat mir elo froen". Do ass en enorme Loyer gefrot ginn. Déi Restaurante sinn net schlecht gaangen. Mä dat war einfach net ze geréiere vum Loyer hier. Dofir géif ech elo net soen, dass d'Gefor immens grouss wär, dass do e Restaurant net géif lafen, wann een do ee géif drasetzen, deen net schonn eng Ketten opgemaach hätt oder um Lafen hätt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech respektéieren Är Meenung. Da géife mer zum Vote kommen.

Le conseil communal décide avec 12 voix oui, 2 voix non et 4 abstentions d'approuver le contrat de bail avec la société The Game SARL pour un local commercial situé au 2-4, place du Marché à Differdange.

de candidats. Et il reste des possibilités de les satisfaire.

Le collège échevinal a essayé d'être transparent. Mais il faut bien prendre une décision.

ALI RUCKERT (KPL) *a-t-il bien compris? Le locataire a-t-il déjà 12 restaurants?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *répond que oui.*

ALI RUCKERT (KPL) *demande si l'objectif du collège échevinal est d'octroyer un 13^e restaurant à quelqu'un qui en possède déjà 12. Ne vaudrait-il pas mieux donner une chance à quelqu'un qui n'en a pas ou qui en a un?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *donne raison à M. Ruckert sur le principe. Mais le collège échevinal recherchait quelqu'un de solide parce qu'il ne veut pas qu'un local de la place du Marché ferme à nouveau au bout de six mois. Il y a des arguments pour et des arguments contre. Il a finalement fallu faire un choix.*

La restauration n'est pas un domaine facile de nos jours. Les commerçants ont besoin d'endurance et doivent travailler énormément.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *répond que la raison pour laquelle ce local a fermé plusieurs fois est que le loyer était trois fois supérieur à celui demandé par la commune. Les restaurants fonctionnaient, mais le loyer était excessif. Gary Diderich ne pense pas qu'un restaurateur coure de grands risques sur la place du Marché, même s'il ne possède pas déjà une chaîne de restaurants. (Vote)*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *passé à trois contrats de bail, dont deux adaptations pour y inclure les charges. Sur les 53 entreprises, seule une n'a pas signé. Le troisième contrat concerne une architecte proposée par le comité de sélection. (Vote)*

6. Personnel communal

Roberto Traversini passe à un dommage dans la Grand-rue. Il y a quatre responsables, dont la commune. (Vote)

Roberto Traversini passe à deux créations de postes. Lors de la prochaine séance; le collègue échevinal présentera l'organigramme définitif. D'abord, le collègue échevinal propose de créer un poste d'assistante sociale pour l'AIKS. Le deuxième poste concerne une éducatrice pour la bibliothèque. Elle travaillerait étroitement avec les écoles et les maisons relais. Le nombre de clients de la bibliothèque est en constante augmentation et Roberto Traversini trouve qu'il faudrait développer les activités pour les enfants.

Pour les autres créations de postes, il laissera le temps au conseil communal de les analyser. Mais celles-ci sont urgentes. En plus, elles devront aussi être approuvées par le ministère. Avant, cela allait vite, mais maintenant il faut compter entre deux et quatre mois.

SERGE GOFFINET (LSAP) se demande si la création de postes pour la bibliothèque est pertinente et s'il existe un concept de collaboration entre la bibliothèque et les maisons relais. Il rappelle que les écoles disposent de leurs propres bibliothèques. Comment vont-elles être gérées à l'avenir?

Serge Goffinet sait par ailleurs que le responsable de la bibliothèque a besoin d'aide pour les archives. Il a déjà mentionné ce problème. Il est lui-même en train de faire des recherches et la responsable des archives n'a pas le temps de l'aider. Il faut donc trouver une solution.

Le conseil communal décide avec 12 voix oui, 2 voix non et 4 abstentions d'approuver le contrat de bail avec la société GEGO SCI pour la location d'une cave dans l'immeuble situé au 2-4, place du Marché à Differdange.

Dat nächst sinn dräi Contrats de bailen. Zweek si keng nei Kontrakter, dat ass just eng Adaptatioun, well mer jo d'Chargé mat dobäi rechnen. Vun deenen 53 Betriber ass nach just een, deen net ënnerschriwwen huet. Mat deene wäerte mer eis deemnächst am Schafferoth gesinn, fir unzehéieren, firwat dat esou ass.

An dat anert ass eng Architektin, déi e puer Metercarré kritt. Déi ass proposéiert gi vum Comité de sélection. D'leschte Kéier war dat op där Lëscht dobäi, déi Der kritt hat. Dat sinn am Fong geholl déi dräi Contrats de bailen.

Kéinte mer doriwwer ofstëmmen?

Merci.

Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 4 abstentions d'approuver les contrats de bail au 1535° creative hub.

Villmoos Merci. Dann zum fënnefte Punkt, den h). Dat ass en Dommage, wou an der Groussstrooss gemaach ginn ass. Do si mer zu véier dru schold. Mir hunn eis drop géenegt, et op véier opzedeele. Ech muss awer Ären Accord hunn, fir dat esou ze maachen. Dat heescht, d'Entreprises, d'Stad Déifferdeng, jiddereen iwwerhëlt seng Verantwortung zu 1/4. An domatter wier déi Affär dann och um Geriicht klasséiert, wa mer dat géifen esou maachen.

Da géife mer dat zum Vote bréngen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la transaction entre parties dans le cadre d'une affaire de dommages-intérêts subis dans le cadre des travaux de réaménagement dans la Grand-rue.

Villmoos Merci. An dann zwou Créations de postes. Wann alles gutt geet, kënne mer Iech déi nächst Gemengerothssitzung de fäerdegem Organigramm presentéieren. Mä bis dohinner wollte mer nach déi zwee Poste kreéieren, well déi gebraucht ginn.

Dat eent ass am Kader vun eiser AIKS, do géife mer proposéieren, eng Assistante sociale, respektiv en C3 ze kreéieren. Am AS-Kollektivvertrag. An dat anert wier eng Erzéierin, fir an der Bibliothék nach méi enk mat de Maisons relaisen a mat de Schoulen zesummenzeschaffen, an natierlech och fir déi Aarbecht, déi an der Bibliothék stattfënnt. Dir wësst, datt déi wierklech amgaangen ass. Dass d'Leit ëmmer méi dohinner ginn, wat jo och gutt ass. Sou datt mer fannen, datt ee versicht, mat Kanner vläicht nach aner Aktivitéiten ze maachen. Dofir sinn déi zwou Créations de postes. Mir hunn drop verzicht, all déi aner Créations de postéi virstellen. Dat wollte mer zesumme maachen, datt Dir och Zäit hutt, driwwer ze kucken. Dat hei ass elo eppes, wat mer dréngend brauchen. A mir mussen déi och nach approuvéiert kréie vum Ministère. Soss ass et ëmmer schnell gaangen. Mä am Moment dauert et zwee, dräi, alt bis zu véier Méint, ier mer d'Approbatoun hunn. Dofir hu mer dat elo virgeholl.

Här Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech hunn eng Fro zur Bibliothék. Ass dat dee Posten, dee mer brauchen? A gëtt et do iwwerhaupt e gewëssent Konzept fir d'Bibliothék, fir mat de Maisons relaisen ze schaffen? D'Schoulen hunn hir eege Bibliothék. Gëtt d'schoulesch Bibliothék mat agebonnen? Wéi gesäit et aus? Wéi ass et nieft eiser Chef vun der Bibliothék? Dat brauch och, hunn ech gemierkt, an der Dokumentatioun, an den Archiven, Hëllef. Ech mengen, ech hat dat schonn eng Kéier ugedeit, dass ech weess, dass dat gebraucht gëtt. Ech selwer maache Recherchen iwwert eppes, wou ech elo momentan net dohannert kommen, well et keng Zäit huet, well keng Leit de Moment do sinn. Ech mengen, do bräicht ee jo wahrscheinlech nëmmen normal qualifizéiert Leit.

6. Personnel communal

Da wier déi zweet Fro: Firwat muss eng sozioadministrativ Tâche esou besat ginn, mat engem Bac+3? Well ech weess, den Här Nardecchia, zum Beispill, huet keng esou eng Qualifikatioun.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir schwätzt elo vun der AISK?

SERGE GOFFINET (LSAP):

Vun der AISK.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Okay.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Wéi spillt dee Rôle vun där Persoun? Gëtt dat u sech déi Persoun, déi duerno de Betrib leet? An esou weider an esou virun. Dat sinn déi Froen, déi ech mer stellen. Muss dat e Bac+3 sinn, oder kéint dat och, zum Beispill, en normale Redakter sinn, an der Redaktercarrière? Dat ass eng Fro. Well et bis elo jo nach net de Fall ass. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz berechtigt Fro. Dir kënnt dat och net gesinn, well et aus dem Kontexterausgehoill ginn ass. Mir wäerten am Organigramm en Departement Logement schafen, sou wéi all Mënsch sech dat bis elo gewënscht huet. Op alle Fall no allem, wat ech gelies hunn, wat während de Wahlen geschriwwen a gesot ginn ass, ass dat e grouse Wonsch vu jidderengem. Et gëtt en Departement Logement. Ënnert dem Departement Logement hutt Der een Numm genannt. An déi aner Creatioun ass am Fong geholl, fir d'AIS haaptsächlech am soziale Volet ze ënnerstëtzen. Dat heescht, mir mierken awer, datt d'Kritären natierlech do sinn. Déi véier Offices sociaux hu jo d'Kritären ausgeschafft. An da sinn awer Leit do, déi et fäerdeg bréngen, duerch vill Grënn, hire Loyer trotzdeem net ze bezuelen. Dat heescht, do mussen Demarchë gemaach ginn, déi am Fong geholl

vun enger Assistante sociale musse gemaach ginn. An dat packen eis Servicer net. Well Dir wësst jo ganz genau als President vum Office social, wéivill Aarbecht mer um Terrain hunn. Et ass eng sozial Hëllef, awer och natierlech eng redaktionell Hëllef, well déi dat och kann, fir de Leit weiderzehëllefen. Si huet e Kontrakt just fir dräi Joer maximal, e kann nach verlängert ginn, oder net, fir all déi administrativ Demarchen ze maachen. Si wäert déi Haaptresponsabel sinn. Le suivi social et administratif.

An deen Här, deen Der genannt hutt, den Här Nardecchia, wäert den technische Beräich beleeën. Esou wäerte mer lues a lues d'Logementsstruktur opstoken, wa mer Studente kréien, wa mer datselwecht maachen, wa muss dra geschafft ginn. Dat heescht, et ass eng Struktur. Mä et ass eng total berechtigt Fro, well Der den Organigramm net kennt, wéi mer en opgestallt hunn. An an der Bibliothék ass et esou, datt mer wierklech nach méi intensiv wëlle mat de Maisons relaise schaffen.

An ech kann Iech och scho verroden, dass den Archivage am neien Organigramm net ze kuerz komme wäert. Dir wäert da ganz schnell eng Hëllef kréien.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Da soen ech villmools Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Beim éischte Punkt muss ee jo och bedenken, dass een déi Leit, déi mir elo an der AIS ënnerbréngen, deelweis och begleede muss. Well déi hu jo am Fong nëmmen en Urecht op zwee Joer.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dräi.

Pourquoi le collège échevinal veut-il recruter un Bac + 3 pour une tâche socioadministrative. M. Nardecchia, par exemple, n'a pas toutes ces qualifications.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
suppose que M. Goffinet parle de l'AISK.

SERGE GOFFINET (LSAP) *répond que oui. Quel sera le rôle de la nouvelle recrue?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond que le contexte n'est pas clair. Le collège échevinal va créer un département du logement. M. Goffinet a cité un nom. C'est cette personne, qui s'occupera du nouveau département. Le poste qui sera créé, en revanche, soutiendra l'AISK pour ce qui est du volet social.

Les quatre offices sociaux ont fixé des critères. Malgré cela, certains locataires n'arrivent pas payer le loyer. Certaines démarches doivent alors être effectuées par une assistante sociale. Or les services communaux n'ont pas le temps de s'en occuper. La nouvelle recrue disposera d'un contrat de trois ans au maximum, mais renouvelable. Elle s'occupera du suivi social et administratif.

M. Nardecchia, quant à lui, s'occupera du volet technique. Le but est de développer une structure.

En tout cas, la question de M. Goffinet était pertinente puisqu'il ne connaît pas l'organigramme.

Pour ce qui est de la bibliothèque, le collège échevinal souhaite plus de collaboration avec les maisons relais. L'équipe des archives sera aussi développée.

TOM ULVELING (CSV) *ajoute que les gens louant des biens à travers l'AIS ont besoin d'un suivi. Ils n'ont droit à un logement social que pendant deux ans.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
précise qu'il s'agit de trois ans.

TOM ULVELING (CSV) *explique qu'au bout de trois ans, il faut s'assurer qu'ils trouvent un nouveau logement. Autrement, l'AIS serait*

6. Personnel communal

obligée de leur dire de quitter les lieux sont qu'ils sachent où aller. Pour ce qui est de la bibliothèque, il s'agit de développer «Bib for Kids» et les lectures du samedi. Les enfants des maisons relais iront soit dans un club de sport, dans une association culturelle ou à la bibliothèque. Il faut donc une personne s'y connaissant.

SERGE GOFFINET (LSAP) ne comprend pas bien le lien. Actuellement, c'est l'office social qui se charge de ces tâches. À la suite de la réforme de l'office social, les tâches des assistantes sociales deviendront plus intenses. C'est pourquoi Serge Goffinet ne comprend pas cette création de poste. Mais si le collègue échevinal a consulté les autres communes; il approuvera la création de poste.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) lui fournira des explications dans la séance à huis clos. En ce qui concerne le financement du projet de la bibliothèque et des maisons relais, il pourrait être soutenu par le ministère. La commune est en train d'effectuer les démarches nécessaires.

JERRY HARTUNG (CSV) soutient la création des deux postes. L'AIS Kordall joue un rôle important pour les personnes ne pouvant pas payer des loyers normaux. Jerry Hartung salue le fait que de plus en plus de propriétaires mettent leurs biens immobiliers à disposition de l'AISK.

Actuellement, une personne gère l'institution, mais comme il s'agit de 80 appartements, il est temps de créer un deuxième poste. Il était important de réfléchir au préalable à recruter des personnes aux qualifications complémentaires.

Pour la commune, le projet n'entraîne pas de frais puisqu'il est couvert par des subventions de l'État. Jerry Hartung estime qu'il sera possible de créer un beau projet grâce au nouveau poste à la bibliothèque. La nouvelle recrue collaborera avec les écoles et les maisons relais. Il faudrait que cette personne connaisse déjà leurs modes de fonctionnement.

Dans les écoles, les enseignants sont détachés à la bibliothèque pour

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Oder dräi Joer. Da muss ee kucken, dass si no deenen dräi Joer awer iergendwéi begleet ginn, dass se eppes Neits fannen. Et ass och déi Iddi, déi dohannert stécht, fir e bëssen ze hëllefen, dass een déi Leit net alleng léisst.

Da schéckt ee se an den AIS an op eemol, no dräi Joer, seet een: „Sou, elo ges de eraus“, an da sinn der vläicht, déi net wëssen, wouhin.

Dat anert: fir d'Bibliothéik ass et wichtig, well mer de Bib fir Kids an d'Lies-Samschdeger ausbauen. An Zukunft ass geplangt, mat de Maisons relaisen e Programm auszeschaffen, wou mer kucken: „Déi eng Kanner ginn an de Sportsveräin, déi aner ginn an e Moloder Kulturveräin, an déi aner gi vläicht an d'Bibliothéik“. Dat wëlle mer domat erreechen. Sou dass mer do eng Persoun brauchen, déi sech doran auskennt, an déi dat ka maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech wollt just drop äntweren, well ech d'Verbindung eigentlech net gesi mam Office social. Momentan iwwerhëlt den Office social déi Tâche. A bei der Reform vum Office social solle jo d'Tâche vun den Assistantes sociales an Assistants sociaux méi intensiv sinn, manner Clienten, an esou weider, an esou virun. Dohier verstinn ech deen dote Posten zimlech schwéier. En ass och zimlech kuerz gefaasst. Et ass en Term, deen ech u sech net esou kennen. Mä wann Dir dat mat deene véier Gemengen esou ofgeschwat hutt, ass dat an der Rei. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech kann Iech an der Netëffentlecher nach weider Detailer ginn, wann Der wëllt.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do hunn ech absolut kee Problem domat.

D'Finanzement wäerte mer natierlech kucken, haaptsächlech an der Bibliothéik an am Sportsberäich, well do hu mer och eng Dier opgemaach kritt, fir dat mat de Maisons relaisen deelweis vläicht finanzéiert ze kréie vum Educationnsministère. Déi Demarchë si mer amgaangen ze maachen. Mä dat sinn emol déi zwee Posten, déi mer wëllen.

Här Hartung, w.e.gl.

JERRY HARTUNG (CSV):

Mir ënnerstëtzen d'Schafung vun dësen zwee Posten am soziale Beräich. D'AIS Kordall ass e wichtege Projet fir Privatpersounen oder Familljen, déi vun hei sinn a sech déi normal Loyereren net méi kënne leeschten, an esou bezuelbare Wunnraum ugebuede kréien. Als CSV si mer frou, ze gesinn, datt steteg méi Besëtzer vu Logementen hir Propriétéit deene véier Gemengen zur Verfügung stelle fir dëse Projet.

Am Moment existéiert schonn ee Posten, fir dës Institutioun ze geréieren. Mä vu que datt mer elo iwwer 80 esou Wunnengen hunn, läit et op der Hand, datt e weidere Poste muss geschafe ginn. Gutt ass, datt net einfach e weidere Poste geschafe gëtt, mä am Virfeld iwwerluecht gouf, wéi een d'Aarbechte sënnavoll kann opdeelen, a wéi Leit mat verschiddene Formatiounen agestallt ginn.

Begleedung ass eng gutt Saach. Bei der AIS nationale ass dat jo och esou ginn.

Ze bemierken ass, datt dee ganze Projet fir d'Gemeng käschtenneutral ass, vu que datt mer duerch Subventionne säitens dem Stat de Projet gedeckt kréien. Ënnert anerem och dëse Posten.

Den ugeduechte Posten an der Bibliothéik fir Sozialpädagog: do kann ee ganz flott Projeten dorausser maachen.

7. Thillebiere, ancienne abbaye et Lommelshaff

Dës Persoun soll an éischter Linn mat de Schoulen a Maisons relaisen zesummeschaffen. Hei ass et natierlech vu Virdeel, wann een een hëlt, deen déi Fonctionnement a Konzepter scho kennt.

Momentan sinn an alle Schoule verschidden Enseignante scho stonneweise detachéiert, fir an de Schoulbibliothéiken esou ähnlech pädagogesch Projeten unzebidden. Hei ka bestëmmt eng flott Zesummenaarbecht stattfannen. Et soll een awer onbedéngt bei esou Projeten un déi 0- bis 3järeg denken. Grad an dëser Altersspann sinn esou Stimulatiounen extrem wichteg fir d'Entwécklung vum Kand. Och wann et natierlech nach méi spilleresch passéiert. Wat dofir leider oft ënnerschat gëtt. Wa mer elo esou e Poste schafen, sollt een och d'Iddi vun engem Spillgrupp an d'A faassen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Am Numm vun Déi Lénk begréissen ech d'Creations de posten an deenen doten zwee Beräicher, déi fir eis wichteg sinn, a wou et wichteg ass, dass déi néideg Disponibilitéit vu Personal do sinn, fir déi Aarbecht gutt ze maachen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci.

Madame Brassel-Rausch.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Vu que dass alles gesot ginn ass, wëll ech mech am Numm vun deene Gréngen all deenen Argumenter uschléissen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Quelle harmonie. Da géife mer zum Vot kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les créations de postes pour les besoins de la bibliothèque municipale et du nouveau département logement.

Villmools Merci. Da komme mer zu dräi Propositionen vu Klassementer op den Inventaire supplémentaire des monuments nationaux. Dat ass eisen Thillebiere, eist aalt Spidol oder Abbaye, deemno, wéi een et gär hätt, an eise Lommelshaff, dee mer viru Kuerzem kaf hunn. Ech géif soen, mir diskutéieren dat zesummen, an herno stëmme mer separat driwwer of.

Mä ech mengen, datt et wichteg ass, datt mer déi Proposen unhuelen. Den Här Ulveling wäert Iech déi néideg Erklärungen ginn, wat mer wëllen. Mir hunn Iech nei Pläng ausgedeele. Déi sinn e bësse méi däitlech, wat mer wëlle klasséieren.

Op de Lommelshaff wéilt ech kuerz agoen. Virun ongeféier zwee Joer war geschwat ginn, mir wéilten dat viischt Haus, en Deel vum Haff, déi zwou Lannen an déi Garage schützen. Mir sinn der Meenung, no der Visite vum Statssekretär aus dem Kulturministère, datt mer dat Ganzt solle schützen, mam Gaart, mat de Scheieren, mat allem ronderëm. Ech si keen Expert, wat d'Bauerenhaff ugeet. Wann een do erageet, an et gesäit een déi Ställ, sinn dat original Ställ, wéi se virun 100 oder 100 an eppes Jore gebaut gi sinn. Esou Ställ si ganz rar. Eis Iddi hate mer dem Statssekretär mat op de Wee ginn, fir dat global schützen ze loossen.

Mir wäerten och eng Informationsversammlung starten, wat mer sollen draetzen. Mir hunn e ganze Koup Iddien. D'Haaptiddi ass, erëm e Bauerenhaff dohinner ze setzen. Fir ze weisen, datt Déifferdeng net nëmme Stol ass, Eisenärerz, mä och Baueren hei geschafft hunn. Datt déi och e ganz wichteg Pilier vun

quelques heures. Il devrait être possible de mettre sur pied une collaboration efficace. Il faut aussi penser à stimuler de manière ludique les enfants de zéro à trois ans.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) se réjouit de la création de postes dans des domaines qui lui tiennent à cœur et où il est important de disposer de suffisamment de personnel.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) s'associe à tout ce qui vient d'être dit.
(Vote)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe à trois propositions de classement sur l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux. Il s'agit du Thillenber, de l'ancien hôpital et du Lommelshaff, que la commune a acquis récemment. Roberto Traversini demande aux conseillers communaux d'approuver ces classements. Il a distribué des plans.

Pour ce qui est du Lommelshaff, la commune voulait classer la maison antérieure, une partie de la cour, les deux tilleuls et le garage. Mais après la visite du ministère de la Culture, le collège échevinal est d'avis qu'il faut tout classer. Roberto Traversini n'est pas expert en fermes. Mais les étables du Lommelshaff ont été construites il y a plus de cent ans et sont donc extrêmement rares. C'est pourquoi il faudrait classer tout le bâtiment comme le demande le secrétaire d'État.

Une campagne d'information va être lancée. Il s'agit de montrer que Differdange, ce n'est pas seulement l'acier. Des fermiers y ont aussi travaillé. Le projet n'est pas encore finalisé, mais la commune pourra compter sur le soutien du ministère de la Culture.

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

Roberto Traversini répète qu'il s'agit de classer toute la ferme et de mettre ensuite un projet sur pied pour monter aux enfants qu'à Differdange, il y a aussi des fermes — et ce, en collaboration avec les citoyens, des associations et les clubs d'éleveurs.

TOM ULVELING (CSV) passe au Thillenberë. Il explique que cette enceinte est unique au Luxembourg. Le ministère reconnaît l'effort social des joueurs, supporters et membres du club, qui ont construit le stade de 1921 à 1922. En 1925, il a été agrandi.

Le collège échevinal propose de conserver le terrain de jeu, la tribune, les gradins et l'entrée. Il devra négocier l'acquisition du site avec ArcelorMittal. Il reste à décider quoi faire avec les courts de tennis et le terrain adjacent. Tom Ulveling pense à un projet pour les jeunes.

En ce qui concerne l'ancienne abbaye, Tom Ulveling propose de classer l'entrée, le parc, le bâtiment antérieur et le bâtiment en forme de T. La maternité, en revanche, ne mérite probablement pas d'être classée.

Tom Ulveling a discuté avec la Miami University, qui souhaite implanter son campus sur le site de l'abbaye. Il répète que le collège échevinal ne veut pas protéger la maternité, mais tout le reste.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que l'État est en train de procéder à un morcellement le long de la route de l'ancien hôpital. La commune pourra y construire des logements. Le site à classer pourra être déplacé de quelques mètres d'un côté ou de l'autre, mais ce qui est certain, c'est que tout le parc sera conservé.

La même chose est vraie pour le Thillenberë.

ERNY MULLER (LSAP) explique que c'est un honneur pour lui de commenter le Thillenberë, même si le bourgmestre veut traiter les trois points ensemble.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que les socialistes peuvent se répartir le discours comme ils veulent.

der Eisenindustrie waren. An nach aner Iddien. Et steet nach keen definitive Projekt fest. Op alle Fall hu mer d'Ënnerstëtzung vum Kulturministère. An déi Buerungen, déi musse gemaach ginn, d'Ingenieurskäschte wäerten hallef an hallef vum Ministère a vun eis bezuelt ginn, fir ze kucken, ob déi Iddi, déi mer hunn, kann ëmgesat ginn.

Eis Propos ass, dee ganze Bauerenhaff, esou wéi en elo do ass, komplett ze schützen. An dann zesummen ze kucken, mat de Parteien, mat de Bierger, mat den Associatiounen, mat eisen Zichterkollegen – mir hu jo och Zichter, zwee Clibb, hei –, datt mer de Kanner kënnen weisen, datt et och hei zu Déifferdeng Bauerenhaff gi sinn. A Gott sei Dank et der och nach e puer gëtt.

Den Här Ulveling géif déi dräi Projekte virstellen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Fänke mer mam Thillebiërg un. Deen ass eis all bekannt. Dat ass eng Enceinte, déi een an där doter Aart hei zu Lëtzebuërg net méi fënnt. De Ministère schreift a senger Argumentatioun, datt et e groussen Effort social war vun de Spiller, vun de Memberen an de Supporteren, déi sengerzäit deen Terrain do gebaut hunn, 1921 bis 1922. An e gouf bis 1925 erweidert. Mir kennen deen Terrain alleguer. Mir proposéieren, well en eben esou typesch ass, a well en och esou flott do läit, d'Spëlfeld, d'Tribün déi eng Säit, an déi aner Säit déi dräi, véier Reie Gradinen an den Entréesberäich ze erhalen, well dee jo och ganz typesch ass, do, wou d'Keese sinn, wann een do erakënnt, wou jo och elo den Daach an esou alles nei gemaach ginn ass. Dass een dat sollt erhalen. Mir mussen mat der ArcelorMittal schwätzen, dass mer dee ganzen Terrain do ze kafe kréien. An da muss ee sech iwwerleeën, wat ee mat deenen Tennisterrainen an deem Terrain niewendru kéint maachen. Dee kéint een och nach fiabiliséieren an do eppes Flottes fir Jonker maachen. Dat wär d'Iddi concernant den Terrain Thillebiërg.

Dat anert ass d'al Abbaye. Do wéilte mer op de Wee goen, Iech ze proposéieren, Dir hutt allegueren de Plang virun Iech, d'Afaart, dee ganze Park, dat vischt Gebai, déi T-Form, alles dat, wat

fréier d'Spidol war, ze erhalen. D'Maternité fanne mer net schützenswäert. Alles, wat gréng an orange ass um Plang, ass, fir ze schützen. Ech mengen, dann hätte mer do e flott Areal. Ech hunn erëm Kontakt opgeholl: d'Miami University wär nach ëmmer interesséiert, do eng Kéier e Campus ze maachen. Mir müssen natierlech kucken, dat net ze vill ze verbauen. Wann et geschützt ass, ënnerläit ee jo verschidde Obligatiounen. Wéi gesot, d'Maternité wëlle mer net schützen, awer de ganze Rescht, den Ensemble, de Park, dee wonnerschéin ass. Dat solle mer erhalen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech wëll nach bäifügen: “Herno kann een en hallwe Meter oder e Meter eriwuer goen, well de Stat amgaangen ass, e Morcellement ze maachen”. Ech schwätzen elo vum ale Spidol. E Morcellement laanscht d'Strooss, wou mer fir näischt wäerten zur Verfügung gestallt kréie fir Wunnengsbau. Dat heescht, et kann herno e Meter no lénks oder no riets geréckelt ginn. Mä dat, wat mer onbedéngt wëllen, ass, dee ganze Park ronderëm ze erhalen. Wann duerno ee Meter méi no lénks oder méi no riets ass, mécht dat herno d'Morcellement. An um Thillebiërg genau d'selwecht.

Här Muller, w.e.gl.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, Kolleginnen a Kollegen, Dir hutt elo gesot, mer huelen déi dräi Saachen zesummen. Ech géif speziell, well et ass mer eng Éier, op den Thillebiërg-Stadion agoen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, deelt Iech et op, wéi Der wëllt.

ERNY MULLER (LSAP):

Den Här Goffinet wäert op déi aner zwee Punkten agoen.

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Absolut kee Problem.

ERNY MULLER (LSAP):

Just virausschauend, well Der elo erkläert hutt zum ale Spidol – wéi mer et nennen, et huet jo X Nimm –, aus dem Bericht vun der Kommissioun geet ervir, dat hutt Der vläicht och gelies, dass do nach dat Haus vum fréiere Gäertner ass. Dat huele mer jo net eran? Also do musse mer eis elo e bësse wieren. Dir hutt et jo elo och net hei dra virgesinn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dofir hu mer dat och esou gemaach.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir misste ganz kloer soen: “Dat gehéiert net dozou”.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech perséinlech fannen, dass dat net déi Valeur huet, dass dat sollt ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir wäerten d'Pläng bei der Deliberatioun dobäisetzen. Dann ass et nach ëmmer um Ministère ze decidéieren, wat e fir richtig hält. Et ass genau dat, wat mer wellen.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech géif dann eppes zum Thillebiërg-Stadion soen. Et ass mer eng besonnesch Freed als laangjäreg President vun de Red Boys Déifferdeng, op déi an hirer Form historiesch an eemoleg Sportsanlag anzegoen, nämlech den Thillebiërg-Stadion. Den Text, dee mir haut vum

Kulturministère virleien hunn, resuméiert op eng exzellent Manéier d'Bedeutung vum Thillebiërg-Stadion. Eng komplett Infrastruktur, ugefaange beim eigentleche Spillfeld selwer an deenen eppes méi spéiden zwou Tribünen, enger Naturtribün, déi mir jo spéider “Gradins” genannt hunn, an der eigentlecher Tribün, enger Trägerkonstruktioun mat engem hëlzene Kierper, am englesche Look ergänzt. An England fënnt een dësen Typ Tribün nach bei méi klengen Veräiner hautdesdaags. Hei am Land ass et déi eenzeg vun dëser Aart.

Erlaabt mer e klengen historiesche Réckbléck: de Sportclub Déifferdeng huet den 11.07.1919 den Numm “Red Boys” kritt, op Vorschlag vum deemolege Kapitän, dem Michel Mosinger, deen an England studéiert huet, an dofir sécherlech och d'Tribün nom englesche Muster. De Michel Mosinger ass iwwerregens méi spéit zu engem renomméierte Professor an der Medezin avancéiert an huet et praktesch säi ganz Liewen a Frankräich verbruecht, mat etleche Visité bei sengem Brudder hei zu Déifferdeng. Eng dovun war um 75. Anniversaire vun de Red Boys, wou ech d'Éier hat, den Här Mosinger kennenzeléieren.

Deemools huet de Club op engem Terrain op der Escher Strooss Richtung Uewerkuer gespillt. Haut géif ee soen, dat ass beim Haus Courtois, also Courtois oder Funiculaire, Contournement. Dat huet deemools Escher Strooss geheescht. Well dësen Terrain relativ déif geleeë war, an doniewent d'Chiers nach haut leeft, war e meeschtens iwwerschwemmt an net praktikabel.

Dunn ass en neie Site gesicht ginn.

(Ënnerbriechung)

Jo, an duerch d'Zuvirkommenheet vun der deemoleger Stolgesellschaft Hadir um Thillebiërg da fonnt ginn. An zwar um Uert „An der Wäsch“. Dat kënnt Der vläicht noliesen am Text. Deen Numm soll dohier stamen, well eng Zäit virdrun do dat sougenannt Bohnerz gewäsch ginn ass. Dat war, ier dee ganze Prozess mat den Héichiewen an esou weider ugelaft ass. Et huet ee jo och versicht, do schon Eisen ze maachen. An do ass et einfach duerch eng Reduktioun mat méi klengen Geräter, méi klengen Iewe geschitt. Do ass einfach dat Oberflächenerz geholl ginn.

ERNY MULLER (LSAP) précise que M. Goffinet commentera les deux autres points.

Il signale simplement qu'en ce qui concerne l'ancien hôpital, le rapport de la commission mentionne aussi la maison de l'ancien jardinier. Or le collègue échevinal ne semble pas vouloir la classer.

TOM ULVELING (CSV) est du même avis.

ERNY MULLER (LSAP) estime que la commune doit être claire sur ce point. Il trouve que cette maison n'a pas la valeur requise.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) propose d'ajouter les plans à la délibération. Au ministère ensuite de prendre la décision.

ERNY MULLER (LSAP) explique qu'en tant qu'ancien président des Red Boys, c'est une joie pour lui de revenir sur le stade du Thillenber, une structure sportive unique. Le texte du ministère de la Culture résume parfaitement l'importance du stade. Il comprend le terrain de jeu, deux tribunes, une tribune naturelle que l'on appelle «gradins» et une structure en bois de style anglais. Le stade est unique au Luxembourg. Erny Muller rappelle que le club a pris le nom de Red Boys le 11 juillet 1919 sur proposition de son capitaine Michel Mosinger, qui avait fait ses études en Angleterre. Michel Mosinger est devenu plus tard professeur de médecine et a passé la plupart de sa vie en France, mais il a souvent rendu visite à son frère à Differdange.

À l'époque, le terrain du club se trouvait dans la route d'Esch près de la Maison Courtois. Mais ce terrain était inondé la plupart du temps. Hadir a alors proposé un nouveau terrain au club au lieu dit «An der Wäsch». Jadis, on y lavait le minerai de fer d'où le nom. Ce terrain comportait trois collines. Les joueurs, les supporters et les membres ont donc dû transporter 4200 m³ de terre. Les travaux ont duré de l'été 1921 à la moitié de 1922. Erny Muller souligne l'aspect social de ce stade.

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

La première rencontre a eu lieu le 9 octobre 1921 contre la Jeunesse arlonaise. L'inauguration officielle a eu lieu, quant à elle, le 24 mai 1922 dans le cadre d'un tournoi. Le stade du Thillenberëg a donc plus de 95 ans.

Au départ, le terrain de jeu faisait 93 m de long et 58 m de large. Il a été agrandi en 1923 et 1924 aux dimensions de 108 x 70 m.

En 1924 et 1925, la tribune couverte a été construite et les gradins ont été agrandis. Plus tard, les deux courts de tennis ont été aménagés. Même si ce n'est plus le cas aujourd'hui, à l'époque, ils faisaient partie du complexe sportif. Il a déjà été question de l'entrée de style anglais.

Une fois terminé, le stade Thillenberëg, situé en pleine nature, était un des stades les plus beaux de l'époque dans le pays et la région. Des rencontres internationales s'y sont déroulées devant un vaste public – et notamment Luxembourg-Belgique en 1936 devant 6000 spectateurs, Luxembourg-Allemagne en 1929 devant 8000 spectateurs, Luxembourg-France B en 1932 devant 6000 spectateurs, Luxembourg-Suisse B en 1934 devant 4000 spectateurs et Luxembourg-Allemagne en 1939 avec une victoire du Luxembourg.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

plaisante sur le fait qu'Erny Muller doit encore résumer 70 ans.

ERNY MULLER (LSAP) ajoute que la rencontre s'est conclue 2-1 pour le Luxembourg. En tout, 57 500 spectateurs ont assisté à 11 rencontres.

Le 5 août 1945, la famille grand-ducale a célébré la fête de la Résistance dans le stade en présence de 12 000 patriotes.

Plus tard, les Jeux de la passion sont devenus populaires et plusieurs milliers de personnes y assistaient. Erny Muller est né en 1948 et à partir de 1957, il faisait partie des spectateurs, mais pour le football.

Den Terrain op dëser Plaz war awer net flaach, en huet aus dräi Hiwwele vu jee fënnef Meter Héicht bestanen, déi et gegollen huet, ofzedroen. Am Ganze ware 4.200 Kubikmeter Buedem an Eisenäerz ofgedroe ginn. Dës Aarbechte si vun de Spiller, de Memberen an de Supportere vum Veräin duerchgefouert ginn. Se hunn am Summer 1921 ugefaangen an hunn néng Méint gedauert. Mëtt 1922 si se fäerdeg ginn. Hei ass besonnesch den enorm staarke sozialen Aspekt vum Entstoe vum Thillebiërg-Stadion ervirzesträichen. Dat ass scho gesot ginn hei.

Deen éischte Match um Thillebiërg ass den 09.10.1921 gespilt ginn. Et war e Frëndschaftsmatch géint d'Jeunesse Arlonaise.

De 24.05.1922 war déi feierlech Aweiung vum Thillebiërg-Spillefeld mat engem Tournéier. Den Thillebiërg-Stadion huet domatter elo ronn 95 Joer iwwerstanen. D'Spillefeld hat am Ufank d'Mosse vun nëmmen 93 Meter Längt an 58 Meter Breet, wat e bësse kleng war. Duerfir ass an de Joren 1923 an 1924 d'Spillefeld vergréissert ginn op 108 x 70 Meter, sou wéi et haut nach ass. Dat war och keng einfach Aufgab. Well niewendru war d'Situatioun, wéi se haut nach ass.

An de Joren 1924 an 1925 ass dann déi iwwerdeckten Tribün gebaut ginn, an déi sougenannt Naturtribün, d'Gradinen, weider ausgebaut ginn. Duerno ass nach en duebelen Tennisterrain agericht ginn. Deen ass awer net méi hei drop, mä dee war Bestanddeel ganz am Ufank, deen duebelen Tennisterrain. Dat war e Bestanddeel vun deem Komplex.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

Mat der Ëmzäunung an och där fir dëse Site typescher iwwerdeckter Entrée, dovu gouf och geschwat, Här Buergermeeschter, am englesche Stil mat béidsäitegen Haisercher.

Wéi alles fäerdeg war, war den Thillebiërg-Stadion matten an der Natur

eng vun deene schéinsten Anlage vun dëser Zäit. Souguer iwwert d'Grenzen eraus.

Esou hunn deemno an den 20er an an den 30er Joren eng ganz Partie international Matcher hei stattfonnt, viru ganz groussen Zuschauerkulissen. Ech wëll der e puer ervirsträichen: De 14.02.1926, Lëtzebuërg – Belsch viru 6.000 Zuschauer. De 14.04.1929, Lëtzebuërg – Däitschland viru 8.000 Zuschauer. Den 20.03.1932, Lëtzebuërg – Frankräich B viru 6.000 Zuschauer. De 4.11.1934, Lëtzebuërg – Schwäiz B viru 4.000 Zuschauer. Den 10.11.1935 Lëtzebuërg – Frankräich B viru 7.000 Zuschauer. An net zulescht, e wichtege memorabele Match, de 26.03.1939: do huet Lëtzebuërg géint Däitschland op d'mannst am Fussball gewonnen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et feelen nach 70 Joer.

ERNY MULLER (LSAP):

6.500 Zuschauer. De Match ass 2:1 fir Lëtzebuërg ausgaangen. Op Lëtzebuerger Säit zwee Goaler vun engem gewësene Maart, an den däitsche Goal hat e gewëssenen Hennel geschoss.

Am Ganze waren an där Zäit, bei eefel Matcher, dat muss ee sech emol virstellen, 57.500 Zuschauer um Thillebiërg uwiesend.

E ganz wichtegen Dag an der Ära Thillebiërg war nach de 05.08.1945 mat der Fête de la résistance wou d'Groussherzogin Charlotte, nieft der ganzer groussherzoglecher Famill, uwiesend war. 12.000 Patriotinnen a Patrioten, ënnert hinnen eng grouss Zuel vu Resistenzler-Organisatiounen. Deemools ass dat Monument, wat jo och haut nach do steet, ageweit ginn.

Duerno koum eng Zäit, wou d'Passionsspiller in waren hei zu Déifferdeng. Déi waren immens besicht. Ech hunn elo d'Zuelen net vun de Leit, mä do waren anscheinend Dausende Leit. Dat war awer schonn an deene Joren, wéi ech gebuer gi sinn, 1947. Ech sinn 1948 gebuer. Och 1950, 1957 war ...

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

(Diskussiounen)

Ech muss zwar soen, ech war 1957 schonn um Terrain, awer net bei de Passiounsspiller. Ech sinn do Futball kucke gaangen. Mä ech war awer 1957, mengen ech, déi éischte Kéier kucke gaangen.

1957, nodeems den Terrain Thillebiërg eng leschte Kéier redresséiert an de Wues erneiert gouf, hunn de 05.05.1957 d'Red Boys Déifferdeng géint d'Blackburn Rangers gespillt. De 15.08.1957, an do wäerte sech der nach drun erënneren, déi elo heibanne sinn, war den 1. FC Kaiserslautern géint den FC Liégeois.

Um Terrain selwer hunn och Turnfester stattfonnt. Dat war déi Zäit üblech fir Turnsport am Fräien. Souguer Feldhandball no de Fussballsmatcher, wou ech mech nach ganz gutt kann drun erënneren, well ech hunn esou Matcher no de Fussballsmatcher nach gekuckt. An de 70er an 80er Joren, déi déi meescht vun eis nach besser an Erënnung hunn, an ech gesinn der heibannen, déi déi Zäit am Futball aktiv waren, waren nach deelweis zwëschen 3.000 a 4.000 Zuschauer um Thillebiërg-Stadion, wann et ëm d'Derbyen, wéi, zum Beispill, de Progrès oder d'Jeunesse, gaangen ass.

(Diskussiounen)

Den Ofschlossmatch vun der éischter Equipp um Thillebiërg war den 18.05.2012 géint d'Jeunesse Esch. Duerno ass den Terrain Gott sei Dank erhale bliwwen. Mä duerno ass kee Match méi vun der éischter Equipp gespillt ginn.

Erlaabt mer nach, Merci ze soen. An zwar deenen zwee Leit a Supporteren, déi d'Inscription à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux fir den Thillebiërg-Stadion ugefrot hunn. Der ganzer Red-Boys-Famill, déi d'Wärterer vun de Pionéier, deene mer den Thillebiërg-Stadion verdanken, respektéiert a weidergefouert huet. All deejeinen, déi an interessante Broschüren an Dokumenter dofir gesuergt hunn, dass mer déi Momenter, déi zum Bau vum Thillebiërg-Stadion gefouert hunn, nach haut a Bild an Text kënnen novollzéien. Souguer deelweis an Toun. Mä hei sinn nach méi statesch Biller. An duerno zwar och scho Filmer, mä ganz

vill Texter, a ganz interessant Texter. A speziell zwee Leit erwähnen, déi dofir gesuergt hunn, dass all dës Informatiounen an Dokumenter nach haut zur Verfügung stinn. Dat si besonnesch d'Hären Erny Hilgert an Emile Schmit.

E Merci och un d'Stad Déifferdeng, ouni déi et den Thillebiërg-Stadion wahrenscheinlech och net méi géif ginn haut.

Et bleift dann nach d'Hoffnung auszedrücken, dass d'Stad Déifferdeng ganz geschwë wäert Propriétaire vum Thillebiërg-Stadion ginn, well mer jo wëssen, dass do Negociatioune mat ArcelorMittal amgaange sinn. D'LSAP stëmmt selbstverständlech fir d'Inscription vum Thillebiërg-Stadion. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, elo ass dat net nëmmen op Paibeier. Elo ass dat och op Toun, Här Muller, all déi wichteg Informatiounen. Hautdesdaags gëtt vill méi gelauschtert wéi gelies.

Da géif den Här Schwachtgen kommen.

(Ënnerbriechung)

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Wann Der den Här Muller schwätze gelooss hutt, musst Der mech och schwätze loossen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Selbstverständlech.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Neen, ganz interessant. Ech war jo selwer och als Jugendspieler bei de Red Boys. Ech hunn deen Terrain och ëmmer esou erlieft, an déi meescht Fussballspiller aus dem ganze Land wéi aus dem Ausland hunn dee Site do als mat dat Schéinst, wou ee ka Sport maachen, empfonnt. Effektiv en pleine nature, mat der Nostalgie-Tribün.

En 1957, le terrain a été redressé et le gazon refait. Le 5 mai, les Red Boys ont affronté les Blackburn Rangers et le 15 août, le FC Kaiserslautern a affronté le FC Liégeois.

Le stade a aussi accueilli des compétitions de gymnastique et même du handball à 11 après les rencontres de football. Dans les années 1970 et 1980, quelque 4000 spectateurs assistaient encore aux derbys. Certains conseillers communaux s'en souviennent certainement.

(Discussions)

La première équipe a joué son dernier match au stade le 18 mai 2012 contre la Jeunesse Esch. Le terrain a été conservé, mais on y a plus joué depuis.

Erny Muller remercie les deux personnes qui ont demandé l'inscription du Thillenberg à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux à la famille des Red Boys, à ceux qui ont documenté l'histoire du stade dans des brochures, des documents des images et même des films et particulièrement à Erny Hilgert et Émile Schmit, qui ont fait en sorte que ces documents soient encore disponibles aujourd'hui. Il remercie enfin la Ville de Differdange, sans laquelle le stade n'existerait plus aujourd'hui.

Il espère que la Ville de Differdange deviendra propriétaire du stade, des négociations étant en cours avec ArcelorMittal. Les socialistes approuveront l'inscription.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que l'historique de M. Muller ne figurera pas seulement sur papier, mais aussi sur des fichiers audios. Il cède la parole à M. Schwachtgen. (Interruption et rires)

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

s'exclame qu'il faut bien le laisser parler puisqu'on a laissé parler M. Muller.

Il rappelle qu'il a fait partie des Red Boys. Il se souvient que les joueurs luxembourgeois et étrangers estimaient que le stade Thillenberg était un des plus beaux sur lesquels jouer au football. Il mentionne à son tour Michel Mosinger. Une rue porte son nom. Il s'est aussi illustré dans le domaine médical.

7. Thillebiereg, ancienne abbaye et Lommelshaff

Frenz Schwachtgen se réjouit que ce site soit conservé. Il espère qu'ArcelorMittal comprendra le message: on n'y construira pas de lotissements. Ils feraient donc bien de rendre le terrain à la commune.

Frenz Schwachtgen rappelle qu'il a été question de transformer la tribune en local de stockage, car les sous-sols ne sont plus accueillants. On pourrait aussi aménager une buvette et des vestiaires, comme cela a été fait à Lasauvage. Ou alors un local pour accueillir des fêtes de famille.

Frenz Schwachtgen souhaite que le seul court de tennis sur terre battue de la commune puisse être conservé. Il faisait partie de l'enceinte. En hiver, Frenz Schwachtgen jouait au football sur un terrain en béton, alors que les ingénieurs jouaient au tennis.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que les courts de tennis n'étaient pas accessibles à n'importe qui.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

précise que c'étaient les hauts cadres de la commune et de Hadir.

Le projet est intéressant. L'argumentation des Sites et Monuments devrait être publiée dans l'Informationsblatt et les historiens locaux devraient rédiger un texte pour le magazine.

Le site s'appelle «An der Wäsch», car dès le moyen-âge, on y nettoyait le minerai de fer.

ALI RUCKERT (KPL) précise que le

minerai de fer existait déjà chez les Romains, pas seulement au moyen-âge.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

remercie M. Ruckert pour la précision. Même les Celtes recouraient au minerai de fer, mais pas sur le site en question.

Dir hutt zu Recht de Michel Mosinger ernimmt, deem iwwregens och eng Strooss hei zu Déifferdeng géif gebühren, fir all seng Meriten och am medizinische Beräich.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dat awer just Klammer op an zou. Wann ech ufänken, vum Thillebiereg ze schwätzen, sinn ech immens frou, dass dee Site fir d'Zukunft erhale bleift. An ech hoffen, dass d'Arcelor dee Message da versteet, dass dann do kee Lotissement an Zukunft wäert gemaach ginn. An dass Arcelor dann och vläicht agesäit, dass et vläicht besser wär, deen Terrain der Allgemengheet zeréckzeginn, wéi e selwer ze horten. Dat ass emol op jidde Fall mäi Wonsch.

Den Här Muller huet genuch erkläert iwwert déi Saach do. Ech wëll just d'Idien nennen, déi do bestanen hunn a scho laang bestinn, dass mer aus der Tribün just e Ballmaterialsraum maachen, well d'Sous-sole jo net méi wierklech accueillant si fir Sportler, fir ze duschen. Dass ee vläicht iergendwann eng Kéier eng nei Buvette, respektiv e Vestiairestrakt, wéi a Lasauvage, kéint hannen an den Eck setzen, wou actuellement de Chalet ass. An do e Partyraum oder e Gesellechkeetsraum fir Familljefeieren an esou viru géif maachen.

A firwat net? An ech hoffen och, dass deen eenzegen Tennisterrain, Sandterrain, dee mer an der Gemeng hunn, dee jo amgaangen ass, e bëssen a Stand gesat ze ginn, och nach fir den Tennissport bleift. Well wéi éinescht och gesot ginn ass, huet deen zur ganzer Enceinte gehéiert. Mir hunn déi Zäit um Bëtonsterrain Fussball gespillt am Wanter. An niewendrun hunn d'Ingenieuren ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An net egal ween, jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

... an d'déck Kadere vun der Gemeng, vun der Hadir dierfen Tennis spillen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech och net.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

A mir hunn nëmmen dierfen nokucken. Dat dozou.

Dat ass e ganz interessante Projet. Allgemeng, zu deenen dräi Punkten, wëll ech soen, dass mer déi Argumentatioun, oder d'Ufanksargumentatioun vum Sites et monuments sollen an eisem Gemengebuet verëffentlechen, respektiv eis Lokalhistoriker sollen opfuerderen, dozou eppes an de Magazin ze bréngen, dass d'Leit och gesinn, ëm wat et do get.

Och déi Geschicht vum Bohnerz, vun der Bohnerzwäsch. "Klängelbuer" heescht de Site u sech och nach. An "An der Wäsch" ass jo effektiv dat Bohnerz gerengegt ginn, ier et an d'Iewe komm ass. Scho ganz fréi, vum spéide Mëttelalter un.

Wann ech op deen zweete Punkt kommen, ass dat...

Gelift?

ALI RUCKERT (KPL):

Bohnerz ass scho bei de Réimer geschürft ginn zu Déifferdeng, net eréischt am Mëttelalter.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Awer d'Kelten hunn och scho Bohnerz um Tëttelbiereg viru Christuszeit verhütt. Mä op deser Plaz ass et awer nowieslech eréischt e

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

bësse méi spéit geschitt. Wéi d'Lasauvager Schmelz war. 1624, an där Richtung. Mer kënnen awer eng Kéier doriwwe schwätzen.

Déi aner Saach: ech maachen dann d'Verbindung mat der Abtei. Mir soe meeschtens "Klouschter", mä et war eng grouss Abtei. An d'Dimensiounen vun där Abtei waren, wou haut d'viischt Fassade sinn, vun der ganzer Roosevelt-Strooss bis erop op d'place de France, ronderëm d'Lasauvager Strooss, all Kéiers Stroosselinn, vläicht ongeféier ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et sinn nach verschidde Maueren do.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

An och d'Spidolstrooss bis erof erëm zereck an d'Roosevelt-Strooss. Eng Abtei war jo an deem Sënn och mat Bauerenhäff, mat Gehöfe dran, mat Leit, déi do geschafft hunn an esou virun. An dat eigentlecht Klouschter, de Klouschterberäich, war ebe just fir d'Nonnen, d'Zisterzienser-Schwësteren. Déi hate just hiert Klouschter plus en Haus, wou se hir Gäscht da bewiert, respektiv empfaangen hunn.

Interessant ass och, ze wëssen, dass mer nach e Site um Biërg hunn, erop bei den Thillebiërg, bei de Red-Boys-Terrain: am Bësch war de Kierfecht vun der Abtei. Virun 10, 15 Joer ass eng Kéier do probéiert ginn, Ausgruewungen ze maachen, déi leider aus iergendwelche Grënn, déi ech net kennen, gestoppt ginn. Uewen um Biërg, wann een déi al Ferrariskaarte kuckt aus dem 18. Jorhonnert, hu mer nach en Hermitage opgefouert. Dat ass uewen um Stengercherswee, wou spéider dee Scoutschalet war. Also do gëtt et nach vill ze entdecken. An den Opruff och am Verbund elo, denken ech, datt mer mat eiser Archivistin an esou viru wierklech eis Altertums-, oder Neizäit ass dat jo scho bal, -fuerschung weiderdreiwen.

Notamment dat Klouschter, déi Abtei huet Fontaine Marie geheescht. Déi Fontaine huet natierlech de Mariennumm kritt.

(Ënnerbriechung)

Okay, mä déi Quell, dee Waasserlaf ass uewen iwwert dem Red-Boys-Terrain am Biërg erofkomm an huet eng ganz laang Zäit als Bohnerzwäsch gedéngt.

Den Ursprung vun der Abtei ass virun 800 Joer. Dat steet jo och an den Dokumenter hei. Awer deen Neibau, dee mer haut wëlle schützen, ass u sech nëmmen 300 Joer al. Dat T-Stéck ass nach e bësse méi jonk.

Fir dann no baussen ze zielen, dat steet am Dokument: virun 100 Joer ass dat jo kommunalt Spidol ginn. An duerno staatlecht Alters- a Fleegeheim.

Déi aner Destinatiounen: ech mengen, do musse mer nach kucken, wat mer domat maachen. Vu que dass dee ganze Site als Parkanlag an esou viru jo dann elo geschützt gëtt, mat imposante Beem dran, wier et schued, wann elo en neien Notzer vum Gebai erakënnt, mä ech denken, déi Parkanlag soll der Allgemengheet zur Verfügung stoen, also op bleiwen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Net, dass herno e Stacheldrot ronderëm ass, well et iergend eng hallefprivat Institutioun gëtt. Egal, ween dra kënnt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dat dozou.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat musse se gesot kréien.

Pour ce qui est de l'autre monument, on parle souvent de couvent, mais il s'agissait en fait d'une abbaye. Elle se trouvait dans toute la rue Roosevelt jusqu'à la place de France...

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

précise que certains murs existent encore.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

rappelle que les abbayes comprenaient aussi des fermes. Les sœurs cisterciennes disposaient, quant à elles, d'un couvent.

Le cimetière de l'abbaye se trouvait dans la forêt, près du Thillenbergr. Il y a 10 ou 15 ans, des fouilles avaient été prévues, mais elles n'ont jamais eu lieu. Un ermitage se trouve au Stengecherswee. Bref, il reste encore beaucoup à découvrir. L'abbaye portait le nom de Fontaine-Marie. Le cours d'eau servait à laver le minerai de fer.

L'abbaye date d'il y a 800 ans, même si le bâtiment à protéger aujourd'hui n'a que 300 ans. La partie en forme de «T» est même plus jeune.

Il y a cent ans, le bâtiment est devenu un hôpital communal, puis une maison de retraite et de soins.

En ce qui concerne le parc, Frenz Schwachtgen estime qu'il devrait être accessible au public.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est du même avis.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

ne voudrait pas qu'il soit clôturé s'il devenait la propriété d'une institution.

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

Il ajoute qu'un café de la rue Roosevelt possède un tableau à conserver. Un artiste differdangeois, Armand Schiltz a peint un tableau imposant de l'ancien couvent. À l'époque, la rue Roosevelt s'appelait Weiergaass. Des ruisseaux y passaient, ce qui explique le nom. Il s'agissait d'un grand étang.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond qu'il le remarque parfois dans sa cave.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)
ajoute que le moulin du couvent se trouvait sur la place Millchen. Pour ce qui est du Lommelshaff, il en a déjà retracé l'histoire la dernière fois. L'année dernière, la commune en a classé une partie. En fait, la ferme était condamnée. Beaucoup de gens s'en plaignaient, mais seuls deux particuliers ont eu le courage d'écrire une lettre aux Sites et Monuments. Le conseil communal a alors accepté de classer la ferme avec la maison, le portail et les deux tilleuls. Cela a engendré une dispute avec le promoteur qui ne pouvait plus réaliser son projet comme il l'entendait. Frenz Schwachtgen se souvient notamment d'une séance du conseil communal mémorable. Il éprouve le plus grand respect pour les citoyens qui ont réussi à sauver partiellement le Lommelshaff. Il s'agit de M. Wampach et de M. Linster. Grâce à leur initiative, la situation a avancé et aujourd'hui, c'est tout le bâtiment qui est protégé.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Et gëtt iwwregens hei zu Déifferdeng nach e rettenswäerten Tableau. Deen hänkt am Café an der Roosevelt-Strooss.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

An der aler Weiergaass, wéi dat genannt gëtt. Do hat de Schiltzen Armand, Kënschtler hei vun Déifferdeng, en naturgetreit Bild vum ale Klouschterberäich, deen een och hei op der Ferrariskaart gesäit, gemoolt. Ganz imposant. Et sinn e puer Baachen do erofkomm. Dofir huet d'Roosevelt-Strooss fréier Weiergaass geheescht.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Weiergaass, jo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Do war e grouss Weier am Beréng vum ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech mierken dat heiansdo am Keller.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Genau. An op der place Millchen hat d'Klouschter hir Millen, déi haut nach den Numm dréit: place Millchen.

Voilà, dat dozou.

Zum Lommelshaff, ganz kuerz. Dat hat ech d'leschte Kéier am Historique scho gemaach. Ech brauch dat also net ze widderhuelen. Virun zwee Joer oder d'lescht Joer hu mer jo eng Deelklasséierung vun deem Site fäerdeg bruecht. Ech wëll awer kuerz den Historique vun der Rettung vum Haff rappeléieren.

Deen Haff war condamnéiert, fir ofgerappt ze ginn, an zwar ganz.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Yes.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dat huet ganz ville Leit hei an Déifferdeng wéi gedoen. Awer et haten nëmmen zwou Privatpersounen de Courage deemools, e Bréif ze schreiwen un de Sites et monuments, zwee Déifferdenger, déi bewierkt hunn, dass de Sites et monuments erof kucke komm ass an eng Proposition gemaach huet. Déi Gott sei Dank da vum deemolege Gemeengerot och ugeholl ginn ass. Zum Deel, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, mam Haus, mam Entréesportail, mat de Lannen an esou virun.

Dat ass awer duergaangen, dass Rapp a Klapp war mam Promoteur. Sou dass dee säi Projet, wéi e geduecht hat, net méi konnt oder net méi wollt duerchzéien. An dat waren och fir déi Privatleit, déi sech do engagéiert haten, keng schéi Momenter. Zemools hei virun der Dier, virun enger memorabler Gemengerotssetzung.

Dofir all Respekt fir déi Leit, déi et fäerdeg bruecht hunn, dass mer wéinstens eng Deelrettung gemaach haten. Dat waren den Här Wampach René an den Här Linster, déi de Courage haten.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech loosse säin Auto schütze virun der Dier.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Jo, genau, mä déi Demande de classement ass jo dunn duerkomm. An haut si mer, dank der Initiativ des Kéier vum Schäfferrot, e gudde Schrack méi wäit. Mer kréien en totale Schutz vun deem Gebai. Wat mer kënnen zu enger Notzung bréngen.

De Concours d'idées ass jo dann elo op, wéi ech héieren hunn: Wat maache mer domat? Do sinn all Iddie wëllkomm. An

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

et soll een d'Bevëlkerung och do mat abezéien. Et soll een och vläicht e Verbund zéie mat der Agrargesellschaft, déi mer ëmmer waren, ier d'Industrialiséierung hei ugaangen ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richtigeg.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dat kann natierlech vu mini Bauerenhaff fir pädagogesch Zwecker bis Musée local goen. Et kann eng sozial Begéiungsstätt ginn, mat Raum fir Reuniounen oder Treffen an esou virun. An do soll ee sech e bëssen Zäit huelen, fir dat och ze ënnersichen.

Flott wier, dat ass e Wonsch, wann dat och am Verbund a complémentaire mat deem aktuelle Familljebetrieb Werding kéint stattfannen. Keng Konkurrenz. Mä complémentaire vläicht zu deem Site. Well ech hunn dat Haus, och d'Famill Mosinger, de Michel Mosinger, perséinlech ganz gutt kannt. An och een, deen ech ganz gutt kannt hunn, war de Popo Lommel mat sengem Kolleg Werding Charly, déi ëmmer zesummen do fonctionnéiert hunn op deem Site. A vu que dass mer och do elo e Biobuttek an deem Beräich hunn, mat klenger Cafeteria – ech ginn elo net bezuelt fir Werbung –,

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass gutt gesot.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

... ass dat wierklech eng Saach, déi mer sollten op deem Site vun Al Déifferdeng global gesinn.

Ech denken, mir sinn um gudde Wee. Mir si mat de Fassade vun den Haiser jo scho bal duerch, denken ech. Dofir ass dat Haus, wat an der Spidolsstrooss ass, dat aalt Zahlesen Haus, dat aalt Gärtnerhaus, jo awer héchstwahrscheinlech och op där Lëscht, wat de Sites et monuments vläicht deemools noproposéiert huet. Ech wier allzäit frou,

wann ee sech dat kéint ukucke goen an iwwerleeën. Ech kennen et elo just vu baussen. Ech weess net, wéi den Zoustand ass.

De Rappel un d'Bevëlkerung, mengen ech, sollte mer och eng Kéier maachen. Mer hunn nach aner Sites. Ech weess emol net, ob d'Déifferdenger Schloss um Inventaire supplémentaire drop ass. Dat heescht, mer hunn nach esou Schätz an der Gemeng. Och industriell Schätz, déi vläicht iergend wéini eng Kéier ofgerappt ginn. Mer haten éinescht iwwert e Monument funéraire rieds. Also do ass nach décke Bedarf do. Dass mer och dem Bierger soen: "En einfache Bréif un de Sites et monuments geet duer, fir dass eng Prozedur enclenchéiert gëtt". A mat där solle mer eis da ganz gär auserneeetzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech faasse mech e bësse méi kuerz.

(Gelaachs)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt Zäit.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech mengen, mir mussen eng Auer hei opstellen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt Zäit, Här Meisch. Dir sidd och nach méi jonk.

Le concours d'idées est lancé. Frenz Schwachtgen trouve que l'on doit impliquer la population et les associations agricoles. Le Lommelshaff pourrait être transformé en une petite ferme pédagogique, un musée, un lieu de rencontre avec des salles de réunion... La commune doit se laisser le temps de réfléchir. Le projet pourrait être complémentaire à l'entreprise de la famille Werding. Frenz Schwachtgen a bien connu Michel Mosinger, M. Lommel et Charly Werding. En plus, une boutique biologique se trouve à proximité. Il faut donc voir le site dans son ensemble.

Frenz Schwachtgen suppose que la maison Zables dans la rue de l'Hôpital figure aussi sur la liste des Sites et Monuments. Il voudrait la visiter, car il n'en connaît que l'extérieur. Il profite de l'occasion pour lancer un appel à la population, car il ne sait même pas si le château de Differdange se trouve sur l'inventaire supplémentaire. Differdange compte des bijoux, y compris industriels. Il faut avertir la population qu'une simple lettre aux Sites et Monuments suffit pour lancer la procédure.

FRANÇOIS MEISCH (DP) va se montrer un peu plus bref.
(Rires)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) lui répond qu'il a le temps.

FRANÇOIS MEISCH (DP) trouve qu'il faudrait installer une montre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) lui répète qu'il peut prendre son temps. Il est encore jeune.

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

FRANÇOIS MEISCH (DP) *plaisante sur le fait qu'il a des montres dans son grenier.*

Il rappelle qu'il est question de trois bâtiments importants de Differdange à intégrer à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux.

Cela signifie que les propriétaires devront demander une autorisation du ministère de la Culture pour faire des travaux.

Le débat sur le Lommelshaff a déjà eu lieu et un consensus va être trouvé.

En ce qui concerne l'abbaye, des éléments ont déjà disparu. Il ne reste pratiquement plus rien du bâtiment du XIII^e siècle puisque les parties les plus anciennes datent de 1727 à 1730. De 1929 à 1981, le complexe appartenait à la commune qui souhaite d'ailleurs reprendre possession des lieux. Il s'agit d'un site historique où François Meisch a passé beaucoup de temps avec ses amis quand il était petit.

Pour ce qui est du Thillenberë, il y a été actif pendant des années. La situation et l'histoire de ce terrain construit à partir de 1921 par les joueurs, les supporters et les membres, sont uniques.

Les démocrates sont d'accord pour protéger ces sites. Il faudra juste veiller à ce qu'après le vote, ils ne tombent pas en ruines. Quelques travaux de réparation ne vont pas suffire. Protéger signifie aussi investir considérablement.

Le DP approuvera la proposition du ministère de la Culture.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *est absolument d'accord pour protéger les trois objets. Il se demande cependant pourquoi il a fallu sept ans pour que la demande concernant le Thillenberë aboutisse alors que c'est allé beaucoup plus vite pour les autres. Pourquoi la Commission n'a-t-elle pas traité ce dossier plus tôt? Gary Diderich rappelle que Yann Logelin a fait une demande le 15 mars 2011 et Michel Braquet le 16 avril 2012. Il les remercie pour leurs efforts. Il souhaite bonne chance à la commune dans ses négociations pour que le patrimoine de Differdange reste public.*

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech hunn nach e puer Aueren um Späicher.

Et geet drëms, dräi wuel bekannt Elementer aus eiser Gemeng op de sougenannten Inventaire supplémentaire des monuments nationaux ze setzen. Dat bedeit, dass de Propriétaire virun eventuellen Aarbechte muss beim Kulturministerium eng Geneemegung ufroen. Fir déi dräi Objeten hei sinn d'Propriétéitsverhältnisse jo kloer. Et gouf schonn driiwer geschwat.

Wat de Lommelshaff ugeet, hate mer d'Diskussiounen schonn hei um Dësch. A wa mir als Gemeng, als Propriétaire elo nach déi richteg Attributioun an d'Weeër leeden, wäerte mer do eventuell e Konsens kréien.

Wat d'Zisterzienserabtei, also dat aktuellt Fleegeheim ugeet, hu mer scho vill Elementer vun de Gebailechkeete verluer. Vum Ufank vum 13. Jorhonnert ass leider quasi näischt erhale bliwwen. Déi eelsten erhale Bestanddeeler datéieren aus de Jore 1727-1730. Et handelt sech do haaptsächlech ëm den aktuellen Entreesberäich.

Vun 1929 bis 1981 war de Komplex schonn a Gemengenhand. Mir erënnere eis un d'Déifferdenger Spidol. Ugeduecht ass jo scho länger, dass d'Gemeng erëm sollt Propriétaire ginn. Wann de Moment kënnt, mussen mer prett si mat engem Konzept fir dësen historesche Site, wou ech mat menge Frënn an der Ëmgéigend vill Jore vu menger Kandheet a Jugend verbruecht hunn.

Zwangsläufig ware mer dann och um Thillebiërg ënnerwee. An déi meescht vun eis waren och sportlech do um Terrain aktiv. Och ech hunn dat zumindest jorelaang probéiert.

D'Lag an den historesche Background vun dësem Site, wou de Bau ab 1921 vu Spiller, Memberen a Supportere vum Veräin zum groussen Deel selwer getäteg gouf, sinn aussergewöhnlech. De Rescht vum Historique vun den dräi Objeten ass jo scho gréisstendeels hei ernimmt ginn an ass bekannt.

Mam groussen Deel vun de Kritären, déi d'Commission des sites et monuments nationaux als erfüllt ugesäit, kënnen mir eis ufrënnen. Nach mussen mer, och nom Vote hei, eis dofir asetzen, datt trotz de Propriétéitsverhältnisse déi Plazen net weider verfallen. Au contraire. E puer Fléckaarbechte ginn do net duer. Erhalenswäertes solle mer erhalen. Awer dann och richteg dran investéieren.

D'DP stëmmt déi hei Proposition vum Kulturministerium mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech faasse mech och kuerz, well d'ganz historesch Eckdate si genannt ginn. Bei deenen dräi Objete si mir absolut dofir, déi ze ënnerstëtzen. Mir wäerten dat dotte matstëmmen. Eng Fro, déi mer eis stellen, ass: Firwat déi eng Demande – et sinn der jo zwou am Fong gewiescht –, fir den Thillebiërg op den Inventaire ze setzen, siwe Joer brauch, an anerer méi schnell virukommen? Gott sei Dank ass elo näischt verspillt a verpasst ginn an deene siwe Joer. Mä dat werft awer scho Froen op, firwat mer net éischter domatter befaasst gi sinn. A firwat déi Kommissioun sech net éischter schonn domatter befaasst huet. Well de Yann Logelin hat de 15. Mäerz 2011 déi Demande gemaach. An de Michel Braquet de 16. Abrëll 2012. Vlächtt hätt een all Joers mussen nach eng Ronn drop leeën, fir dass et méi schnell geet. Mä deene Leit op jidde Fall e grouse Merci, dass si dat gemaach hunn. An dann eis Bonne chance, dass mer déi Verhandlungen esou hi kréien, dass dee Patrimoine am Sënn vun der Allgemengheet wäert kënnen weider bestoe bliwwen.

Iwwer dat, wat mat deenen aneren, ënnert anerem mam Lommelshaff, wäert geschéien, denken ech, kënnen mer eng aner Kéier méi driiwer schwätzen.

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, gären.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Haut ass elo scho laang genuch. Elo get et emol drëms, et geschützt ze kréien. Ech soen Iech Merci.

(Ënnerbriechung)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Jo, Dir kënnt och e puer Sätz méi soen, Madame Richartz.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Merci, ech wëll och nach e puer nostalgesch Gedanke lass ginn iwwert de Lommelshaff. Soulaang ech un de Kleesche gegleeft hunn, hunn ech all Joer bei der Madame Lommel de Kleesche kritt, duerch meng Elteren, well si sech kannt hunn. A virun engem Mount oder fënnef Wochen, wéi ech e bësse sécher war oder wousst, dass de Lommelshaff géif stoe bleiwen, an alles, hat ech d'Madame Marty Lommel kontaktéiert. A si ass och ganz frou doriwwer. Dat ass d'Duechter vum Lommel.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech kennen d'Madame.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Si ass ganz frou doriwwer. Dat hunn ech misste lass ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Ruckert, et ass nach un Iech. Wann Der deem wëllt eng drop setzen, d'Lat läit héich.

ALI RUCKERT (KPL):

Et ass scho vill gesot ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat gött awer schwéier.

(Gelaachs)

ALI RUCKERT (KPL):

Mä net alles. A vläicht net ëmmer déi richteg Saachen oder déi wichtegst Saachen, géif ech elo emol soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ah, da sot eis déi.

ALI RUCKERT (KPL):

Mä et war awer interessant, deem nozelauschteren.

Ech wëll da mam Thillebiërg ufänken. Deen ass an der Zäit gebaut ginn, wéi déi franséisch Truppen d'Republik zu Lëtzebuerg mat Waffengewalt verhënnert hunn.

(Ënnerbriechung)

Dat däerf een net vergiessen. Vu weem ass e gebaut ginn? Hei ass gesot ginn: "En ass vun de Spiller gebaut ginn, vun engem Deel vun der Bevëlkerung". Ech géif awer do méi konkret ginn. Ech géif soen: "En ass vun de Stolaarbechter gebaut ginn". An en ass vun de Leit, vun de Biergaarbechter gebaut ginn, déi zum groussen Deel op der Schmelz geschafft hunn, oder eben an de Galerë vun Déifferdeng a vun Uewerkuer. Dat ass wichteg, ze wëssen. Well do d'Element vum Zesummenhalt a vun der Solidaritéit matgespillt huet, wéi deen Terrain gebaut ginn ass. Mer haten dee Fall nach eng Kéier vill méi spët an der Geschicht, beim Bau vum Lunasterrain.

Pour ce qui est des deux autres bâtiments, il faudra discuter de leur avenir. Mais la séance d'aujourd'hui dure depuis assez longtemps.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

se souvient que quand elle était petite, saint Nicolas passait pour elle à la ferme Lommel, car M^{me} Lommel connaissait ses parents. Lorsqu'il a été décidé de classer la ferme, elle a appelé M^{me} Marty Lommel pour al prévenir. Celle-ci en a été ravie.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond qu'il la connaît aussi.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

répète qu'elle en a été très contente.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

demande à M. Ruckert s'il souhaite ajouter quelque chose. La barre est haute.

ALI RUCKERT (KPL) constate que beaucoup de choses intéressantes ont été dites, mais pas tout.

Il rappelle que la construction du Thillenberga commencé à l'époque où les troupes françaises ont empêché la mise en place d'une république au Luxembourg. Il a été dit que ce stade a été construit par une partie de la population — et notamment les joueurs. Mais il s'agit en fait de personnes qui travaillaient à l'usine de Differdange et dans les mines. L'élément de solidarité était important. La même chose est arrivée lors de la construction du terrain de Luna.

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
ajoute la piscine.

ALI RUCKERT (KPL) *précise que la piscine a été construite dans le cadre de travaux d'urgence lorsque l'usine a procédé à des licenciements massifs. Les ouvriers devaient bien toucher un salaire.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *mentionne le terrain de l'AS.*

ALI RUCKERT (KPL) *répond que ce terrain a été construit plus tard. Il répète qu'il ne faut pas oublier l'importance qu'a jouée le sentiment d'appartenance et de solidarité.*

Les Red Boys c'est-à-dire les garçons rouges ont joué sur ce terrain. Il s'agissait notamment du gardien de but Maurice Droessaert, le fils du cordonnier qui a fait partie du conseil communal pour les socialistes, puis pour les communistes à partir de 1924.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
plaisante sur le fait qu'à l'époque, personne ne parlait des écologistes.

ALI RUCKERT (KPL) *trouve important de mentionner Michel Mosinger. Mais dans l'équipe des Red Boys, il y avait aussi Xénon Bernard, le président du parti communiste assassiné par les nazis.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
confirme qu'il a été tué.

ALI RUCKERT (KPL) *ajoute que tous ces ouvriers formaient une grande famille et c'est ce qui a permis de construire le stade.*

Pourquoi a-t-il fallu longtemps pour classer le Thillenbergr? À cause d'intérêts qui s'y opposaient. Théoriquement, des travaux dans le stade restent possibles, mais il faudrait l'accord du ministère. Il est plus probable qu'ArcelorMittal essaie de gagner le plus de fric possible en le vendant à la commune. Celle-ci doit tout faire pour l'acquiescer.

Tout a été dit concernant l'ancien hôpital.

Pour ce qui est du Lommelshaff, M. Schwachtgen est entré dans les détails — y compris ceux peu relui-

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An der Schwämm.

ALI RUCKERT (KPL):

An der Schwämm. Dat war awer eppes anescht. D'Schwämm ass bei Noustandsaarbechte gebaut ginn, wou d'Schmelz esou vill Leit entlooss huet. A wou d'Gemeng dann decidéiert huet, dass déi Noutstandskaarbechte solle gemaach ginn, fir dass déi Aarbechter iwweh haapt sollten eng Pei kréien.

FRED BERTINELLI (LSAP):

An den AS-Terrain.

ALI RUCKERT (KPL):

Deen ass och méi spéit gemaach ginn. Also do spillt ëmmer dat Element vum Zesummenhalt a vun der Solidaritéit mat. Dat dierf een haut net vergiessen. Dat gëtt ganz dacks vergiess. Mä dat ass ganz wichteg.

An dann, op deem Terrain hunn d'Red Boys gspillt. Deen Numm ass net egal wat fir een Numm. „Déi rout Jongen“. Wee waren dann déi rout Jongen, déi do gspillt hunn? Ma dat war, ënnert anem, de Maurice Droessaert, deen am Goal gspillt huet. De Jong vum roude Schouster vun Déifferdeng, dee fir d'éischt fir d'Sozialistescher Partei a vun 1924 u fir d'Kommunistescher Partei am Gemengerot souz.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Do huet nach kee vun deene Grénge geschwat.

ALI RUCKERT (KPL):

Ech mengen, et ass richtig, wann de Michel Mosinger ëmmer genannt gëtt. Dat ass ganz richtig. Et war e wichtige Mann fir d'Red Boys. Mä ech wëll awer och drun erënneren, dass an der éischter Equipp deemools vun de Red Boys de Zénon Bernard gspillt huet. Dat war de

President vun der Kommunistescher Partei, dee méi spéit vun den Nazien ermordert ginn ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, deen ass ëmbruecht ginn.

ALI RUCKERT (KPL):

Dat war hei eng grouss Famill vun deenen Aarbechter. An eréischt doduerch ass dat zustane komm. Dofir ass et duebel wichteg, wann dorun erënnert gëtt, a wann dat erhale gëtt.

A virdrun ass d'Fro opgetaucht: „Firwat dauert dat bei deem engen esou laang, a bei deem aneren net?“ Dorop kann een eng Äntwert ginn. Wann et bei deem enge méi laang dauert, wéi bei deem Red Boys-Terrain, da sinn do gewëssen Interessen dohannert gewiescht, fir dass dat net sollt klasséiert ginn. Do si ganz konkret Interessen dohannert. An haut geet et och dorëm. Och wann dat elo op den Inventaire supplémentaire gesat gëtt, kéinte jo dann nach Aarbechte gemaach ginn, mä do misst jo dann de Ministère d'accord sinn. Dat ass awer net ze fäerten, dass dat elo geschitt. Et ass éischter esou, dass ArcelorMittal nach esou vill Fric wéi méiglech wëll erausschloen, fir der Gemeng dat dann unzedeien. Mä et ass awer wichteg, dass d'Gemeng net Drock ausübt, mä kuckt, esou séier wéi méiglech deen Terrain vun ArcelorMittal ze kafen.

Zum fréiere Spidol soen ech elo näischt. Dat ass hei schonn ausgiebig gesot ginn.

Zum Lommelshaff: do wëll ech drun erënneren, dass mer dee jo hei am Gemengerot haten. De Schwachtgen Frenz huet dozou eng Rei Detailler, och onschéin Detailler, gesot, déi an deem Zesummenhang passéiert sinn. Mir hunn hei eng Deelklasséierung decidéiert. Ech wëll drun erënneren: wéi mer dat decidéiert hunn, hunn ech mech deemools als Vertrieeder vun der Kommunistescher Partei dofir agesat, dass dat net eng Deelklasséierung gëtt, mä dass et eng vollstänneg Klasséierung gëtt. An dofir sinn ech ëmsou méi frou, dass haut vum Schäfferot an der Majoritéit hei am Gemengerot eben déi Fuerderung, déi ech

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

deemools gestallt hunn, déi net erfëllt ginn ass, elo erfëllt gött. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wann Der verstänneg Saache bréngt, huele mer se och ganz gären un, gesitt Der.

(Gelaachs)

Här Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Déi lescht Séance vum Geschichtsunterrecht.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Allez-y.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech wollt just eppes Klenges iwwert d'Spidol soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Haut brieche mer och de Rekord vun de Gemengerotssitzungen.

(Gelaachs)

Mä et ass awer wichteg.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Ech wollt just eppes Klenges soen. Am 13. Jorhonnert ass déi Abbaye gegrënnt ginn, vum Alexandre de Soleuvre. Do war Zolwer vill méi grouss, an en Herrscherhaus zu Zolwer hat déi zu Déifferdeng baue gelooss an als Don un d'Zisterzienserschwëstere weiderginn. Bis zur Franséischer Revolutioun war dat dee gréissten Arbeitgeber an der Ëmgéigend. Do ware vu Weiere bis Lännereien, bis Gott an der Däiwel.

An dunn no der Franséischer Revolutioun war Schluss mat deenen Abteien an

esou weider. Déi huet siwemol de Propriétaire gewiesselt, bis 1929 d'Gebai-lechkeet opkaf ginn ass vun der Gemeng, an dunn en Hospice draus entstanen ass.

1981, wou dat neit interkommunaalt Spidol fäerdeg war, war dann och Schluss. Dunn ass et eng Maison de soins ginn. A wahrscheinlech ass dann do och Schluss mat der Maison de soins zu Déifferdeng, wann dat neit Fleegeheim um Fousbann gebaut gött a fäerdeg ass. Spéitstens bis dohinner kann ech mer virstellen, dass scho vill Leit sech de Kapp zerbrach hunn, wat mer mat deem Gebai maachen.

Ech hunn net grad déiselwecht Iddie wéi vläicht den Här Ulveling, onbedéngt d'Miami University wëllen eranzesetzen. Do gött et nach aner Iddien. Mä doriwier léisst sech jo ëmmer schwätzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Dat soll ee jo am Breeden diskutéieren. All Iddi ass wëllkomm.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ass wëllkomm. Wéi beim Bauerenhaff.

SERGE GOFFINET (LSAP):

De Lommelshaff: souwäit ech weess, war dem Här Lommel säi Brudder Bëschof.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Jo.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Wann ech dat nach richtig ...

sants. Ali Ruckert rappelle qu'il s'est engagé pour un classement complet de la ferme dès le départ. C'est pourquoi il est content que cette requête communiste ait enfin été acceptée par le conseil communal.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que le collège échevinal soutient les propositions de M. Ruckert quand elles sont raisonnables.

(Rires)

SERGE GOFFINET (LSAP) annonce

qu'il va poursuivre le cours d'histoire en ajoutant quelques informations sur l'hôpital.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

plaisante sur le fait que la séance du conseil communal d'aujourd'hui va battre tous les records.

(Rires)

Il constate qu'il s'agit tout de même d'une séance importante.

SERGE GOFFINET (LSAP) rappelle

que l'abbaye a été fondée au XIII^e siècle par Alexandre de Soleuvre, qui en a ensuite fait don aux sœurs cisterciennes. Jusqu'à la Révolution française, l'abbaye était le plus grand employeur de la région. Après la Révolution, le bâtiment a changé plusieurs fois de propriétaire et en 1929, il a été acheté par la commune pour en faire un hospice. À partir de 1981, le site a été transformé en maison de soins. Mais lorsque la nouvelle maison de soins du Fousbann ouvrira, il est probable que celle de Differdange fermera ses portes.

Contrairement à M. Ulveling, Serge Goffinet ne pense pas qu'il faille mettre le bâtiment à disposition de la Miami University. Il faudra en discuter.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

confirme que toute idée est la bienvenue comme pour la ferme.

SERGE GOFFINET (LSAP) passe au

Lommelshaff. Il lui semble que le frère de M. Lommel était évêque.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)

répond que oui.

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
s'étonne des connaissances de M. Goffinet.

SERGE GOFFINET (LSAP) *plaisante sur le fait qu'en tant que rouge, il connaît des histoires noires. D'après le dossier, le Lommelshaff sera conservé à des fins pédagogiques. Le collège échevinal semble donc savoir ce qu'il veut en faire. Serge Goffinet trouve l'idée sympathique. Il signale qu'un des dossiers concerne un classement en tant que monument national et deux concernent une inscription sur l'inventaire supplémentaire, ce qui laisse plus de libertés au propriétaire pour d'éventuelles transformations.*

GUY TEMPELS (CSV) *se montrera bref. Il souligne l'importance de classer le Thillenberë, le Lommelschaff et le couvent.*

Le Thillenberë se trouve sur un site unique. Des négociations sont en cours pour que la commune en devienne propriétaire.

La commune devra réfléchir à quoi faire de l'ancien hôpital. En tout cas, il est important que l'aménagement de la nouvelle maison de soins se fasse rapidement.

Pour ce qui est du Lommelshaff, il faut mettre sur pied un concept rapidement. Toutes les idées sont les bienvenues. La grange pourrait par exemple être mise à la disposition des associations. On pourrait même y organiser des mariages et des anniversaires. Guy Tempels propose d'organiser une réunion d'information publique pour rassembler le plus d'idées possible.

FRED BERTINELLI (LSAP) *ne s'attendait pas à apprendre tellement de choses au cours d'une séance du conseil communal.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond qu'il n'est jamais trop tard.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wat wësst Dir Saachen.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir sidd jo schéi bewandert.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Als Roude weess ech schwaarz Geschichten. A wann Der Ären Dossier gekuckt hutt: "de garder des structures agricoles pour un réemploi à des fins notamment pédagogiques". Ech mengen, et ass schonn eenegermoosse festgeluecht, wat mer u sech domat maachen. Well doropshin huet de Minister dat wahrscheinlech aschreiwe gelooss, well en déi Iddi sympathesch fonnt huet. Ech fannen déi Iddi och sympathesch. Mä och do muss een, wéi ech ëmmer soen, e gesond Konzept hunn. Dann ass dat doten och ze vertrieën.

Mir hunn also elo een Dossier, deen als Monument national klasséiert gëtt, an zwee als Inventaire supplémentaire. Just, fir dat ze soen. Et ass net alles als Monument national klasséiert. Et sinn och zwee Inventairen, well mer do méi Méiglechkeeten hunn, fir Ännerungsvirschléi an 30 Deeg ze maachen. Dat wier et, Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Tempels nach.

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech hale mech kuerz.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Denkt un Äre Stéier.

GUY TEMPELS (CSV):

Richteg, wann een den Dossier liest, versteet een, wéi wichteg et ass, de Stade Thillebiërg, de Lommelshaff an, wéi déi meescht soen, dat aalt Spidol oder d'Klouschter ze klasséieren.

De Stade Thillebiërg mat senger eenze-gaarteger Lag muss esou erhale bleiwen, och wann en der Gemeng bis elo net gehéiert. Mä d'Verhandlungë sinn am-gaangen.

Beim ale Spidol musse mer eis Gedanke maachen, wat mer heihinner huelen, wann dëst Gebai emol mat sengem flotte Park fräi gëtt. Et wär dofir gutt, wa mir de Projet vum neie Fleegeheim no vir dreuwe géifen, datt endlech d'fleegebedürfteg Leit mol dee richteg Kader geschafe kréien. Fir de Lommelshaff musse mir esou séier wéi méiglech ee Konzept schafen. Hei ass all Iddi wëllkomm.

Mir vun der CSV gesinn an der Scheier e flotte Sall fir eis Veräiner, wat am Moment e bëssen hei an der Gemeng felt. Eventuell, fir an engem flotte Kader eng Hochzäit oder e Gebuertsdag dran ze feieren.

Eng Biergerversammlung sollt een abe-ruffen, fir iwwert de Lommelshaff ze diskutéieren, wou Leit vläicht nach besser Iddie mat erabrëngen. Dat war et, Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels.

Den Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci fir d'Wuert. Ech hätt net geduecht, datt ech nach eng Kéier esou vill géif léieren hei am Gemengerot. Dat war ganz interessant.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass ni ze spéit.

7. Thillebiërg, ancienne abbaye et Lommelshaff

FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ass ni ze spéit. Ech wëll mech just bezéien op den Thillebiërg. Ech wëll mengem Fraktiounsspriecher Merci soen, hien ass wierklech in extenso op de geschichtlechen Deel agaangen. Sou datt ech mech just wäert op de sportlechen Deel konzentréieren. Den Thillebiërg war der LSAP ëmmer wichteg. Et huet een déi lescht dräi, véier Jore gesinn, wat mer un deenen anere Sportsstätte geschafft hunn, well mer der Meenung sinn – ech weess, datt et fir d'Politiker vill méi schéin ass, ëmmer nei Saachen anzeweise kuerz viru Wahlen –, et sollt een awer och kucken, déi Saachen, wou een huet, an der Rei ze halen an ze kucken, datt se, zemools, wa se vu Leit benotzt ginn, an engem gudden Etat sinn, datt do kengem eppes geschitt.

No Bréiwer vun der FLF, wat den Zoustand vum Thillebiërg ugeet, no engem Rendez-vous mat der Hygiène sur place, wéi d'Duschen an d'Bieder do waren, hu mer misse reagéieren als Schäfferot. An mir haten dunn och reagéiert. An der leschter Zäit hu mer wierklech déi néidegst Aarbechten um Thillebiërg – an dat war scho vill – ugeholl an hunn do geschafft op deem Terrain. D'Duschen, d'Buvette, déi meescht Saachen an d'Rei gesat, déi elo fir den Alldag gebraucht ginn, well do nach all Dag Kanner op deem Terrain trainéieren, wou praktesch all Weekend dräi bis véier Matcher op deem Terrain sinn. Sou datt mer eis et net konnte leeschten, fir deen Terrain einfach esou brooch leien ze loos- sen, well e wierklech gebraucht gëtt.

Wat leider schued ass, sinn déi Entrevuen, déi mer mat Arcelor Domaine haten. Datt do den Direkter changéiert huet, well mir ware scho wäit virukomm. Natierlech ware mer net d'accord mat der Präisvirstellung, déi si haten. Mä de Mann hat hei vun eppes geschwat, wou- vun e keng Ahnung hat. Mir ware mat him, wou en hei war, wou en eis iergend e Präis ginn hat, zesummen de Site kucken, well e war nach ni do, en hat en nach ni gesinn, en hat den Zoustand vum Terrain nach ni gesinn, an do war en awer méi moderéiert, wat de Präis ugaangen ass, wat en dann do gefrot huet.

Do ware mer op engem gudde Wee. Mä do ass leider Gottes de Mann zeréckge-

paff ginn. Dat heescht, e schafft net méi bei där Sociéitéit. An et ass en anere genannt ginn. Déi Zäit war et en Éisträicher. Ech mengen, et ass elo schonn erëm en aneren do. Sou datt mer, wat de Kaf vum Thillebiërg ugeet, net weiderkomm sinn.

Ech wëll och soen, datt et hei an den Ti- räng op der Gemeng verschidde Pläng gëtt vu viregte Schäfferéit, wat um Thillebiërg alles sollt gebaut ginn. Ech si frou, d'Unanimitéit hei am Sall ze gesinn, datt elo kee méi wëll, datt do soll gebaut ginn. D'LSAP wollt dat ni.

Am Kader vun deenen Aarbechten, déi mer dann op der Sportsstätte gemaach hunn, si mer weidergefuer mam Aarbechtsministère, deen eis Leit zur Verfügung gestallt hat, mat deene mer schonn dee ganze Site zu Nidderkuer, de Site um Woier restauréiert haten. A vu que datt do Nout um Mann war, well um Thillebiërg den Daach agefall war, an do all Dag Kanner an- an ausginn, an d'Gefor relativ héich war, hat de Schäfferot déi Zäit decidéiert, den Daach direkt ersetzen ze loos- sen. An och wéi de Monument aux morts an e Koup gefall war, huet musse reagéiert ginn.

Nom Oktober sinn all déi Aarbechte leider gestoppt ginn, no de Gemengewahlen. Mä ech mengen, sou wéi ech haut d'Gefill vun de Leit hunn, datt déi Aarbechte wäerte weidergefouert ginn. Vläch- t e bëssen anescht, wéi mir eis et virgestallt hunn. Mä si wäerte weidergefouert ginn. An dat ass d'Haaptsaach.

Sou datt déi nächst Generatioun vu Kanner och nach do kënnen Sport maachen. Well et ass effektiv, wéi hei gesot ginn ass, ee vun deene schéinsten Terrai- nen am Land. A vu que datt mer Leit gefrot haten, déi Etüde maache komm sinn, wësse mer, datt dat nach déi een- zeg Tribün am Land ass am englesche Stil. Déi och Analyse gemaach hu vu baussen, vun deenen Träger, déi dat Ganzt unhalen. An also do och e bësse gewosst ass, wo der Hase im Pfeffer liegt, fir dat erëm ze restauréieren. Déi ganz Gradine stinn op engem décken T- Träger, deen an der Mëtt duerchge- rascht ass. “Dat gëtt eng komplizéiert Geschicht, fir dat ze flécken an ze erneie- ren”, wëll ech just hei soen. Well mer eis do berode gelooss hunn, wat do ze maache wär.

FRED BERTINELLI (LSAP) *est du même avis.*

Il remercie M. Muller d'être revenu en détail sur l'histoire du Thillen- berg. Ce stade a toujours été impor- tant pour les socialistes. Au cours des quatre dernières années, des in- vestissements conséquents ont été opérés dans les infrastructures spor- tives. Fred Bertinelli sait bien que les hommes politiques aiment inau- gurer de nouveaux projets sur tout avant les élections, mais il ne faut pas oublier de maintenir ce qui existe déjà.

Pour ce qui est du Thillenberg, le collège échevinal a dû réagir après les lettres de la FLF et l'intervention de l'Hygiène. Les travaux néces- saires ont été réalisés sur le terrain et dans les douches et les vestiaires. Fred Bertinelli rappelle que tous les jours des enfants s'entraînent au Thillenberg et que tous les week- ends trois ou quatre rencontres s'y déroulent.

En ce qui concerne les entrevues avec Arcelor, il est dommage que le directeur ait changé, car les négocia- tions étaient avancées. Le directeur a demandé un prix sans savoir de quoi il parlait. Quand finalement, il a vu l'état du stade, il s'est montré plus modéré. Malheureusement, c'est à ce moment-là qu'il a été rem- placé par un Autrichien — qui a lui-même été remplacé entretemps. C'est pourquoi les négociations pour l'acquisition du Thillenberg n'ont pas avancé.

Fred Bertinelli signale que la com- mune dispose de plans pour trans- former le site. Il est content que tout le monde soit finalement d'accord pour le préserver.

Il rappelle que les travaux ont été réalisés en coopération avec le mi- nistère du Travail, comme cela avait déjà été le cas à Niederkorn et au Woier. Il a fallu notamment rem- placer le toit d'urgence, car il s'était écroulé. Malheureusement, après les élections d'octobre, les travaux ont été suspendus, mais ils devraient re- prendre bientôt. Fred Bertinelli es- père que la prochaine génération d'enfants pourra encore faire du sport au Thillenberg, un des plus beaux terrains du pays. La tribune de style anglais est unique.

8. Autorisation d'ester en justice

Les gradins sont soutenus par une poutrelle en forme de T, qui est rouillée au milieu. La réparation sera compliquée.

En tout cas, Fred Bertinelli est content que les travaux se poursuivent.

M. Muller a dit tout à l'heure que 12 000 à 13 000 personnes ont assisté à l'inauguration du monument en présence de la grande-duchesse Charlotte. Ce monument a été restauré. La plaque a été refaite par le CIGL. Fred Bertinelli demande quand aura lieu l'inauguration.

Les socialistes trouvent important qu'un site comme celui-ci soit préservé. Fred Bertinelli rappelle qu'une vieille maison se trouve sur le carreau. Il faudra réfléchir à quoi en faire. Après tout, la commune recherche continuellement des locaux en dehors du centre pour les séniors, les jeunes, les associations...

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que personne n'aurait cru que tant de bâtiments seraient classés il y a à peine quelques années.

(Vote)

Roberto Traversini passe à une motion.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

l'interrompt.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

a oublié un point important. La commune a besoin de l'accord du conseil communal pour poursuivre quelqu'un en justice. Il s'agit de dommages survenus lors de la rénovation de l'Aalt Stadhaus.

(Vote)

Mä ech sinn extrem frou an houg, datt déi Aarbechte weidergemaach ginn. An datt deem Terrain erëm fir de Sport fräi gëtt, datt nach vill Generatiounen vu Kanner vun deem schéinen Terrain kënnen profitieren an do Sport kënnen maachen.

Ech hätt just nach eng Fro un de Schäferot iwwert de Monument. Den Här Muller huet gesot, bei der Aweigung vun deem Monument waren iwwer 12.000, 13.000 Leit um Site. Deen ass vun der Grande-Duchesse Charlotte ageweit ginn. Deen ass u sech praktesch fäerdeg. D'Plaque läit do. Déi hate mer vum CIGL renovéiere gelooss. Wéini soll dat erëm ageweit ginn? Ech weess elo net, wéi d'Virgäbe sinn, fir datt déi Aarbechten do weiderginn.

Wéi gesot, fanne mer et ganz wichteg, datt een e Site wéi deem doten erhält. Ausserdeem wëll ech soen, datt uewen um Carreau och nach en eelert Haus steet. Datt een an deemselwechte Kontext sollt kucken, wat een domatter mécht. Ech mengen, mir sichen andauernd Gebaier, wou ee Jonker, Veräiner ënnerbréngt, wou se net grad matten an engem Zentrum sinn, wou se e bësse fir sech kéinte sinn, datt ee mat där Iddi weiderfiert, wéi se ugeduecht war, datt een dat och mat upaakt. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, da wiere mer um Schluss vun der Diskussiounsronn. Ween hätt dat geduecht virun e puer Joer, datt mer dat alles géife klasséieren. Et léiert een ëmmer bäi, Här Ruckert. Mir kéimen dann zum Vote.

Déi dräi mateneen? Kënne mer déi dräi mateneen huelen?

(Zoustëmmung)

Okay.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'aviser favorablement la proposition de classement comme monument national de la ferme dite «Lommelsbaff».

Le conseil communal décide à l'unanimité d'aviser favorablement la proposition d'inscription à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux du site du stade Thillebiere.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'aviser favorablement la proposition d'inscription à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux du site de l'ancienne abbaye.

Exzellent. Wann dat keen Zeechen ass! Deen nächste Punkt ass eng Motioun, déi mer erakritt ...

GEMENGESekretär HENRI KRECKÉ:

Neen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, si mer nach net esou wäit? Ech hu mech schonn drop gefreet.

(Ënnerbriechung)

Jo, wierklech, dat hei ass eppes, wat net onwichtig ass. Dir wësst, wa Schued entstanen ass, a mir wëlle Leit usichen, muss de Gemengerot eis de Go ginn. Dat hei ass scho méi laang hier, dat ass, wéi mer dat Aalt Stadhaus renovéiert hunn. Mä mir loossen – quitte, ech weess, et ass laang hier – net labber. Et ass net evident fir Statiker, juristeschen Poursuiten ze maachen. D'Stad Déifferdeng brauch do Ären Accord. Wa mer dee kéinte kréien.

Mir kéimen dann zum Vote.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'autoriser le collège échevinal à ester en justice pour réclamer des dommages et intérêts liés au projet de rénovation, modernisation et extension du centre culturel régional Aalt Stadhaus.

9. Motion concernant le 1535°

Ier mer zu der netëffentlecher Sitzung kommen, hu mer nach zwee Punkten erduerch ze huelen. D'Kommissiounen an eng Motioun, déi mer erageschéckt kritt hunn. Wéi eng vun deene véier Parteie wäert se virdroen?

Den Här Muller, ganz gären.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Et geet ëm eng Motioun "concernant la création d'un comité d'accompagnement pour le 1535 °C Creative hub".

Et handelt sech hei ëm eng Motioun, déi vun deene véier Oppositounsparteien, der LSAP, der DP, Déi Lénk an der KPL ënnerstëtzt gëtt. Et sinn am Fong dës véier Parteien, déi sech bei de leschten Interventiounen vun der LSAP fir eng nei Struktur vum 1535 °C Creative hub fir esou eng Struktur ausgesprach hunn. Mir sinn an eisem Enoncé des motifs drop agaangen, wéi de 1535 °C an deene leschte Joren ënnert de verschiddene Majoritéiten evoluéiert huet an nach weider wäert evoluéieren. Et ass wichtig, ze erwähnen, dass respektabel Zommen an d'Infrastruktur vum 1535 °C gefloss sinn, notament 12 Milliounen Euro vun der Stad Déifferdeng an neierdénge 9 Milliounen Euro vum Stat. Dat heescht, dem Ministère de l'économie.

Bis elo sinn net all d'Parteien, déi am Gemengerot vertruede sinn, an der Gouvernance vun engem Organismus, wat vun der Stad Déifferdeng an dem Wirtschaftsministère ënnerstëtzt gëtt. Mir sinn der Meenung, dass, fir eng transparent Visioun vum ganze Site a senger zukünftiger Entwécklung ze kréien, eng Participatioun an d'Ënnerstëtzung vun alle politesche Parteien am Gemengerot erfuerderlech ass.

Mir stelle fest, dass déi eenzeg Aufgab vum Comité de sélection ass, en Avis iwwert déi kreativ Entrepreneuren ze ginn, dee soll an de Choix vun engem Recrutement kommen. D'Signatairë vun dëser Motioun proposéieren dofir dem Gemengerot, e Comité d'accompagnement fir de 1535 °C Creative hub ze kréieren. An dësem participative Modell sollen all d'politesch Parteien aus dem Gemengerot vertruede sinn, sou wéi jee weils ee Verrieder vum Ministère de

l'économie, e Verrieder vun de Locataires an en Expert an dësem Domaine.

Wat fir eng Missioun soll dëse Comité d'accompagnement hunn? Am Text heescht et: « ...de définir l'orientation stratégique du 1535 °C Creative hub et donc d'accompagner le développement, d'élaborer des avis et propositions à transmettre au conseil communal, d'aviser les budgets et comptes financiers, de consulter la direction et le comité de sélection ou d'autres experts en cas de besoin ». De Comité d'accompagnement soll periodesch aberuff ginn.

Den neie Schäfferot huet a sengem Koalitiounsprogramm d'Thème vun Transparenz, Kommunikatioun an Informatioun zu den Haaptsujete vun dëser Legislaturperiod gemaach. Mir wëssen, dass den Här Buergermeeschter selwer Transparenz fuerdert, wat aner Organisatiounen an Dossieren hei an der Stad Déifferdeng ubelaangt. Ech wëll se net mam Numm nennen.

Ech hoffen, dass mir zesumme kënnen e Konsens fannen a mat dësem neien Instrument vun engem Comité d'accompagnement e weidere wichtige Schrëtt an der rasanter Entwécklung vum 1535 °C Creative hub kënnen maachen.

Ech mengen, ech brauch den Text, deen ech jo zum Deel a meng Erklärungen mat afléisse gelooss hunn, net méi virzeliesen. E gëtt jo sécherlech mat publizéiert. Ech soe Merci a wär awer frou, wann déi aner Parteien, déi d'Motioun mat ënnerschriwwen hunn, och nach kéinten e Wuert heizou soen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, et ass, wéi Der wëllt. Dir hutt d'Motioun zu véier Parteien ënnerschriwwen.

Dir hutt ganz gär d'Wuert, Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, 2012 gong et lass mat der Kreativfabrik, sou wéi se deemools nach genannt gouf. Et gong drëms, aus alen Industriealen an In-

Roberto Traversini passe à une motion et demande qui souhaite la présenter.

ERNY MULLER (LSAP) explique que la motion soutenue par le LSAP, le DP, déi Lénk et le KPL porte sur la création d'un comité d'accompagnement pour le 1535° creative hub. Les quatre partis de l'opposition demandent une nouvelle structure.

Au cours des dernières années, le 1535° a évolué et continuera de le faire. Les investissements sont conséquents et se montent à 12 millions d'euros pour la Ville de Differdange et 9 millions d'euros pour le ministère de l'Économie.

Jusqu'à présent, les partis du conseil communal ne sont pas tous représentés dans la gouvernance de cet organisme soutenu par la commune et le ministère. Or le soutien de tous les partis est nécessaire pour assurer au 1535° un développement futur transparent.

Actuellement, la seule mission du comité de sélection consiste à donner un avis quant aux futurs locataires. C'est pourquoi les signataires de la motion demandent la création d'un comité d'accompagnement. Tous les partis du conseil communal, le ministère de l'Économie, les locataires et un expert y seraient représentés.

Ce comité aurait pour mission de «définir l'orientation stratégique du 1535° creative hub et donc accompagner le développement, d'élaborer des avis et propositions à transmettre au conseil communal, d'aviser les budgets et comptes financiers, de consulter la direction et le comité de sélection ou d'autres experts en cas de besoin».

Le programme de coalition aborde les thèmes de la transparence et de la communication. Le bourgmestre exige la transparence dans d'autres dossiers. Erny Muller espère qu'un consensus pourra être trouvé en ce qui concerne le 1535°.

Erny Muller ne pense pas qu'il soit nécessaire de lire tout le texte. Il espère que les autres partis pourront aussi prendre la parole.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) n'y voit pas d'inconvénient.

9. Motion concernant le 1535°

FRANÇOIS MEISCH (DP) rappelle que le projet de la fabrique créative remonte à 2012. Il s'agissait de transformer d'anciennes installations industrielles en un lieu de la création accueillant des créateurs à de bonnes conditions. À l'époque, il n'existait rien de comparable au Luxembourg ou dans la Grande Région. À l'étranger, il y avait notamment le «Creative Factory» de Rotterdam, mais entretemps, le 1535° l'a dépassée en envergure. Avec le 1535°, la Ville de Differdange a réalisé un travail pionnier. Des centaines d'emplois ont été créés. D'autres vont l'être lorsque les 16 000 m² seront entièrement viabilisés.

Désormais, il est nécessaire de promouvoir le développement du secteur de la création à Differdange au-delà du site actuel. L'objectif est de rendre la ville plus solide d'un point de vue économique. C'est pourquoi il faut créer une structure définissant l'orientation stratégique et le développement du 1535°. Il pourrait s'agir d'un conseil d'accompagnement ou d'un conseil d'orientation; peu importe.

Le 1535° a atteint une envergure telle, que l'on ne peut plus se monter imprudent. Le projet doit être plus important que d'éventuels intérêts personnels. Un concept est nécessaire pour développer le secteur de la création et créer des emplois.

Le 1535° creative hub est un succès. Il est temps de passer à l'étape suivante. Le DP soutient la motion.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) essaiera d'être bref. Le 1535° représente un projet allant au-delà des missions habituelles d'une commune.

D'une manière générale, Gary Diderich salue le fait que la commune soit allée dans cette direction. Mais le projet ne cesse de s'agrandir et des questions se posent. Comment la Soundfactory sera-t-elle exploitée? Qu'advient-il du bâtiment C? Des questions aussi vastes et nécessitant des investissements consistants doivent être traitées de manière démocratique. Gary Diderich a toujours demandé une gestion coopérative. Il estime que le comité d'accompagnement proposé

stallatiounen een neie kreative Standuert ze maachen a kreativen Akteure gutt finanziell Bedéngungen a flexibel Konditiounen unzebidden, fir sech do nidderzeloossen a sech eppes opzebauen.

Et gouf bis deemools kee vergläichbare Projet hei am ganze Land an an der Groussregioun. Am Ausland gouf et scho Beispiller, wou fréier industriell genotzte Gebaier fir kreativ Zwecker ëmfonctionnéiert goufen. Ënnert anerem hate mer deemools déi sougenannte Creative factory zu Rotterdam besicht. Vun der Envergure hier hu mer déi längst schonn iwwerholl.

Haut kënnen mer soen, dass mer Virreider waren. De 1535 °C Creative hub, wéi e mëttlerweil heescht, ass staark implantéiert a vernetzt an der Kreativekonomie. Dat och wäit iwwert eis Grenzen eraus.

Honnerte vun Aarbechtsplaze konnten esou geschafe ginn. An et kommen der nach dobäi, wann déi quasi 16.000 m² da bis ganz erschloss sinn.

Baséierend op dem Succès muss den Ausbau an d'Weiderentwécklung vum Kreativsektor zu Déifferdeng weidergedriwwe ginn als zolitt Standbeen vun der Restrukturëierung, net nëmmen um aktuelle Site. Elo mussen d'Weiche gestallt ginn, fir dass substanzuell Initiativen och weiderhin dozou bäidroen, eis Stad wirtschaftlech méi staark opzestellen. A fir dat net a Fro ze stellen an ze gefäerden, muss, wéi bei vergläichbare Projeten am Ausland, eng Struktur geschafe ginn, déi virun allem déi strategesch Orientéierung definéiert an déi zukünftég Entwécklung begleet. Ob esou eng Struktur "Comité d'accompagnement" oder "Conseil d'orientation" oder wéi och ëmmer heescht, ass am Fong onwichtig.

Déi erreechten Envergure léisst et net méi zou, fahrläseg ze sinn. Wichteg ass, dass all Akteuren zesummen, d'Politik, de Ministère, déi kreativ Akteure selwer an och d'Experten aus dem kreative Beräich, d'Richtung virginn. Esou ka séchergestallt ginn, dass de Projet u sech méi wichteg ass wéi perséinlech oder aner Interessen. Dat am Interêt vun der Stad Déifferdeng an all hiren Awunner. Mir brauchen ee Konzept, wéi et soll weidergoen: Wéi kann Déifferdeng seng

Positioun als kreative Standuert weider ausbauen? Wou si weider Entwécklung méiglech? Wéi kënnen nach weider Aarbechtsplazen a kreativ Entreprises ugezu ginn?

De 1535 °C Creative hub ass e Succès. Grad dofir muss mer eng weider Etapp an Ugrëff huelen. D'DP Déifferdeng ënnerstëtzt déi heite Motioun natierlech, Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech probéieren, mech méi kuerz ze halen. Et si jo ganz vill Saache scho gesot ginn. Et ass gesot ginn: "Et ass e grouesse Projet, deen iwwert déi üblech Aufgabe vun enger Gemeng erausgeet". Wat ech ëmmer begréisst hunn a weiderhi begréissen, ass, dass mer als Gemeng an esou eng Richtung gaange sinn a weider ginn.

De Projet gött elo nach méi grouss a méi villfälteg. An deem Kontext stelle sech eng Rei kruzial Froen. Ënnert anerem, wéi d'Exploitatioun vun der Soundfactory ausgesäit, oder wat aus dem Bâtiment C soll gemaach ginn. Soll dat eng Event-Hal ginn? Wäerten do nach weider Atelierien ageriicht ginn?

Als Déi Léng denke mir, dass een esou richtungsweisend Froen, déi och ganz vill finanziell Implikatiounen mat sech bréngen, wéi dee ganze Projet och, op jidde Fall solle breet an demokratesch behandelt ginn. Mir hunn eis vun Ufank un dofir agesat, dass méi eng kooperativ Gestionsform do fonnt gött. An ech denken, dass mer mat esou engem Comité d'accompagnement, wéi mer en hei an der Motioun, zesumme mat deenen aneren Oppositiounsparteien, virschloen, op jidde Fall an déi Richtung géife kommen.

Mir hate schonn Diskussiounen iwwer Mietpräisser. An ech denken, dass, wa mer zesumme géifen an déi Richtung goen, wou mer eis e Gremium géife ginn, wou all d'Parteien dra vertruete

9. Motion concernant le 1535°

wären, mer och déi breet Ënnerstëtzung fir esou e Projet kéinten assuréieren. A wou och vläicht verschidde Saachen, déi mer hei ëmmer erëm diskutéieren an esou laang Sëtzen draus maachen, scho kéinten zum Deel virdiskutéiert ginn, woumat mer eis selwer géifen e Gefale maachen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci.

Här Ruckert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, just e puer Wuert, well de Verrieder vun der LSAP jo in extenso gesot huet, ëm wat et geet.

Et geet an d'Richtung – an Dir hutt selwer gesot, Här Buergermeeschter, an déi Richtung géift Dir och denken –, méi transparent ze sinn, méi Informatiounen deenen eenzelne Verrieder am Gemengerot zu enger Zäit zoukommen ze loos- sen, wou een nach kann diskutéieren, wou net schonn all d'Decisiounen gefaasst sinn, et geet drëms, strategesch Iwwerleeungen ze maachen, well et ganz wichteg ass, dass eng Gemeng am ekonomesche Beräich tätég ass. An dat hei ass esou e Fall. A wou mir, als Kommunistesch Partei, fannen, dass et noutwenneg ass, dass do, souwäit wéi méiglech, all d'Kräften an der Gemeng un engem Strang zéien. Well schlussendlech kënnt dat, wat do passéiert, jo och der ganzer Gemeng zegutt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci un déi véier Parteien. Ech muss soen, ech si frou, an ech si bal gewuess, wéi ech dat do gelies hunn, well déi véier Parteien sinn op alle Fall der Meenung, datt dee Succès, deen de 1535 °C elo huet, just op der Base ass, well mer eng gutt Direktioun an e gudden Buergermeeschter hunn. Dat steet op alle Fall an Ärer Motioun dran. Dofir villmools Merci. An ech muss Iech soen, dat éiert mech e bëssen ze vill. Well ech net als Eenzegener de Merite dofir hunn. De Schäfferot virdrun an och nach dee

Schäfferot do virdrun hunn och de Merite, an net nëmmen de Buergermeeschter. Mä wann Der dat esou gesitt, an Dir ënnerschreift dat zu aacht, huelen ech dat Kompliment natierlech ganz gären un. Dat huet mech wierklech gefreet.

Dat anert, dat, wat Der wëllt: do sinn ech net Ärer Meenung. Ech wäert och erklären, firwat. Dir frot e Comité d'accompagnement fir d'Orientatioun vum 1535 °C. Ech wëll Iech soen, datt mer unanime de 24. September 2017 an duerno och am Gemengerot de Cofinancement vum Economiesministère ënnerschriwwen a guttgeheescht hunn. Do steet ganz kloer dran, wat d'Orientatioun vun der Zukunft vum 1535 °C muss sinn: « Il est à rappeler à la Ville, qui a lancé 2013 le projet 1535 °C creative hub, dont l'objectif est notamment de stimuler le développement combiné de la créativité, de l'innovation, de l'entrepreneuriat, sous toutes les formes, de créer une plateforme interrégionale pour les industries créatives et qui accueille dans ses locaux des entrepreneurs et des entreprises à différents stades de développement et de maturité issus du secteur d'activité culturelle et artistique ou relevant d'une industrie créative ». Dorun hu sech bis elo nach ëmmer déi responsabel Schaffen an d'Direktioun gehalen. Dat hu mir unanime festgehalten. Dofir muss ech soen, datt et mech e bësse wonnert, datt een do nach gär iwwert d'Strategie schwätzt. Jidderee kritt ganz gären d'Wuert nach eng Kéier.

Mir hunn deemools festgehalten, dat war esou mam Economiesministère ofgeschwat, datt et dat muss sinn, well mer soss déi 9 Milliounen Euro, déi mer an deenen nächsten dräi Joer kréien – dräi, dräi, dräi –, net géife kréien. An an därselwechter Konventioun hu mer decidéiert, e Comité de sélection ze kréieren, fir d'Politik do erauszehalen. Fir et net ze politiséieren. Mä fir deene Leit d'Méiglechkeet ze ginn, déi Leit erauszesechen, déi an Zukunft sollen an de 1535 °C kommen.

Dat ass unanime ugeholl ginn. An ech sinn och frou driwwer, datt dat esou war. Well domatter hu mer d'Politik méi erausgehale aus dem 1535 °C.

Dee ganze Gemengerot hat während deene véier, fënnef leschte Joren zu all Moment Zäit, bei all Locatioun, wou e Bail geschriwwen ginn ass, d'Decisioun ze

par l'opposition dans la motion va dans la bonne direction.

Il rappelle les débats concernant le prix des loyers. Un comité permettrait de discuter de ces questions au préalable et éviter ainsi de longues réunions.

ALI RUCKERT (KPL) se montrera bref, car le représentant socialiste a expliqué de quoi il s'agissait.

Il est question de se montrer plus transparent afin que les représentants au sein du conseil communal reçoivent les informations à un moment où il est encore possible d'en discuter. Une commune doit se montrer active dans le domaine de l'économie. Les forces présentes à la commune doivent aller dans la même direction.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

remercie les quatre partis. En lisant la motion, il s'est rendu compte que selon l'opposition, le succès du 1535° est dû essentiellement au bon travail du bourgmestre. C'est pourquoi il remercie encore une fois l'opposition. Mais c'est trop lui faire honneur, car tout le mérite ne lui en revient pas. Les collègues échelonnés actuels et précédents ont aussi contribué au succès. Cependant, Roberto Traversini accepte les compliments signés par huit conseillers communaux.

Pour le reste, il n'est pas d'accord avec la création d'un comité d'accompagnement. Le 24 septembre 2017, le conseil communal a approuvé le cofinancement par le ministère de l'Économie. Ce document décrit clairement l'objectif du 1535°. Les échevins responsables et la direction du 1535° s'y sont toujours tenus. C'est pourquoi Roberto Traversini est étonné aujourd'hui que l'on parle de stratégie.

Les objectifs fixés constituent une condition pour que le ministère de l'Économie verse son soutien à hauteur de neuf millions d'euros. La même convention fixe la création d'un comité de sélection non politique pour choisir les futurs locataires du 1535°. Cette convention a été approuvée à l'unanimité.

Pendant cinq ans, c'est le conseil communal qui a décidé qui pouvait louer les locaux du 1535°. Les 53 locataires sans exception ont été ap-

9. Motion concernant le 1535°

prouvés par le conseil communal. Le processus est donc transparent depuis 2013. Roberto Traversini signale par ailleurs que la personne responsable du 1535° n'est pas contente d'entendre pour la troisième ou quatrième fois qu'elle serait la seule à prendre les décisions avec le bourgmestre. Cela ne correspond pas à la réalité et de telles insinuations ne contribuent pas à motiver les fonctionnaires.

Pour ce qui est des finances, elles ne sauraient être plus transparentes puisque toutes les recettes et les dépenses figurent dans le budget. Le 1535° est géré de la même manière que le service culturel, le sport ou le deuxième étage. Ces services sont aussi confrontés à des défis. Or qui prend les décisions concernant les expositions ou la construction d'un hall polyvalent? Il s'agit des échevins et depuis que Roberto Traversini est là, ils ont toujours fait du bon travail.

Le bourgmestre ne croit pas qu'un comité d'accompagnement permettrait d'apporter plus de transparence ou une meilleure stratégie. Autrement, le 1535° ne serait pas là où il est. C'est à cause de son succès que tout le monde veut une part du gâteau — qui est d'ailleurs méritée puisque les décisions sont presque toujours prises à l'unanimité. C'est pourquoi Roberto Traversini demande à la majorité de ne pas approuver la motion.

Le conseil communal se pose souvent des questions sur l'avenir économique de Differdange. Or la motion ne porte que sur le 1535°. Le collège échevinal voit la ville dans son ensemble. Comment doivent se développer les centres des localités? Dans son programme électoral, le DP proposait de profiter de l'expérience dans le domaine de la créativité acquise grâce au 1535°. Roberto Traversini cite également l'exemple du Haneboesch, où personne ne pose de questions concernant les entreprises choisies.

C'est pourquoi il propose la création d'une commission pour le développement économique. Une telle commission permettrait aussi de respecter l'équilibre politique puisque tous les partis n'ont pas obtenu le même score aux élections et ne peuvent donc pas être représen-

huelen: "Mir wëllen deen" oder "Mir wëllen deen net". Dat heescht, déi 53 Bailen, an et sinn der méi, well zwëschenduerch jo nach Leit gekënnegt hunn, an der e puer bäikomm sinn, sinn alleguer duerch de Gemengerot gaangen. Et ass net ee Locataire am 1535 °C, deen net duerch de Gemengerot gaangen ass. Net een.

An dat vun Ufank un. Vun 2013 un. Just fir vun Transparenz ze schwätzen.

Dir hutt all d'Méiglechkeet. An ech muss soen, datt déi responsabel Persoun, ech wëll se hei net nennen, net extrem frou ass, wéi elo scho fir d'drëtt oder fir d'véiert Kéier versicht gëtt, ze soen, datt déi Persoun, mat mir selwer, ëmmer déi eenzeg ass, déi géif decidéieren, wat mam 1535 °C geschitt. Dat ass falsch. Domatter kritt een eis Fonctionnairen och net motivéiert, hinnen dat ëmmer virzehalen.

Zu de Finanzen: méi transparent kann et jo net sinn. Alles, wat erakënn, leeft iwwert eise Budget. Alles, wat erausgeet, leeft iwwer eise Budget. Et ass en normale Betrib, wéi wa mer d'Kultur huelen, wéi wa mer eisen zweete Stack huelen, wéi wa mer de Sport huelen. Och do hu mer Defien entgéintzehuelen. Am Kulturberäich hu mer genau datselwecht. Ween hëlt d'Decisiounen, ween do optrëtt oder net? Ween hëlt d'Decisiounen, ween do eng Ausstellung mécht? Ween hëlt d'Decisioun, wa mer eng Halle polyvalente bauen? A ween hëlt déi Decisioun, fir dat herno dem Gemengerot virstellen? Dat sinn déi responsabel Schaffen. An déi hunn dat bis elo déi lescht 12, 13 Joer, op alle Fall säit ech dobäi sinn, extrem gutt gemaach. Fir dann ze mengen, wann een e Comité d'accompagnement géif asetzen, nach méi Transparenz a méi strategesch Orientatioun ze kréien: do mengen ech, datt dat net de Fall wäert sinn. Soss wär de 1535 °C net dat, wat en haut ass. An dat ass wahrscheinlech dee ganz grouse Problem, well et e grouse Succès ass, datt jidderee sech gär e Stéck do ofschneit. An dat Stéck huet jidderen zegutt, well bal all Kéiers unanime decidéiert ginn ass, Suen dran ze investieren.

Dofir muss ech soen, datt ech meng Kollegen aus der Majoritéit wäert froen, déi Motioun natierlech net unzehuelen.

Wat ech awer während deene leschte Méint a Wochen ëmmer méi gemierkt hunn, wa mer zesummen diskutéiert hunn, a wat och haut e puermol erëmmkomm ass, an och schonn e bësse méi laang hier ass, ass, datt mer eis wierklech müssen de Kapp zerbréchen, wéi d'Stad Déifferdeng ekonomesch weitergeet. Ech hunn d'Gefill, wann ech Är Motioun liesen, datt et Iech just ëm de 1535 °C geet. An eis, der CSV an, ech mengen, och deene Gréngen, deem ganz Schafferot, wou mer versiche politesch neutral ze sinn – dat ass e grousst Wuert –, geet et ëm d'ganz Stad. Wéi entwéckele mer eis weiter? A komescherweis si ganz vill Froe gestallt ginn haut, mat Recht: Wéi eng Geschäfte kafe mer weiter? Wéi soll eisen Zentrum aussinn? Solle mer méi wäit wéi d'Bréck goen? Solle mer net méi wäit wéi d'Bréck goen? Solle mer den Nidderkuerer Kär stäerken? Solle mer en net stäerken? Oder, wéi d'DP an hirem Wahlprogramm, mat Recht, stoen hat, déi Kreativitéit, déi Erfahrung, déi mer do hunn, mat an den Zentrum huelen. Dat sinn awer lauter wichteg Diskussiounen. Haneboesch: déi siwe Betriber, déi mer dohinner setzen. Ech hunn haut keen héiere soen: „Firwat hu mer deen an deen erausgesicht“? Well véier Leit missten op alle Fall scho wëssen, wéi Betriber dohinner kommen. Déi Froe muss ee sech dann awer och stellen: Wéi entwéckele mer eis weiter?

Dofir géif ech virschloen, datt mer eng Commission pour le développement économique vun der Stad Déifferdeng géife kréieren. Dir misst eis just Zäit ginn, fir ze kucken, wéi mer dat maachen. Et géif eng normal Kommissioun kréiert ginn. Da wier och d'politescht Verhältnis gekläert. Et ka jo nämlech och net sinn, datt an enger Kommissioun all Partei datselwecht Stëmmrecht géif kréien. Well et si Parteien, déi hu 5%. Déi aner hunn 12%. Anerer hunn e bësse méi. Ech fannen, dat ass och Demokratie, wann een den Equiliber awer och respektéiert. An dat géif ee mat enger Kommissioun schafen.

An do gëtt et ganz vill Saachen. Dir hutt déi meeschte Saache schonn opgezielt. Ech brauch Iech déi net nach eng Kéier opzezielen, well Dir hutt dat selwer gesot. Mä Dir hutt Iech an Ärer Motioun begrenzt, well et just ëm de 1535 °C geet. An do stellen ech mer d'Fro: Vu wou kënnt dat? An do gëtt et verschidde

9. Motion concernant le 1535°

Grënn, firwat – net bei alle Parteien, mä awer besonnesch bei enger Partei – ëmmer erëm drop gepocht gëtt, datt d'Politik sech soll dra mëschen. Well mer am 1535 °C deen een oder deen anere Locataire hunn, dee sech net wëll un dat halen, wat de Schäfferot, wat de Gemengerot, a wat d'Direktioun ofgemaach hunn. An et gëtt versicht, politesch e Wee ze fannen, fir Drock auszeüben. Déi sämtlech Leit, déi am 1535 °C schaffen, all d'Betrib, sinn, wann ech gelift, gebieden, sech un d'Reglement ze halen.

A wann d'Reglement net esou ass, wéi et soll sinn, solle se dat uschwätzen. Et kann net sinn, datt d'Leit sech do erlaben, Kameraen opzeriichten. Et kann net sinn, datt een do wëll eppes aneschters maache wéi déi aner Locataire.

An ech hunn awer e bëssen d'Gefill, datt do Drock opgebaut gëtt op d'Politik, wou ech mengen, datt d'Politik sech do eraushale soll. Ech sinn der Meenung, datt et richteg ass, datt mer zesummen hei decidéiert hunn, e Comité de sélection ze kreéieren. Deen ass kreéiert gi mat lauter Experten. Dat hutt Der alleguerten, all d'Parteien, confirméiert. Dat si wierklech capabel Leit. Déi proposéieren eis, wee mer sollen huelen. An dann ass et de Gemengerot, deen decidéiert.

Ier d'Motioun erakomm ass, hat ech en Datum genannt, de 4. Juni moies, fir eis mat der Direktioun a mat de Locataire op der Plaz ze gesinn. Dat soll ee méi regelméisseg maachen, sech op der Plaz gesinn a kucken: Wou sti mer? Wéi gesäit et mam Gebai aus? Wou gi mer hin?

D'Soundfactory ass ugeschwat ginn. Natierlech ass do amgaangen, e Konzept ausgeschafft ze ginn. Net vu mir. Dat heescht, vun der Direktioun, respektiv mat Leit, déi am Museksmilieu tätég sinn. Do si vill Iddien. Natierlech kënnt dat an de Gemengerot. An dat wäert och nach an d'Kulturkommissioun kommen. D'Kulturkommissioun huet sech souwisou schon domatter befaasst. Dat heescht, och dat gëtt zesummen ausgeschafft.

Dofir soen ech: “Kommt, mer kucken net nëmmen de 1535 °C, kommt, mir kucken de ganzen ekonomeschen Développement vun eiser Stad”. Nidderkuer, Uewerkuer, Lasavage: wat bréngt mer

do fäerdeg? Wéi bréngt mer Aarbechtskräften dohinner? Wéi eng Entreprise bréngt mer dohinner, déi mer wëllen? Well mir hunn hei viru Kuerzem zesummen eng Motioun gestëmmt géint ee Betrib. Et gëtt Fäll, déi ee muss op d'Woele, ob mer déi wëllen oder net. An ech mengen, datt mer dat alles an enger Kommissioun, enger Entwécklungskommissioun vun der Stad Déifferdeng, kënnen ënnert een Hutt kréien. Dat ass op alle Fäll meng Propos. Mä wéi déi Motioun do opgesat ass, kann ech beim beschte Wëllen, och wann ech extrem vill dra gelueft gi sinn, menge Kollegen a Frënn vun der Majoritéit net soen, mir géife se unhuelen. Ech wier frou, wann Der géift drop verzichten a géift mat op de Wee goen, zesummen eppes fir d'Entwécklung vun Déifferdeng ze maachen. Ech gesinn, do wénken der scho mam Kapp. Mä heiansdo ass et och gutt, e Schratt no hannen ze maachen, fir herno e puer Schrëtt zesummen no vir ze maachen. Op alle Fäll als Majoritéit reche mir eng Hand. Huel se oder huel se net.

Op alle Fäll, d'Kommissioun wäert kreéiert ginn, wou all déi wichteg Froen, wéi eidelsteënd Lokaler, ween erakënnt, wéi ee Loyer mer wëllen, sollen diskutéiert ginn, an net nëmmen iwwert de 1535 °C. An hoffentlech bleift dat eng Success story. Well dat ass net garantéiert, well et kënnt net ee Betrib vun iwwer 110 Leit einfach esou op Déifferdeng, wann net virdru wierklech verhandelt ginn ass, vill Demarché gemaach gi sinn. Soss wier d'Fabrique d'images, zum Beispill, net hei. Déi sinn net vum Himmel gefall komm.

Dat gesot, maachen ech d'Diskussioun nach eng Kéier op. An da gesi mer, ob mer dat dann zur Ofstëmmung bréngen, oder ob mer e Konsens fannen.

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Här Buergermeeschter, ech soe ganz kloer d'Meenung vun der LSAP. Mir hate ganz kloer zum Ausdrock bruecht, dass mer – dat war an eise Wahlprogramm – déi Iddi vum Groupement économique vum Ministère de l'économie, déi déi Zäit am Raum stoung, géifen ënnerstëtzen. Dat ass jo och e Genre Comité gewiescht, an deem am Fong eis

tés de la même façon au sein d'un comité.

Pour ce qui est de l'économie, beaucoup a déjà été dit. Mais bizarrement, la motion se limite au 1535° et Roberto Traversini croit savoir pourquoi. Certains locataires du 1535° ne veulent pas se tenir au règlement et veulent utiliser la politique pour exercer de la pression. Or tous les locataires doivent se tenir aux mêmes règles. Il est intolérable que certains décident d'installer des caméras par exemple.

Pour Roberto Traversini, la politique ne doit pas se mêler de tout cela. Il a soutenu la création d'un comité de sélection composé d'experts. Ceux-ci proposeront les nouveaux locataires et le conseil communal devra les approuver.

Le bourgmestre propose par ailleurs la date du 4 juin pour rencontrer la direction et les locataires sur place. De telles rencontres devraient avoir lieu plus souvent.

La direction du 1535° est également en train de développer un concept pour la Soundfactory. Il sera présenté au conseil communal et à la commission culturelle. Celle-ci a d'ailleurs déjà abordé la question.

Roberto Traversini propose de ne pas se limiter au 1535°, mais de considérer le développement économique de la ville dans son ensemble. Il rappelle que récemment, le conseil communal a voté contre l'implantation d'une entreprise. Une commission du développement de la ville serait utile.

Pour ce qui est la motion, Roberto Traversini ne peut pas l'approuver même s'il y est loué. Il estime que parfois, il faut faire un pas en arrière pour en faire ensuite deux en avant. En tout cas, la majorité tend la main à l'opposition. Une commission va être créée. Elle discutera des locaux de commerces vides et pas seulement du 1535°. Le succès n'est pas garanti, car une entreprise de 110 employés comme la Fabrique d'images ne s'établit pas à Differdange sans de nombreuses négociations difficiles.

Roberto Traversini ouvre le débat avant le vote.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle que les socialistes soutiennent l'idée d'un groupement économique

9. Motion concernant le 1535°

comme proposé par le ministère de l'Économie. Cela figurait dans leur programme électoral. Les partis y seraient représentés de façon proportionnelle. Cela n'a donc rien à voir avec le fonctionnement du 1535°. Ce qu'a insinué le bourgmestre est tiré par les cheveux.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
se dit rassuré.

ERNY MULLER (LSAP) *pensait que M. Traversini le connaissait mieux que cela. Il ne s'occupe pas des doléances des locataires. Il est vrai que l'orientation stratégique est définie. Mais elle ne concerne que le comité de sélection, qui propose de nouveaux locataires en fonction de critères établis. Le comité peut sans doute aussi donner son avis quant aux tendances générales, mais ce qui est vrai aujourd'hui ne le sera plus forcément dans vingt ans.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
en convient.

ERNY MULLER (LSAP) *insiste sur le fait qu'un suivi est nécessaire. Il faut voir ce qui se passe à l'étranger.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
est du même avis.

ERNY MULLER (LSAP) *revient sur les propos de M. Meisch selon lequel Differdange a dépassé ce qui se fait à l'étranger. Il faut constamment se développer et c'est précisément pourquoi une orientation stratégique est nécessaire. Cela permettra au 1535° de rester attractif et de générer des emplois. Par ailleurs, la motion ne vise pas seulement à définir une stratégie, mais aussi à accompagner le 1535°. Erny Muller se souvient que quand il était membre du collège échevinal, il n'avait pas d'influence sur ce qui se passait au 1535°.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond que le collège échevinal n'influence pas davantage ce qui se passe au deuxième étage. Les échevins ont leurs ressorts et ils doivent se justifier vis-à-vis du collège échevinal et du conseil communal. Toutes les décisions sont prises par

Vertrieder wieren, an dee Moment, mengen ech, wär dat iergendwéi proportional, paritéitesch. Mä mir haten driwwer geschwat, dass d'Gemeng Déiferdeng sollt do méi Vertrieder stelle wéi de Ministère de l'économie. Also ass déi Iddi komm. Dat huet elo, dat kënne meng Kollegeen hei soen, also absolut näischt mam aktuelle Fonctionnement vum 1535 °C ze dinn. Dat ass un den Hoer erbäigezunn. Do kënnt Der Äre Kapp a Rou leeën, dass dat absolut näischt domatter ze dinn huet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat berouegt mech.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hat geduecht, Dir géift mech awer besser kenne wéi dat. Dat huet absolut näischt domatter ze dinn. Ech hale mech aus deene Saache vun de Locatairen eraus. Wat déi aktuell Locatairen ubelaangt, halen ech mech komplett eraus.

Dir hutt gesot, dass d'Orientation stratégique définiert wär. Déi ass wuel définiert. Mä ech wëll dat nach eng Kéier soen: "Dat meescht vun deem Comité de sélection bezitt sech op déi Proposen, déi do leien." Also fir déi Demandé fir kreativ Entreprises, déi gär erakommen, ze jugéieren: "Gi se an déi strategesch Richtung vun deem, wat mer wëlle maachen?", an esou weider.

Si kënne vläicht och eppes soen zu der allgemenger Tendenz. Mä ech mengen, et däerf een och net vergiessen, dass dat, wat haut super ass, vläicht an zéng oder an zwanzeg Joer net méi de Fall ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richtig.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir wëllen och e Suivi hunn, dass ee sech orientéiert un deem, wat geschitt. Et däerf ee sech jo och net selwer kucken. Et muss een an d'Ausland kucke goen, a ganz wäit.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass ganz richtig.

ERNY MULLER (LSAP):

Den Här Meisch huet gesot: "Mir si méi wäit komm wéi déi". Mä déi haten och ee Moment geduecht, si hätten eng wonnerbar Erfindung, eng kreativ Iddi, an do hu si gemengt: "Elo si mär wäit komm". Wa si net weider entwéckelen, wa si sech net weider Gedanke maachen an och kucken zu all Zäit: "Wéi evoluéiert dat? Wat gëtt do gebraucht?" An dat ass dat, wat mir am Fong ënner Orientation stratégique verstinn, dass eng Evolutioun dran ass, déi och fir d'Zukunft déi dote Strategie vun där Entreprise créative weider attraktiv mécht a weider Aarbechtsplazen do assuréiert.

An da mengen ech, dat hutt Der net gesot, mä et steet och nach dran: "accompagner le développement". Dat heescht, net nëmme Strategien entwéckelen, mä och accompagnéieren, also dat Ganzt och begleeten a kucken: "Si mer nach an deem Rhythmus? Si mer nach parallel zu deenen Objektiver, déi mer eis ginn hunn?", an esou weider. Dat ass zimlech wichteg.

Ech muss soen, dass ech déi Zäit, wou ech am Schäfferot war, net vill Afloss hat op dat, wat am 1535 °C geschitt ass.

(Ënnerbriechung)

An heibannen: een, deen am Conseil communal ass... Ech weess net, mir hu jo och allgemeng d'Tendenz ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richtig, Här Muller. Mä ech mengen, datt mer net méi Afloss hunn, wat um zweete Stack geschitt ass. Dofir huet dee verantwortleche Schäffen – an Dir hutt dat ganz gutt gemaach – seng Verantwortung. Dee muss sech vis-à-vis vum Schäfferot a vis-à-vis vum Gemeengerot rechtfertegen. Dat, wat mer hei mam 1535 °C ëmmer maachen.

9. Motion concernant le 1535°

ERNY MULLER (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

All d'Decisioune sinn hei geholl ginn.

ERNY MULLER (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mä d'Dossiere mussen awer iergendwéi preparéiert ginn.

ERNY MULLER (LSAP):

Jo, mä, Här Traversini, wat Dir elo sot, Här Buergermeeschter, dat ass eng hierarchesch Struktur. Wat mir wëllen, ass, a méi eng participativ Struktur ze kommen. Wou scho vun der Basis hier, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

... scho vun Ufank un eng Participatioun ass vun allen Akteuren, vun de politeschen, vun deenen, déi do ënne Locataire sinn, also vun de kreativen Akteuren, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

ERNY MULLER (LSAP):

... an dann och nach vun deenen, déi nach méi Ahnung hunn do dran. Well, zum Beispill, hätt déi Persoun, déi an deem permanente Comité wär, och kënnen ee vun deem Comité de sélection sinn, an déi hätt dann och nach sech in-

forméiere kënnen, kucke goen, Iddien entwéckele mat de Leit, déi aus deem Beräich kommen.

Ech perséinlech, an elo schwätzen ech nëmme fir d'LSAP, kann awer mat där Géigeproposition, déi Dir eis haut gemaach hutt, fir eng Commission pour le développement anzeféieren, mengen ech, liewen. Ech weess awer elo net, wéi déi aner Parteien, déi déi Motioun mat ënnerstëtzen, dat gesinn. Wat mir gär hätten, ass, dass mer effektiv mat agebonne sinn. Ech mengen, wa mer natierlech elo soen: "Mir ginn de Locatairen eng Plattform, sou wéi mir et hei geduecht hunn, wa mer dee participative Modell net aféieren", wa mer elo eng Commission pour le développement maachen, si mer bal un deem Punkt Orientation. Dann, mengen ech, wärem an der Rei. Dee kéinte mer doriwwer ofdecken. Mä wat mer awer net doriwwer ofdecke kënnen, ass dee participative Modell mat alle Bedeelegte vum 1535 °C.

(Ënnerbriechung)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wëll Iech just soen, datt am 1535 °C regelméisseg, fënnf-, sechsmol am Joer d'Locatairen – an ech wäert an Zukunft dofir suergen, datt Dir all invitéiert gitt – zesumme Versammlungen hunn. Intern Versammlungen: "Wéi entwéckele mer eis weider? Wéi lafe mer do?"

ERNY MULLER (LSAP):

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dofir, wann ee sech vläicht d'Méi gemaach hätt, mat der Directrice – si gëtt "Directrice" genannt, mä si ass nach ëmmer Salariée, an am Organigramm ass se nach ëmmer als Restauratrice agedroen a gëtt och esou bezuelt – ze schwätzen, wéisst een, dass dat leeft. Déi Locatairë gesi sech regelméisseg. An déi Saach wëll ech esou weiderlafe loossen. Wou ech mech als Politik net wëll amëschen, well dat eng positiv Dynamik

le conseil communal, mais il faut bien que quelqu'un prépare les dossiers.

ERNY MULLER (LSAP) constate que M. Traversini parle d'une structure hiérarchique alors qu'il est question d'une structure participative. La participation de tous les acteurs est nécessaire dès le départ.

Cependant, les socialistes peuvent accepter la proposition de M. Traversini concernant la création d'une commission pour le développement. Mais Erny Muller ne sait pas ce qu'en pensent les autres partis. D'un côté, la commune ne mettrait pas une plateforme participative à la disposition des locataires du 1535°. Mais la commission pourrait contribuer à définir l'orientation stratégique. Le volet participatif manquerait.

(Interruption)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) signale que les locataires du 1535° se rencontrent cinq ou six fois par an. À l'avenir, il veillera à ce que les conseillers communaux soient invités à ces réunions.

Il trouve que les conseillers communaux auraient pu discuter au préalable avec la directrice du 1535° — qui n'est d'ailleurs qu'une salariée de la commune comme les autres. Les locataires se réunissent régulièrement. Il ne faut pas que la politique intervienne. Les membres du comité de sélection sont professionnels et compétents.

9. Motion concernant le 1535°

Roberto Traversini n'est pas contraire au fait que les conseillers communaux veuillent s'impliquer davantage. Une réunion aura lieu le 4 juin à 8 h.

Par ailleurs, Roberto Traversini a discuté avec M. Gallo du ministère de l'Économie. Celui-ci ne souhaite absolument pas faire partie d'un comité, car la convention qu'il a signée avec la commune définit clairement les objectifs.

Pour le reste, les locataires interagissent entre eux. Le tout fonctionne bien. Il ne faut pas tout chambouler.

Les questions qui se posent pour le 1535° se posent aussi pour le développement de la ville. C'est pourquoi Roberto Traversini propose la création d'une commission du développement.

Il faut protéger les fonctionnaires et ne pas les soumettre à un contrôle politique. Tous les baux ont été approuvés à l'unanimité. Et s'il y a eu des abstentions, c'était soit en raison des loyers, soit parce qu'il n'y avait pas de comité de sélection. Maintenant que le comité de sélection est là, l'opposition réclame autre chose.

Roberto Traversini demande que la motion soit rejetée et qu'une commission soit créée.

ERNY MULLER (LSAP) précise que la motion ne fixe pas le nombre de représentants. Il n'est donc pas question d'un représentant par parti.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) n'a reçu la motion que quatre jours avant la séance du conseil communal.

Les écologistes ont développé un argumentaire que le bourgmestre vient de présenter. Frenz Schwachtgen ne pense pas que la position du CSV soit différente.

huet. An eis dräi Leit, eis Representanten, déi am Fong geholl d'Selektioun maachen, sinn awer déi professionellst, intellektuellst Leit am kreative Beräich, déi am Moment do sinn. Dat heescht, déi maachen dat alles. Dofir wonnert dat mech, datt et an deem Secteur do gefrot gött. An an anere Secteuren net.

Ech hunn awer kee Problem domatter, datt een do wëll méi involvéiert ginn. Da kommt, mir maachen dat de 4. Juni. Dat leeft. Dat steet scho fest. Um aacht Auer moies. Dann hu mer all Zäit, kucken ze goen, an ze kucken, wat do ass.

An ech hunn iwwregens mam Economiesministère geschwat, Här Muller. Déi sinn aus alle Wolleke gefall, wéi se dat héieren hunn. Éischtens emol si se absolut net interesséiert, fir an esou engem Comité mat ze schaffen, well si soen: "Mir hunn eng Konventioun mat Iech ofgeschloss, wou der 9 Milliounen Euro krit. An do steet ganz kloer dran, wat mer maache sollen". Dat ass d'Äntwert vum Här Gallo vum Economiesministère.

An alles anescht, wat do leeft: do leeft extrem vill, participativ, intern, Internet. Si si mateneen intern vernetzt. Wann een e Grafiker oder e Fotograf brauch, leeft dat immens intern. A mir sollen dat, wann ech gelift, net ze vill stéieren.

An ech mengen, datt mer eis déi Froen, déi mer eis iwwert de 1535 °C stellen, awer och sollen iwwert d'ganz Entwécklung vun der Stad Déifferdeng stellen. An dofir steet meng Propos nach, fir esou eng Entwécklungskommissioun ze maachen.

Ech mengen, datt bis elo alles gutt gelaf ass. Kommt, mer versichen, eis Fonctionnarien ze schützen, datt déi kënne kreativ weiderschaffen, a se net ze vill ënner politesch Kontroll ze stellen. Mir hunn d'politesch Verantwortung, an dofir kënnt jo och alles heihinner. Et ass, ech soen et nach eng Kéier, net ee Bail hei duerchgaangen, wou d'Majoritéit mat der Oppositioun net geschwat huet. Meeschtens war et unanime, a wa mer eis enthalen hunn, war et wéinst de Loyer, oder mir hunn eis enthalen, well Der virun zwou Sitzunge gesot hutt: "De Comité de sélection ass nach net do". Elo ass en do. An elo fannt Der erëm eppes anescht. Mä wat soll ech

Iech soen? Ech sinn der Meinung, datt mer Är Motioun net sollen unhuelen. An ech sinn der Meinung, mir sollen déi Kommissioun kreéieren.

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Här Buergermeeschter, ech wollt nach just soen, dass mer effektiv d'Vertriedung opgelooss hunn. Hei steet jo « des représentants ». Et steet net do: "nëmmen ee fir all Partei". Also dat ass zwar alles op gewiescht. Dat hätt och kënne de Schäfferot si mat Vertrieder. Also dat ass nach alles op. Do hu mer eis jo net limitéiert.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Sou.

ERNY MULLER (LSAP):

Mä ech wär frou, wann ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech ginn d'Wuert emol dës Säit.

ERNY MULLER (LSAP):

Jo, d'accord.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da kënne mer emol e bësse Loft huelen.

Den Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wëll Ären Elan elo net bremsen. Mir si konfrontéiert gi mat där Motioun, leider, wéi dat ëmmer ass, véier Deeg virdrun. Mir hunn ausgiebig driwwer diskutéiert, mat deenen Argumenter, déi de Buergermeeschter elo gesot huet. Argumenter, déi mer developpéiert hu bei deene Gréngen. An ech mengen, d'Positioun vun der CSV wäert net ganz

9. Motion concernant le 1535°

anescht sinn. Mir hate jo ëmmer zum Zil, scho jorelaang, eng Commission économique ze grënnen. Et ass ni dozou komm. Déi fir all Secteure gutt wier. Souwuel, wat nei Kreatiounen, vläicht vun engem neie 1535 °C, oder nei Modeller ubelaangt, wéi och, nei Iddien eranzebréngen. Wat och d'Orientation participative vu verschiddene Sitë ka beaflossen oder guidéieren oder jugéieren, wann dat muss sinn. Mat esou enger Commission économique géife mer virukommen. Déi wär dann och dofir do, wann ech dat richteg verstanen hunn, Här Buergermeeschter, fir sech de 1535 °C virzeknäppen – ech huelen elo emol ee saloppen Ausdrock – oder ze analyséieren, Kontakt opzehuelen an dann ze soen: „Mir komme gär eng Kéier laanscht als Kommissioun“, oder wéi dat dann ëmmer ass, a mir soen: „Mir hunn e puer Iddien, wéi kënne mer déi Iddien do abauen?“

Et schwätzt och näischt dogéint, participativ, wann eng Locataireswahl wier, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

A Kontakt komme kann een och elo.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Jo. Mä ech schwätzen och nach e bëssen um Rand ëmmer vum 1535 °C. Wann dann do eng Locatairesverriedung ass, invitéiert een déi speziell fir déi Sitzungen, wou déi dann och hire Pefferkär ka bäileën. An da geet een domatter bei de Führungsgremium, d'Directrice, oder ween dat dann ass, vun deem ...

(Ënnerbriechung)

Gelift?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Directrice.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Jo, wou dee Groupe da kéint säin Input ginn. An automatesch wier e jo dann och iwwert de Gemengerot involvéiert.

Ech gesinn éischter dee méi globale Wee fir d'éischt, an, jee no Aufgabegebit, kann ee jo da méi zentrieren, am Laf vum Joer, op déi eng Säit oder op déi aner Säit.

Ech gesinn dee Modell, dee mir virschloen, als e Schrack méi wäit, wéi wa mer eenzel Comitée maachen zu eenzelne Gebitter. Well da musse mer der vill maachen, där Begleetcomitéen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech liesen et vir, sou huet jiddereen Zäit, e bëssen aus den Emotiounen ze kommen. Ech op alle Fall.

Éischtens emol wier et eng ekonomesch Entwécklung an Diversifikatioun, wou sech déi Kommissioun géif drëm këmmen. Verbesserung vun allgemenge Strukturen an Equiliber vun der lokaler Ekonomie. Wat fir mech extrem wichtig ass.

Mir müssen och déi lokal Ekonomie mat abezéien. D'Parkingstariffer erhéijen oder net: dat wier, zum Beispill, eng Diskussioun gewiescht, déi een hätt kënnen do féieren.

Den Ist-Zoustand vun der ekonomescher Infrastruktur an den Akteuren an der Gemeng. Well mir hunn der ganz vill. Mir vergiessen der just vill. Hei kommen iwwer 7.000 Leit all Dag schaffen. Just fir ze soen, dass awer eng Ekonomie zu Déifferdeng ass.

Ekonomesch Entwécklung an Diversifizierung vun der Stad Déifferdeng mat der Opstellung vun enger nohalteger a pluriannueller Strategie vun der Gemeng. Datt mer kuerz-, mëttel- a laangfristeg kucken.

Verbesserung vun den allgemenge Strukturen an Equiliber vun der lokaler Ekonomie. Analys vun de staatlechen Hëllef. Well do gëtt et der vill fir d'PMEen. A vun de PMEen a vun de Gemenge profitéieren, well do si mer amgaangen, Weeër mam Job-Center ze sichen, datt se Léierbouwen, Léiermeedercher huelen. Och dat ass wichtig. Well dat bedeit och Aarbechtsplazen. Facilitatioun a Mediatioun tëschent de verschiddenen ekonomeschen Akteuren. Wat mer mam 1535 °C gutt fäerdeg

Pendant des années, il a été question de créer une commission économique, mais cela n'a jamais été fait. Cette commission aurait pour mission d'apporter des idées, d'influencer l'orientation de certains sites, etc. Si Frenz Schwachtgen a bien compris le bourgmestre, elle aurait aussi le droit de prendre contact avec le 1535°, analyser la situation, visiter les lieux...

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

réplique que l'on peut prendre contact avec le 1535° même maintenant.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

précise que la commission pourrait inviter les représentants des locataires à une séance pour qu'ils puissent donner leur avis. Ensuite, la commission pourrait rencontrer la directrice. Le conseil communal serait impliqué automatiquement. Frenz Schwachtgen préconise la création d'une commission globale à celle de comités spécialisés. Rien n'empêche à la commission de s'intéresser à des domaines particuliers le cas échéant.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

propose de lire la proposition. La commission s'occuperait de la diversification et du développement économiques et veillerait à ce que l'économie locale soit impliquée. La question de l'adaptation des tarifs de stationnement aurait par exemple pu être abordée par une telle commission.

Il s'agira aussi de faire un état des lieux des acteurs économiques. Car il ne faut pas oublier que 7000 personnes viennent travailler tous les jours à Differdange.

La commission devra mettre en place une stratégie à court, moyen et long terme et améliorer l'équilibre de l'économie locale.

Elle analysera les aides étatiques pour les PME et mettra en place une collaboration entre celles-ci et le Jobcenter.

Elle facilitera la médiation entre les acteurs économiques. Le bourgmestre de Dudelange est président d'e-commerce. Il faudrait que les commerçants de Differdange puissent en profiter.

9. Motion concernant le 1535°

Elle analysera l'impact des entreprises sur l'environnement et sur le secteur économique. Il en a été question lors de la dernière séance du conseil communal.

Bref, les réflexions vont au-delà du 1535°.

FRANÇOIS MEISCH (DP) précise qu'il n'a jamais été question de choisir les futurs locataires. Pour cela, il existe déjà un comité de sélection. Il s'agit de mettre en place une stratégie pour que Differdange puisse renforcer sa position dans le secteur créatif. Pour les démocrates, la structure administrative actuelle n'est pas idéale compte tenu de l'envergure qu'a prise le 1535°. François Meisch souhaite s'inspirer de l'étranger.

La création d'une commission du développement économique est une bonne chose à condition qu'elle soit consultée à temps. À titre d'exemple, en ce qui concerne l'adaptation des tarifs de stationnement, la commission des finances a dû se contenter d'une présentation PowerPoint la semaine dernière. Elle n'a pas pu remettre un avis, émettre des critiques ou apporter des idées.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) constate que souvent, les commissions n'avancent pas d'idées. Celles-ci sont plutôt formulées au sein du conseil communal, car certains membres ne veulent pas dévoiler leur jeu. Roberto Traversini ne voit pas d'inconvénient à trouver un consensus au sein des commissions. Mais souvent, les représentants élus préfèrent présenter leurs arguments lors d'une séance du conseil communal.

En tout cas, la stratégie concernant le 1535° a été définie avec le ministère. Bien entendu, les conseillers communaux peuvent déposer une motion s'ils ne sont pas d'accord. Mais au cours des dernières années, personne n'a apporté des idées.

Roberto Traversini soutient la direction du 1535° et la stratégie mise en place. Le comité de sélection est composé de personnes compétentes. Le ministère participe au projet avec neuf-millions d'euros et a donc aussi son mot à dire. La création du comité de sélection a permis de dépolitiser le processus.

bréngen. Ech weess, datt de Buergermeeschter vun Diddeleng President ass vum e-Commerce, et wär interessant, fir dee mat eranzehuelen, wou eis Geschäftsleit kéinten dovunner profitéieren.

Analys vum Impakt op d'Ëmwelt an op den ekonomesche Secteur. Dat ass dat, wat mer d'leschte Kéier hei decidéiert hunn. Datt mer Betriber wëllen, awer net egal wéi eng Betriber. Avise schreien, wéi all Kommissioun, wéi de Schäfferot. An déi Avise wäerten dann och mat Zäiten an de Gemengerot kommen.

Dat sinn déi Iwwerleeungen, déi d'Majoritéit sech gemaach huet, fir d'ekonomesch Entwécklung vun der Stad Déifferdeng weiderzebréngen an eis net alleng just op de 1535 °C ze konzentréieren.

Här Meisch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Just ganz kuerz. Et ass am Fong guer net drëms gaangen, ween elo decidéiert, wéi e Bail do gestëmmt gëtt. Dofir hu mer jo eise Comité de sélection. Et ass iwwerhaupt guer net dorëms gaangen. Et ass ëm d'Strategie gaangen. Et ass drëms gaangen, wéi een déi Entwécklung ka begleeden: "Wéi kann Déifferdeng seng Positioun als kreative Standuert weider festegen an ausbauen?" An do gesi mir déi aktuell Verwaltungsstruktur als net ideal. Sou wéi ähnlech Projeten, mat enger riseger Envergure wéi déi, déi eise 1535 °C Creative hub méttlerweil huet, am Ausland och gesteiert ginn. Haaptsächlech a puncto Strategie gesi mer déi aktuell Verwaltungsstruktur net onbedéngt do. Wat eng Commission au développement économique ugeet, fanne mer dat positiv. Domat kënne mer gäre liewen.

Mä da muss awer och gewährleescht sinn, datt déi am Virfeld och mat agebonne gëtt. Net wéi beispillsweis déi aner Kommissiounen, wéi d'Commission des finances, wou d'lescht Woch just kuerz eng Kéier de Powerpoint vun de Parktaxe gewise ginn ass. Mir haten awer ni d'Méiglechkeet, en Avis ze schreien. Mir haten ni d'Méiglechkeet, eis Iddien oder Kritiken, wou mer och haut gesot hunn, vläicht mat anzeban-

nen, datt dat nach virum Gemengerot hätt kënne mat afléissen. Da muss awer och gewährleescht sinn, datt déi Kommissioun och wierklech kann, am Virfeld, mat an d'Diskussioun erakommen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass absolut kee Problem. Déi politesch Erfahrung huet mer awer gewisen déi lescht Joren, datt vill Saache presentéiert gi sinn, mä keng Iddien an de Kommissiounen komm sinn. Datt d'Iddien hei am Gemengerot komm sinn. Well verschidde Leit an de Kommissiounen soen: "Ech verschësse mäi Polver net do. Ech verschëssen et hei, fir ze soen, wat ech net esou gutt fannen, oder wat aneschtens kéint gemaach ginn". Ech ka mat deenen zwou Saache ganz gutt liewen. Et soll net u mir hänken, fir eis an de Kommissiounen scho bal majoritär oder zesummen eens ze ginn. Mä oft war et net esou. Oft ass nogelauschtert ginn, wéi bei de Budgets-presentatiounen, an dann ass heibannen herno d'Argumentatioun vun deene gewielte Vertrieeder komm. Wat ech awer och verstinn.

Et ass net ëmmer einfach, do e Wee ze fannen. An d'Strategie vum 1535 °C ass ganz kloer mam Ministère festgehalen ginn. Wann de Gemengerot do aner Iddien huet, si mir jo op. Dat heescht, hei kann een zu all Moment, sou wéi Dir et gemaach hutt, eng Motioun erabréngen, wat Der aneschtens géift maachen. Déi lescht Joren ass awer ni hei gesot ginn: „Kommt, mir ginn en anere Wee“.

„Kommt, mir maache Sportsinfrastrukturen“, just als Beispill, „dohinner“. Oder aner Saachen. Dat ass awer ni komm.

Ech mengen, déi Strategie, déi do ass, ass gutt, an och d'Direktioun. Mir hunn dat jo duerno nach um Ordre du jour. Do ginn nach Leit agestellt. A mir hunn dräi vun deene capabelste Leit an deem Comité de sélection, déi jo net nëmmen eraussichen, ween dohinner kënnt. Mä déi diskutéieren natierlech och mat de Responsabelen, wou et soll hi goen. An net ze vergiessen, de Wirtschaftsministerium, deen eis 9 Milliounen Euro gëtt, deen och mat um Ball ass, fir mat ze diskutéieren, wann et net esou wier. A mir hunn et fäerdeg bruecht, ze entpoliti-

9. Motion concernant le 1535°

séieren, säit mer dee Comité de sélection hunn.

Mä ech ka mat allem liewen. Gëtt et nach Wuertmeldungen?

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Also ech mengen, mir schwätzen e bësse laanscht d'Uleies, wat heimatter gemengt war. Et geet net drëms, dass do eppes anescht gemaach gëtt wéi dat, wat an der Konventioun steet. Et ass an engem Saz zesummegefaasst, firwat de 1535 °C do ass. Dat ass awer nach keng Strategie. Eng Strategie sinn definéiert Ziler, op eng gewësse Period, wou ee ka Saachen en place setzen, fir déi Ziler ze verfollegen. Dat do ass e grousst Zil. Dat ass eng Visioun, déi an där Konventioun steet. Well wann et esou einfach wär, eng Strategie ze hunn, weess ech net, wat de 6zero1, zum Beispill, mat den Entrepreneure mécht, oder all aneren Hub oder Strategieberoder, firwat déi esou laang Aarbechte maachen, wann et just duer géif goen, fir esou e Saz ze formuléieren. Ech mengen, do brauch et awer e bësse méi. An da muss een, wéi gesot, aktualiséieren.

Et geet och net ëm d'Directrice. Et geet och net ëm dee Comité de sélection. Et geet drëm, dass dat eng wichteg Entwécklung ass, dass dat e wichtige Projet ass. A fir eng Strategie ze entwéckelen, wär et och heiansdo gutt, emol an engem netëffentleche Raum diskutéieren ze kënnen, méi oppen iwwert d'Iddien ze schwätzen an Informatiounen ze kréien. Ech mengen, wa mir hei de 1535 °C traitéieren, kënn e meeschtens just bei de Contrats de bailen zum Schluss vun enger Sëtzung, wann d'Sëtzung scho laang ass. Also immens kreativ sinn ech dann net méi. Dee Raum, dee geschafe gëtt, fir esou eppes weiderzebréngen, ass, mengen ech, net dee richtigen.

D'Iddi vun enger Commission économique ass eng gutt Iddi. Déi kann ech nëmmen ënnerstëtzen. Ech denken och, wéi den Här Meisch elo grad gesot huet, dass dat eent dat eent ass, an dat anert dat anert. An dass een d'Fonctionnairen iergendwéi virun de Politiker soll schützen: also ech hoffen emol, dass dat esou ass. Ech hunn zwar an der leschter Le-

gisatur heiansdo aner Saachen héieren, mä dat war manner en lien mat der Op-positioun. Mä fir ganz vill Fonctionnairen ass et ass jo awer üblech, dass, zum Beispill, e Service des sports mat enger Sportskommissioun zesummeschafft, dass e Service culturel...

Dat ass och net esou, wéi Dir elo gesot hutt, dass am Gemengerot d'Expositionen decidéiert ginn. Neen, d'Kommissioun mécht do immens vill, wat d'Selektioun vu verschiddene Kënschtler ugeet, an esou weider. An ech denken, dass esou e Comité oder eng Kommissioun kloer och en Zoustännegkeetsberäich ass. Et geet mer an deem Gremium net drëm. Wou jo och scho kloer gestallt ginn ass, dass et do net nëmmen ëm d'politesch Vertrieeder geet.

Et geet mer méi ëm d'strategesch Ausrichtung. An eng strategesch Ausrichtung huet e Produkt. E Produkt ass e Konzept oder eng aktualiséiert Strategie mat definéierten Ziler, wou een och e Suivi dovunner ka maachen. A wou een einfach och heiansdo ka kucken, net nëmme vum Gefill hier, wéi sech dat entwéckelt: "Maache mer dat, wat do drasteet?" Well am Moment kéint kee mir, mengen ech, en Indicateur ginn. Ausser, dass et boomt, jo. Mä dat ass, well et e risege Besoin ass zu Lëtzebuerg.

An et gëtt och gutt gemaach. Ech soen net de Contraire. Mä fir déi Saach laangfristeg ofzesécheren, muss een dat anescht suivéieren. An ech denken, dass esou eng strategesch Begleedung gutt a wichteg wär, och fir déi breet Ënnerstëtzung vun der Saach. A fir d'Transparenz. Ech denken net, dass de Gemengerot do an den Detail ka goen. Eng Kommissioun oder esou e Comité d'accompagnement, denken ech, wär méi richtig. Mä da mussen et kloer Attributiounen an déi Richtung ginn, an een och d'Informatiounen kréien.

Ech kann Iech erklären, firwat dat an de Kommissiounen net esou leeft. Wann een emol an enger Sëtzung eppes presentéiert kritt an emol d'Prinzipien dergestallt kritt, huet een net an där nämmlecher Sëtzung schonn direkt Reaktiounen dozou. Dat heescht, wann déi Parkingstariffer ee Mount virdrun an enger Sëtzung géifen abruecht ginn, kéint een an der Sëtzung diskutéieren, an da kéint een zeréck an eng Kommissioun komme mat Iddien, da géif dat

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) a l'impression que l'on parle de deux choses différentes. La convention résume en une phrase la raison d'être du 1535°. Cela ne constitue pas une stratégie, mais une vision. Autrement, s'il suffisait d'une phrase pour définir une stratégie, il ne faudrait pas de 6zero1 ou de conseillers.

La motion ne porte pas non plus sur la directive ou le comité de sélection. Pour définir une stratégie, il faut pouvoir discuter lors d'une réunion à huis clos et échanger des idées. Le conseil communal ne parle du 1535° que lorsqu'il s'agit d'approuver des contrats de bail, et ce, généralement à la fin d'une longue séance. Gary Diderich avoue ne plus être très créatif à ce moment-là.

Il ne peut que soutenir la création d'une commission économique, mais comme l'a dit M. Meisch, les deux choses ne sont pas liées.

Bien entendu, il faut protéger les fonctionnaires de la politique. Cela devrait être normal, mais Gary Diderich a entendu des histoires à ce sujet qui n'avaient rien à voir avec l'opposition.

Le service des sports travaille avec la commission des sports et le service culturel avec la commission culturelle. Il est faux de dire que le conseil communal décide de l'organisation d'une exposition.

Le 1535° doit avoir une stratégie avec des objectifs définis dont on peut assurer le suivi concrètement et non au feeling. Aujourd'hui, la seule chose que l'on puisse dire est que le 1535° est un succès parce que le besoin au Luxembourg est énorme. Mais cela ne suffit pas pour en assurer le succès à long terme.

Par ailleurs, un suivi stratégique permettrait aussi d'élargir le soutien et d'augmenter la transparence. Le conseil communal ne peut pas entrer dans les détails. C'est pourquoi il faut une commission ou un comité d'accompagnement avec des attributions claires.

9. Motion concernant le 1535°

Gary Diderich peut expliquer au bourgmestre comment se déroulent les réunions des commissions. Lorsqu'un projet est présenté, les membres ne peuvent pas réagir tout de suite après. Mais si les tarifs des parkings avaient été présentés un mois plus tôt, la situation aurait été différente. Certes, il y a des membres qui préfèrent avancer leurs arguments pendant les séances du conseil communal. Mais Gary Diderich pense qu'il s'agit d'une minorité.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est lui aussi d'avis que certaines discussions doivent être menées par les commissions.

La dernière fois, il avait promis une rencontre avec la direction du 1535° et le comité de sélection. C'est pourquoi la motion l'a surpris. Et c'est pourquoi il se pose parfois des questions. Car d'autres secteurs ne sont pas remis en question comme le 1535°.

JERRY HARTUNG (CSV) constate comme M. Schwachtgen qu'il n'a eu que peu de temps pour débattre de cette motion. Il estime que les personnes travaillant au 1535° dépendent du collège échevinal et du conseil communal comme tous les autres services. Le 1535° a figuré souvent à l'ordre du jour des séances du conseil communal. Les orientations sont claires et la direction doit s'y tenir.

Il a été question d'une stratégie pour Differdange. Le 1535° est un véritable succès. Mais il ne faut pas se limiter à élaborer des projets concernant le 1535°. Differdange doit être vue dans sa globalité avec la zone piétonne, le Haneboesch, etc.

Lors de l'acquisition du commerce dans l'avenue Charlotte, des questions ont été posées concernant le concept, le prix ou le locataire. C'est pourquoi un comité essayant de répondre à ces questions est nécessaire — non seulement pour le 1535°, mais aussi pour Niederkorn, Oberkorn ou le Fousbann. Les petits quartiers ont aussi besoin de commerces.

Récemment, Jerry Hartung a écouté une émission sur l'importance de rapprocher les emplois du domicile.

anescht entstoen. Mä déi Saache kommen ze spéit.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An dann ass et einfach ze spéit. Dofir hunn d'Kommissiounen oft net déi Funktioun, déi se kéinten hunn,...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

... wa mer dat wierklech wéilten. Dat ass de Grond. Do hunn ech in der Tat och den Androck, dass deen een oder deen anere sech vläicht heiansdo zeréckhält, fir Saachen am Gemengerot ze soen, mä ech mengen, dat ass awer e klenge Volet. An dat ass op jidde Fall net meng Approche.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt et gesot. Et ass a ville Kommissiounen, wou verschidde Saache geschwat ginn oder net geschwat ginn. Dat gesi mir d'selwecht. An ech kann Iech soen, datt strategesch ganz vill geschafft gëtt a ganz vill bei de responsabele Persounen läit. A fir am Virfeld doriwwer ze diskutéieren: dat hat ech jo an der leschter Sëtzung versprach gehat – dofir war ech iwwerrascht, dass déi Motioun erakomm ass –, dass mer eis géife regelméisseg gesi mat der Direktioun, mat deene Leit vun der Selektioun. Dat hat ech jo gesot. Den Datum vum 4. Juni war jo festgehalten, fir Iech genau déi Informatiounen ze ginn, fir net an enger Sitzung mateneen ze schwätzen. Mä fir do weider ze diskutéieren.

Dann huet een awer heiansdo komesch Gedanken, déi da vläicht falsch sinn, an dat berouegt mech, datt meng Gedanke falsch sinn, datt awer aner Secteuren net

esou a Fro gestallt gi si wéi an de leschte Méint dëse Site.

Här Hartung. An dann den Här Rukert.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Wéi den Här Schwachtgen gesot huet, hu mer déi lescht Deeg eréischt konnten iwwert d'Motioun schwätzen, vu que datt mer déi esou spéit kritt hunn. Mir sinn als Majoritéit enger Meenung. Am 1535 °C schaffe Leit fir d'Gemeng, an déi ënnerstinn, genau esou wéi all aner Servicer och, dem Schäfferot an dem Gemengerot. Ech kennen elo näischt, wat mer net um Ordre du jour stoen haten an de leschte Gemengeréit, wou mer net doriwwer geschwat hunn, ënnert anerem iwwert d'Mietpräisser an esou Saachen. D'Orientatioun si kloer. An dorunner muss sech souwuel d'Direktioun donidden wéi eben och den zoustännige Schaffen halen. A wann ëmmer Froe sinn, kënne mir als Gemengeréit jo och Froe stellen. Et ass vill iwwert d'Strategie fir Déifferdeng, iwwert kreativ Aarbechtsplaze geschwat ginn. Datt et haaptsächlech dofir soll sinn. De 1535 °C ass wierklech en Erfollegsmoedell, wat de viregte Schäfferot an deen nach virdrun ervirbruecht hunn. Mä ech denken, mir sollen awer elo net Déifferdeng ...

(Ënnerbriechung duerch den Här Traversini)

... just dorop projezéieren. Well wa mir just de 1535 °C kucken, kënne jo just Projete gemaach ginn innerhalb vum 1535 °C. Dofir wär et méi sënnavoll, Déifferdeng global ze kucken, kreativ Iddien ze sammelen, och vum 1535 °C, d'Foussgängerzon, den Haneboesch, wou een dat alles kéint vernetzen.

Wéi mer de Commerce hei an der avenue Charlotte kaf hunn, sinn immens vill Froe gestallt ginn iwwert d'Konzept, de Präis, wéi een dat vermiet, u ween een et vermiet, ob een et un eng méi kleng Gesellschaft, un eng méi grouss Gesellschaft vermiet. Dofir denken ech, dass et wichteg ass, datt mer e Gremium hunn, dee sech doriwwer Gedanken mécht, dee sech iwwerleet, wat sënnavoll ass, an ebe wierklech en Netzwierk fir ganz Déifferdeng opbaut. Souwuel am Zentrum, wéi am 1535 °C an an deene

9. Motion concernant le 1535°

klenge Quartieren. Zu Nidderkuer, Uewerkuer oder um Fousbann ass et och wichteg, datt do Commercer a lokal Betriber sinn. Ech hat eng Kéier eng Emissioun gelauschert iwwert d'Mobilitéit. Do gouf gesot, dass et wichteg ass, Aarbechtsplazen erëm méi no bei de Wunne- raim ze schafen. Da mussen mer dofir suergen, datt och an deenen eenzelne Quartieren Aarbechtsplaze geschafeginn. Ech denken, fir Déifferdeng attraktiv ze maachen, a fir vill Leit op Déifferdeng ze kréien, sollte mer éischter op de Wee goen, wéi de Schäfferot elo proposéiert huet, global fir Déifferdeng e Gremium op d'Been ze stellen. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Den Här Ruckert. An dann den Här Bertinelli.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, dës Motioun ass d'Folleg dovun, dass et net genuch Transparenz an der Gemeng gëtt. Soss hätt déi net mussen gemaach ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass net wouer.

ALI RUCKERT (KPL):

Dach, ech soen Iech, et ass esou.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen.

ALI RUCKERT (KPL):

Vill vun de Gemengeréit hunn den Androck, dass se net vollstänneg an net mat Zäit informéiert ginn iwwert dat, wat funktionéiert. An am Fall vum 1535 °C kann een den Androck hunn, do gëtt et da vläicht zwee, dräi Beamten, an et gëtt eng Chasse gardée vum Buer-

germeeschter. An dee wëll net, dass iergendeppes un een aneren erukënnt. Ech soen Iech, deen Androck kann entstoen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass awer net esou.

ALI RUCKERT (KPL):

A wa mir an där Motioun virschloen, esou e Comité ze maachen „pour définir l'orientation stratégique“, sot Dir: „Déi Orientation stratégique ass do“.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi ass do.

ALI RUCKERT (KPL):

Éischtens emol, wann eng do ass, muss déi jo och lues a lues mat Inhalter gefëllt ginn. An déi ka sech jo och änneren. Et muss ee jo reagéieren op d'ekonomesch Entwécklung, déi do ass. Ech gesinn net, wou Är Angscht ass, wa mer esou eppes géifen asetzen. Ech verstinn dat net, muss ech éierlech soen. Well dat kéint jo nëmmen dozou bäidroen, dass déi Saach sech weider gutt kéint entwéckelen.

Ech froe mech och: Dir kommt elo mat enger anerer Proposition, déi guer näischt direkt mat där hei ze dinn huet. Hätt Der déi och gemaach, wann déi Motioun net komm wär? Viru fënnef Joer hat ech hei an dem Gemengerot als Vertrieeder vun der KPL gesot: Ech sinn der Meenung, dass d'Gemeng vill méi ekonomesch muss tätég ginn, an a vill méi Beräicher. Dat ass vläicht zur Kenntnis geholl ginn, mä et ass ganz weening do passéiert.

Dir hutt zu kengem Moment, zum Beispill, esou eng Kommissioun virgeschloen. Elo maache mer déi Motioun, an da kommt Der mat där Proposition. Ech ginn dovun aus, dat hätt Der erëm eng Kéier mat der Kierbiischt weider no virgedréckt, wa mer déi Motioun net gemaach hätten.

C'est pourquoi il faut créer des emplois dans les quartiers. Pour rendre Differdange attractive, un comité traitant de la ville dans sa globalité est plus pertinent.

ALI RUCKERT (KPL) constate que la motion est une conséquence du manque de transparence dans la commune.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) proteste.

ALI RUCKERT (KPL) insiste.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) proteste à nouveau.

ALI RUCKERT (KPL) constate que pourtant, de nombreux conseillers communaux ont l'impression de ne pas être informés à temps. Pour ce qui est du 1535°, on a l'impression qu'il s'agit d'une chasse gardée du bourgmestre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) objecte que ce n'est pas le cas.

ALI RUCKERT (KPL) ajoute que pour le bourgmestre, l'orientation stratégique du 1535° demandée par la motion existe déjà.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que oui.

ALI RUCKERT (KPL) réplique que si elle existe, il est temps de la remplir de contenus. Par ailleurs, une stratégie peut aussi évoluer. Ali Ruckert ne comprend pas les craintes du bourgmestre.

Aujourd'hui, celui-ci fait une contreproposition. Ali Ruckert se demande s'il aurait fait la même proposition sans la motion. Car il y a cinq ans, les communistes avaient demandé que la commune soit plus active dans le domaine économique, mais le collège échevinal n'a pas donné suite à cette requête. Jusqu'à aujourd'hui, M. Traversini n'a jamais proposé la création d'une commission de l'économie. Et il ne l'aurait probablement pas fait sans la motion. Ali Ruckert a compris que la majorité ne soutiendrait pas la motion. Mais au moins celle-ci aura eu le mérite de pousser M. Tra-

9. Motion concernant le 1535°

versini à proposer la création d'une commission.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
rappelle qu'il y a eu des élections le 8 octobre. Il est évident que l'opposition veut toujours être intégrée aux projets le plus rapidement possible. Mais ce n'est pas toujours facile.

Si l'on crée un comité, les partis ayant obtenu moins de 10 % ou 15 % des voix ne devraient pas y être représentés.

(Interruption)

Roberto Traversini répond que ce n'est pas ce qu'il veut. Mais dans une démocratie, on se tient aux résultats des élections. Certains partis ont été renforcés et d'autres pas. Tous les partis ont présenté dans un programme ce qu'ils comptaient faire.

De toute façon, tout ce débat est un luxe.

ALI RUCKERT (KPL) *rétorque que la démocratie n'est pas un luxe.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
réplique que si le 1535° avait échoué, ceux qui aujourd'hui demandent plus de responsabilités n'auraient pas hésité à jeter la pierre.

(Interruption)

FRED BERTINELLI (LSAP) *ne comprend pas sur quoi porte le débat. L'opposition n'a fait rien d'autre que demander plus de participation, ce que déi gréng et le CSV revendiquent en permanence. Or dans le cas du 1535°, Fred Bertinelli a l'impression que l'on ne veut pas que les informations circulent.*

Dans le cas d'une autre structure, le bourgmestre a refusé de verser un sou parce que la commune ne participait pas au projet directement. Or le 1535° a coûté 12 millions d'euros au contribuable.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
réplique que cet argent a été approuvé par le conseil communal.

FRED BERTINELLI (LSAP) *rétorque que cela ne signifie pas que certaines personnes ne puissent pas être informées. Il n'est pas contraire*

Ech weess jo, dass Der als Majoritéit déi Motioun ofleent: op d'mannst ass et dann awer gutt gewiescht, dass mer Iech dann déi Proposition vum esou enger Kommissioun erausgelackelt hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, ech verstinn och. Jo, et kritt jiddereen d'Wuert. Mir si ganz oppen a ganz transparent. Ech verstinn, datt dir dat als Opposition fuedert. Mä mir hunn hei eng Majoritéit, déi d'Leit den 8. Oktober gewielt hunn. An dat ass och eng politesch Verantwortung. Mir haten e Wahlprogramm. A mir hunn e Koalitionsprogramm, an do steet dat genau dran. Et ass jo kloer, datt een als Opposition wuel vill méi schnell, vill éischter mat a Projeten integréiert wëll ginn. A mir versichen dat. Et géngt eis net ëmmer. Mä et muss een awer och verstoen, datt mer ee politesch Resultat ervirbruecht hunn, datt d'Leit wëllen, datt déi eng e bësse méi, an déi aner e bësse manner Verantwortung droen. An deem muss een awer och Rechnung droen.

Ech wëll awer just soen, datt ech mat Ärer Fuerderung kee Problem hunn. Mä da froen ech mech wierklech: da misst et och no de Stärkte vun de Parteie goen, da misst ee kucken, datt all Partei, déi ënner 10% oder 15% ass, net dra vertruete wier, an déi Parteien iwwer 15% ...

(Ënnerbriechung duerch den Här Ruckert)

Dach, natierlech. Ech wëll dat net, Här Ruckert. Dat wësst Der jo genau, datt ech dat net wëll. Mä dat misst dann awer gekuckt ginn. D'Demokratie besteet och doran, ze kucken, wat de Wierler den 8. Oktober gestëmmt huet. An déi eng si gestärkt ginn, an déi aner net. An et stoung am Programm, wat se gär hätten, wat sollt duerchgefouert ginn, a wat net.

Mir schwätzen hei iwwer e Luxusproblem.

(Ënnerbriechung)

Dat heescht, iwwer e Projet, wou extrem ...

ALI RUCKERT (KPL):

Ass d'Demokratie e Luxus?

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, neen. Ech schwätzen net vun der Demokratie. Mir géifen hei net iwwer de 1535 °C schwätzen, well genau déiselwecht Leit géifen haut mat Steng op mech geheien, wann de 1535 °C déi 15 Milliounen gefriess an näischt erausginn hätten. Genau déiselwecht Leit, déi haut fuerderen, méi Verantwortung ze kréien, géife mat zwou Hänn déi Verantwortung ofginn. Dat soen ech Iech.

(Ënnerbriechung)

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wëll just soen, datt ech net esou richtig verstinn, vu wat mer hei schwätzen. Mir hunn hei einfach eppes gefrot, wat Dir Iech, Punkt eent, d'CSV wéi, ënner anerem, och all déi aner Parteien, op de Fändel geschriwwen hutt. Dat heescht, Matbestëmmung, biergerne Erklärungen. An hei schéngt mer iergendwéi eppes zou ze sinn, wou kee wëll, datt et opgeet, datt do dierf mat geschwat ginn, datt do informéiert gëtt. Et verlaangt jo keen eppes. Ech mengen, Dir selwer hutt Iech zu Doud opgereegt, Här Buergermeeschter, bei enger anerer Societéit hei zu Lëtzebuerg, wou d'Gemeng sollt participativ dobäi sinn, wou Dir gesot hutt: „Ah, soulaang wéi mir net do mat dra sinn, geschitt do guer näischt, déi kréie kee Su vun der Gemeng“. Hei sinn 12 Milliounen ëffentlech Gelder, dat heescht, Steiergelder, investéiert ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Déi hei gestëmmt gi sinn.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Jo, jo, mä da geet et jo och net, datt nëmmen e spezifeschen Deel vu Leit informéiert gëtt, an anerer net.

9. Motion concernant le 1535°

Ech fannen et ganz normal, an ech gesinn och guer kee Problem, wann een – dat muss jo net all Woch sinn – informativ aus all Partei een dobäi huet a seet: „Dat ass de Standpunkt mat der Directrice vum 1535 °C, do si mer, do wëlle mer hin, dat do ass d'Strategie“. Ech gesinn net, wou de Problem ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma et ass kee Problem do, Här Bertinelli. Dir kënnt dat zu all Moment maachen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Här Buergermeeschter, ech wëll Iech drun erënneren, mer hate schonn eng Kéier deemools am Schäfferot driwwer geschwat. Do war dat schonn eng Fro vun der LSAP, datt gesot ginn ass: „Wéi fuere mer weider mam 1535 °C? Gëtt do e Comité gegrënnt? Oder gëtt et keen?“ Do hutt Dir eis gesot: „Elo ass d'Ekonomie mat dran. Déi wëllen eng S.A. Do wäerten héchstwahrscheinlech herno esou vill Leit vun der Ekonomie dra sinn, an esou vill Leit vun der Gemeng. ...

(Ënnerbriechung duerch den Här Traversini)

... A mir kréien d'Majoritéit“. Ech ka mech nach dorun erënneren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richtig.

FRED BERTINELLI (LSAP):

An do ass dat si gelooss ginn.

Mä ech fannen et awer näischt Verwerfliches, wann hei Leit sinn, déi soen: „Am Gemengerot kréie mer just gesot, wann en neie Bail do ass“, an Dir sot et jo selwer: „De 1535 °C ass eng Success story“. Dir ënnerstellt do Saachen, datt ee wéinst iergendengem, deen dobanne... Dat sinn Ënnerstellungen, déi ech guer net wëll gëlle loossen. Hei geet et drëms, datt déi einfach ...

An ech muss leider Gottes soen: „D'CSV seet zwar elo hei, si stëmmen dat heite mat“, mä wann ech ee vun hinne froen: „Wat ass dat doten dann?“, „Ech weess dat net“, „Ech hu keng Ahnung“, „Mir ginn do näischt gewuer“. Dat ass den zweete Vatikan. Mir ginn do guer näischt gewuer. An elo, op eemol, wësse si alles. Dat ass komesch.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass komesch, Här Bertinelli. Et wär genau d'selwecht, wann Dir elo géift hei setzen. Ech froe mech dann, wou mer ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Do géif ech awer soen, dass een d'Leit soll matschwätze loossen. Firwat sollt ech dann déi Informatiounen dem Gemengerot net weiderginn? Dat wier fir mech normal, datt d'Leit, déi am Gemengerot setzen, déi Informatiounen kréien.

(Ënnerbriechung duerch den Här Traversini)

An all Mount eng Kéier eng Stonn iwwert de 1535 °C informéiert ginn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir kritt all Informatiounen. All Büro, all Fonctionnaire ass fir Iech do. Dir kënnt zu all Ablack iwwerall hi goen, sief dat am Sport, sief dat an der Kultur, sief dat an de Finanzen. Dat ass e gutt Recht. E gutt Recht, Saachen ze froen.

(Ënnerbriechung)

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ass net wouer, dat do ass eng Ënnerstellung.

(Ënnerbriechung)

à des réunions régulières avec la directrice.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond qu'il n'y a pas de problème.

FRED BERTINELLI (LSAP) *rappelle que quand le LSAP faisait partie du collège échevinal, la question du futur du 1535° avait été abordée. M. Traversini avait répondu que le ministère de l'Économie voulait créer une SA.*

(Interruption)

Après cela, il n'a plus été question d'un comité. Mais Fred Bertinelli ne voit rien d'étonnant au fait que les conseillers communaux réclament plus d'informations.

En plus, le bourgmestre a lancé des insinuations intolérables.

Aujourd'hui, les chrétiens sociaux ne vont pas soutenir la motion. Mais lorsque Fred Bertinelli leur pose des questions en privé, ils lui disent qu'ils n'ont aucune idée de ce qui se passe au 1535° et qu'il s'agit d'un deuxième Vatican. C'est surprenant.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
répond que la situation serait la même si M. Bertinelli faisait partie du collège échevinal.

FRED BERTINELLI (LSAP) *ne comprend pas pourquoi il faudrait cacher des informations au conseil communal.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
rétorque que M. Bertinelli peut consulter à tout moment n'importe quel service communal.
(Interruption)

TOM ULVELING (CSV) *proteste.*
(Interruption)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
explique que dans le cas des infrastructures sportives par exemple, M. Bertinelli et M. Muller ont travaillé sur les projets qu'ils ont ensuite présentés au conseil communal. Les conseillers communaux décident enfin de les approuver ou pas. Dans le cas du 1535°, c'est la même chose. Le bourgmestre présente ce qui a été élaboré. Il trouve qu'il faut respecter le résultat des élections. Il ne cèdera pas

face à l'opposition. Le collège échevinal se comporte de façon démocratique. Tous les projets passent par le conseil communal. Les décisions concernant le 1535° ne sont pas moins transparentes que d'autres.

TOM ULVELING (CSV) trouve lui aussi que c'est du luxe que de discuter pendant une heure d'un projet où «tout va bien».

On peut avoir l'impression que tout n'est pas transparent. Mais chaque conseiller communal a le droit de s'informer. C'est d'ailleurs ce qu'a fait Tom Ulveling et il comprend mieux le fonctionnement à présent. Ce qui l'inquiète davantage, c'est le futur du commerce dans le centre de Differdange. Il rappelle qu'un deuxième centre commercial va ouvrir ses portes à côté d'Auchan alors que certains locaux sont vides depuis des décennies. Ce problème est plus urgent que le 1535°, qui croule sous les demandes.

Pour ce qui est de la proposition du collège échevinal, elle n'a rien de nouveau puisque le collège échevinal a déjà décidé de rencontrer les chefs d'entreprise.

(Interruption)

Tom Ulveling trouve qu'une telle commission ne doit pas être exclusivement politique et qu'elle doit comprendre des hommes du terrain connaissant les problèmes comme le loyer ou les parkings. Ensuite, il faudra élaborer un concept. Tom Ulveling rappelle que la Caisse de maladie, BIL et la poste vont partir et que de grands locaux vont donc se libérer. Des synergies sont donc possibles avec le 1535°. À la commission de voir ce que Differdange peut proposer.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech maache meng Ausféierungen nach fäerdeg, an da kritt Dir ganz gär d'Wuert.

Déi grouss Participatioun, Matbestëmmung: wou mer virun e puer Méint iwwert d'Sportsinfrastrukture geschwat hunn, hutt Dir an den Här Muller, a mat Recht, soen ech, och nach verschidde Saache virgeschafft. An da kënnt et an de Gemengerot, an dann ass et un de Conseilleren an un de Parteien, ze soen, wat se gutt oder net gutt fannen. Hei ass et net aneschters. Mir hunn eng Direktiv, mir schaffen drun. An ech bréngen dat heihinner.

Ech hätt gär, datt d'politescht Resultat, dat, wat d'Leit dobausse wollten, och respektéiert gëtt. Ech verstinn: Dir als Oppositioun probéiert, an Dir kënnt nach zwou Stonne probéieren, ech wäert net noginn. Ech fannen, datt mer demokratesch sinn, datt mer alles duerch de Gemengerot bréngen, ob dat d'Finanze sinn, odes eppes anescht, alles ass hei duerchgaangen. Et geet alles duerch. Et ass net manner transparent wéi an aneren Domainen.

Et sinn nach Wuertmeldungen.

Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Elo soen ech och emol, wat ech denken. Ech mengen effektiv, dass mer iergendwéi awer trotzdeem e Luxusproblem hunn. Mir diskutéieren hei elo schonn eng Stonn laang iwwert eppes, wat ganz gutt funktionnéiert, wou unisono jiddersee seet: „Dat ass eng gutt Saach“.

Effektiv kann et den Uschäin hunn, dass dat net ganz transparent ass, mä op där anerer Säit muss ech soen: „Et huet awer jiddereen d'Recht, sech ze informéieren“. Ech hunn dat och après coup gemaach a sinn e bësse méi gescheit ginn. All Conseiller huet d'Recht, sech ze informéieren, an all Conseiller huet d'Recht, hei eng Motioun anzebréngen, fir ze soen, dat oder dat misst geännert ginn.

Mä wouriwwer ech mer awer méi Suerge maachen, ass iwwert d'Zukunft vun Déifferdeng an d'Zukunft vun eiser Geschäftswelt hei am Zentrum. Wann ech gesinn, dass esou vill Geschäfte scho jorzéngtelaang eidel stinn, wann ech gesinn, dass mer amgaange sinn, en neie Geschäftszentrum niewent dem Auchan ze bauen, fannen ech dat awer méi e wichtege Problem, wéi elo ze analyséieren, wat een do elo nach kéint besser maache bei eppes, wat scho gutt geet, a wou mer schonn, wéi gesot, 300 Ufroen hu vu Leit, déi do wëllen erakommen.

An déi Propos, déi mer maachen: et ass net wouer, dass mer déi elo eréischt maachen, well mir hu schonn am Schäfferot decidéiert, dass mer eis géife mat alle Chefs d'entreprises treffen. Mir hunn ebe just nach keen Datum fonnt, fir mat deenen emol ze schwätzen, fir hir Problemer ze lauschten, fir hir Suggestiounen ze héieren an ...

(Ënnerbriechung)

Ma neen. An an deem Kontext gesinn ech esou eng Kommissioun, fir déi ekonomesch Aktivitéit hei zu Déifferdeng ze garantéieren, dass déi net nëmme soll politesch sinn, mä dass déi haaptsächlech mat Leit vum Terrain soll sinn. Déi kenne jo besser d'Problemer, déi wësse jo, firwat e Geschäft net geet, wou de Problem ass. Ob et ass, well d'Loyeren ze deier sinn, oder well se keng adequat Surfacen hunn, oder wou de Problem ass. Ass et de Parking? Oder ass de Problem en aneren? An do muss een usetzen. An doropshi kann e Konzept ausgeschafft ginn, fir ze wëssen, a wat fir eng Richtung et muss goen.

Mir hu jo erausfonnt, dass dat kreativt Konzept keng schlecht Iddi ass, mä op där anerer Säit muss mer awer och wëssen, dass elo a ganz kuerzer Zäit net nëmme d'Krankekeess aus dem Zentrum fort geet, d'BIL ass scho fort, an d'Post geet nach fort. Do si grouss Raim, déi opstinn. A mengen Ae kann een do Synergie maache mam 1535 °C. An déi besote Kommissioun soll ee Creneau sichen, fir ze kucken, wat mer hei zu Déifferdeng ubidde kënnen, wat vläicht nach keen aneren huet, wou et e grouss Besoin gëtt. An dofir brauche mer an där Kommissioun e ganze Koup Leit, déi doru schaffen. Dat kënne mir net alleng als Politiker vun iergendenger Partei soen, mä do brauche mer déi ver-

9. Motion concernant le 1535°

schidde Leit, vun der Handelskummer, vum Ministère, a wat weess ech, fir dat ze diskutéieren, wou de Besoin ass, a wat ee ka maachen. Wou ee seet: "Hei sinn eis Infrastrukturen, dat sinn eis Problemer", an da gëtt ënnersicht. An da soll ee kucken, wéi een dat zesumme ka fusionéiere mat dem 1535 °C. An de 1535 °C ass Partie integrante vun där ganzer Missioun, déi déi Kommissioun wäert kréien. Also ech fannen dat awer eng super Iddi. An ...

(Ënnerbriechung duerch den Här Goffinet)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Natierlech ass nach ni dovunner geschwat ginn. Mä wann Der awer de Kolitiounsprogramm liest, Här Goffinet, gesitt Der, wat do drasteet. Mat Recht kann den Här Ruckert elo behaupten, et ass doduercher. Natierlech ginn et ëmmer Ustéiss fir Saachen. Ech hunn awer an Ärer Motioun, an déi ass eréischt virun enger Woch erakomm, kee Wuert doriwwer héieren.

(Ënnerbriechung)

Mä et ass jo net schlëmm. Eng Woch oder zwou, et geet jo net dorëm. Mä wou steet an där Motioun eppes iwwert d'Entwécklung vun der Stad Déifferdeng, well d'BIL zougemaach huet? Dat hu mer haut ...

(Ënnerbriechung)

Dat ass jo einfach. Dir gehäit eppes dohinner, an da kucke mer. Mir versichen awer, Äntwerten zesummen ze fannen, datt mer déi 19 Leit hei zesumme ronderëm den Dësch kréien, fir zesummen d'Problemer ze léisen. An net punktuell ze léisen. Mä dat ass et, mir sinn eben anerer Meinung.

Ech géif mengen, wann Der e Vote wëllt, géife mer zum Vote kommen. A wann Der kee wëllt, géife mer eng Kommissioun maachen. Denkt just drun, de 4. Juni ass um aacht Auer moies eng Versammlung um Site vum 1535 °C mat de Responsabele vum 1535 °C, mat de Leit vum Comité an de Locataires. Da kann een och en Tour maachen. An dat maache mer mindestens zweemol am Joer. An da kënne mer eis och eng Kéier Zäit

huelen, fir iwwert déi Kommissioun ze schwätzen, wéi mer se solle besetzen, a mat wiem. An déi wäert, wéi all aner Kommissioun och, no de Stärkte vun de Parteie besat ginn, an natierlech mat externe Leit.

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Et ass scho viles hei gesot ginn. Ech wëll elo net méi laang schwätzen. Mä et ass gesot ginn, dass dat eent dat anert net ausschléisst. Ech kéint hei nach aner Argumenter bréngen. Ech wëll dat awer elo net méi. Et geet elo duer, mir hunn elo laang genuch driwwer geschwat. Et ass eng speziell Situatioun, well mir kënnen den Entrepreneuren dobaussen, déi privat gefouert sinn, näischt virschreiwen. Mä de 1535 °C Creative hub ass ënnert eiser Tutelle.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

D'Geschäfte, wou mer kafen, och.

ERNY MULLER (LSAP):

Jo, dat sinn der e puer. Mä et geet jo elo ëm méi eng grouss Visioun wéi e puer Geschäfte. Déi puer sollen natierlech och orientéiert ginn. Mä ech wëll nëmme just soen, dass mer hei hätte kënne participativ optrieden, wat mer deenen aneren am Fong net an deem Sënn kënne virschreiwen. An da wëll ech d'Klammer zoumaachen.

Ech wëll awer soen, dass d'LSAP, an ech hunn dat och héiere vun deenen aneren, déi Commission pour le développement komplett ënnerstëtzt an och frou wär, wann Der dat géift virundreiwen. Hei geet et haut awer ëm de 1535 °C, mir wëllen dat dann ofschléissen, an da géife mer proposéieren, driwwer ofzestëmmen, an dann hu mer dat ofgeschloss.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech sinn och frou, well entweder et gëtt gemaach, oder et ass vum Dësch. Da kënnt et net all zweet Sitzung erëm. Mir géifen dann zur Ofstëmmung kommen.

La commission devra se composer de membres de la Chambre du commerce et du ministère pour analyser les besoins et trouver des solutions. Ces solutions se trouvent peut-être du côté du 1535°. En tout cas, le 1535° sera partie intégrante de la mission de la commission qui sera créée.

(Interruption de M. Goffinet)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

admet qu'il n'a jamais été question de cette commission avant. Et M. Ruckert peut prétendre que sa création est due essentiellement à la motion. Mais l'idée figure dans le programme de coalition alors qu'elle n'est pas dans la motion.

(Interruption de M. Diderich)

Roberto Traversini répète que la motion ne parle pas du développement de Differdange.

(Interruption)

Roberto Traversini explique que le collègue échevinal veut résoudre les problèmes ensemble avec le conseil communal. À l'opposition de décider si elle veut soumettre la motion au vote ou créer une commission. Roberto Traversini rappelle par ailleurs qu'une réunion avec la direction et les locataires du 1535° aura lieu le 4 juin. Il y sera aussi question de la commission et de sa composition.

ERNY MULLER (LSAP) *estime que l'un n'exclut pas l'autre. Mais il n'a plus envie d'avancer d'autres arguments. Les débats ont été suffisamment longs. La situation est particulière, car la commune n'a rien à dire aux entreprises privées, mais le 1535° est sous sa tutelle.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que c'est aussi le cas des magasins acquis par la commune.

ERNY MULLER (LSAP) *réplique qu'il n'y en a pas beaucoup.*

Le conseil communal aurait pu se montrer participatif dans ce cas-ci. En tout cas, les socialistes soutiennent la création d'une commission pour le développement. Mais aujourd'hui, il est question du 1535° et Erny Muller propose de soumettre la motion au vote.

9. Motion concernant le 1535°

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est du même avis, car ainsi, la question de la création d'un comité ne se posera plus. Ceux qui souhaitent l'adoption de la motion votent oui et les autres non.

(Discussions)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)

trouve que la motion a été remise tardivement et qu'il faudrait un temps de réflexion.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

n'est pas d'accord.

(Interruption de M. Diderich)

Roberto Traversini répond qu'un temps de réflexion n'est pas nécessaire, car la position de la majorité est claire comme de l'eau de roche.

(Vote)

Étant donné que l'opposition n'a pas accepté la proposition de la majorité, Roberto Traversini explique que le collège échevinal discutera en interne de la création de la commission.

Ech proposéieren, datt d'Motioun net ugeholl gëtt. Dat heescht, déi Leit, déi wëllen, datt d'Motioun soll ugeholl ginn, stëmme mat "Jo". Dat sidd Dir. An ech wier frou, wann déi aner Leit, déi se net wëllen, mat "Neen" géife stëmmen.

(Diskussiounen)

Neen, et ass jo net ...

(Diskussiounen)

Et ass jo meeschtens den ëmgekéierte Wee. Meeschtens sot Dir "Neen" a mir "Jo". An hei musst Dir "Jo" soen, a mir "Neen".

(Diskussiounen)

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt just soen: "Et ass in der Tat ze kuerzfristeg gewiescht", an dass nach Bedenkzäit...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, absolut keng.

(Ënnerbriechung duerch den Här Diderich)

Neen, et ass absolut keng Bedenkzäit. Et ass glaskloer, wat d'Majoritéit wëll. Awer glaskloer.

Le conseil communal décide avec 9 voix non et 8 voix oui de rejeter la motion suivante soumise par les partis LSAP, DP, KPL et déi Lénk:

«Le 1535° est devenu une histoire à succès avec actuellement plus de 400 personnes occupées dans les métiers créatifs. Pour améliorer la structure de l'administration actuelle, le conseil communal, dans sa réunion du 25 avril 2018, propose comme suit:

Vu les sommes considérables engagées notamment 12 millions par la Ville de Differdange et 9 millions par l'État tout en considérant que:

– le 1535° creative hub prend une envergure de plus en plus importante où sont actuellement occupées plus de 400 personnes dans les professions créatives avec un chiffre en permanente progression;

– la structure de gestion actuelle se basant sur une seule direction sous tutelle du bourgmestre n'est plus appropriée;

– tous les partis politiques membres du conseil communal ne font pas partie de la gouvernance de cet organisme soutenu par la Ville de Differdange et le ministère de l'Économie;

– une vision transparente de l'ensemble du site et de sa future évolution exige la participation et le soutien de tous les partis politiques représentés au conseil communal de la Ville de Differdange;

– le comité de sélection installé sur demande du ministère de l'Économie a comme seule mission de donner un avis sur le recrutement des entreprises créatives;

le conseil communal décide de créer un Comité d'accompagnement composé des différents représentants des partis politiques siégeant au conseil communal de la Ville de Differdange, d'un représentant du ministère de l'Économie, d'un représentant des locataires et d'un expert du domaine.

Ce comité d'accompagnement a comme mission:

– de définir l'orientation stratégique du 1535° creative hub et d'en accompagner le développement;

– d'élaborer des avis et propositions à transmettre au conseil communal;

– d'aviser les budgets et les comptes financiers;

– de consulter la direction et le comité de sélection ou d'autres experts en cas de besoin.

Le Comité d'accompagnement se réunira périodiquement.»

Merci, Dir wäert jo awer och Verständnis dofir hunn, datt, vu que datt Der eis Propositionen net ugeholl an Är Motioun bäibehalen hutt, mir och nach eng Kéier intern wäerten iwwerleeën, wéi mer déi Kommissioun zustane wäerte bréngen. Dat war eng Propos, eng Hand, déi mer Iech gereecht hunn. An da musse mer kucken, wéi mer als Majoritéit weider schaffen. Ech wier op alle Fall frou, wann dat kéint esou gemaach ginn. Mä dat war wierklech eng Propos, wou ech gehofft hat, net mussen driw-

9. Motion concernant le 1535°

wer ofzestëmmen. Ech wier nach ëmmer dofir, fir esou eng Kommissioun ze schaffen. Ech wäert Iech dat dann an der nächster Gemengerotssitzung matdeelen. Well mir müssen nach intern diskutieren.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Wann Dir Iech da kënnst erlaben, Här Buergermeeschter, ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Eng Sekonn.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Okay, ech kann och waarden.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wollt ee Wuert soen als Fraktiounspriecher vun deene Gréngen. Mir sinn eis eens, dass dat do eng Diskussioun ass, déi dowäert war, gefouert ze ginn, éischstens emol. Zweetens ass eng Feststellung: wa véier Parteie sech zesummesetzen an eng Motioun maachen, gëtt et nach zwou aner Parteien. Ech partagéiere gär meng Verantwortung, déi ech hei hunn. Ech partagéieren awer och gär, also mir Gréng, an ech denken, d'CSV och, dass, wa mer als Parteien ënnerteenen eis eng Kéier zesummesetzen, ech absolut näischt dogéint hunn, iwwert en Thema ze schwätzen a gemeinsam Proposen dann och un de Schäfferot oder un eis eege Leit ze riichten. Ech war e bëssen iwwerrascht, dat huet elo näischt mat engem "Jo" oder "Neen" oder enger Abstention ze dinn, dass effektiv op eemol sech véier Parteie fonnt hunn, grad an deem do Beräich, obschonn och nach aneren Diskussiounsbedarf do wär. Dat ass awer elo kee Virwurf. Vu que dass mer nach ëmmer a Clichéen denken, Oppositioun a Majoritéit.

(Ënnerbriechung)

Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Yes.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Esou hu mer ofgestëmmt, well mer eben an dee Majoritéit-Oppositiounszwang automatesch erarutschen, wann ech dat esou dierf soen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli.

An da komme mer zum Ordre du jour.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech fannen dat scho vill méi conciliant, Här Schwachtgen, net esou schoulmeeschterhaft, wéi elo de Buergermeeschter geschwat huet: „Mir hunn Iech d'Hand gereecht, an Dir hutt se net geholl“. Mä wann de Buergermeeschter awer mengt, datt en all déi ekonomesch Problemer vun Déifferdeng alleng geléist kritt, soll hien dat maachen. A wann en d'Oppositioun dozou net brauch... Also ech wier do vill méi conciliant. Ech géif all Mënsch hëllefen, deen Déifferdeng wëll weiderbréngen, zemools an där Situatioun.

(Ënnerbriechung)

Neen, neen, Dir hutt eppes anescht gesot wéi dat, wat de Buergermeeschter gesot huet.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, Här Bertinelli ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Hien huet grad gesot, e géif sech elo iwwerleeën, wéi en déi Hand, wou en eis gereecht huet mat där Kommissioun, da géif gestalten. Also ech wier frou, jidderree géif do matmaachen. A fir jiddereen, deen eng Hand mat upaakt, fir Déifferdeng ...

Le collège échevinal a tendu la main à l'opposition. Maintenant, il faudra en discuter. Roberto Traversini est pour la création de la commission. Il en sera à nouveau question lors de la prochaine séance du conseil communal.

FRED BERTINELLI (LSAP) demande la parole.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) lui demande de patienter.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) estime que cette discussion en a valu la peine. Il constate par ailleurs que quatre partis ont déposé la motion. Il trouve que déi gréng et le CSV pourraient discuter avec les partis de l'opposition et faire ensuite des propositions au collège échevinal. Il est surprenant que quatre partis aient réussi à se mettre d'accord sur ce point précis.

(Interruption)

Frenz Schwachtgen répond que le résultat du vote est lié au fait que la majorité dispose forcément de plus de voix que l'opposition.

FRED BERTINELLI (LSAP) trouve que M. Schwachtgen est plus conciliant que le bourgmestre. Si celui-ci pense qu'il peut résoudre seul les problèmes économiques de Differdange, il n'a qu'à le faire. Fred Bertinelli serait plus conciliant à sa place.

(Interruption)

Fred Bertinelli constate que M. Schwachtgen n'a pas dit la même chose que le bourgmestre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) proteste.

FRED BERTINELLI (LSAP) rappelle que le bourgmestre a dit qu'il allait réfléchir à la façon dont se présenterait la main qu'il a tendue à l'opposition concernant la création de la commission.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

signale à M. Bertinelli qu'il a reçu un appareil auditif ce matin. Peut-être que M. Bertinelli devrait aller chez le même médecin.

M. Bertinelli ferait bien de ne pas placer des mots dans sa bouche. Ce qu'il a dit, c'est que les partis de la majorité devraient en discuter tout comme les partis de l'opposition ont discuté de la motion. Pour le reste, l'opposition n'a fait que parler du 1535° alors que la majorité préconise une approche globale.

Roberto Traversini passe aux commissions et signale un changement pour les écologistes: M. Werecki est remplacé par M^{me} Weyland.

(Vote)

Roberto Traversini clôture la séance avant de constater que M. Bertinelli a une question.

FRED BERTINELLI (LSAP)

a une question concernant la cheminée de la «Wäscherei». Il faudrait trouver une solution, car les personnes assises sur les terrasses sont confrontées à la vapeur. Celle-ci n'est pas toxique, mais en été, ce n'est pas agréable. Fred Bertinelli a préféré poser la question au conseil communal avant qu'une pétition ne soit lancée.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

prendra des mesures. Mais il rappelle qu'une réunion d'information a eu lieu avec les propriétaires et le syndicat et que les décisions ont été prises à l'unanimité. Cependant, cela n'empêche pas d'améliorer les choses.

(Interruption de M. Bertinelli)

Roberto Traversini répond que c'est ce qu'il fallait comprendre entre les lignes.

(Interruption de M. Bertinelli)

Roberto Traversini répond que la décision a été prise avec le syndicat. Les propriétaires ont vu les plans. Toutefois, il est vrai qu'il faut résoudre le problème.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, Dir hutt jo gesinn, de Moien hunn ech en Hörapparat bruecht kritt. Et wier vläicht gutt, wa mer zesumme géife bei den Dokter goen, fir datt Dir och ee kritt. Ech hunn dat net esou gesot. Leet mer keng Saachen an de Mond. Ech hu gesot, ech géif dobäi bleiwen, wat ech gesot hunn. Mä et muss och intern bei eis geschwat ginn, sou wéi dir véier Parteie mateneen diskutéiert hutt fir déi Motioun. A mir hu gesot: "Dat hei ass eng Propos, déi mer maachen, fir zesummen an e Boot ze kommen". An dann huele mer dat mat. An dann diskutéiere mer dat. An dann deele mer dat mat. Méi hunn ech net gesot. Dat ass awer, mengen ech, ganz normal, sou wéi Dir et och gemaach hutt. An Dir hutt zu kengem Moment – an dann hale mer, wann ech gelift, op, well et ass jo elo ofgestëmmt – an där Motioun eppes vu global Déifferdeng geschwat. Et ass vum 1535 °C geschwat ginn. Mä mir sinn eis eens, mir gesinn eis, a mir wäerten do eng Léisung fir Déifferdeng fannen. De Buergermeeschter wäert net alleng Léisunge fannen.

Mir hunn e Changement an de Kommissiounen. Ausser, et hätt elo nach eng Partei e Changement. Bei deene Grénge gëtt den Här Werecki ersat duerch d'Madame Weyland. Wann ech dat richtig am Kapp hunn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le changement au sein des commissions consultatives.

Da wär dës Sëtzung ofgeschloss.

Ah, neen, den Här Bertinelli huet nach eng Fro. Wann de Journalist déi wëll matkréien, muss en nach bleiwen. Wann net, op alle Fall Merci fir d'Ausdauer.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Eng kleng Fro. Ech mengenn ech hat se schonn hei gestallt, Här Buergermeeschter, et geet em d'rue Michel Rodange, eis nei Wäscherei, déi mer an Déifferdeng hunn, dee Kamäin, deen do hannen op

den Daach gesat ginn ass, wou déi Leit op der Terrass setzen. An do hat ech geduecht, et wär vläicht flott, wann eis Leit géife kucken, ob do keng aner Méiglechkeet géif bestoe fir dee Kamäin, deen do um Daach steet. Well et ass d'Terrassesäit vun där Residenz, an déi Leit setzen do op der Terrass, déi kréien deen Damp. Et ass kee schiedlechen Damp, et ass nëmme Waasser vun der Botzerei, deen erauskënnt. Mä et ass net flott, wann déi Leit am Summer op der Terrass setzen, an deen Damp kënnt erop. Ob keng aner Méiglechkeet géif bestoen? Ier mer elo mussen ufänken, Ënnerschrëften ze sammelen, soll ech dat mat an de Gemengerot huelen a froen, ob do eng Méiglechkeet géif bestoen, fir dat an d'Rei ze kréien, datt d'Leit net, wa se op der Terrass setzen, ficht sinn, wa se eraginn. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat maache mer. Ech wëll awer drun erënneren, datt mer eng Biergerverammlung hate mat de Propriétaires, mam Syndikat op der Plaz, wou mer dat virgestallt hunn, wat mer géife maachen. Dat heescht, dee ganze Syndikat an d'Propriétaires hu mat decidéiert, datt dat sollt dohinner kommen. Dat soll awer elo net verhënneren, wann dat doten do ass, datt dat verbessert gëtt. Dat heescht, mir hunn näischt dohinner gesat, wat d'Propriétaires net wélten. Well et iwwert de Syndikat ...

(Ënnerbriechung duerch den Här Bertinelli)

Jo, mä et ass zwëschen den Zeilen, wou een heiansdo Saache seet. Iwwert de Syndikat ...

(Ënnerbriechung duerch den Här Bertinelli)

Neen, neen, ech gesinn heiansdo vläicht aner Saachen. Iwwert de Syndikat. Mir versichen natierlech, dee Problem ze léisen. Mä d'Leit ware mat de Pläng averstanen, datt dat esou dohinner kënnt.

Den Här Diderich huet och nach eng Fro.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Neen, ech hat geduecht, dem Här Bertinelli seng Fro wär zu de Kommissiounen. Ech wollt froen, wou mer dru si mat de Kommissiounen, mat der Ausschreibung un d'Bierger. Well ech gi vun de Leit gefrot, wéini, wou, wat, ob se dann elo geholl ginn, oder net. Ech wollt froen, wéivill Retour Der kritt hutt, a wéi Der wëlles hutt, dat dann elo ze handhaben.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma eis Propos ass, datt mer dat wahrscheinlech virun der grousser Vakanz an

de Gemengerot bréngen, fir datt een déi Leit kann ernennen. Et sinn der schrecklech vill, déi sech gemellt hunn. An elo musse mer kucken, wéi mer et maachen. A vu que datt et der esou vill sinn, wäert da mussen ausgeloust ginn. Bei de Leit zou oder am Gemengerot, dat musse mer nach kucken. Mä dat kënnt an den nächste Sitzungen. An da kënne mer jo an engems déi nei Kommissioun vläicht schafen.

Déi ëffentlech Sitzung ass domat ofgeschloss.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *demande où en est l'appel à candidatures pour les commissions. Les gens commencent à se poser des questions. Comment les candidatures vont-elles être traitées?*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) *propose de présenter les candidatures au conseil communal avant les grandes vacances. Comme il y en a beaucoup, il faudra peut-être procéder à un tirage au sort. Roberto Traversini clôture la séance publique.*

KINO AM AALT STADHAUS

AALT STADHAUS *Differdange*

ENTRÉE: 5 €
pro Film

28. SEPTEMBER 2018 - 19H00


ELLY BEINHORN - ALLEINFLUG

& Film vum Christine Hartmann

25. OKTOBER 2018 - 19H00

GUTLAND

& Film vum Govinda van Maele



30. OKTOBER 2018 - 15H00

WOLLEFSZANT

& Film vum Alexandre Espigares

27. DEZEMBER 2018 - 15H00

RICHARD DE STORCH

& Film vum Tobi Genkel a Reza Memari



WWW.STADHAUS.LU

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT●●●●●
STADHAUS
Differdange